n°10B/2025








# GEMENGENINFO

RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL
DU 12.12.2025

#maville

DUDELANGE,
ON DIRAIT
LE SUD

LIEWE WÉI AM SÜDEN

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

# COMPOSITION DU CONSEIL COMMUNAL


Dan Biancalana,
bourgmestre LSAP


Loris Spina,
échevin LSAP


Josiane Di Bartolomeo-Ries,
échevine LSAP


René Manderscheid,
échevin LSAP


Claudia Dall'Agnol,
échevine LSAP


Martine Loullingen,
conseillère LSAP


Walter Berettini,
conseiller LSAP


Roby Goergen,
conseiller LSAP


Fabienne Dimmer,
conseillère LSAP


Diogo Costa,
conseiller LSAP


Michèle Kayser-Wengler,
conseillère CSV


Françoise Kemp,
conseillère CSV


Claude Martini,
conseiller CSV


Jean-Paul Gangler,
conseiller CSV


Semiray Ahmedova,
conseillère Déi Gréng


Yves Steffen,
conseiller Déi Gréng


Marc Meyer,
conseiller DP


Rosella Spagnuolo,
conseillère ADR


Carole Thoma,
conseillère Déi Lénk

Éditeur responsable: Collège des bourgmestre et échevins de la Ville de Dudelange
Retranscription: R. Schmit / Photos: Ville de Dudelange, Standart.
n°10B/2025 - Parution: février 2026 - Imprimé au Luxembourg sur du papier recyclé et certifié FSC.

# SOMMAIRE

Rapport sommaire en français **4**

**1. Budget rectifié de l’exercice 2025 et budget initial de l’exercice 2026**
Discussion du budget rectifié de l’exercice 2025 et du budget initial de l’exercice 2026

**2. Sécurisation et éclairage du passage piéton de la Soibelkaul** **57**
Amendement au budget 2026

**3. Démocratie participative – projet TooGoodToGo** **57**
Amendement au budget 2026

**4. Vote du Budget** **58**
Approbation du budget rectifié de l’exercice 2025 et du budget initial de l’exercice 2026

**5. Sensibilisation aux animaux domestiques lors des fêtes publiques** **59**
Motion du parti Déi Gréng

# RAPPORT SOMMAIRE

**Présents** : Monsieur Dan Biancalana, bourgmestre ; Monsieur Loris Spina ; Madame Josiane Di Bartolomeo-Ries ; Monsieur René Manderscheid et Madame Claudia Dall'Agnol, échevins. Madame Semiray Ahmedova ; Messieurs Walter Berettini, Diogo Costa ; Madame Fabienne Dimmer ; Messieurs Jean-Paul Gangler, Roby Goergen ; Mesdames Michèle Kayser-Wengler, Françoise Kemp, Martine Loullingen ; Monsieur Marc Meyer ; Madame Rosella Spagnuolo ; Monsieur Yves Steffen ; Madame Carole Thoma, conseillers. Messieurs Patrick Bausch, secrétaire communal ; Yves Goergen, secrétaire communal adjoint. **Absent** : Monsieur Claude Martini, conseiller communal, excusé. **Délégation** : Monsieur Claude Martini a conféré une délégation pour voter en son nom et pour son compte à Madame Michèle Kayser-Wengler pour l'ensemble des points figurant à l'ordre du jour.

Le budget rectifié de l'exercice 2025 et le projet de budget de l'exercice 2026 ayant été présentés par le collège des bourgmestre et échevins durant la séance du conseil communal du 5 décembre 2025, la présente réunion est réservée aux prises de position des conseillers communaux par rapport aux projets de budgets, ainsi qu'aux votes du budget rectifié 2025 et du budget initial de l'exercice 2026.

Au courant des discussions, la fraction politique Déi Gréng soumet deux amendements au projet de budget de 2026 et dépose une motion :

**Amendement au budget 2026 – Sécurisation et éclairage du passage piéton de la Soibelkaul**

L'amendement propose l'allocation de 60'000,- € pour sécuriser et éclairer le passage piéton de la rue « An der Soibelkaul », entre les quartiers Ribeschpont et Boudersberg. Un système d'éclairage intelligent et respectueux de l'environnement, associé à des ralentisseurs, améliorerait la sécurité des piétons et favoriserait la mobilité douce. Après discussion et compte tenu des explications fournies par le collège des bourgmestre et échevins, les auteurs de l'amendement décident de le retirer séance tenante.

**Amendement au budget 2026 – Démocratie participative – projet TooGoodToGo**

L'amendement propose d'allouer un budget de 10'000,- € pour une phase de pré-étude du projet « Too Good To Go », visant à lutter contre le gaspillage alimentaire et la précarité sociale, en garantissant un matériel fiable, une communication efficace et la durabilité du projet. Après discussion, le conseil communal rejette cet amendement, avec 9 voix pour (CSV, Déi Gréng, Déi Lénk, ADR, DP) et 10 voix contre (LSAP).

**Motion – Sensibilisation aux animaux domestiques lors des fêtes publiques**

Le conseil communal constate que des personnes amènent régulièrement des animaux domestiques, principalement des chiens, lors des fêtes, concerts et festivals organisés par la Ville, et que certains événements sont plus adaptés que d'autres à leur présence. Il souligne également que les chiens ont une meilleure audition que les humains et que la sensibilisation au bien-être animal est importante. La motion propose d'intégrer cette sensibilisation aux animaux domestiques dans la communication et le marketing autour des fêtes publiques organisées par la commune, en utilisant le budget marketing 2026 déjà prévu. Après discussion, le conseil communal adopte la motion à l'unanimité.

**Approbation du budget rectifié de l'exercice 2025 et du projet de budget 2026**

Après délibération, le conseil communal approuve par deux votes séparés, le budget rectifié de l'exercice 2025 avec 10 voix pour (LSAP) et 9 voix contre (CSV, Déi Gréng, Déi Lénk, ADR, DP) et le projet de budget de l'exercice 2026 avec 10 voix pour (LSAP) et 9 voix contre (CSV, Déi Gréng, Déi Lénk, ADR, DP).

La réunion se poursuit ensuite à huis clos.

# GEMENGEROTSSËTZUNG VUM 12.12.2025



## I. Budget

**Diskussioun vum Budget rectifié vum Geschäftsjoer 2025 a vum Budget initial vum Geschäftsjoer 2026**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Schéine gudde Mueren, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, ech géif Iech ganz häerzlech begréissen, ech begréissen och d'Vertrieder vun der Press an och vun eise Servicer. D'Diskussioun haut geet weider ronderëm de Budget, wéi mer dee jo de leschte Freideg presentéiert hunn. Haut ass dann de Fokus d'Stellungnam vun de Conseillere vun der Majoritéit a vun der Oppositioun, éier mer dann de Vott vum Budget virhuelen. Dat ass dat wat eis haut wäert beschäftegen. A puncto Formalie kann ech och nach hei soen, dass ech eng Procuratioun virleien hu vum Här Claude Martini an dee gëtt seng Procuratioun der Madamm Kayser. Domat si mer och do komplett an och konform. An dann, déi traditionell Demarche ass jo och emol esou, datt déi gréissten Oppositiounspartei d'Wuert fir d'Éischt kritt an, voilà, traditiounsgeméiss, d'Madamm Kayser. Dann d'Wuert.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Dir Dammen an Dir Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot, léif Press, traditionell ass dat heiten den Dag, wou et ëm d'Prise de position geet vun all Conseiller zum Budget rectifié 2025 an 2026. An als Éischt erlaben ech mer awer emol virun allem e grousse Merci auszeschwätzen dem Pascal Poull an der ganzer Ekipp vum Service Comptabilité fir hir Mammutaarbecht iwwert d'ganzt Joer a virun allem awer an de leschte Wochen. Am Dialog mam Schäfferot an de Servicer hutt Dir dëst Joer dëst Budgetsdokument zesummegesat an am Budgetsdokument stinn och ëmmer wäertvoll Commentairen an Detailer dran, déi eis et och méi einfach maachen, fir de Budget ze analyséieren. Merci och dem Pascal Poull fir dee flotten Echange wärend der Finanzkommissiounssitzungen. Och wa mir, an ech denken och nach aner Conseilleren heibannen, frou wären, wa mer méi oft eng Finanzkommissiounssitzung hätten. Mee dat läit jo net an der Hand vum Här Poull, mee dat ass eng Decisioun vum Schäfferot.

Als Éischt probéiere mir als CSV, eng Analys ze maache vum Budget rectifié 2025. Déi lescht zwee Joren, hunn ech ëmmer gesot, die fetten Jahre sind vorbei, respektiv mir sinn nach emol mat engem bloen Aen dervu komm. Jo, trotz weltpoliteschem Dauerstress, trotz Multikrisen op der Welt, trotz nach ëmmer stagnéierender Wirtschaft hei am Land, sinn d'Dotatioune vum Staat fir d'Gemengen an d'Lucht gaangen. An och, dank engem Kont 2024, dee besser ausgefall ass wéi mer gemengt hunn, deen eng Hausse vun 9,2% opgewisen huet, hu mer 2025 am Budget ordinaire e Bonus gemaach vun 9,6 Milliounen Euro, déi mer bei de Boni vum Kont 2024 vun 12 Milliounen Euro derbäi zéien. Da komme mer op 21,6 Milliounen Euro Boni général, déi mer awer brauchen, deelweis fir de Mali vum Extraordinär 2025 vun 7,2 Milliounen Euro opzefänken. Da bleiwen eis am Rectifié 2025 e Boni définitif vu 14,3 Milliounen Euro, déi mer mat eriwwer huelen an de Budget 2026. Jo, mir hunn 2024 an 2025 Prête missen ophuelen, manner héich wéi ugekënnegt gouf. Well d'Dotatioune vum Staat awer besser ausgefall sinn ewéi initialement geduecht, awer och well mer verschidde Rechnunge vu grousse Projeten dëst Joer nach net hu misse bezuelen, déi kommen awer dëst oder d'nächst Joer op eis duer.

De Raoul Jungers, eisen drëtten CSV-Member an der Finanzkommissioun, hat eng Fro gestallt, déi et leider net an de Rapport bruecht huet vun der Finanzkommissioun. Dofir wëll ech Iech déi awer net virenthalen. Hien hat d'Fro gestallt, firwat, wann et am Laf vum Joer, wann een da jo awer gesäit, dass eise Boni jo wäert méi héich ausfale wéi am Initial, firwat maache mer dann awer en héije Prêt vun 20 Milliounen Euro bei engem Boni, deen awer 14 Milliounen Euro ausgemaach huet. D'Äntwert vum Pascal Poull huet eis awer ze denke ginn: „Dee Prêt brauche mer, fir de Budget ze equilibréieren an eis Liquiditéite ginn heiansdo net duer, fir eis Paien a Rechnungen ze bezuelen. Mir mussen 10 bis 15 Milliounen Euro Liquiditéiten hunn, fir eis Rechnungen ze bezuelen a mir bezuelen all Mount 7 Milliounen Euro Paien." D'Fro sief awer erlaabt, ob et gesond ass, dass d'Gestioun vun de Salairen iwwert d'Scholde muss assuréiert ginn. Mir mengen, dass dat net gutt ass. A mir froen eis och wéi mer dat fäerdegbruecht hunn déi Jore virdrun, wéi mer nach keng Scholde gemaach hunn. Ass et och vläicht, dass mer beim Personal hätte vläicht e bëssen en Ae missen drop hunn an net esou vill Personal unheefen? Jo, d'Dotatioune vum Staat ginn iwwert d'Joer an Aachteltranchen ausbezuelt. Jo, d'Subside vum Staat kommen net erbäi, souwéi mir se bräichten.

Mir sinn absolut beim Här Buergermeeschter, wann hie seet, dass ee mam Syvicol zesumme muss probéieren, eng besser Ausschëddung vun de Subsiden ze kréien, un d'Ministèren erunzegoen an ze verlaangen, dass si och an Tranchen d'Subside bezuelen an net eréischt, wéi verschidde Ministèren et maachen, um Enn vum Projet respektiv beim Dekont. An eng besser Upassung vun de Subsiden un d'Deierecht an en Iwwerdenke vum Plafonnement u verschiddene Participatioune vun de Ministèren ass och e wichtege Punkt, deen de Syvicol an de Grapp hëlt. An do si mer voll dermat averstanen, dass dat muss geschéien. Wéi gesot, d'Recettë vun de Subside vum Staat, dat ass net kloer am Budget planbar. Do ergëtt sech och scho meng éischt Fro vun de Subsiden. Mir hunn eis dat gefrot a mir waren eis do ënnerenee net méi ganz sécher. Diddeleng ass jo e Centre d'attraction régional. An do ass d'Fro, ob mer do en extra Subsid kréien oder ass dat an der Dotation globale

matagerechent, dass mer do vläicht méi Dotation globale kréien? Firwat froen ech dat? Majo, eist Déierenasyl ass e regionaalt Déierenasyl. Dofir ass d'Fro, kréie mer dofir en extra Subsid, respektiv, ëmgedréint gefrot, kënne mir, well mer e regionaalt Déierenasyl sinn, eis Nopeschgemengen zum Beispill froen, dass si participéieren un deem Projet? Voilà, wéi gesot, d'Recettë vun de Subside vum Staat, dat ass net kloer am Budget planbar. An awer, mir weisen ëmmer drop hin, dass ee Prêt ophuelen u sech geduecht ass, fir eis Projeten ze finanzéieren. Dass een dat soll ganz virsichteg maachen.

„Die goldenen Jahre sind vorbei", scho laang. 2016 hate mer dee leschte Prêt opgeholl, bis 2022. An dunn ass et awer richteg stramm virugaang. 2022 hu mer fir 10 Milliounen Euro Prêt geholl. 2023 hu mer fir 40 Milliounen Euro Prêt geholl. 2024 hu mer fir 20 Milliounen Euro Prêt geholl. 2025 hu mer fir 20 Milliounen Euro Prêt geholl. Mir sinn elo bei enger Schold, op den Dag vun haut, vun 90,5 Milliounen Euro ukomm. Mir bezuelen all Joer 7,1 Milliounen Euro un Annuitéiten op dëse Prêten. Déi 7,1 Milliounen Euro, déi si fort. Déi kënne mer net investéieren an aner Projeten. Déi Schold, dës Annuitéiten, déi begleeden eis och déi nächst Jore bis 2046. Dat bezuelen eis Kanner an eis Kandskanner. Jo, mir brauche Suen, fir an eise Kanner a Kandskanner hir Zukunft ze investéieren. Fir Logementer, fir Schoulen, fir Infrastrukturen, fir e performante Gemengenatelier, fir eng Crèche, fir Maison Relaisen. Mee wéi konnt et zu esou enger Schiflag kommen? Hu mer ze grouss gesinn? Hu mer ze vill Projeten ugestouss? Dorop kréie mer keng Äntwert.

Dass vill Projeten, déi mer nach an deene „fetten Jahren" votéiert hunn, eis iwwert de Kapp gewuess sinn, dat gesäit een um Beispill Déierenasyl. Ech wëll elo deen Dossier nach eng Kéier ganz e bëssen opmaachen. 2021, do hate mer 2020, deen Dezember virdrun, e Boni consolidé vun 21,9 Milliounen Euro. Dunn hu mer dunn 2021 e Budget vu 6 Milliounen Euro ageplangt. Mir hate jo e Boni consolidé vun 21,9 Milliounen Euro. Do huet ee geduecht, oh, dat packe mer. D'lescht Woch krute mer en Devis remanié virgeluecht vun 8,8 Milliounen Euro. Jo, de Bauindex geet erop, d'Material gëtt méi deier an och méi rar, d'Elektrizitéitsfraise gi méi deier, et war Covid, et war Ukrainkrich. De Projet ass méi spéit ugaangen, well mir als Gemeng net matzäiten eng Ëmwidmung vun der Bauzon gemaach hunn. Mee esou Depassementer - mir schwätzen hei vu 47% vum Budget initial - dat brécht all Gemeng de Réck. Dat ass e staarkt Stéck a mir fannen dat absolut net okay. A mir hunn oft Depassementer, dee mer mussen nostëmmen. An dat fanne mer insgesamt einfach net gutt. Net gutt, well eist Projete vill ze deier ginn a virun allem fanne mer et och iwwerhaapt net gutt, well de Schäfferot de Gemengerot net informéiert, dass impressionnant Deierechten ustinn.

D'Beispill Déierenasyl nach eng Kéier. Schonn am Summer 2023, dat heescht zwee Joer nodeem mer en Devis vu 6 Milliounen Euro gestëmmt haten, war scho kloer, dass mer dee Präis net konnten halen. Wéinst der Nonkonformitéit vun den Offere vun Entreprisen huet misst eng zweet Soumissioun ausgeschriwwe ginn. Bei dëser zweeter Ausschreiwung, laut Dokumentatioun vun den Architekten, déi de Projet begleeden, louche mer scho bei 7,1 Milliounen Euro. Do hate mer schonn eng Hausse vun 18%. Do wär dach de Moment gewiescht, fir eng Finanzkommissioun anzeberuffen an eis matzedeelen, dass mer den Devis initial vun 2021 vu 6 Milliounen Euro net kënnen aushalen. Dass mer hei bei 7,1 Milliounen Euro am beschte Fall wären. An elo, d'lescht Woch, hu mer et iwwert den Devis remanié vun 8,8 Milliounen Euro ofgestëmmt. A mir sinn nach net färdeg. Mir rappen elo mol deen ale Buttek of, fir ënner anerem e Parking unzeleeën. Mir wëssen nach iwwerhaapt net wat eis erwaart, wa mer un d'Terrassementsaarbechte ginn. Imprevue sinn absolut net auszeschléissen, sot d'Architektin.

Mir froen eis awer, wéi seriö de Schäfferot seng Kontrollfunktioun beim Anhale vun den Devisen hëlt. Mir denken, dass do awer och nach Loft no uewen ass. Ech kommen zum Budget 2026. D'Dotatioune vum FDGC vum Staat 101,1 Milliounen Euro kréie mer. Impôt commercial 2,7 Milliounen Euro. An da mam Impôt foncier alles an anerem a mat de Participatioune vum Staat bei Schoul, Crèche, SEA, Subsiden etc. bei Taxen hu mer am Ordinären 159 Milliounen Euro zur Verfügung. Bei Depensen am Ordinäre vun 154 Milliounen Euro. Vun deenen 9,6 Milliounen Euro Depensen am Ordinären, déi méi héich si par rapport zu 2025, si 6,5 Milliounen Euro Augmentatioun vun der Masse salariale. Jo, ech hunn et virdru gesot, mir bezuelen all Mount 7 Milliounen Euro Paien. Mir hunn 802 Leit bei eis schaffen op den 31.12.2025. Laut de Previsiounen, déi vum Schäfferot opgestallt ginn, heescht et, dass mer Enn 26 nach 20 Leit méi astellen, dann op 822 Mataarbechter kommen.

Mir halen net op ëmmer ze rappeléieren, dass mer e Posten, dee mer schafen, deen hu mer fir déi nächst 40 Joer ze bezuelen. Dofir, wéi all Joer, soe mer: virsiichteg Planung vun de Servicer, Synergië schafen. D'KI gëtt eis sécher och méi Méiglechkeete fir Personal anzespueren. Mee natierlech musse mer och performant Servicer fir eis Staat ubidden. Jo, d'Personalpolitik ass sécher eng Gratwanderung, mee déi järlech Hausse vun - dat muss een awer och emol eng Kéier hei erwänen - vun der Masse salariale, wat déi eis all Joer méi kascht, dat sinn: 2023 hu mer 6,8 Milliounen Euro méi bezuelt, 2024 6,2 Milliounen Euro, 2025 5,7 Milliounen Euro an 2026 6,4 Milliounen Euro méi vun eisen Depensen. Dat muss awer emol eng Kéier erwäänt ginn.
Mir kruten en Organigramm 2025 virgestallt, jo, mir haten dat och laang gefrot, do ware mer och frou, dat war d'Opléschtung vun de Servicer mat hire Mataarbechter.

Wat mir awer vermësst hunn, ware kloer Aussoen zu Synergien tëscht Servicer, déi vun der Auditfirma, déi viru Joren eng Kéier fir eis Gemeng täteg war, déi als effikass Outile virgestallt gi sinn, fir eng besser Finanzgestioun vum Personal unzeweisen. D'Fro ass: Brauche mer esou grouss Ekippen, déi och op verschidde Sitten aktiv sinn? Ech schwätzen elo zum Beispill vun de Portieren. Mir hu Portiersekippen, déi an eng Equipe volante sinn. Dann hu mer der awer och, déi dem Hall polyvalent, dem Hall Hild zougeuerdent sinn. Dann hu mer der an der Sportshal. Dann hu mer der fir eis aner Servicer. Ech hat eng Kéier d'Fro gestallt, wéi vill Portieren hu mer iwwerhaapt? Ech krut bis haut nach keng Äntwert. Mee vläicht kann awer haut ee mer déi Äntwert

soen. An dann hu mer héieren, 40 Leit sinn am Asaz - mir héieren et dobaussen - fir eis d'Stat propper ze halen. Dat ass jo och löblech. Mee 40 Leit all Dag, ass dat néideg? Wéi kann een do vläicht awer Synergië schafen? Wéi gesot, eng Fro, déi awer net esou ohne ass, wann ee kuckt, wéi eng Hausse vun den Depensen duerch d'Masse salariale mer awer hunn.

Eng Fro dozou ass awer och ganz konkreet. An der Opzielung vun den Haussen, firwat dat esou ass, dat ass natierlech och den Index, dat si Primmen an esou weider, steet awer ee Posten, do stinn 41 Posten Employés communaux, déi ginn no 12 Joer Service fonctionaliséiert. Dat mécht och eng Hausse aus vun 960.000 Euro. D'Fro ass, ob dat all Joer schonn esou gewiescht war? Well déi Jore virdru stoung dat net am Detail an der Presentatioun vum Budget dran.
Dann, déi zweet Fro ass natierlech, geet dat esou weider? Wa mer all Joer, déi déi zwielef Joer hei geschafft hunn, vum Employé communal fonctionaliséieren, musse mer mat där Zomm, mat där Hausse all Joer rechnen? A wéi eng Hausse musse mer do arechnen? An dann ass och déi Fro: Mussen déi Employés communaux och fir d'éischt e Fonctionnairesexame maachen? Dat ware Froen, déi mer eis gestallt hunn, wou mer keng Äntwerten drop wossten.
Dann ass och eng zweet pertinent Fro: Säit 1963 am Budget steet eng Subvention d'intérêts au personnel communal. Do waren dat 132.000 Euro no enger Deliberatioun vun 2002. An elo hunn ech do festgestallt, dass mer do op 300.000 Euro ginn. An zwar, do steet dran, eng Deliberatioun, 13. Februar 2026, Dat heescht, eise Budget ass scho méi wéi previsionell, dee weess schonn, dass mer do warscheinlech eng Deliberatioun maachen, wou mer déi Subvention d'intérêts au personnel communal stëmmen.

Meng Fro ass, wie kritt dat, firwat gëtt dat ausbezuelt a firwat kënnt déi Hausse? Am extraordinäre Budget steet en Emprunt dra vu 27 Milliounen Euro. Ob mer se brauchen, dat gesi mer nom Dekont 2025, deen am Fréijoer kënnt. Jo, mir haten déi lescht Jore Chance. Mir hunn net ëmmer dee ganzen Emprunt, dee mer an de Budget agesat hunn, missen zéien. Mee wa mer déi 27 Milliounen Euro géifen zéien, dat géif bedeiten, dass mer an den orange Beräich kommen. Mir waren ëmmer am grénge Beräich. Wat heescht dat? Mir hätten dann nämlech eng Gesamtschold vun 111,4 Milliounen Euro, mat Annuitéite vun 8,7 Milliounen Euro. An dat si 5,5% vun de Recettes ordinaires an ab 5% Depensë fir Annuitéiten hu mer de grénge Beräich verlooss. Do notzt dat och näischt wa mer de Verglach maache mat belsch-wallounesche Gemengen, well - mir hunn dat net esou richteg verstanen, firwat den Här Buergermeeschter drop gepocht huet, wéi aarmséileg déi belsch-wallounesch Gemengen dru sinn - „schlimmer geht immer" kann ee soen, dat ass ganz kloer. Ech mengen, de belsche System funktionéiert och ganz anescht. D'Belsch ass an dräi Regiounen agedeelt, a Provënzen an Arrondissementer a Kommunen. Mee bon, vläicht wier et awer och interessant gewiescht och emol eng Kéier ze soen, dass awer ëmmerhin 21 Gemengen hei zu Lëtzebuerg guer keng Schold hunn. Ënner anerem, ech soen elo net Nidderaanwen an d'Stad Lëtzebuerg an ech soen och net Stroossen, mee ech schwätzen awer och vu méi klenge Gemengen, wéi zum Beispill Schëtter, Sandweiler oder Käerjeng. Dësen Emprunt vu 27 Milliounen Euro, deen hëlleft eis, de Budget an den Equiliber ze setzen, huet de Pascal Poull eis nees gesot gehat, fir dann awer schlussendlech op e klenge Boni définitif ze komme vun 3,1 Milliounen Euro.

Mir brauchen natierlech déi 27 Milliounen Euro haaptsächlech, fir eis scho votéiert Projeten ze finanzéieren, heescht et. De Stroossebau zu Butschebuerg steet un, d'Schoul Baltzeng, déi kascht 40 Milliounen Euro, net wéi am Text vum Tageblatt stoung, 6 Milliounen Euro. Dee gëtt am Ganze 40 Milliounen Euro. An d'Constructioun vun eise Logement-sociallen, vu Logements abordables, Crèche, A Bëlleg an den Ausbau vum Déierenasyl, och dat wäert eis nach Sue kaschten. D'Fro stellt sech, op wéi eng Deierecht mir eis mussen astellen. Wann ech elo kucken zum Beispill d'Mise en conformité vum Brill, déi hu mer 2022 votéiert, mat 7,8 Milliounen Euro. Wann ech elo kucken, wéi vill méi deier d'Déierenasyl ginn ass, datt mer 2021 votéiert hunn, da froe mer eis natierlech, ginn déi 7,8 Milliounen Euro duer? D'Fro ass, wéi gesot, op wéi eng Deierecht musse mer eis astelle bei de Gemengenatelier, wou mer jo och 2021 eisen éischten Devis gemaach hu vu 25 Milliounen Euro? Wéi vill méi deier gëtt den Hall CAD, Tennis um Kennedy? 17,3 Milliounen Euro hu mer am Mäerz 2023 votéiert. Eng konkreet Fro, wéi vill méi deier ginn d'Tribünen um Stade Nosbaum? Do hu mer am Abrëll 2023 1,5 Milliounen Euro votéiert. A wéi mer matgedeelt kritt hunn, huet déi éischt Ausschreiwung scho missen zeréckgezu ginn an et ass eng nei Ausschreiwung komm. Do ass meng Fro: Ass et do och esou wéi beim Déierenasyl, dass mer elo scho wëssen, dass mer hu musse méi héich usetzen, dass déi 1,5 Milliounen Euro net duerginn? Dorobber hätte mer och nawell gären eng Äntwert.

Mir si frou, dass de Schäfferot och e bëssen agesinn huet, dass mer e bëssen iwwer eis Finanze gelieft hunn an nach just 7% fir nei Projete virgesäit. D'lescht Joer waren et och „just" 14,8%. D'lescht Joer hu mer dat och scho begréisst.
An, och wa mer iwwer den Invest fir e Léierstull vun enger Millioun Euro awer als absolut nice to have de Kapp gerëselt hunn. Elo musse mer mol kucken, dass mer déi Projeten, déi mer ugefaangen hunn, mol propper zu Enn bréngen, bis mer d'Rechnungen dann alleguerten hunn, bis eis Subsiden dann all do sinn. An dann, wa mer d'Dekonten hu vun deene meeschte Projeten, déi jo awer, wéi et elo geheescht huet, dëst Joer solle fäerdeg ginn. Den Déierenasyl gëtt fäerdeg. De Logement an der Nic Bodry Strooss gëtt fäerdeg. D'Gemengenateliere solle fäerdeg ginn. Dann hu mer jo verschidden Ofrechnungen. Da kann een e Kassensturz maachen, wéi een dat esou seet. An da mol kucken, wat fält un? Wat ass dréngend néideg? Wat musse mer maachen? D'Mise en conformité vu Gebaier, Schoulgebaier, dat ass selbstverständlech keng Diskussioun. Dass mer mussen deier Infrastrukturaarbechte maachen, Kanal an esou weider, fir dass Neischmelz vivabel ass, dat ass och keng Diskussioun.

Mee da wär et awer de Moment, dass mer zesumme kucke wéi mer de Planning maache fir déi nächst zéng Joer oder soll ech soen néng Joer. De Concept global Diddeleng 2025 Sport et Education, dee krute mer 2019 virgestallt. Et huet schonn d'lescht Joer geheescht, leschten Dezem-

ber geheescht, dass mer dëst Joer deen neie Strategiepabeier 2035 Kanner a Sport presentéiert kritt hunn. 2023 sinn och schonn 100.000 Euro am Budget dofir festgesat gewiescht. 2024 nach eng Kéier 100.000 Euro am Budget. 2025 si mer op 20.000 Euro erofgaangen. An 2026 hu mer elo nach 80.000 Euro. Dat heescht, mir hoffen, dass mer elo dee Strategiepabeier kréien. A mir brauchen dat. Mir brauchen eng Analys vun der Situatioun. Mir brauchen e Gesamtkonzept, eng Strategie, eng Guideline, wéi mer eis wëlle weiderentwéckelen.

Ech hat de Concept global Diddeleng 2025 ugeschwat. Dat war ganz interessant, dass mer do net nëmmen de Planning gemaach huet vun de Gebaier, vun de Quartiersschoulen, vun de Sportsinfrastrukturen, mee virun allem, wat do ganz interessant war, et war och e Planning vun der Finanzéierbarkeet gemaach ginn. Ech wëll och just erwänen, dass an deene Paperen d'Schoulen Deich a Butschebuerg och schonn dra stoungen. Dat hu mer net realiséiert kritt. Natierlech, wéi gesot, aus verschiddenen Ursaachen. Kee Geld do ass sécher eng vun den Ursaachen. Mir waarden op d'Propose vum Schäfferot fir de Strategiepabeier 2035. A mir waarde virun allem och op d'Finanzéierungsplanung op deene verschiddene Projeten. Transparent Kommunikatioun, nëmmen esou kann een de Leit och no baussen eppes vermëttelen. A mir hoffen och, dass do och mir informéiert ginn, wéi et weidergeet.

Da kommen ech op verschidde Projeten. De Projet Schoul op Neischmelz, do gi mer op de Wee vum Dialogue compétitif, hu mer gesinn. Do si schonn 560.000 Euro festgehalen an dësem Budget. Den Dialogue compétitif, dee kenne mer. Deen hate mer hei zu Diddeleng scho gemaach, wéi mer den Neibau vum Centre sportif René Hartmann gemaach hunn. A priori eng flott Saach, well de But ass éischtens, dass d'Ausgabe solle previsibel sinn a kloer fixéiert ginn. An dat Zweet ass, dass och eng Zäitschinn soll agehale ginn. Mir als CSV waren am Ufank ganz begeeschtert, hunn dat och ganz gutt fonnt, mee mir hunn herno awer verschidde Saachen net matgedroen, well trotz Budget participatif, trotz Dialogue compétitif, pardon, trotz fixéiertem Bordereau, hate mer awer herno en Depassement vun e puer Millioune Euro missen nostëmmen, obwuel verschidde Posten am Devis initial dra stoungen. Dofir hate mer eis do enthalen.

Dofir och den Appell un de Schäfferot. Wéi gesot, Dir kennt dës Prozedur. Dir waart jo deelweis och schonn déi Zäit hei dobäi. An Dir wësst, dass een do ganz akribesch an detailléiert op all eenzel Posten an der Ausschreiwung muss kucken, fir d'Imprevuen op en absolutte Minimum ze limitéieren. De Projet streng begleeden an och net all Hausse duerchwénken. Dat ass, mengen ech, extreem wichteg. Dass Aspuerungen op engem Devis initial en cours de route méiglech sinn, dat hu mer och geléiert bei der Presentatioun vum Déierenasylsprojet, wou d'Architekten ëmmerhi bei verschiddene Posten eng Moins-value vun 315.000 Euro konnten erreechen. Also, geet dach. Also ass eisen Appell net esou absurd, fir méi genau op all Rechnung a Posten ze kucken an Devisen ze vergläichen. Jo, ech paken elo nees der CSV hier Monstranz aus. De Buergermeeschter huet d'lescht Joer gesot, „D'Monstranz vun der Transparenz, déi d'CSV ëmmer viru sech hier dréit, wa se duerch Diddeleng pilgert". Jo, fir eis ass Transparenz wichteg. Eng transparent an éierlech Finanzpolitik schëllege mer eise Bierger, eisen Diddelenger Leit, well mir als Gemengerot an als Schäfferot verwalten eise Bierger hire Budget. Déi Dotatioune vum Staat, d'Subsiden, d'Taxen, déi mer andreiwen, dat maache mer an hirem Numm. Mir si gewielt ginn, fir transparent a responsabel den Diddelenger hir Suen ze verwalten an ze investéieren.

Här Buergermeeschter, Dir hutt d'lescht Joer gesot, d'CSV misst dem Bierger mol soen, wat se gäre wëll. An Äre Saz huet gelaut, entweeder wëll d'CSV akribesch oppassen an esou mann ewéi méiglech Depensen tätegen oder weider plangen an deementspriechend och ëmsetzen. Dat ass keen Entweeder-oder-Saz, mee d'CSV wëllt akribesch oppassen op d'Depensen, d'Depassementer esou gutt wéi méiglech am Grëff halen an awer no engem Innehalten, no engem Kassensturz, no enger transparenter Duerstellung vun der aktueller Finanzsituatioun, vun den aktuell bekannte Käschten, déi op eis duerkommen an da virsichteg wichteg Investissementer an de Beräicher Schoul, Infrastruktur, Logement tätegen. D'Aufgab vum Schäfferot gesi mir doran, bei der Opstellung vum Budget a beim Suivi vum Budget, esou wéi et an der Schäfferotserklärung steet, an der Schäfferotserklärung steet: „Une gestion avisée des dépenses communales nous guidera. L'envergure et l'impact des frais de fonctionnement sur le budget seront pris en considération dans la planification de tout nouveau projet".

Da kommt, mer kucken eis de Budget 2026 nach e bësse méi am Detail un. Iwwer d'Schoul op Neischmelz, hat ech scho geschwat. Ech denken, et ass och elo e richtege Moment, fir dat unzegoen, well 2029 solle jo och schonn déi éischt Leit dohinner wunne kommen. Mir sinn och ganz frou, dass d'Philosophie vun de Quartiersschoulen awer och hei eng unanime Zoustëmmung fënnt. An ech denken, dat ass och ganz wichteg. Baltzeng, dat huet scho Retard, well, wann ee kuckt, d'Etüden, 2025, hate mer agesat mat 1,6 Milliounen Euro. Am Rectifié sinn 800.000 Euro an elo kommen awer nach eng Kéier Etüden dobäi vun 826.000 Euro. Dat heescht, dass mer awer nach net prett sinn, och wa fir d'Konstruktioun awer am Budget elo ganz optimistesch 6,1 Milliounen Euro festgehale si fir dëst Joer. Dat ass och eng Affaire à suivre. A wéi gesot, à suivre ass virun allem och d'Präisentwécklung. Vill Investissementer an de Schoule si wichteg. Eng Mise en conformité, déi kréie mer och vun uewen erof octroyéiert. Mee et ass, wéi Dir sot, mir wëllen eise Kanner keng rotzfaul Gebaier hannerloossen. An dofir soe mer ëmmer, all Invest an eis Schoulen, an eis Kanner, dat ass e gudden Invest. Och dass mer de SEA a kommunaler Hand halen, ass eng gutt Saach. Jo, ech weess, dass dat och personalfriessend ass. Mee trotzdeem ass et awer fir eis wichteg, dass mer do eng Hand drop hunn. Och wat d'Programmatioun ubelaangt vun den Aktivitéiten am SEA.

Eng Fro zu de Schoulen, indirekt: Et ass e Budgetsposten am dran, dass d'Buvette vum Nossbam soll ëmgebaut ginn an do sinn och Etüde virgesinn an den Här Spina huet gesot, dat ass e komplizéierte komplexe Projet. Wat e bëssen

ënnert den Dësch fale gelooss ginn ass, dat ass, dass och d'Schoul dës Buvette als Turnsall benotzt. A wéi gesot, och do ass eis Fro: Wéi en Impakt wäert dat hunn op d'Schoul Deich a virun allem wéi eng Alternativen hu mer eise Kanner an der Zäit vum Chantier unzebidden? A wéi gesäit et duerno aus mat der Notzung vun där Buvette, déi wéi gesot och elo als Turnsall fir d'Deicher Schoul genotzt gëtt? De Projet Alpha fuerdert eis eraus. Zwee nei Klassesäll op Lenkeschléi, zwee Säll am Brill. Dës Invester musse mer och vläicht aus aneren Ursaachen tätegen. Mee wéi gesot, dat ass awer och wichteg wéinst dem Projet Alpha. A meng Fro ass: Wéi ass do d'Participatioun vum Staat? Mat wat musse mer do rechnen?

Dann, wat mer net kënnen novollzéien, dat ass Frais d'étude Schoulhaff Brill fir 50.000 Euro. An da kommen och derzou nach Frais d'étude fir d'Spillplaz Waldschoul a Soibelkaul, jeeweils 25.000 Euro. Wéi huet ee gesot, wéi mer eise Budget eisem Kommitee an eise Membere presentéiert hunn: Mir hunn 800 Leit op der Gemeng schaffen, do misst dach awer een derbäi sinn, dee weess mëttlerweil,l wéi dat geet fir eng Spillplaz ze bauen. Well mer hunn ee super Schoulhaff viru Kuerzem gebaut, um Strutzbierg. Mir hunn zu Butschebuerg nei gemaach. Mir hunn de Wolkeschdahl, e riseg grousse Projet gemaach. De Mann huet vläicht net ganz Onrecht. An dofir ass meng Fro: Déi Etüderitis, ass dat wierklech néideg bei dëse Punkten? D'Representante vun den Eltere waren och ganz paff, dass sollt dann endlech de Schoulhaff Brill an Ugrëff geholl ginn, well och mat hinnen ass an deem Punkt elo dës Kéier net geschwat ginn. Mee ech hoffen, dass dat nach wäert kommen.

Eng Fro, déi sech stellt, ass och, wat ass déi berüümte Beweegungskaart? Wat soll dat sinn? Do ass vläicht och nach eng Kéier eng Explikatioun vum Schäfferot méiglech. Dann, Séchere Schoulwee, huet d'Madamm Di Bartolomeo Ries gesot. Séchere Schoulwee. Jo, ech kommen net derlaanscht fir ze froen. Si laacht, si weess wat kënnt: de Pedibus. Hu mer eng nei Iddi? Ass iergendeppes an der Maach? Ech hat schonn ëmmer gesot gehat, kommt mer renseignéiere eis bei deenen anere Gemenge wéi et geet. Ech froen net einfach, well ech et all Joer froen. Mee ech weess, dass et net einfach ass. Mee vläicht hutt Dir vläicht eng Kéier eng Erleuchtung a mer fannen do e Wee, wéi mer eis Kanner ze Fouss sécher an d'Schoul kënne bréngen. Wou mer eis natierlech gefreet hunn, dat ass, dass effektiv de Projet Bëschcrèche um Site Waldschoul elo konkreet gëtt, do ginn Etüde gemaach vun 20.000 Euro, warscheinlech och fir ze kucke wéi een dee Site ka viabel maachen, well do si jo och ganz vill Contrainten, Sécherheetscontrainten an esou weider, fir an deem Gebai eng Crèche ze maachen. An do ass awer vläicht och schonn eng Fro, vläicht wësst Dir elo scho méi oder hutt Dir Iech scho Gedanke gemaach, wéi eng Envergure dee Projet sollt kréien?

Natierlech si mer och frou, dass d'Blockhaus um Site vun der Waldschoul soll fäerdeg ginn. Zwee Minibusse stinn am Budget dran. Eemol ee fir d'Crèchen an eemol fir d'Maison Relaisen. Dat mécht awer ëmmerhin zwee mol 50.000 Euro. An d'Fro ass och vläicht awer och mol erlaabt: Ass dat wierklech néideg? Brauche mer zwee Minibussen? Geet net een duer, deen zum Beispill moies d'Kanner an d'Crèche féiert, mat de Kanner aus der Crèche ronderëm fiert a mëttes eeben éischter fir d'Maison Relais disponibel ass? Mir hunn eis gefrot firwat mer direkt zwee Minibusse mussen uschafen. Wou mer eis och näischt richteg konnte virstellen, dat ass de Projet Ferme pédagogique mat 5.000 Euro. Dee steet zwar ënnert dem Titel vun de Maison Relaisen, mee wann ech kucken, mir hunn ënnert dem Titel Enseignement 121.000 Euro zur Verfügung fir Activités pédagogiques a Sortien. An ech mengen, et gi jo immens vill flott Projeten. Den Dag beim Bauer, Fro däi Bauer an esou weider. Ech gesinn och ëmmer mol Fotoe vu Schüler oder Kanner, déi mat hirem Schoulpersonal op e Bauerenhaff ginn. Dofir ass meng Fro, wat bréngt dee 5.000 Euro Projet Ferme pédagogique eis méi?

Ech kommen zur Famill. Et soll en neie Service Eltereforum op Diddeleng kommen. Dat ass gutt. Dat ass virun allem och gutt, well si haten am Fong als eng vun den éischte Gemengen Diddeleng kontaktéiert, fir sech hei ze implementéieren. An et huet awer geheescht, oh mir brauchen dat net hei zu Diddeleng. Ech sinn awer elo frou, dass de Schäfferot - dat war dixit, dat krut ech gesot - an ech sinn awer elo frou, dass de Schäfferot awer och dës Plus-value vun deem Service agesäit an dass mer deen hei zu Diddeleng implantéieren, dat fanne mer ganz, ganz gutt. D'Fro ass awer éischtens emol: Mir hu kee Budgetsposte fonnt, deen heiriwwer eng Ausso mécht. Musse mir do eng Participatioun bezuelen oder geet dat alles iwwert de Ministère? An dann ass natierlech och déi grouss Fro, an dat war och eng Matiwwerleeung, firwat ënner anerem d'Ofleenung och koum, deemools, mir hu keng Plaz. Elo hu mer jo awer anscheinend dann awer eng Plaz fonnt, wou mer de Service Eltereforum ubidden. Eis Fro ass natierlech, wou ass dat? Eis Propos ass natierlech d'Ribeschponter Portiershaus. Well do hu mer jo och e Kontrakt mat Ensemble, deen ausleeft. An do huet et geheescht, vläit maache mer do en definitive Projet wéi eng Crèche. Dofir och nach eng Kéier hei meng Fro: Wéi geet et mam d'Ribeschponter Portiershaus virun, wann de Service Ensembel eraus ass?

Da kommen ech zu Froen zum Service Jeunesse. Do huet et geheescht, et gëtt eng nei Persoun agestallt. D'Job description wär vläicht do interessant, fir dass ee weess, wee mer do sichen, firwat mer wéi sichen. A wat eis och e bësse komesch virkomm ass, dat ass eng Onkloerheet am Poste Frais de fonctionnement Jeunesse et familles. Do waren 2024 8.708 Euro ausgi ginn. Am Initial 2025 si 6.000 Euro, am Rectifié 1.000 Euro an elo fir 2026 sinn erëm 5.000 Euro agesat. Dat ass jo schéin a gutt, mee bei de Salairen, do ass awer eng Diskrepanz. Well do waren am Initial 120.000 Euro virgesinn an am Rectifié 101.000 Euro. An elo gi mer op 70.300 Euro. Ass dat déi Persoun vum Service Jeunesse oder ass dat nach eng aner Saach? Et huet geheescht, mir schécken zwee Leit a Formatioun, fir Babysitter-Coursë bei eis ze halen. D'Fro ass, aus wéi enge Servicer rekrutéiere mer déi Formateuren a wou gëtt déi Formatioun ugebueden? Zur Jugend ass ze soen, et ass eng Etüd Jugendhaus - Mise en conformité an eventuell eng Extensioun geplangt ass. An do si 75.000 Euro virgesinn. An d'Fro sief erlaabt, ob dat an deem dach awer alen a verschachtelte Gebai nach sënnvoll ass, do esou vill ze investéieren, well jo och ugeduecht ass, dat neit Jugendhaus op Neischmelz opzeriich-

ten. Natierlech ass de Virdeel vum Site vum Jugendhaus, wou en elo ass, d'Proximitéit zum Lycée, d'Proximitéit zum Zentrum.

D'Iddi vun der CSV war, dass zum Beispill mer kéinte vläicht eis iwwerleeën, ob mer net verschidden Aktivitéite vum Jugendhaus outsourcen. Mir haten d'Iddi vun engem Pop-up Open House Creative Centre fir Jonker an der Niddeschgaass. Mir hu jo e puer Geschäftslokaler, déi mer verlounen. Vläicht hätt een do eng Méiglechkeet, fir zum Beispill och do esou eppes ze implementéieren. Frou si mer natierlech, dass den Interrail-Pass realiséiert gëtt. A mir géifen eis an deem Kader freeën, wann och eng flott Receptioun géif organiséiert ginn, mir haten dat scho gesot, wéi mer iwwert den Interrail geschwat hunn, well schliisslech sinn et déi 18järeg, déi en Ticket kënne kréien, fir mam Zuch duerch d'Welt ze reesen a mir kéinte si vläicht och als nei Wieler da begréissen. Da kënnt een dat all Joer maachen an hinnen och esou konkreet d'Gemengepolitik méi no bréngen a soen, wat fir flott Saachen awer och d'Gemengepolitik fir eis Jonk ka maachen.

Da kommen ech zum Jugendgemengerot. Jo, dat ass och esou, wann ech kucken, d'Frais de réception 2024 0 Euro, 2025 1.000 Euro, 2026 1.000 Euro. An a menger Zäit, wou ech hei sëtze war ech gefillt an enger eenzeger Sitzung vum Jugendgemengerot. Wat awer dann e bësse kokass ass, dass d'Personnel encadrant awer och wéi 2024 0 Euro Frais de réception waren, awer 2.810 Euro haten. Am Budget initial hu mer och 5.000 Euro Personnel encadrant festgesat am Rectifié idem, mir ginn elo op 3.000 Euro erof. Awer mir hunn nach net eng eenzeg Kéier eng Presentatioun kritt vum Jugendgemengerot, net elo wéi mer elo muer invitéiert ginn an de Kannergemengerot. Mir krute weeder am Ufank vun enger Seance nach zum Schluss vun enger Seance iergendeppes gesot, wat do leeft. Dat ass fir eis och e bësselche sou e Posten, deen ëmmer sou historesch gewuess ass, ëmmer matgeschleeft gëtt, awer wou mer keng konkreet Resultater gesinn.

Da sinn ech bei der Biergerparticipatioun. Jo, den Dialog mam Bierger ass wichteg. Et ass e Posten dran, Forum citoyen Neischmelz, dat war mat 5.000 Euro ugesat ginn, 2025, deen ass reportéiert ginn op 2025. D'Fro ass: Wat soll et genau sinn? Ass et esou eppes Änleches wéi d'Versammlung, déi de Fonds de logement organiséiert hat mat der Gemeng? Wann dat de Fall wär, wär et vläicht wichteg, de Mobilitéitsplang dës Kéier och matzebréngen, fir dass d'Leit och eng Äntwert kréien op hir Froen. Wéi gesot, mir fannen dat e wichtegen Dialog mam Bierger a mir wäre frou, wa mer do Detailer kritt iwwert dee Forum citoyen Neischmelz. Budget participatif. Jo, mir sinn net erstaunt, dass dës Kéier null Euro dra stinn, well déi Projete vun 2024 sinn amgaang ëmgesat ze ginn.

Do krute mer Retarden, dat hate mer erkläert kritt. Mee de Fitnessparcours um Ginzebierg, dee soll kommen. Kompoststellen am ëffentlechem Raum, hunn ech elo eng gesi beim, beim, beim Am Duerf, wann een aus dem Delhaize erausgeet. Do ass esou eng Kompostkëscht, wou d'Leit och kënnen hire Kompostmüll drageheien. Mee wéi ass et zum Beispill wa Projeten aginn, wéi zum Beispill eise Frigo solidaire, wéi ass et mat deem Projet? Deen hate mer jo schonn an där viregter Ausschreiwung gehat.

Comité d'accompagnement, deen hate mer och dëst Joer fir déi d'Biergerparticipatioun, dat ass eng ganz interessant Reunioun. Just wat bedauerlech ass, dass d'Participatioun vun den invitéierte Veräiner a Quartiersvertrieder, loosse mer et emol haart soen, bescheide war. Dann hunn ech elo och eng konkreet Fro: Bis Enn 2025 leeft d'Konventioun mat der Uni? Da solle mer de Rapport kréien, eng Gesamtanalys vun der Biergerbedeelegung zu Diddeleng, Recommandatiounen, wéi et weidergeet. Den Invest war net unerheblech, mee de Budget 2025 steet do mat 0 Euro, 2026 och. Wéi geet dat weider? Da kommen ech nach op e puer méi kleng Froen. Nee, pardon, fir d'éischt nach, eis sozial Aufgab als Gemeng, déi huele mer ganz seriö, déi ass ganz wichteg.

D'Ënnerstëtzung vum Office Social hate mer jo och unanime de leschte Freideg hei matgestëmmt. Dann ass meng Fro: D'Allocation de vie chère, déi geet bescheiden erop vun 1.500.000 op 1.550.000 Euro. Also meng Fro ass, oder eis Iwwerleeung ass, ob dat duergeet, wann ëmmerhi mëttlerweil 10% vun eise Stéit virstelleg ginn am Office Social. Eng gutt Iddi fanne mer, dass mer de Kanner en situation de précarité Ënnerstëtzung gi bei de Frais de inscription fir an d'Sportsclub. Gutt fanne mer natierlech och den Ausbau Logement, Logements sociaux. An do hat ech och den Här Manderscheid scho gefrot, ob mer zu deem Service Logement, wou mer 61 Wunnenge verwalten, och kéinte vläicht eng Kéier e Bilan kréien, eemol am Joer. Wie wunnt wou? Natierlech anonymiséiert, mee einfach fir ze kucken, wéi vill Jonker, wéi vill Aler, wéi vill Celibatairen, wéi vill Locatioun kréie mer pro Wunneng? Den Alter vun de Bierger ass net oninteressant. Vläicht och d'Nationalitéit, well mer hu jo och Flüchtlingen, déi vläicht eng Demande kënne maachen. Wéi eng Krittären, dat ass dat wat d'Leit dobaussen eis ëmmer froen, muss een hunn, fir an esou e Logement ze kommen? An de Logement Jeunesse, wéi ass et domadder? Wéi eng Krittäre muss een do hunn? Wéi ass d'Liste d'attente? Wéi ass den Turnover? Wéi gesot, et wär interessant, wa mer déi Kontrakter och eng Kéier kéinte presentéiert kréien.

Dann och de Projet Eecherdall gëtt opgezielt fir sozial abordabel Wunnengen. Do hu mer awer nach guer keng Chifferen an och kee Projet. Do ass meng Fro, wéi gesäit et aus? E puer konkreet Froen, ier ech zum Schluss kommen. Op der Route de Thionville ass eng Etüd dran Deplacement vun der Diddelenger Baach. An et steet awer och nach eppes dran, eng Réalisation de déplacement fir d'Diddelenger Baach. Elo ass elo d'Fro, handelt et sech hei ëm eng Etüd oder ëm eng Realisatioun?

Dann nach zum soziale Volet. Ech hunn ee Poste fonnt, Primes d'accession à la propriété d'un logement, eng Deliberatioun vun 2007, ech hunn dat net méi erëmfonnt, do sinn 125.000 Euro dran. A wie kritt dat? Wéini? A fir wien ass dat ugeduecht? Wou mer och näischt kënnen eis richteg drënner virstellen, et ass e Posten da Frais de logement de personnes en raison d'un arrêté de fermeture d'une habitation. Do waren 0 Euro virgesinn, am ir hu 15.000 Euro

dëst Joer gebraucht an et sinn 30.000 Euro fir 2026 ageplangt. Meng Fro ass: Wéi oft hu mer esou eng Noutlag? Hu mer net och en Noutlokal, wou mer Leit kënnen drasetzen, wa se mussen hir Wunneng verloossen? A wéi oft ass esou eppes virkomm?

Dann hunn ech nach een, zwee Punkten, wou mer och net ganz kloer si beim Service Gas, déi awer weiderhin hir 10.000 Euro Abonnement hu fir hir Journaux et Periodiques. Mer krute jo erkläert, firwat déi sou héich sinn am Service Gas. Mee do hu mer awer och bei Frais de route eng Augmentatioun vu 500 Euro op 2.000 Euro. Do ass mer net ganz kloer, firwat déi elo esou vill musse reesen. An do ass och d'Fro de Luxmetering- Representatioun, déi ass och net näischt, dat si 6.249 Euro fir de Schäfferot am Luxmetering ze ersetzen. Da kënnt en neie Luxmetering derbäi. Wat ass dat? Frais de GI Luxmetering O, dat sinn 30.000 Euro op der Säit 132. Dat hate mer bis elo nach net, do wësse mer nach net, do kënne mer eis näischt drënner virstellen.

Wat mer gutt fannen, dat ass, dass mer eis këmmeren ëm d'Santé mentale vun eise Mataarbechter. Mee trotzdeem ass do op der Säit 134 e Projet „Charges au Bien-être, Sensibilisation du personnel communal". Do si Publikatioune vun 10.000 Euro virgesinn. Ass dat just fir d'Personal? A wat publizéiere mer do? Oder ass dat fir de Public? An och Aktivitéiten a Konferenze si mat 25.000 Euro virgesinn. Dat ass jo och net näischt. An da steet do, wat och interessant ass, eng „Analyse des risques psychosociaux" soll gemaach ginn, fir 20.000 Euro. Ass dat d'Analyse des risques psychosociaux vum Personal? An dann ass d'Fro, wie mécht dat? Mir hu jo en Agent psychosocial agestallt. Mee ech mengen esou eng Recherche dat ass jo awer eppes, wat och zäitintensiv ass. An ech denken den Agent psychosocial hate mer jo awer och éischter agestallt, fir méi no beim Personal ze sinn, fir deenen hir Suergen opzefänken.

Da si mer bei der Santé. Majo, wat feelt bei der Santé? Majo, d'Spidol. Kee Wuert am Budget, kee Wuert bei de Rieden. De 24. November stoung am Tageblatt engen Interview mam CHEM-President, mam CHEM-Generaldirekter an do ass du kloer gesot ginn, d'Südspidol geet fréistens 2033 op. „Viel Zeit hat das CHEM nicht, aber schwierig gestalten sich die Nutzungen des CHEM-Standorts Düdelingen, wo das alte Krankenhaus nicht für den Betrieb von Kernspintomografie geeignet ist und nicht ausreichend Platz zur Verfügung steht. Um der Nachfrage im Süden gerecht zu werden, sucht das CHEM mit den Verantwortlichen der Gemeinde Düdelingen nach alternativen Standorten, um eventuell eine Antenne in Düdelingen zu eröffnen. Die Gespräche laufen noch. Es gibt Pläne zur Eröffnung einer Antenne in Mondorf. Die wurden aber fallengelassen…", well se eeben déi zwéi aner Sitten Diddeleng an Nidderkuer wëllen ausbauen. Bei Nidderkuer stoungen an deem Interview scho ganz konkreet Proposen, wéi et virugeet. Mee elo ass awer d'Fro erlaabt, nodeem et an der Ëffentlechkeet jo awer thematiséiert ass, wéi eng Standuerten hu mer dem CHEM ugebueden? D'Neischmelz, oder wéi d'CSV et scho virun 20 Joer proposéiert huet, beim Staatslabo op Koibestraachen? Dass de Standuert Diddeleng net fir de Betrib vun engem Kernspintomograf gëeegent ass, bon, ech mengen, dat wosste mer scho wéi d'Spidol nach voll funktiounsfäeg war, dat ass keen neie Moment, an d'Fro ass jo och, brauche mir zu Diddeleng e Kernspintomograf? Nee, mir brauchen en Hôpital de proximité mat Poliklinik, Labo, Röntgen, en OP eventuell fir kleng Interventiounen, vläicht e puer Dokteschpraxissen, vläicht en Hôpital de jour.

Wéi gesäit dem CHEM seng Visioun aus? Wéi gesäit dem Schäfferot seng Propos aus? Op Neischmelz ass elo de Moment fir eng Lokalitéit ze plangen, éier all méiglech Bauzone mat anere Projeten hypothekéiert si vum Fong national oder kommunal. Koibestraachen ass jo och virun allem eng Zone Nationale pour Technologie de Santé steet och derbäi. De Staatslabo gëtt ausgebaut. E Spidol niewendru géif gutt passen. Oder en Dokteschhaus. Oder wéi och ëmmer. De Masterplan Koibestraachen, Halleluja, en ass erëm eng Kéier am Budget erëmzefanne vun der Études part communale, do steet en Devis dra vun 350.000 Euro, nodeem déi lescht Joren dat awer e bëssen esou dahin gedümpelt ass, wann een dat emol däerf esou soen. D'Spidol zu Diddeleng soll en Déngscht um Bierger sinn.

Awer, wat net ze vernoléissegen ass, dat beschaaft och Aarbechtsplazen an erhält och Aarbechtsplazen. Dofir ass dat e wichtege Punkt. A mir wäre frou och do vläicht gewuer ze ginn, och wa se nach, wéi hu se geschriwwen, dass d'Diskussioune lafen. Mee vläicht wär et awer interessant emol ze wëssen, wéi wäit déi Diskussiounen da scho gedeit sinn. E puer Froen nach konkreet. Honoraires Architecte et Geomètre Säite 68, déi gi vu 5.000 Euro op 50.000 Euro erop. Dat ass jo och net näischt.

Voilà, dann hunn ech nach nei Horodateure fonnt, fir 60.000 Euro. D'Fro ass: Wou stelle mer déi dann hin? Oder kommen déi schonn op Neischmelz? Dann, wat ass e Projet annulé Säit 18? 50.000 Euro sollte mer fir eng Récupération d'un hall existant sur Neischmelz, avec remontage sur le site des ateliers communaux virgesinn. Wat ass domadder geschitt?

A voilà, da kommen ech zu menger Conclusioun. Also, d'CSV hëlt d'Monstranz nach eng Kéier eraus. D'Monstranz vun der Transparenz, mir halen déi héich virun eis, wa mer duerch Diddeleng pilgeren. A mir soen de Bierger och ganz kloer, wat mir wëllen. Eng transparent a responsabel Politik. Mir wëllen am Dialog mam Bierger, ugefaangen natierlech mam Dialog tëscht dem Schäfferot a Gemengerot, Politik maachen. Mir verlaangen, oder mir froen, net verlaangen, mee mir froen, mir bieden de Schäfferot, eng Finanzkommissiounssitzung esou séier wéi méiglech anzeberuffen, fir an aller Transparenz opgelëscht ze kréien, wou um Datum 31.12.2025 all eis Projeten dru sinn, all eis votéiert Projeten. Mir bezuelen onmoosseg Honorairen un Architekten an Ingenieuren, fir de Suivi vun hire Projeten. Da kann een och verlaangen, dass se esou en Tëschebilan maachen. Dat gëtt et an anere Gemengen och, dass se eng Oplëschtung weise wéi d'Soumissiounen op eis Devisen ausgesinn, wéi eng Imprevuen opgetaucht si bis elo, wéi eng Depassementer oder vläicht och, oh Wunder, Moins-valueen sech bis elo erauskristalliséiert hunn. Da wësse mer, wat op eis duerkënnt an deenen nächsten een zwee Joer. Dat erliichtert eis eis finanzresponsabel Planung.



Jo, mir brauchen eng virsiichteg Finanzpolitik, eng verstänneg Personalpolitik an ech erlabe mer de Saz aus der Schäfferotserklärung ze widderhuelen, dee mer ënnerschreiwen. „L'endettement sera limité aux projets de grande envergure, une politique du personnel prudente, une gestion avisée des dépenses communales nous guideront. Il convient de répondre aux besoins des générations présentes sans oublier ni hypothéquer les perspectives des générations futures". Dat ënnerschreiwe mer. A mir hoffen op eng besser Gestioun vun eise Finanzen an de kommende Joren, fir dass mer d'Enner nees zesumme kréien a vun eiser demesuréierter Verscholdungsspiral säit 2022 nees op e finanziell méchere Buedem kommen, mat Scholdbelaaschtungen am gréngen an net méi am orange Beräich. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Kayser.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, ufänke wéilt ech, wéi all Joers, mat engem grousse Merci un den Här Poull a säi Service, fir hir Aarbecht, déi si d'Joer iwwer leeschten a speziell fir déi ganz Dokumentatioun. Dëse Moment bitt eis Conseilleren awer och d'Geleeënheet all de Gemengeservicer Merci ze soen, fir hir Aarbecht dëst Joer, an och speziell elo hei am Kader vum Budget, wou ee mierkt, dass si vill Efforte maache misste fir Geld ze spueren, ouni dass de Service um Bierger dobäi ze kuerz kënnt. Hätte mir dës Leit net, géif et wuel méi schlecht ëm eis Gemengefinanze stoen. De Bléck op d'Zuelen ass ëmmer ganz interessant. Op alles nach eemol agoen, maachen ech net. Ech beschränke mech op e puer Constaten. Op den ugespaanten a schwierege geopolitesche Kontext ginn ech och net weider an. Dass dat zu virsiichtege Previsioune beim FDGC par rapport zu 2024 féiert, erkläert sech vum selwen. An do sinn et virun allem d'Handelspolitik vun den USA an de Russesche Krich an der Ukrain, wou et schwiereg maachen, zouverlässeg Prognosen ze maachen. Wann och d'Inflatioun liicht no ënne korrigéiert ginn ass fir 2025 an 2026, sou gëtt virausgesot, dass se hei ab 2027 erëm méi wäert unzéien.

Zu Diddeleng stelle mir da fest, dass d'Evolutioun vum Service ordinaire sech an de leschten zéng Joer souwuel bei de Recettë mat 78 Milliounen Euro 2016 op 159 Milliounen Euro am Initial 2026 wéi och bei den Depensë mat 70 Milliounen Euro 2016 op 154 Milliounen Euro am Initial 2026 verduebelt huet. Mir hu méi Annuitéiten op den Empruntе ze bezuelen. Material a Main d'oeuvre si méi deier ginn a mir sinn als Gemeng gewuess. Dëst spigelt sech an der Masse salariale erëm, déi och dëst an d'nächst Joer e groussen Deel vun Augmentatioun bei den Dépenses ordinaires ausmaachen, 2025 mat 5,72 Milliounen Euro an 2026 mat 6,45 Milliounen Euro. Mir si bei ronn 7 Milliounen Euro Personalkäschten de Mount, ma et brauch och gutt opgestallte Gemengeservicer.

An deem Sënn erfreet et eis am Kader vum Rectifié 2025 ze gesinn, dass d'Restante weider erofginn. Dëst ass e wichtegt Zeechen no baussen an e positiven Trend, well an de leschte Jore substanziell manner Geld der Gemeng verluer gaangen ass. Merci nach emol op dëser Plaz un de Service vum Gilbert Loos, déi hei eng gutt Aarbecht maachen. Op der anerer Säit, ech hat se ugedeit, ass dann awer d'Entwécklung vum Emprunt, op déi ech wéilt agoen. Dat ass effektiv esou eng Saach. Mir hunn déi antizyklesch Investitiounspolitik heibannen ëmmer ënnerstëtzt, well mir der Meenung waren a sinn, dass et wichteg ass, dass déi ëffentlech Hand Verantwortung iwwerhëlt, och a manner rosegen Zäiten. Mir stellen awer och fest, dass Subsiden, déi vun de Ministèren an Aussiicht gestallt ginn, net ëmmer esou previsibel erakommen, wéi se gebraucht géife ginn, fir grouss d'Projeten ze finanzéieren. Mir ënnerstëtzen dem Buergermeeschter säin Engagement heifir am Syvicol. Mir stellen awer och fest, dass d'Subside vun diverse Projeten, déi an Ugréff geholl gi sinn, mëttlerweil erakomm sinn, dass awer elo de fënnefte Budget um Stéck en aachtstellegen neien Emprunt virgesäit. Deemno gi mir hei net ganz de Narrativ vum Schäfferot mat, dass gesot gëtt, et géif virun allem dru leien, dass ee laang op d'Subside waarde muss, dass et mat eiser Schold elo esou séier geet.

Hei si virun allem grouss Investitiounen, jo, déi elo musse getätegt ginn, déi eiser Meenung no an de gudde Jore vläicht och ze laang no hanne geschobe gi sinn a wou eis elo an eng Drocksituatioun bréngen, wou et wäert schwéier ginn, do esou bal erauszekommen. Et ass eng Situatioun, an déi där eis net mat dësem Budget erareit, och net mam leschte Budget an och net mat deem virdrun. Mee do virdru ware Joren, wou d'Gemeng finanziell besser do stoung a wou schonn e Kennedy-Stadion, en Nosbaum, e Strutzbierg, fir just déi ze nennen, hätte kënnen ugaange ginn. Wéi stellt de Schäfferot sech d'Scholdentwécklung dann an Zukunft vir? De Shared Space, Phas 4, Gemengen- a Fohrmanplaz, mat allem wat derzou gehéiert an nach vill aner Projete sinn Deel vun der Schäfferotserklärung. Och wann et dann hei net fir dëse Budget ass, ass et sécherlech fir déi nächst Budgeten an absehbarer Zäit. Mir sinn elo scho bei ronn 90,5 Milliounen Euro Schold, mat enger Annuitéit vu 7,15 Milliounen Euro am Service ordinaire vum Rectifié 2025. Elo si mir dëst Joer ënnert den 100 Milliounen Euro bliwwen. Hurra!

Fir 2026 gitt Dir Iech d'Méiglechkeet weider 27 Milliounen Euro léinen ze goen, wou mir op iwwer 111 Milliounen Euro Schold kéinte komme mat ronn 8,75 Milliounen Euro Annuitéit, am Initial 2026. Ouni ee vun deene grousse Projeten unzegoen, déi ech grad genannt hunn, bis 2023 war d'Gemengeschold bei ronn 20 Milliounen Euro. Ech hunn an Ärem Bilan nogekuckt, deen Dir fir déi lescht d'Gemengewalen 2023 un d'Stéit verdeelt hutt an do heescht et dran: An de leschte sechs Joer hu mir ronn 200 Milli-

ounen Euro investéiert a gläichzäiteg dofir gesuergt, datt d'Gemengefinanze gesond bliwwe sinn. Den 11. Juni 2023 ware Walen dräi Wochen drop, den 30. Juni goufe 15 Milliounen Euro geléint, véier Méint drop da 25 Milliounen Euro, sechs Méint drop nach mol 20 Milliounen Euro. Dat heescht, fir déi, deenen et elo ze schnell gaangen ass, Dir hutt Iech wiele gelooss domat, dass Dir de Wieler gezielt hutt, Dir hätt dofir gesuergt, dass d'Gemengefinanze gesond bliwwe wieren, fir innerhalb vun zéng Méint no de Walen 60 Milliounen Euro Scholden opzehuelen. Dat ass Wansinn. Waart Der dovun ausgaangen, dass et mat der absolutter Majoritéit no de Walen eriwwer wier, wollt Dir d'potenziell Nofollger wierklech mat der Kar am Dreck do stoe loossen, no Ärem super Bilan? Egal wéi ass et einfach op eemol e Schratt ze schnell gaangen an et stoung een duerch ze wéineg Wäitsiicht op eemol mat ville Chantieren an deiere Chantieren do, déi definitiv elo musse gemaach ginn.

E Stade Nosbaum huet beispillsweis net vun haut op muer ugefaangen auserneenzefalen. Fir de Bilan 2023 an och fir d'Schäfferotserklärung huet een de geopolitesche Kontext kannt. No der Covid-Pandemie an och iwwer de Joer nom russeschen Ugräffskrich, fir deem och scho virzegräifen, et hätt een et zu deem Zäitpunkt net anescht gewosst. Dës Approche ass e bëssen, wéi wann Dir eng al Occasioun hätt wëlle lassginn. Mat lauter Vices-cachéen an den neie Proprietär konnt emol dräi Prêten ophuelen, fir dat Noutwendegst ze maachen. An dësem Fall sidd Dir de Proprietär bliwwen. Dir hutt allerdéngs net just Iech selwer, mä och Är Wieler ugeschmiert mat engem Bilan, wou d'Carrosserie méi geblénkt huet wéi de maroden Zoustand drënner. Soit. Mir sti weider zu den Investitiounen an e modernt Diddeleng. Mir wollten d'Scholdsituatioun, déi eis Awunner interesséiert, well si, well mir all se bezuelen, awer och eemol an de Kontext setzen. Dass de Schäfferot net déi ganz Verantwortung ka vu sech weisen, fir déi Situatioun, an där mir sinn a wou mir och elo soubal net erauskommen.

Den Inneministère schléit nach net Alarm bei eise ronn 5%, mee zu der ganzer Wourecht gehéiert et halt och, dass nach vill Noutwenneges fir d'Zukunft an der Pipeline stécht a mir elo schonn all Joer iwwer 2 Milliounen Euro reng Zënsen zeréckbezuelen. Ech hat d'lescht Joer scho gesot, Dir kéint Äre Virgänger an deene virdru schlecht d’Schold ginn. Mir stellen awer fest, dass der LSAP offensichtlech an de leschten zéng bis zwanzeg Joer zumindest d'Wäitsiicht an e Plang B bei der Finanzplanung gefeelt huet. Wat ass dann elo Äre Plang fir d'Zukunft? Hutt Dir een? Wéi geet et virun? All Joer ronn 30 Milliounen Euro aschreiwen, de Subsiden, déi Retard hunn, d'Schold ginn, der herno just 20 zéien a behaapten et wier alles gutt? Oder hutt Dir ee Plang, wou Dir och de Bierger am nächste Bilan erkläert, bis wou ee breet ass, sech ze verscholden oder wou ee sech agesteet, dass ee sech de Projet XY am Moment einfach net leeschte kann? Bei de grousse Projete fir 2026 ass effektiv näischt dobäi, wou ee géif kënne soen, dass et Luxus wier. Esou sinn et vun den 59,28 Milliounen Euro am extraordinäre Budget och vergläichtsweis just 3,9 Milliounen Euro an nei Projeten.

Virun allem freet eis hei d'Annonce, dass endlech eppes beim Haff vun der Brill Schoul geschitt. Deen Haff war scho virun 30 Joer, wou ech do an der Schoul war, méi no un engem Prisongshaff ewéi un engem kandgerechten Ëmfeld, vu wegen et hätt ee jo net éischter kënnen eppes maache wéinst Chantier, Chantier Baltzeng an esou weider. Dass d'Piazza op Lenkeschléi muss Plaz maache fir zwee Klassesäll, ass natierlech schued. D'Schoul ass nach net esou laang op an elo schonn ze kleng. An dat läit net just un der Reform Alpha. Freeën doe mir eis dann awer och iwwert den Neibau Baltzeng, dee mat 6,1 Milliounen Euro als deierste Posten am Initial 26 ze fannen ass, an domat no de Preparatiounsaarbechten an dësem Joer, mat de Raccordementer an allem, elo d'nächst Joer als Projet richteg Faart ophuele wäert. Dass der Demande no méi spezifeschem Sportsmaterial Rechnung gedroe gëtt, ënnerstëtze mir ganz gären. Et weist, dass déi drëtt Sportstonn an de Cyclen zwee an dräi, déi mer laang an der Schoulorganisatioun gefuerdert hunn, déi dëst Joer dann och endlech dran opgeholl ginn ass, och Uklang fënnt a vum Schäfferot och konsequent ënnerstëtzt gëtt.

Iwwert d'Annonce vun engem Eltereforum zu Diddeleng si mer och frou, hate mir déi éischt Well vun den Elterefore verpasst an do stoung zwar een zu Beetebuerg, ma wann ee wierklech wëll un d'Eltere kommen, dann ass d'Proximitéit ausschlaggebend. Dës Fore si wichteg a mir sinn iwwerzeegt, dass dës Offer gutt wäert an eis Diddelenger Bildungslandschaft integréiert ginn. Et ass wichteg, d'Elteren an d'Verantwortung ze huelen, ma et ass genau esou wichteg, se ze outiléieren a se do ze ënnerstëtzen, wou se et brauchen. Do sinn d'Eltereforen eng gutt Ulafstell. Dass da fir 2026 eis Iddi vum Subsid op den Interrail-Ticket fir déi jonk Erwuessener am Budget steet, wann och just mat 25.000 Euro, mécht, denken ech, net just eis frou, ma och déi Jonk, déi dovunner wäerte gebrauch kënne maachen. Et strotzt allerdéngs scho vu Selbstbewosstsinn, als Éischt de Subsid Interrail vun eise proposéierten 300 Euro erof op 100 Euro wëllen ze drécken a sech dann awer- soubal e gestëmmt ass- op Social Media ze inzenéieren, wéi wann d'Initiativ vun der Majoritéit komm wär. Naja.

Vun der Mobilitéitschäffin hu mir vill Positives déi lescht Woch presentéiert kritt. De Citybus, d'sécher Iwwergäng fir d'douce Mobilitéit iwwert eis Haaptachsen, den Ausbau vum Flex, d'Bushaisercher, ech widderhuelen net alles, mir waren all dobäi, och den Ausbléck drop, dass et dëst Joer viru wäert goe mat iwwerdaachte Vëlosstänneren op deene Plazen, wou dës néideg sinn, erfreet eis. Et hat laang gedauert, ma et schéngt, wéi wann dee richtege Modell fonnt wier. Och dass un der Visibilitéit vun de Vëlossträife virun allem an enke Stroosse geschafft gëtt, wou de Vëlo à contre-sens fueren dierf, ass wichteg. Allgemeng mierke mer an der Mobilitéit, dass et schwéier ass, d'Wunnquartier richteg ze apaiséieren an d'Vitesslimitatiounen duerchzesetzen. Begréissen doe mir déi flott Sensibiliséierungscampagnen. Ma awer hunn ech d'Gefill, dass et net duergeet. Ech wëllt an deem Kontext och eis Pecherte luewen, wann ee kuckt, wat ronderëm eis Schoule moies a mëttes esou lass ass a wéi vill si do gebraucht ginn. Et huet sech jo en Aarbechtsgrupp ronderëm de Séchere Schoulwee fonnt. Ma hei wier et a mengen Aen och wichteg, dës

Diskussioun eemol an enger Commission jointe Mobilitéit an Educatioun ze féieren. Mir mussen nämlech ophalen, just d'Symptomer ze behandelen an un d'Ursaache goen. De Problem huet jiddereen erkannt, ma ouni méi konsequent infrastrukturell Ännerungen an eise Quartieren ännert sech näischt. D'Leit huele weider den Auto fir esou no wéi méiglech bei d'Schoulen ze fueren. An déi aner Elteren traue sech dowéinst net, hir Kanner zu Fouss, mat der Trottinette oder mam Vëlo ze schécken. En alldeeglechen Däiwelskrees.

Gutt ass d'Zouso vum Ministère an dass seng Apaisemensrichtlinnen an den iwwerschaffte SUMP kommen. Ma dës Recommandatioune sinn net nei. Etudes et Mise en oeuvre de mesures d'apaisement fir 100.000 Euro. Bleift dann do genuch Geld no den Etüden, fir mat Modalfilter, Polleren, Blummebacke a Sens-uniquen nei Verkéiersféierungen ze testen? D'Chantiersphase vu Brill a Baltzeng bidde sech beispillsweis hei virun. Et huet een zwee Quartieren, wou een de Leit erkläre kann, wat een teste wëll. Et kann ee mam deieren Ëmbau waarde bis et esou wäit ass. An et huet een d'Leit scho mat u Bord. D'Iddie sinn net nei. Mee et goung bis elo oft iergendwéi net wierklech iwwert de Constat eraus, dass et am Moment fuerchtbar ass virun de Schoulen. Hoffentlech hu mir um Enn vum Joer net just nach méi Etüden an nach méi Berliner Kissen. Schued ass et och, dass d'lescht Woch näischt zu Vëlosstroosse gesot ginn ass. Mir denken, dass eng Partie Stroossen a Fro kéinte kommen. An dass d'Pasteur Strooss am Vëlosummer en Erfolleg war. Hei géife mir Iech gären encouragéieren an ënnerstëtzen, fir weider an dës Richtung iwwert de Kader vum Vëlosummer ewech ze denken.

D'Foussgänger hu mir awer och net vergiess, an zwar reeche mir Iech en Amendement eran, fir d'Sécherung, an deen Amendement, dee misst Dir scho kritt hunn, fir d'Sécherung vum markéierten Trëppelwee an der Soibelkaul tëscht der Näerzenger Strooss an der Rue de Manom, mat LED-Luuchten am Genre vun deenen an der Le'h, mat Beweegungssensoren, déi Foussgänger erkennen a Gummischwellen um Buedem, fir de Wee vun der Strooss ze trennen, erwaarde mer eis eng verbessert Sécherheet fir zwee grouss Quartieren, och an der donkeler Joreszäit, fir d'Foussgänger mateneen ze verbannen. Dëst gëtt der Biodiversitéit gerecht an et mécht dëse geféierleche Passage weesentlech méi sécher. Fir déi 300 Meter hu mir eis um Devis vun der Le'h inspiréiert. Mat zwielef Luuchten an agerechenter Präisdeierecht wéilte mir en opgeronnte Montant vu 60.000 Euro TTC virgesinn, déi hei net vu Muttwëll wieren.

De Sprong dann eriwwer bei de Sport, d'Associatiounen an d'Clibb. Déi ugekënnegt Subsidenerhéijunge fir d'Clibb an Associatioune freeën eis. Mir hu laang duerno gefuerdert an déi interfraktionell Reunioune sinn ëmmer ganz produktiv. Do ass elo laang näischt geschitt a wann een déi 3.200 Euro kuckt, déi e Club säit 2014 maximal kréie konnt, misst een eleng duerch d'Inflatioun elo scho 4.025 Euro kënne kréien. Et ass wichteg dat net ze vergiessen, wa mir dës Zuelen iwwerkucken. Mir freeën eis hei op weider konstruktiv Reuniounen an hoffen, deen iwwerschaffte Qualité plus léisst net ze laang op sech waarden, dass mir eis als Gemeng un dee Subsid kënnen drun hänken. Iwwer d'Fro, wisou de Syndicat d'office du tourisme all Joer 32.000 Euro kritt, misst een och schwätzen. Engersäits hu mir en Tourismusbüro mat änlechem Budget, anerersäits hu mir Gemengeservicer, déi och scho verschidde Saachen ofdecken. Op eisem Internetsite kéinten d'Clibb Associatiounen och hir Vitrinn an en online Agenda kréien. Well och d'Clibb bezuelen hei hire Bäitrag all Joers un en awer héich subsidiéierte Syndikat. Hei si wuel vill engagéiert Leit ganz aktiv, ouni Fro. Ma hei kéinte Synergien an eise Servicer gesicht ginn a Sue gespuert ginn. Och wann dann eng ëffentlech Vitrinn vum Kommitee, dee quasi just aus aktiven LSAP-Politiker besteet, manner attraktiv wier. Mee muss de Bierger dann heifir bezuelen.

Eng schwiereg Trennung vu verschiddene Kape stelle mir awer och anerwäerts fest. Et ass scho kokass, dass bei politeschen Diskussiounen den Avis vum President vum Geschäftsverband heibannen zitéiert gëtt. Et ass legitim bei engem Gremium dat och eis um Häerz läit. Ma et kritt en No-Goût, wann et en aktive Parteimember vun der Majoritéit ass, bei deem ee sech ëmmer freet, ob en als Politiker oder als President vum Geschäftsverband grad aktiv ass op Social Media, bei der Ouverture vu Fester an an an. Fir dee Kappkino heibannen ze beendegen, fuerdere mir de Schäfferot an Zukunft op, eis d'offiziell Avise schrëftlech vum Geschäftsverband ze ginn, domat mir den Avisen och kënnen déi néideg politesch neutral Gewiichtung ginn, déi et brauch.

Dass een d'Fester da feiert, wéi se falen, hu mir beim Grand-Duc gesinn. Do huet d'Show zu Diddeleng assuréiert. Mir wosste schonn, wou mer et gewuer gesinn, dass dat just kéint gutt ginn, well mir d'Acteure kennen, déi zu Diddeleng bei esou Saachen am Coup sinn. Och wa mer Iech de Blankoscheck vun der hallwer Millioun Euro net konnte ginn, well eis Detailer am Devis gefeelt hunn, hu mir och an der Gemengerotssëtzung keng Äntwerte kritt. Et muss een awer soen, do fält eis keen Zack aus der Kroun, dass mat 325.000 Euro responsabel mam Budget ëmgaange ginn ass. D'Event ronderëm den Trounwiessel mat senger familljefrëndlecher Formule schéngt Inspiratioun ze si fir d'Neiausriichtung vum Usina. Dësen hate mir d'lescht Joer kritiséiert an esou ass en am Rectifjé nach emol 10% méi deier ginn. Mir ginn emol dovun aus, dass den erhoffte Succès ausbliwwen ass an en Ëmdenken néideg war. Mir sinn op alle Fall gespaant, denken awer, dass wann een de Choix trëfft, esou ee Festival wëllen ze etabléieren, dass ee probéiere muss, wat Succès huet. Esou begréisse mir, dass dëse Festival méi spuersam ausfält, dass den Eat- Beat - Culture ewechfält, dat spuert eis och 50.000 Euro. Et ass ëmmer schued, wann eppes ewechfält, mer awer denke mir, dass et de richtege Choix war.

An deem Kontext, a well Déiereschutz och d'lescht Woch d'Theema heibanne war an eis alleguerte wichteg ass, hu mir eng Motioun matbruecht, wou et drëms geet, de Marketing ronderëm eis Fester ze notzen, fir d'Visiteuren ze sensibiliséieren, dass hir Hausdéieren, meeschtens d'Hënn, vill ze gutt héieren, fir vun eise Concerten, Festivallen oder eise Partyzelter ze profitéieren. Mir kënne gären zum Schluss vum Moien driwwer diskutéieren a votéieren.

Mir wollte se awer hei mat Séance tenante, wéi et an eisem Règlement d'ordre intérieur virgesinn ass, deposéieren. Dann zum Sweet Event. D'Formule ass jo dann déi, dass et just nach eemol ass, dofir dann awer zwee Deeg an der Erwaardung, aner Stänn unzezéien. An enger logescher Konsequenz kéint een driwwer nodenken, dëst Fest einfach dräi Deeg, eng Woch oder zwou Woche lafen ze loossen, eventuell a Kombinatioun mat Schéissbuden a Knuppautoen an et einfach Kiermes nennen. Obwuel, där hu mer der schonn dräi d'Joer zu Diddeleng. Dat si flott Evenementer fir grouss a kleng, déi mir net a Fro stellen. Mee Dir gesitt, mat menger Iwwerspëtzung, dass de Sweet Event och esou nach ëmmer komplett onnéideg ass. Da maacht eppes fir eis Forainen a gitt dem Kiermesbudget dee Montant méi, fir déi Buden unzelackelen, déi der gären zu Diddeleng hätt. Dann hu mir zumindest hei déi eppes dovun, déi säit Joren ëmmer erëm flott Attraktiounen heihinner stellen. Zumindest gëtt de Sweet Event ëmmer méi bëlleg am Budget. Nawell bleift eise Reproche vum komplett falsche Message, deen dat do Fest vun all eisen anere Fester ënnerscheet, de Marketing an der ëffentlecher Finanzéierung vun ongesonde Liewensmëttel.

Dass zu Diddeleng ëmmer eng lass ass, gëtt engem kloer, wann een d'Manifestatioune kuckt. Hei hu mir eis gefrot, wéi mir ressourcentechnesch opgestallt sinn. Ech hunn am Organigramm nogekuckt a mech gefrot, wéi d'Kommunikatioun leeft tëscht dem Service culturel, Fêtes et Manifestations, heiansdo de Kommissiounen an den Atelieren. Laut Organigramm hu mir keng Persoun, déi d'Koordinatioun hei mécht. Bräicht et esou eng Persoun? Kéint dës Persoun eventuell dofir suergen, d'Servicer ze entlaaschten?

A punkto Personalpolitik bedauere mer och nach ëmmer, dass beim Nettoyage en Entretien vum CCRD net op d'Gemengepersonal zeréckgegraff gëtt, mat dëst outgesourcet gëtt, wéinst den Aarbechtskonditiounen awer och wéinst der Flexibilitéit, déi dës Gemengeressourcë méi eis als Gemeng kéinte bréngen. Méi allgemeng hunn ech mech da mat Bléck op den Organigramm am Kader vum Budget gefrot ob all eis Servicer genuch Ressourcen hunn, personeller wéi och materieller? Mir kréien am Gemengerot zwar wuel Abléck a Posten, déi geschaf ginn an hir Besetzungen an hei am Budget op Material, dat ugeschaaft gëtt, an awer wier et interessant, an engem informelle Gemengerot quantitativ a qualitativ méi en detailléierten Abléck an d'Besoine vun de Servicer ze kréien an d'Demanden an d'Besoine gewuer ze ginn an net just déi, déi et herno an de Budget packen. Kuerz zeréck bei d'Infrastruktur.

Hei ass et natierlech iergerlech, dass dat mat der Tribün um Nosbaum net geklappt huet ewéi geplangt. D'nächst Joer si budgetiséiert de Vestiär, d'Buvette an d'Tribün an dat Ganzt wärend dem Spillbetrib. Hei wier meng Fro, wëssend wéi opwenneg d'Prozedur ass fir un der Tribün ze schaffen, ob mam Club gekuckt ginn ass, ob et net awer méi sënnvoll a bëlleg wier dann alles beieneen ze maachen, den Accès vu vir op d'Tribün ze hunn a vun där Geleeënheet ze profitéieren, de Wues vum gespuerte Geld nei ze maachen. Sinn d'Devisen nach emol nei gerechent ginn a sinn zu deem Moment nach emol all d'Optioune mam Club duerchgaange ginn? Dass Aarbechte machbar sinn, och wann Terrain



gebraucht gëtt. Dat gutt Beispill hu mir grad um Kennedy. Ma wa bis op allen Ecke vum Terrain geschafft gëtt, stelle mir eis dat scho speziell fir, fir d'Sportler, de Stuff a fir d'Spectateuren. Zum Schluss vu menger Ried wéilt ech, wéi d'lescht Joer, dann och nach emol e Bilan zéien zum Ëmgang mat eiser politescher Aarbecht heibannen.
Den Interrail hat ech schonn ugeschwat.

D'Participatioun un der LUGA mat de Jardins éphémères ass och e Paradebeispill vun enger Fuerderung, déi mir haten, anscheinend net gebraucht awer schonn an der Ëmsetzung, wou mir dann awer feststellen, dass bis op d'Leit aus der Gemengebubble et kaum ee matkritt huet. Cargobikes, wou et geheescht huet, mir hätte weeder Visiounen nach eegen Iddien, esou stelle mir no dësem Joer fest, dass et net verkéiert wier bei verschiddene Saache vun Ärem héije Ross erofzekommen, eis Iddien eescht ze huelen, opzegräifen a se, Hashtag, zesumme mat eis ze maache wat de Leit och eppes bréngt an net just Ärem Bilan herno am Blietchen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Steffen. Déi nächst Riedner, elo gi mer eriwwer mol eng Kéier op d'Majoritéit.

FABIENNE DIMMER (CSV): Merci, Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Hären, Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot. Bon, och vu mir da vun Ufank e grousse Merci un den Här Poull a säi ganze Service. De Budget ass wéi ëmmer eng Sammlung vun Zuelen. Hie weist, wien a wat eis als Gemeng wichteg ass. Fir eis ass kloer, Diddeleng ass eng Stad, déi lieft, déi zesummenhält, déi keen zeréckléisst a sech un d'Realitéite vun de Mënschen upasst. De Budget 2026 ass keen technescht Dokument. Et ass eng Ausso doriwwer, wéi mir Diddeleng gesinn, als eng Stad, déi hir Leit an den Zentrum stellt, déi Solidaritéit lieft an déi sech net vu Krisen oder Spuerlogicken ënnerkréie léisst. Wat net einfach ass an dëser haiteger Zäit. Solidaritéit ass grad an dëser Zäit eppes, wou een d'Gefill huet, dass et ëmmer méi vergiess gëtt.

D'Gläichberechtegung däerf keen eidele Begrëff sinn. Si muss sech am Alldag konkreet weisen, an eiser Verwaltung, an eiser Kommunikatioun, an eise Servicer an och an der Notzung vum ëffentleche Raum. De Budget gesäit vir, Projete weiderhin ze stäerken, déi Fraen, LGBTQIA Plus Persounen, Kanner oder vulnerabel Gruppe besser schützen an ënnerstëtzen. Gläichberechtegung ass keng Optioun, mee eng Flicht, an dat gëllt fir jiddwereen. Et geet ëm Zougang zu Informatiounen, Preventioun vu Gewalt, mee och ëm Fair Chancen, onofhängeg vu Geschlecht, vun



der Hierkonft oder vum soziale Status. Eng sozial gerecht Stad ass eng Stad, wou jiddweree sech gesäit a respektéiert fënnt. De Budget 2026 erméiglecht weiderhin Investitiounen op Informatioun, Preventioun, Sensibilisatioun an inklusiv Kommunikatioun. Eng staark Gesellschaft ass eng, wou jiddweree seng Plaz huet, ouni Angscht an ouni Diskriminatioun. D'Realitéit weist eis all Dag, Wunnen ass fir vill Mënschen zu enger vun de gréisste Suerge ginn. Wunnen ass kee Luxus, mee e Grondrecht. An do setzt d'Gemeng Diddeleng weiderhin un. Duerch de weideren Ausbau vu soziale Logementer mat der GLS iwwerhëlt d'Diddeleng weiderhin d'Verantwortung fir déi Leit, déi um reguläre Marché keng Chance hunn. Dëst bitt net nëmmen en abordabele Loyer, mee och eng sozial Begleedung, Stabilitéit an eng realistesch Perspektiv. Dat ass preventiv Sozialpolitik. Dat ass Egalité des chances am Liewen an am Wunnen.

De Budget setzt och weiderhi bewosst op e staarken Office social fir Preventioun amplaz nëmme Reaktioun, fir Projeten, déi Mënsche vernetzen an net isoléieren. Mir wëssen, datt d'Liewe fir vill Leit deier, ongewëss an ustrengend ass. Duerfir ass et richteg an noutwendeg, dass de Budget 2026 Mëttel fir den Office social, de Logement social, déi sozial Begleedung an d'Solidaritéitsprojete weiderhin ënnerstëtzt. Eng Gemeng däerf net just verwalten, si muss och do sinn, wann d'Leit falen. Diddeleng setzt op déi richteg Prioritéit, net Spekulatioun, mee Mënschen. Net e Marché, dee selwer decidéiert, mee eng kollektiv Verantwortung fir eng Stad, déi liewenswäert ass fir jiddwereen.

Den ëffentlechen Transport ass weiderhi wichteg. Mam zukünftegen TICE iwwerhuele mir och weiderhin als Gemeng eis Zukunft eis Verantwortung. Diddeleng steet zu engem modernen, zougänglechen an zouverlässegen ëffentleche Verkéier. Mir investéieren do, wou et der Bevëlkerung e reelle Plus bréngt. Den TICE ass fir eis net just e Service, en ass Deel vun eiser sozialer Mobilitéitspolitik a mir bleiwe konsequent drun. Diddeleng ass eng Stad, wou ee gutt vun A op B kënnt, egal ob ee jonk oder al ass, ze Fouss, mam Vëlo oder mam Bus.

Mee eng lieweg Stad brauch och eng staark a lokal Wirtschaft. Mir wëssen, dass et ëmmer méi schwéier gëtt duerch den Onlineshopping. Kleng, mëttelstänneg Betriber, Butteker, Kaffien an d'Handwierk si wichteg fir d'Liewensqualitéit, d'Aarbechtsplazen, d'Identitéit an d'Zesummelieft vun enger Stad. Mat dësem Budget ënnerstëtze mir weiderhin d'Initiativen, déi lokal Geschäfter stäerken, eidele Raum nei beliewen an eng nohalteg regional Wirtschaft fërderen. D'sozial Verantwortung a wirtschaftlechen Erfolleg schléissen sech net aus. Am Géigendeel.

Dëse Budget steet fir eng Stad, déi weiderhi Verantwortung iwwerhëlt, sozial, ökologesch a wirtschaftlech. Et ass kee Budget vu grousse Spréng, mee vu Kontinuitéit. Eng Stad, déi net spuert op der falscher Plaz, mee geziilt investéiert a Mënschen. An Zäite vun Onsécherheeten ass et einfach ze bremsen. Dëse Budget investéiert weiderhin a Bildung, sozialem, Infrastruktur an Zesummeliewen. Net fir haut, mee fir muer. De Budget 2026 ass e Budget vu Solidaritéit a vum Respekt a vum Fortschrëtt. Aus dëse Grënn ënnerstëtze mir dëse Budget an droen e mat Iwwerzeegung. Ech soe Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Dimmer. An da géif ech erëm eriwwer goen op d'Oppositioun.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot, als Éischt wollt ech dem Schäfferot Merci soen, dass se d'lescht Joer op eis gelauschtert hunn an op eis Demande agaange sinn, fir d'Dauer vun der Budgetspresentatioun ze kierzen. Dat Ganzt huet dëst Joer just annerhallef Stonn gedauert. An dat war hallef esou laang wéi 2024, wou mer hei wärend dräi Stonnen hu misse ganz fläisseg mat notéieren. Well fir déi Leit dobaussen, déi vläicht net wësse wéi et leeft- mir kréie wuel de Budget geschéckt, dat ass dann esou ee Brocke vun 250 Säite voll mat Zuelen. Et ass och eng Finanzkommissioun am Virfeld, an där e puer technesch Froe kënne gekläert ginn. Mee déi politesch Ausriichtung vum Budget mat de Prioritéite vum Schäfferot, déi héiere mer nëmmen eemol. Et gëtt keng schrëftlech Presentatioun an de Video mat der Opnam vum leschte Gemengerot, deen ass nach net online. Doweinst si mer frou, dass de Schäfferot sech dëst Joer op dat Weesentlecht beschränkt huet. Och well duerno jo och nach e puer Stonnen ordinäre Programm um Ordre du jour stoungen.

Ech géif dann och, wéi all Joer, mat e puer allgemengen Iwwerleeungen zum Budget ufänken. Dir wësst, dass déi Lénk grondsätzlech eng antizyklesch Finanzpolitik ënnerstëtzt. Et ass richteg, grad a méi schwieregen Zäiten d'Invester héichzehalen. Dat steet jo och souguer an der Circulaire vum Inneministère. D'Gemeng Diddeleng ka sech dat jo och nach leeschten. Eis finanziell Situatioun ass net dramatesch. Och wa mer natierlech gesinn, dass et esou lues e bësse méi enk gëtt. De Schäfferot ass jo och op de Wee vu punktuellen Aspuerunge gaangen. Den Eat-Beat-Culture, deen ewechfält. De Sweet Event, deen ëmmerhin en Tick méi bëlleg gëtt. An och den Usina, deen e bësse gekierzt gëtt, fir just déi ze nennen.

Mir gesi virun allem, dass d'Verscholdung vun der Gemeng ëmmer weider wiisst. Mir leien elo déi éischte Kéier bei Annuitéite vun iwwer 5% par rapport zu den ordinäre Recetten. Dat ass net dramatesch. Et ass awer och net immens, vu dass eise Budget ordinär souwisou scho relativ knapp ass. Et gouf erkläert, mir bréichten déi Emprunte virun allem fir eis Liquiditéit ze halen. Et gëtt jo och allgemeng just dat un Emprunte gezunn, wat gebraucht gëtt, a sou spéit wéi méiglech. Wat een ëmmer nees héiert, dat ass, dass et relativ schwiereg ass eng Previsibilitéit ze kréien, well

d'Subside vum Staat zwar versprach sinn, mee net erbäi kommen. Wann d'Gemeng mat deene Subside rechent an dann a Liquiditéitsschwieregkeete kënnt, well d'Suen net ausbezuelt ginn, dann dierft dat jo och net am Interêt vum Staat sinn. De Syvicol huet dee Sujet jo anscheinend och schonn opgegraff. Dowéinst géif et eis interesséieren, ob et do scho Gespréicher gouf tëschent de Gemengen an dem Staat an ob et do vläicht fir d'Zukunft Hoffnung op Besserung gëtt. Trotzdeem ass et fir eis awer schwiereg nozevollzéien, dass mer sollen an der Moyenne all Joer en Emprunt vun 20 Milliounen Euro brauchen, just well d'Subside vum Ministère net erbäi kommen.

Iergendeppes schéngt eis hei awer och net ganz logesch. Ech hunn och e bësse lénks a rieds gekuckt bei deene Gemengen, déi änlech grouss si wéi Diddeleng. Déifferdeng huet eng änlech héich Schold wéi mir, just mat vill méi héijen Annuitéiten. Si investéieren awer och bal duebel sou vill wéi mir. Op där anerer Säit ass Suessem, déi säit dräi Joer keen Emprunt méi hu missen ophuelen an och vill manner Schold hu wéi mir an awer bal d'selwecht vill investéieren. Mir sinn deemno iergendwou am Mëttelfeld weeder besonnesch gutt nach och elo dramatesch lescht. Par contre ass eise Budget ordinaire awer wierklech speziell. Suessem huet e Boni vu 15 Milliounen Euro, Déifferdeng vun iwwer 21 Milliounen Euro. Mir si mëttlerweil bei ënner 5 Milliounen Euro. Ech hat dee Punkt schonn d'lescht Joer opgeworf an do war d'Äntwert, mir hätte wéineg Industrie an doduerch ganz niddreg Recetten duerch den Impôt commercial. Ganz esou einfach ass et awer net. Well déi zwou Gemengen, mat deenen ech eise Budget elo verglach hunn, déi hu 400.000 bis 600.000 Euro méi Recetten am Impôt commercial. Dat ass e bëssen eppes, deen Ënnerscheed ass awer dann och net enorm.

De Service ordinaire schéngt einfach eise schwaache Punkt ze sinn, wou mer riskéieren iergendwann an en Däiwelskrees ze geroden, wa mer all Joer mussen en Emprunt zéien, fir eis Liquiditéit ze behalen. Wann d'Subsiden, déi net erbäi kommen, wierklech de Problem sinn, dann ass do awer vläicht och de Staat an der Responsabilitéit. De Staat ass awer och an deem Sënn an der Responsabilitéit, dass en dee gréisste Geldgeber fir d'Gemengen ass. Aleng de Fonds de dotation globale mécht quasi zwee Drëttel vun eisen ordinäre Recetten aus. Elo wësse mer, dass déi wirtschaftlech Situatioun nach ëmmer schwéier previsibel ass, mee och, dass de Staat selwer an Zukunft op vill Geld verzicht. Nieft deenen onzielege Steierkaddoe fir Betriber soll jo elo och eng grouss Steierreform kommen, bei där keen eppes soll verléieren, och net déi, déi sech eigentlech dat ganz gutt kéinte leeschten. Do stellt sech dann awer och fir eis d'Fro, ob net indirekt d'Gemengen doduerch wäerte verléieren, well jo da manner Suen am Fonds de dotation wäerte sinn. Laut Circulaire soll dësen zwar och iwwert déi nächst Jore liicht weider klammen, mee just ëm 5%, hoffe mer also, dass dat dann och wäert esou sinn an dass déi Rechnung fir eis Gemeng wäert opgoen.

Mee eent ass fir eis Lénk ganz kloer. Och wa mer soen, dass mer missten de Budget an den Ordinaire am A behalen, heescht dat net, dass mer solle beim Personal spueren. D'LSAP war bestëmmt elo schonn amgaangen e Post fir Social Media ze preparéieren, dee kënnt Dir dann erëm läschen. E staarke Service public brauch gutt ausgebilte Personal, dat ënner gudde Konditioune schaffe kann. Wann de Schäfferot e Budget vun der Proximitéit presentéiert, da si mir ganz averstanen, dass déi ëffentlech Servicer sollen no beim Bierger an accessibel sinn. D'Masse salariale bedréit hei zu Diddeleng netto knapp 41,6%, dat ass an eisen Aen absolut akzeptabel. Mir sinn deemno net der Meenung, dass mer ze vill Personal hätten. A wa mer eis an de leschte Méint a Jore bei der Schafung vun neie Posten enthalen hunn, da war et eleng, well mer den Argumentaire vum Schäfferot net novollzéie konnten, fir en Employésposten ze schafen amplaz vun engem Fonctionnairesposten. Mir bleiwen och weiderhin op der Pist, dass sou wäit wéi méiglech solle Fonctionnairen agestallt ginn, zum enge fir de Statut ze schützen oder net ze schwächen, zum aneren awer och fir de Pensiounsfong viabel ze halen, well Dir wësst, dass elo schonn d'Gemenge mussen déif an d'Täsch gräifen, fir dësen ze finanzéieren, well eeben net genuch aktiv Fonctionnairen abezuelen.

Mir hätten allerdéngs do an deem Kader eng technesch Fro, déi ass leider eréischt gëschter Owend spéit opkomm, soss hätt ech se nach an engem anere Kader gestallt, wou ech d'Budgete vu verschiddene Gemenge verglach hunn. An zwar, mir hunn néierens e Poste fonnt, deen d'Recettë vun der Mutualité des Employeurs bei Krankeschäiner vun eise Salariéen opschlësselt. Gëtt et dee bei eis net? Well mir hu jo awer och Salariéen an déi si jo warscheinlech heiansdo krank. Dat war awer elo just eng Klammer.

Mir mengen allerdéngs, dass et och an der Astellungspolitik eng Strategie brauch. All Servicer vun der Gemeng musse gutt besat ginn a funktionéieren, mee genau wéi bei den Investissementer stellt sech awer d'Fro wou d'Prioritéite vun dësem Schäfferot leien. Wéi ee Service soll prioritär wuessen? Wou brauche mer onbedéngt neit Personal? A wou si mer fir déi nächst Jore gutt opgestallt? An deem Sënn widderhuele mer dann och eis Demande vum leschte Joer fir en- ech nennen et elo Aarbechtsgrupp Personal ze grënnen- deen zumindest eemol am Joer zesumme kënnt, zesumme mat de Personaldelegatiounen, fir iwwert d'Besoinen ze schwätzen. Et gouf viru Jore jo och emol en Audit zum Theema gemaach, deen ass och elo schonn ugeschwat ginn, deen do dann och nach eng Kéier kéint virgestallt ginn. Esou wier dann och de Gemengerot um Courant, wéi eng Servicer an den nächste Jore mussen opgestockt ginn a wéi d'Evolutioun vum Personal anzeschätzen ass.

Dass de Budget e bësse knapp ass an de Schäfferot méi virsiichteg gëtt, dat mierke mer awer och beim Service Extraordinaire. Den Undeel un neie Projete geet hei nämlech ëmmer weider erof. 2025 ware mer bei 22%, dëst Joer bei 15% a fir d'nächst Joer si just nach 7% vun den Investissementer an nei Projeten. Mir fannen et positiv, dass elo mol gekuckt gëtt, lafend Projeten ofzeschaffen, virun allem well et jo mëttlerweil zu engem Hobby vun dësem Gemengerot gouf, Devis-remaniéen ze stëmmen, well d'Käschten explodéiert sinn, an och well jo nach deen een oder anere gréisseren Invest an der Pipeline steet. Ech denken do virun allem elo mol un déi zukünfteg Schoul op Neischmelz, d'Fohrmannsplaz, fir just déi ze nennen. De Schäfferot soll

awer och net ze vill op d'Brems trëppelen, soss sti mer geschwënn op der Plaz. Ech wäert herno nach eng Kéier drop zeréckkommen, wou mer eis méi konsequent Invester géife virstellen a wënschen.

Wat eis awer och opgefall ass, dat ass, dass d'Majoritéit sech zwar ëmmer vill virhëlt, mee et dann awer net hikritt, dat och alles ëmzesetzen. Heiansdo ass dat natierlech net an der Muecht vun der Gemeng, wéi zum Beispill de Projet an der Butschebuerger Strooss. Mee mir hunn awer festgestallt, dass mer e Report op den Initial 2026 vun 13 Milliounen Euro hunn an elo de Moment och schonn eng Millioun Euro, déi op 2027 reportéiert ass. Dat ass dann awer e Véierel vun den Investissementer, déi mer budgetiséiert haten, fir 2025, an déi do net realiséiert goufen. Och dat erschwéiert dann awer d'Previsibilitéit. Do géif eis interesséiere wourun dat läit, dass esou vill muss reportéiert ginn. Wéi gesot, heiansdo sinn et extern Facteuren, dass zum Beispill eng Permissioun feelt. Mee dat kann een awer och net ëmmer als Grond ugesinn. Ass et, dass eist Personal net ëmmer nokënnt? Mir hunn immens vill Projeten a just eng begrenzt Unzuel u Personal, ech ka mer virstellen, dass et do heiansdo stresseg gëtt. Falls deem sou ass, da misst hei zum Beispill opgestockt ginn. Oder ginn d'Projeten aus finanzielle Grënn reportéiert, well am Laf vum Joer gemierkt gëtt, dass et net méi opgeet. Och dat wier wichteg ze wëssen, well dat géif jo da riskéiere sech ëmmer weider opzestauen.

Op alle Fall ass iergendwou e Problem, well wa mer d'Depenses extraordinaires tëschent dem Initial an dem Rectifié vun 2025 vergläichen, da komme mer op eng Differenz vun nëmme 5%, obwuel 25% reportéiert goufen. Mir hunn also op där enger Säit Projeten, wou mer hannendru lafen, an op där anerer Säit en Depassement vu ville Käschten. Am Récapitulatif mécht dat gutt, well da leien den Initial an de Rectifié no beieneen an et gesäit aus, wéi wann alles propper géif opgoen. Mee wann all Projet, dee geplangt war, och ëmgesat gi wier, dann hätte mer en Depassement vu 17,5% am Extraordinär an da wier eise komplette Boni définitif opgebraucht. Ënner der Konditioun, dass déi Projeten net och nach méi deier gi wieren, wéi virgesinn. Méi Previsibilitéit kéint een an eisen Ae schafen, andeem ee Servicer géif selwer ubidden, amplaz se auszelageren. Dës Majoritéit huet allerdéngs eng Tendenz, fir Aarbechten a Servicer ze privatiséieren an et ass net fir d'éischte Kéier, dass mir als déi Lénk dat op dëser Plaz kritiséieren. Et ass schonn e bësse méi laang hier, dass d'Plaz Am Duerf deels privatiséiert gouf. Also d'Plaz ass zwar ëffentlech, mee d'Wunnenge sinn et net, obwuel den Terrain initialement awer an der Hand vun der Gemeng war. Mir hunn dat deemools scho kritiséiert, well wann d'Gemeng Bauhär gewiescht wär, dann hätte mer elo vill méi e grousse Parc locatif.

Wat mer deemools awer och kritiséiert hunn, an et wonnert mech e bëssen, dass dat elo nach guer net ugeschwat ginn ass vu menge Kolleegen aus der Oppositioun, dat war, dass de Parking souterrain zwar der Gemeng gehéiert, mee dass eng privat Entreprise dëse soll exploitéieren. Eisen deemolege Vertrieder am Gemengerot, de Jos Thill, deen hat deemools souguer drop opmierksam gemaach, dass Feeler géifen an der Konventioun stoen an trotzdeem huet jiddereen, ausser déi Lénk, dofir gestëmmt. Mir hunn deemools kritiséiert, dass d'Gemeng sech verflicht huet, engem Betrib e gewëssent d'Akommes ze garantéieren. Dat heescht, wann de Parking net genuch genotzt gëtt, da bezuele mir der Entreprise d'Differenz. Dëst Joer sinn dat alt nees ronn 17.500 Euro.

An der Finanzkommissioun war eng gréisser Diskussioun iwwert dëse Punkt, wou sech anscheinend net méi jiddereen drun erënnere konnt, dass et dës Konventioun gëtt. Aus deem Grond, a well jo och eng Rei nei Leit mëttlerweil am Gemengerot sinn, wollt ech froen ob dës Konventioun nach eng Kéier un all d'Membere vum Gemengerot kéint geschéckt ginn, wannechgelift, am beschten zesumme mat deem leschten Dekont vun der Exploitatioun. Dat misst dann dee vun 2024 sinn. Déi Informatioune wiere wichteg ze hunn, virun allem well jo eng nei Konventioun soll fir 2027 negociéiert ginn an déi jo dann och eng Kéier misst an de Gemengerot kommen. Ausser de Schäfferot géif op de Wee goen, dee mir géife virschloen, an zwar d'Exploitatioun vum Parking selwer geréieren. Dat wier da vläicht e bësse méi Opwand, mee et hätt awer de Virdeel, dass d'Gemeng nees selwer d'Kontroll driwwer hätt wéi de Parking geréiert gëtt. Mir kéinten decidéieren, wéini d'Toiletten accessibel sinn. Mir kéinten endlech elektresch Bornen an de Parking installéieren, wat scho laang iwwerfälleg ass. A virun allem misste mer net de Benefiss vun engem private Betrib finanzéieren.

Privatiséiert gouf awer och viru Kuerzem de Busservice zu Diddeleng. Dir kennt eis Positioun zum TICE, ech wäert net méi am Detail drop agoen, mee et ass eeben och e weidert Puzzlestéck. Grosso modo, wa mer de Citybus an den TICE zesummerechnen, da spuert d'Diddelenger Gemeng duerch d'Privatiséiere vum Citybus iwwer 25% vun den ordinäre Käschten. Gutt fir eis Finanzen, schlecht fir d'Buschaufferen a fir déi Leit, déi soss ëmmer vum Nuetsbus profitéiert hunn, well dee gouf jo och ersatzlos gestrach. Mee déi nei Bussen, déi wäerten awer eng schéi Faarf kréien. Vläicht knallgiel, passend zur leschter Nationbranding -Campagne vun der Gemeng. Op Rhodos, Porto oder Bari wäerte se trotzdeem net fueren. An och wann d'Marketingfraise fir den ëffentlechen Transport verduebelt ginn, wäert all positiv Reklamm net dovun oflenken, dass mer och hei nees Zeie goufe vun enger Privatiséierung, vun engem gutt funktionéierenden ëffentleche Service aus finanzielle Grënn.

Och näischt Neies ass eis Kritik dorun, dass sou vill Servicer op der Schmelz privatiséiert sinn. An engem Gebai, dat zu 100% an ëffentlecher Hand ass, schafft eng privat Sécherheetsfirma, eng aner privat Firma geréiert d'Receptioun an den Accueil, eng Drëtt këmmert sech ëm de Facility Management an eng Véiert ass responsabel fir d'Botzpersonal. Et ass fir eis net nozevollzéie firwat déi Servicer, virun allem den Accueil, d'Receptioun an d'Botzen net kënne vun der Gemeng ugebuede ginn an dann dem Kulturministère duerno facturéiert ginn. Dat schéngt eis méi einfach ze geréiere wéi tëschent der Gemeng an dem Ministère véier verschidde Soumissioune lafen ze hunn, déi een zesumme muss organiséieren, auswäerten a esou weider.

Ech hu schonn hei iwwert d'Aarbechtskonditioune bei private Botzentreprisë geschwat. De LISER an den LIH hu fir e kuerzem eng Etüd dozou gemaach an do huet sech alt erëm gewisen, wéi katastrophal d'Situatioun vun deene Betraffenen ass. D'Gemeng ass majoritär an deem Gebai, zu zwee Drëttel, an eis géif interesséieren ob, nodeem ech dat dëst Joer schonn zweemol am Gemengerot monéiert hat, zumindest eng kuerz Iwwerleeung gefouert gouf iwwert d'Méiglechkeet, dës Aarbechten an Zukunft selwer als ëffentlech Hand auszeféieren, éier am September alt nees eng nei Ausschreiwung fir déi nächst zwee bis dräi Jore lancéiert gouf. Warscheinlech net, schued, dass mer op deem Punkt bei der LSAP op daf Ouere stoussen.

Sou, no där ganzer negativer Kritik wollt ech elo zur Ofwiesslung e puer Punkten erausfëschen, déi eis gutt gefalen. Wa mer eppes gutt fannen, dann hu mer kee Problem dat ze soen, ganz am Sënn vun enger konstruktiver Oppositiounspolitik. Dir wësst, dass mir ënnerstëtzen, dass d'Invester an eis Schoulen a Structures d'accueil héichgehale ginn. Dat ass e konsequenten Invest, mee et ass en Invest an eis Zukunft an deen deele mer selbstverständlech. Mir sinn dann och frou, dass elo endlech de Schoulhaff am Brill um Ordre du jour steet. Dat ass dee leschten, dee wierklech net immens agreabel ass. Ech sinn och virun 30 Joer selwer do an d'Schoul gaangen. Säitdeem ass zwar eng Spillplaz bäikomm, mee mir sinn eis mengen ech all eens, dass e Reamenagement hei net vu Muttwëll ass. Ech verstoppen awer net, dass mer trotzdeem e bëssen iwwerrascht sinn, dass am Budget eng Zomm vu 400.000 Euro eleng fir d'Etüd virgesinn ass. Dat kënnt eis awer e bësse vill vir. Just fir eng Etüd zu engem Schoulhaff. D'Etüd fir de Butschebuerger Schoulhaff war knapp e Véierels dovun. Kënnt Dir eis do vläicht e puer Zousazerklärunge ginn, wat do all alles virgesinn ass?

D'Subside fir d'Veräiner, déi klammen ëm ronn 40%, och dat freet eis. Et war jo scho länger d'Demande fir dat Reglement eng Kéier zesummen op de Leescht ze huelen. An dëst Joer gouf dann en Aarbechtsgrupp zesummegestallt, an deem och all Partei konnt hir Iddien erabréngen. Dat neit Reglement steet elo nach net zu 100%, mee ech mengen, kann ee soen, dass et wäert e Kompromëss sinn. Mir haten zum Deel ganz ënnerschiddlech Virstellungen. Als Lénk hätte mir eis gewënscht, dass vläicht nach méi spezifesch kann op d'Besoine vun de Veräiner agaange ginn. Mee nichtsdestotrotz si mer awer frou, dass mer eis zumindest konnten drop eenegen, dass d'Subside mussen erhéicht ginn, well jo och d'Käschten an den Opwand an de leschte Jore fir vill Veräiner an d'Luucht gaange sinn. Eng zukünfteg Participatioun um Qualité Plus gouf och an Aussiicht gestallt. A mir hoffen dann, dat am Budget 2027 erëmzefannen.

Mir ënnerstëtzen och ausdrécklech d'Kooperatioun mat der Uni fir d'Chaire migratoire. Den Här Buergermeeschter huet déi lescht Woch ugekënnegt, dass am Laf vum Joer 2026 wäerten Evenementer am Kader vun de wëssenschaftleche Publikatioune vun dëser Chaire stattfannen. An do si mer da ganz gespaant drop. De Centre de documentation des migrations humaines ass jo och amgaangen, sech nei opzestellen an nees méi aktiv ze ginn, wat eis wierklech freet, well d'Migratiounsgeschicht zu Diddeleng derwäert ass erzielt ze ginn. Viru knapp zwee Méint war ech - leider als eenzeg Vertriederin vum Gemengerot - op engem Evenement vun der italieenescher Kierchegemeinschaft, déi viru bal 20 Joer der Gemeng d'Monument Porte d'Italie geschenkt huet, dat ursprénglech der italieenescher Migratioun gewidmet war, mee mëttlerweil d'Migratioun an d'Migranten allgemeng soll honoréieren.

Dir kënnt Iech elo denken, dass ech allgemeng net dat sinn, dat a ville Kierchegemeinschaften zirkuléiert. Mee et war wierklech en immens flotten Echange, deen alt erëm gewisen huet, wéi räich eis Stad u kultureller Vilfalt ass. Grad an Zäiten, an deene rietsextrem Tendenzen ëmmer méi staark ginn a wou konservativ Kräften oft Schwieregkeeten hunn hire Kompass riicht ze halen, begréisse mer, dass d'Gemeng Diddeleng hiren Deel dozou bäidréit, dass déi Diversitéit héichgehale gëtt an dass d'Geschicht vun der Migratioun och wëssenschaftlech opgeschafft gëtt. Genau esou begeeschtert wéi bei der Chaire migratoire ware mer, wéi am Summer lescht Joer d'Konventioun mam LISER gestëmmt gouf, fir en Observatoire social ze grënnen. Fir eng geziilte Sozialpolitik ze maachen, ass et an eisen Aen noutwendeg, Informatiounen iwwert déi sozioekonomesch Situatioun zu Diddeleng ze hunn. De Rapport d'activités vum Office social, dee mer all Joer virgestallt kréien, gëtt schonn e gudden Iwwerbléck an do gesi mer, dass och bei eis an der Gemeng ëmmer méi Leit Schwieregkeeten hu fir iwwert d'Ronnen ze kommen. Fir eng éischte Kéier sinn am Joer 2024 iwwer 10% vun de Menagë bei den Office social gaangen.

Elo géif eis awer interesséieren, wou deen Observatoire social drun ass. Mir hunn am Juli 2024 eng Konventioun mam LISER gestëmmt, déi sollt iwwert ee Joer bis Mäerz 2025 lafen. De Budget vu ronn 180.000 Euro, TTC, ass iwwert d'Joren 2024 an 2025 och opgebraucht ginn. Säitdeem hu mer awer näischt méi héieren an deem Dossier. Et war emol gesot ginn, d'Resultater kéinten engem technesche Gemengerot oder der Kommissioun vun den Actions sociales virgestallt ginn. Fir 2026 sinn elo nees 90.000 Euro budgetiséiert. Do steet, d'Konventioun géif iwwer zwee Joer lafen. Mee ausser ech hätt wierklech eppes Grousses verpasst, ass de Gemengerot dovunner net um Courant.
Kënnt Dir eis hei, wannechgelift, weider Erklärunge ginn, wou dee Projet drun ass, wat de weidere Planning ass a wéini de Gemengerot éischt d'Resultater ze gesi kritt?

Wa mer bei der Sozialpolitik sinn, da wëll ech och dem Schäfferot felicitéieren, fir d'Initiativ, de Kanner aus Menagen, déi d'Allocation de vie chère kréien, och ze erméiglechen, a Sportsveräiner deelzehuelen, andeems se eng Ënnerstëtzung dofir kréien, nieft deem wat d'Gemeng jo och scho bei der Allocation de vie chère bäileet. D'Memberskaarte ginn effektiv ëmmer méi deier, och ech kennen d'Diskussioun aus de Veräiner, et wëll ee jidderengem erméiglecheeche matzemaachen, mee och d'Finanze vun de Veräiner si knapp, si hu vill Ausgaben a kommen heiansdo net derlaanscht, hir Cotisatiounen ze erhéijen. Doweinst begréisse mer dës Initiativ, déi souwuel eng Ënnerstëtzung fir d'Kanner an hir Famillje bedeit wéi och indirekt fir d'Veräiner.

D'Fro op déi liicht Hausse vun 3% am Budget fir d'Bäilag zur Allocation de vie chère geet, déi hate mer eis allerdéngs och gestallt. Sou, wa mer bei deene Familljе sinn, déi net esou vill hunn, da kommen ech natierlech net laanscht ee Sujet. De Politmonitor virun zwee Deeg huet nach eng Kéier gewisen, dee gréisste Problem am Land ass de Logement. Virun allem am Süden, wou sech 74% vun de Leit doriwwer de Kapp zerbriechen. Virun allem Jonk Erwuessener maache sech Suergen a mir wëssen, dass jonk Familljen a Familles monoparentales et am allerschwéiersten hunn. Mir hunn och am Rapport d'activités vum Office Sociale gesinn, dass d'Deguerpissementen zu Diddeleng krass geklomme sinn, wou also Leit einfach virum Näischt stinn. Dat sinn iwwregens och Käschte fir d'Gemeng, just als Klammer, well mir do och eng legal Obligatioun hu fir Saachen iwwer dräi Méint ze stockéieren, guer net dovun ze schwätzen, dass d'Leit jo iergendwou musse logéiert ginn. D'Majoritéit, déi bretzt sech gär, si géing hir Responsabilitéit beim Logement abordable iwwerhuelen. Mir froen eis, wou se dat Selbstbewosstsinn hierhëlt.

Den Här Buergermeeschter huet Enn November am Gemengerot gesot, 114 Logementer wieren an ëffentlecher Hand. Dat kléngt gutt, ass awer just déi hallef Wourecht, well 53 vun deene Wunnenge sinn am Kader vun der Gestion locative sociale vum Office social geréiert. Dat ass e gudde Projet a mir si frou, dass et dee gëtt. Mee dat sinn awer nach ëmmer privat Wunnengen, wou mer frou sinn, wann d'Proprietäre se eisem Office social uvertrauen, déi vun der ëffentlecher Hand geréiert ginn. Mee déi sinn net an ëffentlecher Hand. Der Gemeng gehéieren de Moment 61 Logementer, 25 weiderer sinn elo oder deemnächst a Konstruktioun, da si mer bei 86. Da kommen nach déi eng oder aner am Kader vu PAPen dobäi, wou et elo direkt awer nach näischt ganz Konkreetes gëtt a wat warscheinlech nach wäert e puer Joer daueren. Den Undeel u Logements abordables zu Diddeleng läit de Moment - an do zielen ech déi 25 Logementer, déi nach net do sinn, scho mat- bei maximal, wa mer et gutt mengen, engem Prozent. 1%. Wann ee sech elo net vill mam Theema beschäftegt huet, da kann ee sech froen, ass dat elo vill, ass dat net vill. Ech hu mech dowéinst emol inspiréiert un enger grousser Partei am Land, déi viru Kuerzem eng Campagne zu grad deem Theema hat. An déi Partei huet gesot: „Et gëtt ee bessere Wee wéi aktuell. Vun 2% Logements abordables am Joer 2025 wëlle mir bis 2035 op 20% kommen". Net schlecht. Bannent zéng Joer vun 2% op 20% . Also, mäi grousse Respekt hutt Der fir deen Optimismus. Well hei zu Diddeleng hat Dir 80 Joer Zäit a mir si bei 1%.

Wann Dir selwer sot, 2% géif bei wäitem net duergoen, da kann ech net novollzéie wéi Dir kënnt behaapten, d'Majoritéit géif hir Responsabilitéit beim Logement abordable eescht huelen. Jo, et sinn elo e puer Projeten ënnerwee, mee dat ass näischt fir sech op d'Schëller ze klappen, well déi Joren a Joerzéngte virdrun ass näischt geschitt an deem Dossier. An dofir ass nun emol keen anere responsabel, well et hat keen aneren eppes ze soen hei, ausser d'LSAP.
An och wa mer eis elo de Budget ukucken, da kléngt et ganz gutt, 16% vun den Depenses ordinaires sinn ënner Logement et Équipement collectif verbucht a souguer 27% vun den Depenses extraordinaires. Dat ass dee gréissten Undeel un eisen Investissementer. Just, dass ënner „Équipement collectif" quasi alles fält: Parking, Stroossen, dee ganzen Déifbau, och eis Atelieren, wa mer just de Logement abordable kucken, da si mer bei 0,6% vun dem Ordinären a knapp 11% vun den extraordinäre Käschten. 11% ass okay, mee et ass an eisen Aen net genuch, wann ee bedenkt wéi grouss d'Logementskris ass. Déi 11 %, dat si ronn 6,7 Milliounen Euro. Mir reportéiere vun engem Budget op deen nächsten also duebel sou vill wéi mer an der Totalitéit iwwerhaapt an de Logement investéieren. An där Relatioun ass dat awer interessant.

Wat eis wierklech enttäuscht huet, dat ass, dass kee Budget virgesinn ass fir en neie Logementsprojet. Mir maachen elo just dat viru wat entaméiert ass, mee mir kucken net weider no vir. Ech stellen dowéinst d'Fro un de Schäfferot: Wat ass d'Strategie vun dëser Majoritéit? Wéi wëllt Dir bannent zéng Joer op 20% Logement abordable kommen? Op Ärem Site fuerdert Dir, et misst méi séier a méi bëlleg gebaut ginn. Mir géifen dat ënnerstëtzen. Mee ass dat dann eng Prioritéit vun dësem Schäfferot? Wa jo, da misste mer dat konsequent ugoen. Da missten eis technesch Servicer an eise Logementservice opgestockt ginn. Dat ass déi Politiséierung vun der Personalpolitik, déi ech ugangs ugeschwat hunn. An da misste mer eis eng Strategie ginn, fir un Terrain ze kommen. An enger leschter Bautekommissioun war eng Lëscht presentéiert ginn, mat méigleche Plazen, wou d'Gemeng kéint hiren Droit de préemption zéien. Et gouf eigentlech versprach, déi duerno un d'Kommissiounsmemberen ze verschécken, dat ass awer bis elo nach net geschitt. Dowéinst wollt ech froen, dass dat nach nogeholl gëtt, wannechgelift.

Ech ka mer virstellen, dass de Schäfferot eis herno wäert virgeheien, e kéint jo net méi investéieren, well de Budget schonn esou knapp wier. Dowéinst wëll ech nach eng Kéier drun erënneren, dass en Invest an abordabele Logement en Invest ass, dee sech quasi vum selwen dréit. Mäi Virgänger, de Jos Thill, hat Iech do schonn eng Kéier virgerechent, mir haten dofir extra en Excel-Sheet gebastelt. Dorunner mierkt een normalerweis, dass et seriö ass. Mee schonn deemools wollt Dir näischt dovun héieren an déi Presentatioun net mol an der Finanzkommissioun diskutéieren. Fir d'Schafe vun abordabelem Logement kritt d'Gemeng e Subsid vu maximal 75% . Ech betoune maximal, da muss den Här Buergermeeschter dat herno net maachen. Mee mir wësse jo awer elo aus Erfarung, dass mer ëmmer zimmlech no awer un deene 75% dru sinn. Eis Servicer wëssen, op wat se mussen oppassen. An ech mengen net, dass mer an der Lescht ee Projet hei haten, dee manner wéi 70% Subside krut. An da bleiwen also nach 25 bis 30% vun de Käschten iwwereg. Dat ass dann awer elo scho stemmbar. An da kréie mer jo e Loyer iwwert déi nächst Joren. Zwar e bezuelbare Loyer, e Loyer, deen ënner dem private Marché ass, mee awer eng reegelméisseg Recette, déi deen Invest jo dann och nees reduzéiert.

Och de Fonds de dotation globale gëtt méi grouss mat all bezuelbarer Wunneng, déi mer schafen. Souguer den Office social gëtt eis, der Gemeng Suen, fir dass déi, fir dass mir déi Sue kënnen an de Logement abordable investéieren. Wa mer méi aktiv un dëser Front ginn, da maache mer

eppes fir d'Leit, mir maachen eppes fir d'Wirtschaft an d'Handwierk a mir maache wierklech eppes fir déi sozial Kohäsioun, déi jo anscheinend d'Iwwerschrëft vun dësem Budget soll sinn. Ech kucke weider wat d'Strategie vun der grousser Partei ass, déi de Logementsmarché wëllt retten. Se wëllt d'Locatairë schützen. Wann ech dat richteg verstanen hunn, d'lescht Woch an der Presentatioun, dann ass eis Loyerskommissioun säit de leschte Walen nach net eng Kéier zesummekomm.

Vu dass ech nach keng Äntwert op meng Froe krut, profitéieren ech dann elo: Maache mer genuch fir d'Locatairen iwwer hir Rechter opzeklären? Misste mer net do eng Campagne virgesinn, fir d'Leit ze informéieren, dass et e maximale Loyer gëtt, an dass si sech kënnen un d'Kommissioun wenden, wa se mengen, se géifen ze vill bezuelen? „Wunnen ass e Grondrecht, Schluss mat der Immobiliëspekulatioun". Dat soen dës Kéier net ech, ech liesen hei weider, wat déi Partei mat den 20% bis 2035 seet: „Spekulatioun um Bauland stoppen an eng Steier op eidel Wunnengen aféieren". Wou ass déi Iwwerzeegung nëmme wann d'Partei dann d'Soen huet? Wéi oft hu mir als déi Lénk heibanne scho gefuerdert, dass d'Gemeng endlech eppes ënnerhëlt fir d'Spekulatioun um Logementsmarché ze bekämpfen? Wéi oft hu mir eng Mobiliséierungssteier an eng Tax op eidele Wunnenge gefrot? All Kéier kréie mer d'Äntwert, dat misst national ugaange ginn. Mee wann dat awer net geschitt, wat maache mer dann? Ech ka mer net virstellen, dass Dir wierklech der Meenung sidd, dass dës aktuell Regierung sech mat de Promoteuren a Grossgrondbesëtzer wäert uleeën an eng Besteierung aféieren, déi wierklech wäert gräifen. Dat gleeft jo kee Mënsch. A mat „kee Mënsch" mengen ech de Schäfferot zu Esch an deem Parteikolleege vum Premier a vum Logementsminister vertruede sinn. Déi gleewen net drun, dass national eppes geschitt. Doweinst reforméieren déi hir Taxe op eidel stoende Wunnengen a wäerte se ab nächstem Joer och endlech applizéieren. Just d'LSAP Diddeleng, déi waart tapfer a loyal op d'Regierung. A wärend deem beräichere sech d'Groussgrondbesëtzer zu Diddeleng weider op Käschte vun der Allgemengheet.

Wat eis dës Kéier bei der Analys vum Budget wierklech an d'Ae gesprongen ass, dat sinn déi onzäleg Etüden, déi virgesi sinn. Dat ass och schonn ugeschwat ginn haut. Aleng am extraordinäre Service hu mer bal 6 Milliounen Euro un Etüde budgetiséiert. Mir versti jo, dass wann een eng nei Schoul baue wëll, do mussen am Viraus Etüde gemaach ginn. D'Beispill Baltzeng huet och ganz gutt gewisen, dass esou Etüden opwenneg sinn an et ka vill a laang hin- an hiergoen. An dat kascht nu mol eppes. Dat stelle mir net a Fro. Méi Schwieregkeeten hu mer scho fir de Budget vum Briller Schoulhaff nozevollzéien. Do war ech jo schonn drop agaangen. Mee dann, 180.000 Euro fir eng Etüd zur Plaz vun der Bierenger Kiermes. 150.000 Euro fir d'Place Gymnich. 700.000 Euro Etüd fir Infrastrukturaarbechten an der Foxenhiel. Do kënnt awer elo relativ vill zesummen. D'Plaz vun der Bierenger Kiermes ass eng Plaz, wou d'Bierenger Kiermes stattfënnt. Dir kënnt se frësch maachen, dir kënnt se verschéineren. Mee wat fir eng Etüd kascht do 180.000 Euro? Wann 10% vun eisen Invester an Etüde fléissen, da musse mer eis iergendwa froen, ob dëse Schäfferot sech ëmmer dräifach ofséchert, éier hien sech traut eng Decisioun ze huelen. An ech hunn elo just déi Etüden opgezielt, déi am extraordinäre Service budgetiséiert sinn. Am Ordinäre sinn der och nach ze fannen.

Wier et méiglech, dem Gemengerot eng Oplëschtung zoukommen ze loossen? Wéi eng Etüden all de Moment lafen a wat do alles analyséiert a geplangt gëtt, wannechgelift? Am Kontext vun den Etüde waarde mer jo dann och nach op eng Äntwert vum Schäfferot op Froen, déi mer virun zwou Woche gestallt hunn. Mir si gespaant wéi oft mer de sougenannte „klassesche Wee" gaange sinn. Ech wëll elo net méi dozou soen, well ech, wéi gesot, d'Äntwerte vum Schäfferot ofwaarde wëll, déi Lénk loosse sech net op den Niveau vum politesche Géigner erof, mee mir schaffe fair a mir maache keng grondlos Virwërf. Ech wëll awer hei umierken, dass et net optional ass, sech u Gesetzer ze halen an dass de „klassesche Wee" de legale Wee ass. Oder zumindest misst sinn. Transparenz ass jo reegelméisseg e Bemol, dee mer als Oppositioun hei zesumme monéieren, an och dës Kéier komme mer net dolaanscht.

D'Déierenasyl, deem seng Käschte jo explodéiert sinn, stoung am PPF vun dësem Fréijoer nach ëmmer bei 5,8 Milliounen Euro. De Schäfferot wousst dee Moment scho ganz gutt, dass d'Käschten iwwer 40% méi héich waren. Et war jo de Bauindex an deen ass déi lescht Jore gewuess an net dëst Joer gewuess. En huet dat awer net ugepasst. Dat ass weeder am Sënn vun engem Plan pluriannuel financier, nach ganz transparent vis-à-vis vun engem Gemengerot, deen iwwert eppes debattéiert, wou am Fong scho kloer ass, dass dat net méi der Aktualitéit entsprécht. Bei den Tribüne vum Stade Nosbaum wësse mer jo och, dass d'Soumissioun huet missen ofgebrach ginn, well d'Präisser vill méi héich ware wéi virgesinn. Trotzdeem steet elo nach eng Kéier dee selwechte Montant am Budget wéi initial. Ech erënneren drun, dass ech jo beim Vott vum Devis Bedenke geäussert hunn, dass dee Präis net realistesch wier. Mir si verwonnert, dass de Schäfferot der Meenung ass, dës Kéier géif d'Rechnung dann awer opgoen.

Fir all déi an nach vill aner Froen ze klären, an net ëmmer mussen hei an der Ëffentlechkeet doriwwer ze streiden, froe mir alt erëm eng Kéier, méi oft eng Finanzkommissioun oder en technesche Gemengerot anzeberuffen. Dem Schäfferot seng Äntwert, d'Membere vum Gemengerot missten awer virun der Kommissioun informéiert sinn, ass vläicht gutt gemengt, mee net esou ganz bis zum Schluss geduecht. Zum enge gëtt et jo Kommissiounen, wou Saache virgestallt ginn, éier se an de Gemengerot kommen, d'Projeten aus der Verkéierskommissioun, d'Deliberatioun vun der Musekschoul zum Beispill, dat sinn elo déi éischt, déi mer afalen. Zum anere gouf de Budget selwer an der Finanzkommissioun presentéiert, éier en dem Gemengerot presentéiert gouf. Dofir ass d'Finanzkommissioun jo do. Wann Der et ganz transparent wëllt maachen, da maacht et wéi aner Gemengen an erlaabt de Membere vum Gemengerot den Zougang zu de Kommissiounen als stomme Beobachter, ouni Jeton natierlech.

Well beim Budget ass et nach méi geckeg. Net nëmmen d'Finanzkommissioun krut dee virum Gemengerot pre-



sentéiert, mee och déi grouss Fraktioun vun der LSAP. Do sëtzen einfach Membere vun der LSAP-Sektioun dran, déi net gewielt sinn. Déi kruten de Budget virgestallt, éier de Gemengerot e virgestallt krut. Elo sot Dir, de Gemengerot krut de Budget jo awer am Virfeld geschéckt. Richteg, da maacht dat och bei anere Projeten. Dann organiséiert reegelméisseg Finanzkommissiounen a schéckt d'Dokumentatioun pour information un de Gemengerot. Dann hu mer weiderhin d'Primat vum Gemengerot garantéiert. A gläichzäiteg hu mer endlech e bësse méi en Iwwerbléck an e bësse méi Transparenz geschaf.

Sou, ech kommen zum Schluss. Fir all déi, déi et net erroden hätten, déi Lénk wäert weeder de Budget rectifié fir 2025 nach den Initial vun 2026 matstëmmen. Et feelt eis un Transparenz. Et feelt eis u politeschem Courage, wat de Logement ugeet. An eng Rei Saache si fir eis einfach net nozevollzéien. Mir hunn aus Prinzip géint de Budget fir den Trounwiessel gestëmmt. A wa mer d'Méiglechkeet hätten, da géife mer géint d'Privatiséierung vum Citybus stëmmen, géint déi privat Botzfirmen opderschmelz an dogéint, dass d'Gemeng alt erëm 175.000 Euro muss opbréngen, fir d'Kierch ze renovéieren an ze ënnerhalen, wärend de Kierchefong eigentlech méi wéi genuch Moyenen hätt, fir dat selwer ze finanzéieren. Dat gesot, wëll ech ophale mat engem ganz grousse Merci un de Pascal Poull an u seng ganz Ekipp. Mir wësse wat dat dote fir eng Aarbecht ass a si sinn och ëmmer nach ganz flexibel fir eis technesch Froen ze beäntwerten. An e grousse Merci un all eis Servicer, déi eng exzellent Aarbecht leeschten. Villmools merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci der Madamm Thoma. Bei nächste Riedner bleiwe bei der Oppositioun.

MARC MEYER (DP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Beim Liese vun de Budgetspropositiounen, déi wéi ëmmer erëm ganz propper an detailléiert sinn, e grousse Merci dofir, si mir e puer Punkten opgefall, déi mir net nëmme ganz gutt gefall hunn, ma mir och zimmlech bekannt virkomm sinn. Sinn ech mir dach sécher, dass ech e schonn emol an eisem leschte Walprogramm begéint hunn. Ma et geet jo drëms, d'Diddeleng zesummen no vir ze bréngen an ech muss soen, et freet mech elo schonn, dass d'nächst Joer, respektiv an den nächste Jore mat der Ëmsetzung vun dëse Punkten ugefaange ka ginn. Besonnesch ervirhiewe wëll ech hei den Eltereforum, deen dann elo och endlech op Diddeleng komme soll, en Eltereforum, deen eng wichteg Ulafstell fir Elteren a Familljen ass an och hei zu Diddeleng sehnsüchteg erwaart gëtt.

D'Amenagement vun enger Bëschcrèche an der Waldschoul. Vill Eltere kafe bis an aner Gemengen, well si wëllen, dass hir Kanner e bësse méi a Kontakt mat der Natur kommen an och méi naturbewosst opwuessen. Wie weess, vläit gëtt et jo dann och geschwënn eng Bëschcrèche hei zu Diddeleng, emol kucken, wat d'Etüd erëm gëtt. Budget ass dann och erëm virgesi fir d'Installatioun vu Fotovoltaikpannoen, dëst bei Meyer-Terrain an och um Daach vum Centre Sportif Hartmann. Fotovoltaikpannoen an och soss all Weeër fir ëmweltfréndlech erneierbar Energie ze produzéieren, ass eng gutt Saach a gëtt och ganz staark vun der DP ënnerstëtzt. Weider Budget ass virgesinn, fir sozialen an abordabele Wunnraum ze schafen. Ech denken, mir brauchen hei net nach emol ze betounen, dass dëst an der aktueller Immobiliekris, an där mir eis befannen, nach méi wichteg ass wéi soss.

An de Sport, dee gëtt hei zu Diddeleng grouss geschriwwen. An dat ass och gutt esou. Sport ass wichteg fir Grouss a Kleng. Sport ass gutt fir d'Gesondheet an et léiert een do Kolleege fir d'Liewe kennen. Ma eis Sportsveräiner brauchen och déi néideg Infrastrukturen. Eng Saach, déi ech als fréiere Sportsmann an awer nach ëmmer Sportsbegeeschterte gären ënnerstëtzen, ob et sech heibäi ëm de Bau vun der laang erwaarten a Liichtathletik- an Tennishal um Kennedy-Terrain handelt oder ob et drëms geet den Nosbaum-Terrain, fir eise Fussballveräin den F91 opzewäerten. Dëst duerch de Bau vun enger neier Buvette a Vestiären, ma och duerch den Ëmbau vun den Tribünen, fir dass déi endlech emol a Konformitéit gesat ginn. Et ass dann och geplangt fir zukünfteg weider a eis Schoulen ze investéieren. E Punkt, dee mir selbstverständlech och begréissen.

Eng 30-Zon fir d'Rue de Gaffelt, dat kléngt wéi Musek a mengen Oueren. An der Rue de Gaffelt, do wou déi rout Luucht ass, direkt virun der Schoul, wou eis Kanner sinn, gëtt nämlech gerannt ewéi eng Sau. An aus Angscht, dass een uewen op der Kräizung beim Kierfecht nach emol stoe bleiwe muss, ass deen een oder anere Raser sech och net ze schued, fir einfach mol esou ganz ouni Gêne virun der Primärschoul duerch rout ze briederen an hëlt esou mat de Risiko op sech, eent vun eise Kanner ze iwwerrennen. Ech sinn immens frou, dass ëmmer erëm e puer vun eisen Agents communaux de Wee erop an d'Gaffelter Strooss fannen, fir duerch hir Presenz de Verkéier wéinstens emol zu de Schoulzäiten ze berouegen. Hinnen op dëser Plaz e ganz grousse Merci ausgeschwat.

Dann hoffe mir mol, dass 2026 dann endlech emol mat der Etüd ugefaange gëtt an dëse Projet dann och net méi allze laang op sech waarde léisst, bis dass se an Ugrëff geholl ka ginn. Ech war dann awer e bëssen erstaunt, dass bei all Positioun, bei där et ëm Elektresch geet, wéi zum Beispill bei der Position Electricité Hôtel de ville oder bei Electricité Bâtiments communaux an esou weider, de Montant fir den Exercice, deen do virgesinn ass am Vergläich mam Rectifié 2025 ëmmer an d'Luucht geet an dëst alt bis zu 20%. Ma et gouf dach matgedeelt, dass de Stroumpräis ab dem éischte Januar zolidd erofgoe soll. An ech denken, dat misst jo och heibannen awer bekannt sinn. An et ass jo och gewosst, dass dës Senkung net nëmme fir déi Privatleit gülteg ass, mä och fir d'Gemengen.

Wisou brauche mir dann op dëse Positiounen esou vill méi Budget? Aner Gemengen hunn dës Positiounen nämlech liicht no ënnen ugepasst. Hu mir d'nächst Joer da wëlles, extra vill Stroum hei ze benotzen oder gouf dës Korrektioun no ënne vergiess duerchzeféieren? Ech hätt och nach eng Fro zu eisem Fuerpark. An do schwätzen ech elo net vun de Spezialgefierer, mee vun eisen normale Gefierer. An zwar géif et mech interesséieren, ob hei all Service seng eege Gefierer huet oder ob et hei awer mëttlerweil e Pool u Gefierer gëtt, wou jiddereen, deen e Gefier brauch, dës dann zum Beispill iwwer eng App oder esou ka reservéieren. Op deem Wee kéint een eventuell dat eent oder anert Gefier aspueren an déi reschtlech Ween géifen dee Moment och méi benotzt ginn. D'Beträg, déi fir eis Syndikater virgesi sinn, sinn net ze iwwersinn. Jo, eis Syndikater maachen eng gutt a wäertvoll Aarbecht an dach gëllt et d'Montanten och weiderhin am An ze behalen.

Virun engem Joer nach gouf heibanne gesot, dass d'Diddeleng gären nach vill feiert. Et gouf eis zu deem Zäitpunkt matgedeelt, dass hei zu Diddeleng duerchschnëttlech all zweeten Dag e kulturellt Event géif stattfannen an dass mir all Joer déi kulturell Haaptstad wieren. Ech hat deemools gesot, dass mir mussen oppassen, dass et herno net drëms geet, dës Unzuel un Eventer ëmmer erëm wëllen ze toppen, dass d'Feieren herno just nach zu enger Prinzipiesaach gëtt an eis iergendwann zu den Oueren erauskënnt. An dass vill Feieren och vill kascht. Ma kuck emol do. D'lescht Woch krute mer matgedeelt, dass et elo hei zu Diddeleng duerchschnëttlech all Dag e kulturellt Event gëtt. Ma all Kand weess, dass wann ee keng Suen an den Täschen huet, a wann een d'Kurv vun eiser Schold kuckt, ass dat hei zu Diddeleng de Fall, da léisst een emol eng Feier aus. Ma dat gëllt awer scheinbar net fir Diddeleng. 2026 gëtt e grousse Cru, esou eise Ressortschäffen.

Also, déi eng Säit musse mir Schold maachen, fir kee Mali opweises ze hunn, an déi aner Säit fléisst de Schampes nëmmen esou, dass et kraacht. Am Joer 2022 hate mir 1,1 Millioun Euro um Poste vun de Fêtes publiques ausginn. Am Joer 2023 hate mir 1.742.000 Euro op deem Posten ausginn. Am Joer 2024 waren et der 1,9 Milliounen Euro. Am Rectifié 2025 bleiwen 2,3 Milliounen Euro, wann een déi eemoleg Ausgab vu 25.000 Euro fir eng Etapp vun der Flèche du Sud an déi 325.000 Euro vun de Festivitéiten am Kader vum Trounwiessel ewech rechent. Fir 2026 hu mir dann alt erëm 2,33 Milliounen Euro virgesinn. Ech mengen, Dir gesitt op wat ech eraus wëll kommen, obscho mir ëmmer méi Sue léine musse goen, hu mir et awer ronn bruecht, fir de Budget fir ze feieren a kierzter Zäit labber ze verduebelen.

Ma geheie mir mol e Bléck op eis Scholden. Also, ganz éierlech, hätt ech an nëmmen eng Aktie investéiert, déi esou an d'Luucht geschoss hätt wéi d'Kurv vun eise Scholden, da misst net nëmmen ech net méi schaffe goen, ma et wär bestëmmt och nach genuch erausgesprongen, fir deen een oder aneren heibannen och mat an d'Pensioun ze huelen. Hate mir am Joer 2021 just 12,23 Milliounen Euro Schold, woubäi de just tëschent d'Gänseféisercher steet, well et ginn och Gemengen hei am Land, déi keng Schold hunn, sou ass dee Montant vun do u Joer fir Joer méi héich ginn, wat dozou gefouert huet, dass an all Artikel, wou d'Thematik vun der Schold vun de Gemengen hei am Land ugeschwat gëtt, Diddeleng ëmmer uewe mat dobäi ass. Kucke mir mol wéi eis Scholdekurs sech entwéckelt huet. Wéi gesot, am Joer 2021 hate mir 12,23 Milliounen Euro Schold, 2022 waren et 20,99 Milliounen Euro, 2023 waren et 58,97 Milliounen Euro, 2024 waren et 75,9 Milliounen Euro, Elo si mir bei 90,49 Milliounen Euro Schold. A fir d'nächst Joer ass eng Gesamtschold vun 111,41 Milliounen Euro virgesinn. Dat ass elo jo awer wierklech net näischt. Eventuell gëtt fir d'nächst Joer bis zu weidere 27 Milliounen Euro u Schold opgeholl.

Et hätt een och kéinten e bësse manner am Budget virgesinn, ma dann hätte mir kee Boni méi ze presentéieren. Wat jo heescht, dass dee Montant vun deem eventuell méigleche Prêt jo dann och genotzt gëtt, fir d'Resultat vum Exercice 2026, dass dat besser ausgesäit. Wat de Boni vum Exercice 2025 ugeet, do waren initial och ronn 3,5 Milliounen Euro virgesinn. Am Rectifé 2025 waren et der dunn awer ronn 14,35 Milliounen Euro. Hätt een do dee Moment net kéinten zéng Milliounen Euro manner léine goen? Sécher gouf et hei deen een oder anere Projet op dat anert Joer verluet an d'Recetten u Subsiden, déi de Staat eis ausbezuele soll, kommen och net ëmmer esou wéi dat hei geplangt gëtt. Ma, kann een hei dann net awer och soen, dass d'Gérance vum Budget net ganz optimal verlaf ass?

Wat d'Annuitéiten ugeet, do ware mir op éiweg ënner 2%. Am Joer 2022 op 1,7%. Fir d'Joer 2026 hu mir do 5,50% virgesinn, woumat mir dëst also a véier Joer méi wéi verfënneffachen. Jo, mir hunn nach e bësse Sputt, bis dass de Ministère de l'Intérieur sech mellt. An awer gesäit een, a wéi eng Richtung et geet. Et ass geplangt, am Joer 2026 8,75 Milliounen Euro op d'Schold ze rembourséieren. Dat sinn e Pak Suen. Et muss ee wëssen, Schold maache kascht och. Ech denken, et gesäit een hei ganz kloer eraus, dass mir iwwert eis Verhältnisser liewen. A jo, jiddereen weess, dass wann ee keng doudeg Stad wëll kréien, ëmmer weider an eng Stad muss investéiert ginn. Ma, an de Jore virun 2022 gouf och an eis Stad investéiert. An anere Lëtzebuerger Stied, déi net esou vill Schold hu wéi mir, do gëtt sécherlech och investéiert.

D'Ausgabe fir Salairë sinn am Budget dann och net ze iwwersinn. Ech weess, dëst ass e sensibelt Theema an dach denken ech, dass een net dolaanscht kënnt et unzeschwätzen. 2023 hat d'Diddeleng 22 022 Awunner, elo hu mir der 22 450. Diddeleng huet also an zwee Joer 428 Bierger méi ze verzeechnen. An der selwechter Zäit ass d'Unzuel vum Personal vu 752 am Dezember vum Joer 2023 op 802, wat den aktuelle Stand ass, geklommen. D'Schoulpersonal ass hei net matagerechent. Mir schwätzen also vun engem Plus vu 50 neie Mataarbechter. Mir hunn also iwwer déi zwee lescht Joren eng weider Persoun op ronn 8,5 Bierger agestallt. Dass mir eis gutt verstinn, eist Personal mécht eng gutt a wichteg Aarbecht, do si mir eis heibannen ëmmer eens, an dach musse mir oppassen, dass eis d'Ausgabe vun de Salairen net iwwert de Kapp wuessen. Dass et kloer ass an dofir wëll ech et hei nach emol betounen, hei soll kee seng Plaz streideg gemaach kréien. Mir mussen awer zukünfteg, denken ech, méi genau ku-



cken, ob mir gewëllt sinn, nach weider d'Personal an der selwechter Vitess anzestellen. An hei schwätzen ech och net vum Remplacement vu Leit, déi an d'Pensioun ginn oder eis Gemeng verloossen, ech schwätzen hei vun enger weiderer Erhéijung vum Effectif. Ech denken hei misst een och iwwerleeën, ob et net méiglech ass, bei der Gerance vum Personal ze kucken, fir déi zur Verfügung stoend Aarbechter a Beamte méi effektiv anzesetzen. Sécher, wann eng Gemeng wiisst, muss ee och iergendwa kucke fir hiert Personal opzestocken, an zwar e Rapport mam Zousaz un Aarbecht, déi ufält. Fir awer elo an deem dote Rhythmus weiderzefueren, dat gëtt awer geféierlech fir eis Finanzen. Ze bemierken, dass fir 2026 geplangt ass, d'Personal ëm weider 20 Persoune klammen ze loossen. Kucke mir mol, wat dëse Punkt un Auswierkungen op eise Budget huet.

D'Gemeng huet am Joer 2025 ronn 6,7 Milliounen Euro pro Mount u Personalkäschte bezuelt. Wat d'Joer 2026 ugeet, do ginn déi ordinär Depensen ëm 9,15 Milliounen Euro an d'Luucht, vun deene 6,45 Milliounen Euro weider fir d'Personalkäschten agerechent sinn. Da wäre mir bei ronn 86,74 Milliounen Euro fir d'Joer 2026, wat d'Personalkäschten ugeet. Dëst ass en Taux brut vu 56,29% vun den ordinären Depensen. An dann ass jo och nach eng Indexerhéijung fir viraussiichtlech dat drëtt Trimester am nächste Joer geplangt. Natierlech fält den Netto e bësse méi kleng aus, spréch wann een d'Recettë matagerechent, déi ee vum Staat fir divers Personalausgabe kritt.

An awer muss een op där anerer Säit och bedenken, dass weider Ausgaben, déi a Relatioun mam Personal sinn, hei net mat agerechent sinn. An anere Wierder stellt een hei ganz séier fest, dass wa mir an deem Rhythmus weiderfueren, et da just nach eng Saach vun der Zäit ass, bis dass vun eisem Budget näischt méi iwwreg bleift fir ze investéieren. Es sei denn, et gëtt ëmmer weider nach méi Schold opgeholl, wouduerch een dann an e Strudel geréit, aus deem een iergendwann och net méi erauskënnt. P.S. Ech weess, dass d'Investéieren a säi Personal och en Investissement ass. An dach denken ech awer, dass mir eis hei verstanen hunn. Villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Meyer. Da geet mer ëm erëm op d'Majoritéit.

WALTER BERETTINI (LSAP): Här Buergermeeschter, villmools Merci fir d'Wuert. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, meng Prise de position fänkt u mat engem respektvolle Merci un de Pascal Poull a seng engagéiert Ekipp, wéi och déi verschidde Servicer, déi alleguer mat vill Häerzblutt geschafft hunn.

Ech widderhuelen net alles wat scho gesot gouf, mee notzen dës Geleeënheet fir e puer wichteg Punkten ervirzehiewen aus de Beräicher Vivre ensemble, Jumelage, Tourisme an och drëtten Alter mam Club actif plus. Fänke mir mat Vivre ensemble, interkulturellt Zesummeliewen un. Wa mir Zesummeliewe soen, da schwätze mir vun engem vun den Haaptprinzippie vun eiser lokaler Politik, hei zu Diddeleng. Dat ass net nëmmen eng Iddi, mee eng Realitéit, déi mat vill Engagement a Kooperatioun mam Service Ensemble an eise lokale Partnere gelieft gëtt. E puer Beispiller, déi dat illustréieren - d'Madamm Dall'Agnol hat et scho gesot - Café des langues, d'Sproochcoursen, Fête des cultures mam Marché du monde, e Symbol vun eiser kultureller Diversitéit an d'Ënnerstëtzung vun de Quartiersveräiner. Besonnesch wëll ech op de Mois du respect agoen, deen all zwee Joer stattfënnt an dëst Joer vum 13. Mee bis de 14. Juni stattfonnt huet. D'Theema war Ech gesinn dat! Wat gesäis du?

D'Ziler waren d'Wäerter wéi Respekt, Nolauschteren, Diversitéit, Versteesdemech ze fërderen, den Austausch tëschent Generatiounen ze encouragéieren, d'Wichtegkeet vu soziale Bezéiungen ervirhiewen, heikel Theeme respektvoll uschwätzen. D'Highlights vun dem Mois du respect waren d'Ouverture mat der Remise de prix vum President Benedetto Zacchiroli, European Coalition of Cities Against Racism, begleet vun der Band CrossHill vun der Fondatioun Kräizbierg, iwwregens och en treie Partner, mat deem mir vill zesumme schaffen, wann et ëm Integratioun geet. NormArtFolies, eng interdisziplinär Aktioun mat Schoulen, psychiatresche Servicer an Artisten, fir Tabuen iwwer d'mental Gesondheet duerch d'Konscht unzeschwätzen. D'Ausstellung „Les vrais hommes" iwwer männlech Stereotyppen, e Ciné-débat „Den Handicap am Kino", eng Clôture mat engem Concert vum Grupp Polyphonics, och vun der Fondation Kräizbierg. Dat alles organiséiert vum Service Ensemble Quartier Dudelange vun Interaction an de Service Égalité des chances vun der Stad Diddeleng.

Doriwwer eraus 15 Nopeschfester, eng Traditioun, déi mir weider stäerken an ënnerstëtze wäerten. Am Kader vum Gemengepakt, wéi och scho vun der Madamm Dall'Agnol ugeschnidde gouf, wäerte mir follgend Saache realiséieren: Eng Visibilitéit fir d'Associatiounen op der App Hoplr, d'Foire du Benevolat am drëtten Trimester 2025-2026, verstäerkt Promotioun vun der Fête des voisins inklusiv enger Fête-type am Zentrum. All dës Iddie sinn aus dem Atelier des citoyens am Abrëll entstanen. Et huet sech zum Beispill gewisen, dass et de Leit schwéier fält, besonnesch an Appartementshaiser, eng Fête de voisins ze organiséieren. D'Fête-type soll weisen, wa jidderee mat upéckt, entsti flott a convivial Momenter. Dat passt perfekt an d'Feier vum 20. Anniversaire vun der Fête des voisins. Fir dass et awer och kloer ass, gëtt dës nëmmen eemol vun der Gemeng deels mat organiséiert. Duerno ass et wéi all aner Nopeschfest an eegener Regie ze plangen. Wuel bemierkt bleiwen déi virdru genannten Aktivitéite feste Bestanddeel vum Programm 2026. Eis Devise bleift de grousse schwierege mee spannenden Defi, déi Onmassen un Nationalitéiten an hir Kulturen hei zu Diddeleng aktiv zesummen ze bréngen an ze stäerken.

Iwwer zum Jumelage an Tourismus, zwee strategesch Pilieren. Diddeleng steet fir Offenheet, Zesummenhalt an Innovatioun. Zwee Beräicher, déi dës Wäerter verkierperen, sinn den Tourismus an de Jumelage. Tourismus ass méi wéi eng Visite, et ass eng Erfarung. Tourismus ass fir eis net nëmmen eng wichteg Aktivitéit, mee eng Erfarung, eng Entdeckung, eng Verbindung un Natur, Kultur a Geschicht. Netzwierker, Infrastruktur, Minett Trail, Red Rock Trail, moderniséiert Wanderweeër, alles zesumme mam ORT Süd.

Innovatioun: de Flouter, ee vun de Kabaisercher, nach ëmmer e richtegt Highlight, mat nationalen internationale Flair, e Beweis, dass Investitioun am Lokalen entsteet. Iwwregens haut de Moie krut, also op den Datum vu gëschter, gouf de Flouter mat 220 Nuechte vun 365 Méiglechkeeten am Joer 2020 gebucht. Dat beweist also nach ëmmer, dass et eng gutt Saach ass, dat deemools gemaach ze hunn.

Eventer: Waassertuerm Event, Open Air Concerten an natierlech eise klassesche Publikumsmagnéit, d'Buergfest, datt mat bal 20.000 Visiteuren e feste Bestanddeel vun eiser kulturell Landschaft ginn ass, deen net méi ewechzedenken ass. Wéi schonn erwäänt, weider Zäit investéiere mam professionelle Partner ORT Süd, fir ënner anerem d'Zesummenaarbecht mat de Gemengen a gemeinsam Projet ze fërderen. Nei fir 2026, an dat wäert den Här Steffen freeën, mir wäerte besteeënd Visitte méi user-friendly gestalten an eng oder zwou nei thematesch Visite-guidéen entwéckelen, déi frësch, dynamesch an informativ sinn, an dat mat der Synergie vum Syndicat d'Initiative. D'Zil ass eppes Neies op d'Been ze stellen, dat net nëmmen interessant ass, mee och eppes beweegt.

Jumelage: Méi wéi Symbolik, eng lieweg Verbindung. Fir eis ass Jumelage net nëmmen eng symbolesch Bréck, mee eng Frëndschaft, déi lieft mat Engagement, Energie an engem klore Wëllen, Grenzen ze iwwerwannen. Wat heescht dat konkreet? Bezéiungen erhalen a revitaliséieren. Kontakter mussen ëmmer erëm opgefrëscht ginn, well d'Personalkarussel sech och wéi bei ons an de Partnerstied dréint, wat d'Organiséieren net méi einfach mécht. Ech si jo och dat beschte Beispill. Ech war, an ech sinn erëm am Jumelage Tourismus. Projete mat Mënsche stinn am Mëttelpunkt. Mir fërdere Verständnis, baue Frëndschaften a schafen Austausch vu Schüler bis Sportler, déi iwwer d'Grenzen erausginn.

Eis Highlights 2025: Mir haten am Mee eng Theatergrupp aus Manom, déi hei den Theaterstéck Quatre Étoiles gespillt hunn. Mir waren op Besuch zur Arganil vum 5. bis 7. September. A mir hate vum 12. bis de 15. November eng Visite organiséiert vu Berane. Parallel awer och en Austausch mat de Schüler aus Lebork a mat onse Schüler aus dem Lycée Technique Nic Biever. Wat ass 2026 um Programm? Am Februar kënnt Lauenburg mat Schüler op Diddeleng. Am Laf vum Joer kënnt d'Arganil op Besuch. A mir sinn op Berane invitéiert. Eist Zil ass, net nëmmen d'Visibilitéit vun eiser Gemeng ze stäerken, mee fir Diddeleng oppent, dynamescht an innovatiivt Optrieden. Eng Gemeng, déi aktiv Frëndschaften iwwer Grenze fërdert an Impulser fir d'Zukunft setzt.

Kommen ech dann zur leschter Ligne droite, im wahrsten Sinne des Wortes, op mäi leschte Sujet, d'Kommissioun Drëtten Alter mam Club Activ Plus. Op déi eng oder aner Manéier wëlle mir awer alleguer déi eng fréier, déi aner spéider op onser leschter Ligne droite och am Drëtten Alter aktiv sinn. Hei dann ënnert anerem e puer statistesch Informatiounen. Ech widderhuelen net wat den Här René Manderscheid gesot huet, mir fueren an deem Kontext do weider.

Et war erëm e Joer voll Dynamik, Start mat engem neien Educateursposten. Um Ufank vum Joer hu mer eng wichteg Etapp erreecht. De Familljeministère huet eis e Poste vu véierzeg Stonnen als Educateur zougestanen. Zu der Job Description, gehéiert dann, fir d'Madamm Kayser, ënnert anerem d'Aktivitéiten duerchzeféieren, eng Wandergrupp opzebauen, fir eis Clienten ze motivéieren, sech matzebeweegen, d'Interkulturalitéit ze stäerken an auszebauen. Dat ass just ënner anerem vun der Job description, soss gëtt dat einfach ze laang an ech géif hei de Kader sprengen. E puer wichteg Zuelen: Am Ganzen ziele mer 600 Persounen, dovunner 452 aktiv Clienten, opgedeelt op 363 Fraen an 89 Männer. Mat enger Altersdifferenz vu 17 bis 94 Joer. Ech hëllefen Iech direkt no, dat si 77 Joer Differenz, wat eng gutt Saach ass. Eis Clientë kommen aus allen Ecker vum Land an och aus dem Ausland. Hei ganz kuerz, zwee aus Däitschland, 18 aus Frankräich, Diddeleng mat 331, Osten 22, Nord 6 an de Rescht aus der Stad.

Aktivitéiten: Et ass bal all Dag eppes lass. Am Laf vum Joer hu mer 121 Aktivitéiten organiséiert, ouni Cafeteria, Mëttesdësch a fix Rendez-vousen. Dat sinn dräi bis véier Aktivitéite pro Woch. Och hei nëmmen d'Highlights: Excursiounen, 43 Clienten, dovunner eng mat Iwwernuechtung, Vakanz Blankenberg, 2 Nuechten, 21 Clienten an 23 Cliente fir d'Vakanz Heidelberg, eng Iwwernuechtung. Reegelméisseg Aktivitéiten, och hei just e puer Beispiller: Am Sport, Yoga, Afrofit, Gym douce, Pilates, Zumba, Aquagym, Erlebnistanz, Tai Chi. Mediativ: Klangschuelen. Sozial a sportlech: Petanque a Keelen, dat geet ëmmer. Benevolat: Programmzeitung, Servicer a Fester. Representatioun a Collaboratioun, Kommissioun Drëtten Alter, d'Diane Friedrich, eis Sekretärin plus ee Mataarbechter.

Presenz um Diddelenger Wochemaart, Journée de la Santé vun der Stad Diddeleng, Reflexioun Interclub, Aktiv Positiv. An da kommen ech nach zu zwee ganz interessant Sujeten. D'Jugendhaus huet bei Seniorinnen a Seniore gefrot ob Interessi do wier, mat hirer Experienz der Jugend zur Säit stoen, fir Gebeess ze maachen. Gebeess, wat da vun de Jugendlechen aus dem Jugendhaus um Chrëschtmaart verkaf gëtt, fir Gelder ze sammelen, fir deene Jonken, wou d'Moyenen net hunn, eng Rees mam Club des Jeunes ze finanzéieren. Ech fannen dës Approche vun der Jugend Richtung Senioren eng topp Saach, souwéi och de Fait, dass ons Senioren net laang gezéckt hunn an direkt zougesot hunn. Eng topp Initiativ. Hei gëtt et net ëm d'Gebeess, mee ëm Wäerter, Verbindung an Häerz.

Mir bleiwen an deem Elan a gi weider op de Sujet Super Senior, e Projet vum Mouvement pour l'égalité des chances, bei deem d'Seniore 50 + Schoulkanner aus dem Enseigne-



ment fondamental, virun allem bei den Hausaufgaben an de Basisfächer wéi Franséisch, Däitsch a Mathematik zur Säit stinn. D'Zil ass, Kanner bei der Schoul ze ënnerstëtzen, Senioren eng aktiv a wäertvoll Roll ze ginn, Generatioune mateneen ze verbannen. Hei zu Diddeleng leeft dat op voll Touren zanter dësem September, elo schonn en Erfolleg. Et gi méi Familljen, déi Hëllef sichen ewéi Senioren, déi sech mellen. Also gi Fräiwëlleger gesicht an ech hänken hannendrun: Avis aux amateurs, zumindest emol déi, déi iwwer 50 sinn. Fir 2026 ass virgesinn, mat den Aktivitéite weiderzefueren an nach e puer nei Weeër ze goen.

Dann e Message zum Schluss: Dëse Rapport ass méi wéi eng d'Bilanz, et ass e reegelrechten Opruff. D'Politik bei der LSAP schléift net, si handelt. Joer fir Joer. dréine mir un de Stellschrauwe fir Gerechtegkeet a Fortschrëtt ze garantéieren. Elo ass d'Zäit, zesummen nach méi staark, Här Meyer, zesummen nach méi staark no vir ze goen. Mir maachen et nach besser fir all Mënsch an eiser Gesellschaft. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci Här Berettini. Dann erëm bei d'Oppositioun.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert a Merci dem Här Pascal Poull fir seng Erklärungen an der leschter Sitzung vun der Finanzkommissioun. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll virausschécken, dass, wa vereenzelter vu mengen Aussoe sech mat deenen Ausféierunge vun der Madamm Kayser decken, dass dat just Telepathie war. An ech hunn awer am leschte Moment séance tenante nach e bësse gekierzt, fir Iech net ze vill ze langweilen.

Zanter fënnef Joer drécken ech bei dësem Exercice meng Bedenken zur Entwécklung vun der Finanzsituatioun vun eiser Gemeng aus. Fir mech ass dat ëmmer nach beonrouegend: Engersäits ginn d'Dotatioune vum Staat konstant an d'Luucht. Am Fréijoer hu mer am Rectifié 2024 mat engem Bonus vu 14,3 Milliounen Euro ofgeschloss. Fir 2026 erwaarde mer 14,4 Milliounen Euro u Subside vum Staat. De Klimapakt spillt eis duerch d'Goldzertifizéierung zousätzlech Montanten an. An da musse mer anerersäits 2026 alt erëm eng Kéier Emprunte vu maximal 27 Milliounen Euro Stëmmen, fir iwwer d'Ronnen ze kommen an d'Enner beieneen ze kréien. An zéng Joer hu sech d'Dotatioune vum Staat am Fonds de dotation globale méi wéi verdräifacht, vun 31 op 101 Milliounen Euro.

Mee eis Gemengeschold soll 2026 bis zu aachtmol méi héich ginn, vu 14 op 111,4 Milliounen Euro! Eis Schold progresséiert also méi héich wéi d'Dotatioune vum Staat. An obschonn eis Bevëlkerung an eelef Joer ëm 12% eropgaangen ass, geet d'Pro-Kapp-Verschëldung ëm 600% erop. A wéi all Joer probéiert den Här Buergermeeschter eis ze berouegen an ze soen, dass dat dach alles net esou dramatesch wier, wann de Ratio vun der Gemengeverschëldung op mëttlerweil 5,5% ass. Well déi virtuell rout Luucht am Inneministère géif eréischt bei 15% ugoen. Dat mat der oranger Luucht am Inneministère, wat d'Madamm Kayser virdru gesot huet, beriffť sech op eng Ausso vum Här Poull. Zousätzlech stoung an der Dokumentatioun vun der Finanzkommissioun de Montant vu 5,5% an oranger Faarf gedréckt.

Da gëtt eis an der Circulaire vum Inneministère geroden, d'Investissementer dans la mesure du possible héichzehalen, fir d'Ekonomie dréien ze loossen. Et ass jo richteg, dass muss weider investéiert ginn. Mee a wat fir engem Mooss? Wou steiere mer hin, wa mer eis konstant weider verschëlden an domat d'Annuitéite vun den Emprunte fir 2026 e beängschtegende järlechen Niveau vun 8,7 Milliounen Euro géint 1,1 Millioun 2014 unhuele kéinten, wa mer deen hei ze stëmmenden Emprunt vu 27 Milliounen Euro ganz zéie missten. Wa mer bis iwwerverschëlt sinn, kënne mer souwisou och keng grouss Investissementer méi maachen. Dës Investissementer betreffen zum Beispill eise bezuelbare Wunnraum. Et ass kloer, dass mer d'Penurie um Logementsmaart wëlle mam Staat a mat allen anere Gemengen am Land solidaresch a beschtméiglech erofdrécken. Mat 114 geschafene bezuelbare Wunnengen ass eis Diddelenger Gemeng domat scho gutt ënnerwee.

Zum Vergläich: en aneren, privaten, Diddelenger Promoteur ass amgaang der 123 ze schafen. D'Course bleift spannend. An ech wëll elo guer net insinuéieren, dass mer an deem Volet emol méi lues maache kéinten. Nee, guer net. Schonn nëmme wéinst deene ville Baubetriber, déi opgehal hunn a leschter Zäit a wéinst deene 5.000 Leit, déi an der Baubranche hir Aarbecht verluer hunn. Duerch déi vill Etüden, déi mer maache mussen, ënnerstëtze mer ënner anerem och de Beruffsstand vun den Architektebüroen... Stad a Gemenge si méi wéi jee gefuerdert, nei Wunnengen ze bauen. Laut Statec misste bis 2030 32.000 weider Wunnenge gebaut ginn. Awer dobäi misst eis Gemeng trotzdeem vläicht eng gewëss Virsiicht walte loossen, dass mer eis domat net iwwerlueden.

Positiv opgefall ware mer an deem Kontext am leschte Gemengerot bei der Presentatioun vum Projet 51 Lëtzebuerger Strooss, dass et duerch eng raffinéiert a gutt duerchduechte Propos vum Architektebüro a vun eise Servicer méiglech wäert sinn, de Bau fir e gutt Stéck méi bëlleg ze bauen, andeems net ganz ofgerappt an nei gebaut gëtt, mee andeems déi ze erhalend Bausubstanz kann erhale ginn. Dat ass e Beispill wat an déi richteg Richtung geet an eis soll usspornen, och bei zukünftege Projeten Investissementer anzespueren, och wann et eventuell Kompromësser mat sech bréngt. An zügeg ze bauen, fir dass net de steigende Bauindex wéi beim Projet Déierenasyl eng zolidd Präisdeierecht mat sech bréngt. An da ginn eis ëmmer erëm nei Mise-en-conformitée vu Gebaier operluecht, alles Eventualitéiten, déi ee muss mat arechnen. An der Finanzkommissioun vun der leschter Woch gouf eis

gesot, dass mer deen ageschriwwenen Emprunt jo net onbedéngt ganz zéie missten, wann d'Situatioun am Laf vun 2026 besser géif gi wéi bis elo ugeholl. Et wier just wichteg, dass genuch Liquiditéiten zur Verfügung stéingen. Wéi d'Madamm Kayser et scho gesot hat: Eis Gemeng huet all Mount 7 Milliounen Euro u Paien ze bezuelen, a leschte Summer war et e bësse knapps ginn, woufir en Deel vum Emprunt huet misse gezu ginn, fir genuch Liquiditéiten ze hunn.

En Deel d'Schold, dat ass och scho gesot ginn, un deem Enkpass droen d'Ministèren, déi net déi allerschnellst sinn, fir eis déi Subsiden, déi eis vun eise Bauprojeten zoustinn, ze iwwerweisen. Fir Lenkeschléi a fir Containeren am Brill, déi schonn eng Zäit fäerdeg sinn, waarde mer nach ëmmer op de Sold vun de Subsiden. Just de Sportsministère géif anscheinend zügeg an Tranchë subsidiéieren an domat positiv opfalen. Fir eis ass dat wichteg, well där Sportsinfrastrukturen hu mer jo méi an eise Projeten: Strutzbierg, Stade Kennedy, Stade Nosbaum, Lenkeschléi, Baltzeng. An ech wollt am Fong hei e Witz maachen iwwert dee Sportsmusée, ech hu mer deen awer elo verknaff, wéinst der Aktualitéit an ech resuméiere mech dann op d'Ausso: Och mat där neier Gouvernance vum Sportsministère dierft sech un dëser Situatioun näischt änneren. Schlussendlech, sou hat ech mer geduecht, gëtt et awer nach en Hoffnungsschimmer um Horizont, dass mer net all Joer eis Verschëldung ëmmer weider eropschrauwe missten an dass mer eis emol iergendwann erblose kéinten. Dat wier wann all déi Mise-en-conformitéen, all déi Neibaute vu Schoulen a Sportinfrastrukture bis gemaach wieren. Dat misst jo iergendwann an den nächste Joren zu enger Siedegung féieren a mir dierften dann net méi esou ferm verflicht sinn, esou enorm héich Investitiounen ze stemmen. Hat ech mer geduecht. Dunn ass mer agefall, dass d'Realisatioun vun Neischmelz an e puer Joer derbäi kënnt an dunn ass meng Illusioun wéi eng Seefeblos zerplatzt.

Ëmmerhin hu mer alt erëm festgehalen, dass mer bis op Weideres eis Reserven net wëllen untaaschten, och net fir bei engem Enkpass Paien ze bezuelen. Dat ass och gutt esou. An der Zeitung war ze liesen, dass mer zu deene Gemengen am Land gehéieren, déi proportionell déi héchste Reserven hunn. Ënner anerem sinn déi Reserven 2025 opgestockt ginn duerch eist Guthaben am Fonds de péréquation communale, deen ofgeschaaft ginn ass. Déi dräi Milliounen Euro sinn du bei eis Reserve gutt geschriwwe ginn.
Fir zeréckzekommen op Neischmelz, éischt Fraisen an Héicht vun dräi an enger hallwer Millioun, si mer jo schonn zanter zwou Budgetsperioden amgaang, anzesetze fir déi nei Ofwaasserleitung bis op Biereng Richtung Opfangbecke bei der Diddelenger Baach. Plus eng hallef Millioun Euro fir den Dialogue compétitif fir de Schoulkomplex. Well déi éischt Kanner wäerten iergendwann op Neischmelz aplënneren.

Da bleift awer nach de Volet Mobilitéit fir Neischmelz. Doriwwer ass nach näischt am Budget ze fannen. Op der Informatiounsversammlung vum 17. November am Opderschmelz huet ee kloer aus de Bierger hiren Uleiessen erausliese kënnen, dass d'Mobilitéit fir Neischmelz eran an eraus eng Haaptsuerg fir d'Bierger ass. Awer deen Owend haten d'Presentateure leider den Dossier Mobilitéit emol guer net matbruecht... Et gouf awer kloer matgedeelt, dass vum Fonds de logement a vum Schäfferot de Volet Mobilitéit integral an d'Hänn vun der CFL geluecht gëtt. De Véierelstonnentakt vum Zuch sollt all d'Problemer léisen. Ee Bierger huet zweemol versicht, gewuer ze ginn, wat et mam definitive Schléisse vun de Barriären an der Karl Marx Strooss op sech huet a krut keng kloer Äntwert. Oder soe mer mol, e krut eng vag Äntwert, dass et nach ëmmer méiglech bleiwe géif, vun där enger op déi aner Säit ze kommen, wat eis allerdéngs verwonnert huet, well dat esou net am Plan national mobilité 2035 steet.

2028 laut dem Schäfferot, 2029 laut dem Här Vinandi vum Fonds de Logement, sollen déi éischt Awunner an de Quartier eraplënneren. Ass d'CFL bis dohi prett? Dat géif mech wonneren. Déi zweet Eisebunnslinn vu Beetebuerg bis an d'Stad sollt 2024 fäerdeg ginn. An an den nächsten zwee Joer ass nach näischt a Siicht. Op enger CFL-Pressekonferenz am Januar 2025 war gesot ginn: „Zehn Jahre dauert es in der Regel vom Beginn der Planung bis zum Abschluss der Arbeiten, wenn noch ein beschrankter Bahnübergang beseitigt werden soll. Im Durchschnitt schafft es die nationale Eisenbahngesellschaft, zwei Bahnübergänge pro Jahr ze beseitigen". Hei zu Diddeleng geet d'Planung a Richtung vu gréisseren Ënner- an Iwwerféierunge vun der Zuchlinn. Bis dat esou wäit ass, muss op de Busverkéier gesat ginn. Eng Buslinn soll de Quartier Neischmelz ubannen. An da koum eng ganz interessant Neiegkeet virun zwou Wochen, wou déi éischt Punkte publizéiert goufe vun deem neien Accord tëscht Staat an TiCE. Ab Januar ginn d'Linne 4 a 5 verlängert, bis Biereng bei den LNS a bis op den Opderschmelz. Also iwwerhuelen se deelweis d'Missioune vun de virege Citybuslinnen.

Awer nach méi interessant war d'Ukënnegung vun enger ganz neier Buslinn 651, déi a 27 Minutte vu Volmerange duerch Diddeleng iwwer Kayl bis op de Belval fuere soll. An dono weider bis Uewerkuer. Deen Timing kléngt zwar op den éischte Bléck sportlech. Mee ëmmerhin, dat do ass dach emol eppes. Eng bahnbrechende Neuerung, wann ech emol esou soen däerf. Da kënnen d'Frontaliere mam Bus direkt op de Belval fueren, ouni musse mam Zuch op Beetebuerg ze fueren an do ëmzeklammen, fir zeréck op de Belval ze fueren. An domat komme mer schonn, ouni Detailer ze nennen, e Stéck méi no bei eng privat Etüd vun engem Diddelenger Bierger, déi dem Schäfferot gutt bekannt ass, an déi d'Ewechfale vun de Barriären op eng konservativ Manéier revolutionéiere kéint. Si géif ënner anerem Bâtiments publics an der Diddelenger Gemeng zolidd Investissementer erspueren. Jiddefalls ass et derwäert, dass een sech domat beschäftegt, virausgesat d'CFL spillt mat. Deemno, affaire à suivre...

An deem Volet Zero Waste Green Events kritt eis Gemeng fir 2026 vum Staat kee Subsid méi. Duerch eng nei Adaptatioun vum Label kann d'Gemeng nëmmen eemol dervu profitéieren. Bei de Veräiner hat sollen ugespornt ginn, awer et schéngt wéi wann déi Saach net richteg ukënnt. Vun iwwer 220 ageschriwwene Veräiner hat 2023 just ee Veräin, de Scoutsveräi vum Gehaansbierg, dee Label ugefrot, krut en accordéiert a krut du vun der Gemeng 375

Euro. 2024 hat dee selwechte Veräi fir d'zweet Joer ugefrot a krut vun der Gemeng 381,90 Euro. Mat groussem Optimismus waren am Budget am Initial 2025 10.000 Euro ageschriwwe ginn. Awer am Rectifié waren der nëmmen 1.000 gebraucht ginn. 2025 war och dat lescht Joer wou dee besote Veräin de Label vergütet krut, well een net méi wéi dräi Mol däerf postuléieren. Eigentlech schued fir esou eng luewenswäert Initiativ am Sënn vum Natur- an Ëmweltschutz, dass se vu staatlecher Säit limitéiert gëtt a Gemengeveräiner gebremst ginn.

An anerersäits ass et och schued, dass déi Initiativ bei den Diddelenger Veräiner net besser ageschloen huet. Mat engem méi gedämpften Optimismus goufen dofir fir 2026 just 5.000 Euro agesat. Et muss een awer och soen, dass et bestëmmt och Veräiner gëtt, déi souwisou vu sech aus hir Ëmwelt - an Naturschutzreegelen duerchzéien an net eréischt musse mat enger finanzieller Vergütung dozou ugespornt ginn, zemools den administrativen Opwand wierklech beträchtlech ass a sech vläicht net lount an den Ae vum Organisateur.

Ech hat och dëst Joer erëm eng Fro zum Cup-System, deem System vun de Méiweebechere fir grouss Manifestatiounen. De Begrëff Gobelet ass nach ëmmer net verbessert a steet nach ëmmer e puermol falsch als „Goblet" ouni E dran. Mee et ass mer opgefall, dass mer am Budget 2026 fir d'Offer auszebauen nëmme méi 50.000 Euro drastoen hunn, géint 70.000 fir 2025, an dass de Leasing awer ëm 5.000 Euro eropgeet, vu 70.000 op 75.000 Euro. Mir leasen also méi Bechere wéi mer der kafen, fir der Demande nozekommen.

Par contre verstinn ech awer net, wisou eis ordinär Recetten am Cup-System 2026 solle vun 11.000 op 10.000 Euro erofgoen. Mir bauen d'Offer aus, ënner anerem wéinst engem Gesetz vun 2025 dat Einwegmaterial verbitt, soudass eis Becheren op méi Fester am Joer gebraucht wäerte ginn. Awer gläichzäiteg bréngt eis dee Verléinsystem manner an. Wéi ass dat méiglech? Am Budget 2026 fannen ech näischt méi iwwert de Projet Tiny Forests. Ech hat virun engem Joer nogefrot, krut deemools awer keng Äntwert. Leschte Freiden huet dunn den Här Manderscheid sech dozou geäussert an ugekënnegt et géif nach ëmmer no enger gëeegenter Plaz gesicht ginn. Deemno Affaire à suivre...

Am Plan local Santé gouf am Rectifié 2025 mol eng Assistance externe fir 68000 Euro gestëmmt, fir d'Saach un d'Rullen ze kréien. Do komme mer geschwënn an d'Ennphas fir de PLS virzestellen, sot den Här Goergen hei virun engem Joer. Da gi mer där Persoun emol eng Chance.

An dann de Parking am Duerf. Vläicht iwwerschneit dat sech och elo mat der Madamm Thoma hiren Aussoen. Mee do war awer keng Telepathie am Spill. Do ass de Gigant Indigo den Exploitant zënter 2017. D'Konventioun gesäit vir, dass d'Gemeng muss eng Kompensatioun bezuelen, wann den Exploitant e Joer net e Mindestbenefice erreecht. Meng Fro, ab wat fir engem Montant ass dat de Fall? Just ee Joer 2024 hate mer schwaarz Zuele geschriwwen, 3.398 Euro. Als nächst Kompensatioune stinn am Budget am Rectifié 2025 17.529 Euro an am Initial 2026 20.000 Euro. 2027 leeft déi Konventioun jo dann aus a soll nei ausgeschriwwe ginn. An ech mengen, et wier dach bestëmmt interessant fir eis Gemengekeess, wann ee géif probéieren, dee Forfait vun där Kompensatioun emol erofzesetzen. Bis dohinner muss awer elo dee ganze mechaneschen an elektronesche System erneiert ginn. Deen alen ass no aacht Joer um Enn. D'Barrièrë ginn net ëmmer op, wann ee bezuelt huet an erausfuere wëllt. Et kann een nach just Cash an net mat Kaart bezuelen an esou weider. Bei de Parker herrscht eng allgemeng Onzefriddenheet heiriwwer. Wat riskéiert kontraproduktiv ze ginn, wa verschidde Leit eventuell dem Parking de Réck géifen dréinen. An da kéint eise Paart vun de Kompensatioune souguer nach méi héich ginn. Dofir muss elo gehandelt ginn. D'Gemeng ass Proprietär vum Parking public an déi Ëmännerunge sinn zu hirer Charge. Parking Am Duerf, Remplacement du système de gestion, dofir stinn elo 250.000 Euro am Budget. E stolze Chiffer.

Nieft de reguläre Entretiensaarbechte fir eis Mäerteskierch sti fir 2026 keng Subside vun INPA an och keng Etüden zur Restauratioun vun der Fassade méi am Budget. Fir déi Ausgab vun der Gemeng fir Divers travaux de rénovation vun der Parkierch gouf eis d'lescht Joer hei erkläert, dass et sech ëm Fléckaarbechte géint Reewaasserinfiltratiounen handelt, fir déi wäertvoll honnertjäreg Fresken ze schützen. Och eng Rei Fënstere beim Daachstull sollte gefléckt ginn. 50.000 Euro Schéinen do fir 2025 gebraucht ginn ze sinn, 100.000 stinn der nach am Report fir 2026. Kënne mer vläicht kuerz gesot kréien, wat an deem Volet scho gemaach gouf a wat nach ze maache bleift.

De Kleeschen ass erëm erduerch. Am Budget ass vum Syndicat d'initiative senger fréierer Oeuvre Saint -Nicolas näischt méi ze fannen. Mir froen eis dann, wien elo déi ganz Titerchersaktioun sponsert. Et fënnt een am Budget just den Niklos-Ëmzuch, wou dëst Joer 150 Kilo Kamelle verdeelt an an d'Strooss gehäit goufen, souzesoe Sweet Event Nummer 3, an dee fir 2026 mat 17.000 Euro ugesat ass, géint 15.000 fir 2025. Laut der Reklamm um Radio sollten déi brav Kanner eng Titche kréien. Mee déi Elteren, déi sech net konnten oder wollten an déi laang Schlaang stellen, hunn déi dann d'office keng brav Kanner, nëmme well se keng Titche konnte kréien? Dëst Joer hat de Kleesche sengem Ieselchen eng Wuerzel virun d'Nues gehaang, fir dass dee soll virun trëppelen.

Sou konnt een am Blietche vum 19. November liesen, dass d'LSAP hire Bilan vun der Stadentwécklung vun Diddeleng tëschent 2023 an 2025 gemaach huet. D'LSAP huet eng kloer Linn gehalen, fir d'Wuel vun allem. D'LSAP setzt konkreet Projeten a ville Beräicher ëm Wunnen, Mobilitéit, Sozialen Zesummenhalt, Jugend, Kultur, Sport an Ëmwelt. D'LSAP gleeft un eng Stad, déi no bei de Leit ass sozial gerecht, nohalteg a lieweg. An dann ziele si all déi konkreet Projeten a Realisatioune vun eiser Stad op... Mengt elo net, ech wier elo esou wäit fort, dass ech hei géif Reklamm fir d'LSAP maachen. Mee et misst een awer elo mol kloerstellen, dass fir d'Realisatioun vun all deem, wat si do opzielen, eng LSAP eleng net duergeet. Dat gleewe wuel nëmmen déi, déi nach un de Kleesche gleewen. Dass fir all dat ze realiséieren awer och nach de Rescht vum Gemengerot dozou bäisteiert, dat gëtt hei schäinhellegerweis ignoréi-

ert. Och d'Oppositioun gehéiert zu de Bierger. Och jiddwerengem vun hinne läit d'Wuel vun de Bierger um Häerz. A fir eng Stad esou groussaarteg ze entwéckelen, brauch een net nëmmen d'Majoritéitspartei, mee och d'Subventioune vum Staat, kreativ Promoteuren, d'Biergerbedeelegung, effizient Gemengeservicer an net zulescht de Bierger hir Suen aus der Gemengekeess. An hinnen all soe mer elo mol heimat Merci, dass si och zur Entwécklung vun der Stad bäidroen. An et brauch och Oppositiounsparteien, déi oppasse sollen, dass de Bierger hir Sue virsiichteg a sënnvoll ausgi ginn. Ech hat dunn engem Verweis aus deem Blietche gefollegt, fir méi doriwwer gewuer ze ginn. „Retrouvez notre bilan intermédiaire des projets sur lsap.lu." Wéi ech dunn déi Säit opgemaach hunn, sinn ech op follgende Message gefall: „There has been a critical error on this site". Souvill zum Bilan 2023-2025.

Iwwregens kascht d'Kommunikatioun eis Gemeng iwwer eng Millioun Euro am Budget 2026. 100.000 Euro méi wéi am Rectifié 2025. Mat enger gewësser Satisfaktioun hunn ech beim Niklosëmzuch gesinn, dass d'Membere vum Schäfferot och keng Titche kruten, mee eng Rutt. Sou, an elo kucke mer an d'Zukunft a ginn eiser Stat fir 2026 e Budget, deen d'Strooss hält an no deem och d'Oppositioun sech als Vertrieder vun den Diddelenger Bierger Gedanke gemaach an hir Verbesserungsvirschléi virbruecht huet. Domat soen ech Iech wéi all Joer Merci fir d'Nolauschteren, soen dem Här Martini Merci fir déi zéng Minutten, déi ech duerch seng studiebedéngt Absence bäikritt hunn a wënschen eis wéi all Joer schéin a besënnlech Feierdeeg am Krees vun eise Familjen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Gangler, fir Är Stellungnam. Ech géif nach weider bei der Oppositioun bleiwen.

ROSELLA SPAGNUOLO (ADR): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Dir Dammen an Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot, am Numm vun der ADR soe mir dem Pascal Poull a senger Ekipp e grousse Merci, déi dësen detailléierte Budget fir 2026 opgestallt hunn, an och all deenen anere Servicer. Et geet ëm d'Recettë vu ronn 200 Milliounen Euro, déi dem Schäfferot elo fir d'nächst Joer zur Verfügung stinn. Op där Plaz soe mir och elo e grousse Merci un all déi Diddelenger Bierger a Geschäftsleit, déi mat hire Steieren dozou bäigedroen hunn. D'Hallschent kënnt wuelgemierkt vum Staat, mee domat kommen ëmmer nach 100 Milliounen Euro vun anerer Säit a wëlle mer awer och net dovun ausgoen, datt d'Beem beim Staat éiweg an den Himmel wuessen. Esou entfalen aleng 55.000 Euro op déi Diddelenger Muppen an 1.170.000 Euro op d'Grondsteier. Bei där Zomm, déi dem Schäfferot domat zur Verfügung steet, misst ee jo kënne mengen, datt kee Problem dierft sinn, fir d'ëffentlecht Liewen an Diddeleng fir d'nächst Joer ze gestalten.

Interessanterweis koum de Schäfferot d'lescht Joer mat 14 Milliounen Euro manner aus wéi virgesinn, soudatt mir dann effektiv fir 2026 op e Boni vun dräi Milliounen Euro kënnen zeréckgräifen. Fir eis als ADR gëtt et just eng Optioun, wat mat deene Sue soll geschéien. Mir sollte se integrale huelen, fir eisen héije Scholdenniveau ze reduzéie-



ren. Mee trotzdeem gesäit de Schäfferot nach Scholden an zweestelleger Milliounenhéicht vir, nëmme fir de Fall, datt mir se brauchen, gëtt den Här Buergermeeschter am Tageblatt zitéiert. Fir eis als ADR ass esou eng Attitüd onverantwortlech. Well mat all neier Gemengeschold klëmmt och d'Zënsbelaaschtung an déi Sue feelen d'Joren drop op anere Plazen. Esou ginn d'nächst Joer schonn eleng 2,6 Milliounen Euro fir d'Zënsen um Prêt erop. Iwwert den Daum gepeilt, honnertzéng Euro op de Kapp fir all Diddelenger, déi mir fir eis Gemeinschaft hätte kënnen asetzen.

Et sti verschidde Saachen am Budget, dee mir als ADR net anescht gemaach hätten. Selbstverständlech ënnerstëtze mir den Neibau vun der Baltzenger Schoul mat hirer Maison relais. Des weideren hu mir als ADR eng laang Traditioun vum Déiereschutz. Notamment komm jo d'Propos fir den Déieren e Statut an der Verfassung ze ginn, ursprénglech vun eise Vertrieder an der Chamber. Op jidde Fall droe mir d'Erweiderung vum Diddelenger Déierenasyl mat. Natierlech sti mir och zum Veräinsliewen als Kär vum gesellschaftleche Mateneen. Dofir fënnt och den Neibau vun der CAD-Hal an Tennishal souwéi d'Ëmgestaltung vum John F. Kennedy Stadion an déi allgemeng Ënnerstëtzung vun de Veräiner eis Zoustëmmung. Mir begréissen d'Investitioune vun der Gemeng Diddeleng an abordabele Wunnraum, datt och Familjen a Leit mat knappem Budget eng Wunneng zu Diddeleng kënne lounen.

Zurzäit huet d'Gemeng Diddeleng jo genuch Budget, mee vu datt déi wirtschaftlech Entwécklung zu Lëtzebuerg méi lues ass an d'Recettësteigerung net méi esou staark ass, misst d'Gemeng sech aneschters uleeën, fir mat hirem Geld ëmzegoen, well déi staark Steigerung vun der Verscholdung an deenen nächste Joren net méi weidergefouert ka ginn. Mir géifen eis wënschen, datt d'Gemeng finanzpolitesch méi nohalteg géif handelen, wat d'Scholden an déi doraus entstanen Zënsen ubelaangt. Als leschte Punkt wollte mir nach eng Kéier op d'Sécherheet uschwätzen an eis Fuerderung widderhuelen, datt op kritesche Plazen zu Diddeleng, Iwwerwaachungskamerae sollen opgericht ginn, fir eng Verbesserung vum Sécherheetsgefill vun de Leit an eng méi schnell Identifizéierung vun den Täter. Merci fir d'Nolauschteren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci der Madamm Spagnuolo. Da gi mer erëm eriwwer d'Majoritéit.



MARTINE LOULLINGEN (LSAP): Villmools merci, Här Buergermeeschter. Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, haut diskutéiere mir e Budget, deen net nëmmen d'Finanze vun eiser Gemeng reflektéiert, mee och déi Wäerter, déi mir hei zu Diddeleng héich halen. Solidaritéit, Chancëgläichheet, Sécherheet an Nohaltegkeet. Eng Gemeng huet net nëmmen eng administrativ Roll, mee och eng grouss sozial Verantwortung. Si muss dofir suergen, datt d'Kanner a Familljen ee sécheren, respektvollen an ënnerstëtzende Kader virfannen. An deem Sënn begréissen ech ausdrécklech, datt mir am Budget extraordinaire net nëmmen nei Projeten erëmfannen, mee och konsequent an eis bestoend Strukturen investéieren. Et geet hei net just ëm Gebaier oder Zuelen, mee ëm konkreet Liewenschancen an d'Qualitéit vum Zesummeliewen an eiser Gemeng.

Dir wësst, dass ech probéieren net nëmmen d'Zuele selwer ze gesinn, mee och dat, wat dohannert stécht. Eng wichteg Fro ass nämlech och wat fir e sozialen a gesellschaftleche Méiwäert e Projet huet. Gutt ekipéiert Schoule schafen eng héich Léier- a Liewensqualitéit fir eis Kanner a maachen d'Gemeng gläichzäiteg méi attraktiv fir Familljen a Fachpersonal. Nom Ofschloss vun de Mises-en-conformitésaarbechten am Brill steet elo de Reamenagement vun der Bibliothéik an d'Schafe vun zwou Salle-d'appuien um Programm. Eng Bibliothéik ass e Raum fir Rou, Entdeckung a Konzentratioun an déi zwou nei Salle-d'appuien erméiglechen eng méi individuell an differenzéiert Färderung, e wichtege Schratt fir d'Schoul vun der Zukunft. D'Käschte si verständlech, well mir an engem geschützte Gebai schaffen an all gesetzlech Sécherheetsreegele respektéiere mussen. D'Sécherheet vun eise Kanner an eisem Schoulpersonal ass awer net verhandelbar.

Mam Projet Alpha, dee fir d'Schouljoer 2026-2027 geplangt ass, schwätze mir net nëmme vun neie pädagogesche Konzepter, mee och iwwert konkreet infrastrukturell Ufuerderungen. All zousätzleche Raum bedeit eng Entlaaschtung fir d'Enseignanten an e klore Gewënn fir d'Kanner. Dofir si mir frou, datt Diddeleng hei scho relativ gutt opgestallt ass. Gläichzäiteg musse mir awer ëmmer erëm op steigend Schülerzuele reagéiere kënnen. An der Lenkeschléi ginn dofir Piazzaen zougemaach, fir zousätzlech Capacitéiten ze schafen. Och Baltzeng an Neischmelz wäerte weiderhin eng wichteg Roll am Budget extraordinaire spillen. Baltzeng geet 2026 an den Neibau. A fir Neischmelz ass d'Planung fir eng nei a modern Schoul mat Perspektiv 2032 lo scho voll amgaangen. Parallel dozou plange mir schonn d'Ressourcenännerunge fir d'Rentrée 2026-2027 fir den Deich an de Strutzbierg ze entlaaschten. Dat weist, datt mir virauskuckend a strategesch handelen. Nieft de grousse Projeten dierfe mir och déi manner sichbar, mee essenziell Aarbechten net vergiessen. Elektroinstallatiounen, Compartimentage a Stützmauere si fundamental fir eng sécher Schoulinfrastruktur. Dës Aarbechte ginn dann elo um Deich respektiv um Strutzbierg ëmgesat.

Wa mir iwwert d'Schoule schwätzen, da musse mir och d'Schoulhäff matabezéien. Si sinn net nëmme Spillplazen, mee erweidert pedagogesch Raim. Kanner, déi sech dobausse beweege kënnen, komme méi entspaant an de Cours zeréck. E Plus fir d'Léieren. Dofir begréissen ech ganz besonnesch, datt mir op méi naturno Schoulhäff setzen. Manner Bëton, méi Natur, méi Beweegung. Am Brill gëtt dëse Wee elo konkreet ëmgesat. Natierlech Spilllandschafte fërderen d'Motorik, d'Kreativitéit, d'sozial Kompetenzen an d'Konzentratioun. Och d'Projeten an der Gaffelt sinn hei beispillhaft. Méi Openthalt am Freie, Sëtzgeleeënheet ënnert dem Preau, e Schoulgaart an esouguer e gréngt Klassenzëmmer. Dat stäerkt de Bezuch vun de Kanner zur Natur an ass eng wichteg pädagogesch Ressource.

D'Chancëgläichheet bleift e Kärprinzip vun der ëffentlecher Bildung. Et däerf net dovunner ofhänken a wéi engem Quartier eng Schoul steet, wéi modern oder funktionell se ekipéiert ass. Digitaalt Material ass haut e fundamentale Bestanddeel vum Léieren. An dofir ass d'Investitioun an informatescht Material absolut noutwendeg. Beim Budget ordinaire gesi mir dann eng liicht Erhéijung beim Sportsmaterial a bei de Schoulbicher. Dat ass gerechtfertegt, d'Sportsmaterial verschléisst séier a muss aus Sécherheetsgrënn reegelméisseg erneiert ginn. A bei de Schoulbicher kommen nieft de Präiserhéijungen och nei Besoinen am Kader vum Projet Alpha derbäi. D'Bildung geschitt awer net nëmme virun der Tafel. Ausflig, Kolonien an Aktivitéiten ausserhalb vum Klassenzëmmer si wichteg Bestanddeeler vun enger ganzheetlecher Entwécklung vun engem Kand. Si fuerderen d'Selbstännegkeet, den Teamgeescht a sozial Kompetenzen. Och d'Beweegungskaart, déi aktuell ausgeschafft gëtt, ënnersträicht, wéi wichteg d'Beweegung am Alldag vun de Kanner ass an datt dës net nëmmen am Turnsall muss stattfannen.

Wat d'Santé scolaire ugeet, kann ech mech de Wierder vun der Madamm Di Bartolomeo-Ries voll a ganz uschléissen. An hei ass keen Euro ze vill investéiert. Zum Schluss nach e ganz wichtege Punkt, d'Sécurité à l'école. Projete wéi sécher Schoul a Sécher Schoulwee si fundamental a musse weidergoen an entwéckelt ginn, grad esou wéi Éischthëllefscoursë fir d'Enseignante wichteg sinn. Wann ee vun de Schoule schwätzt, kënnt een automatesch bei d'Kannerbetreiung. An do fänken ech mat eise Crèchen un. Am Budget extraordinär 2026 fanne mir déi éischt Tranche fir d'Konstruktioun vun der Crèche A Bëlleg. Dëst si gutt investéiert Suen, well mir domat 44 nei Plaze fir d'Kannerbetreiung schafen. Dëst ass eng konkreet Entlaaschtung fir Familljen, déi soss op deier Privatcrèchen ugewise wieren. D'Nofro ass héich. De Besoin ass reell, de soziale Méiwäert enorm. An et verkierzt eis Waardeléschten.

Am Extraordinaire ass och Budget fir d'Bëschcrèche virgesinn. Aktuell ginn déi néideg Aarbechte fir d'Mise en con-

formité analyséiert, éier dann 2027 konkreet Aarbechten ugoe kënnen.

Am Budget ordinaire gesi mir eng Hausse bei der Restauratioun, dem Mobilier, dem pädagogesche Material, klengem Ekipement a beim Personal. Dat ass eng logesch Konsequenz dovunner, datt eis dräi Crèchë voll ausgelaascht sinn. Mee genee hei gëllt alt erëm, mir investéieren, well mir Verantwortung iwwerhuelen. Dës lescht Entwécklung spigelt sech dann och am Budget ordinaire vun eise Maison Relaisen erëm. Well mir am Container Brill vu 35 op 84 Plazen eropgaange sinn, klamme logescherweis och d'Ausgabe fir d'Restauratioun, dem pädagogesche Material, dem klengen Ekipement an dem Personal. Mee genee do si mir awer och erëm um richtege Wee, well et eis sozial Verantwortung ass, dofir ze suergen, datt all Famill eng Betreiungsplaz fir hir Kand kritt, och wann dat méi Käschte mat sech bréngt.

Bei ëmmer méi Kanner ass et och eng absolut Noutwendegkeet a kee Luxus, datt mir och weiderhin un der Hygiène alimentaire oder der Consultance diététique festhalen. Mat mëttlerweil iwwer 500 ageschriwwene Kanner ass et och verständlech, datt de Budget fir d'Vakanzenaktivitéiten ugepasst gëtt. Nieft dem Makerspace an der Wildnispedagogik si fir 2026 och Aktivitéiten op engem Bauerenhaff geplangt. D'Erfarungen an der Natur oder um Bauerenhaff si fir d'Entwécklung vun de Kanner immens wäertvoll. Si kënnen hir Sënner asetzen, sech fräi beweegen an hir Motorik stäerken. Gläichzäiteg wierkt d'Natur berouegend, stäerkt d'Resilienz an hëlleft de Kanner, Selbstvertrauen a sozial Kompetenzen, wéi Empathie, Zesummenhalt a Verantwortung ze entwéckelen. Dës Betreiungsforme ginn an enger staark digitaliséierter Welt ëmmer méi wichteg a sinn eng gutt Investitioun an d'Wuelbefannen an an dat mentaalt Gläichgewiicht vun eise Kanner.

Am Budget extraordinaire ass och den Ausbau vun der Maison Relais a Schoul Butschebuerg berücksichtegt, wat alt erëm e wichtege Schratt ass, well mir esou dem Wuesstum vun eiser Gemeng Rechnung droen. Des Weideren investéiere mir och hei an eis besteeënd Strukturen, andeems mir zum Beispill de Plaffong am Iesssall um Strutzbierg erneieren. Wéi bei de Crèchen am Extraordinär ass och hei de Kaf vun engem Minibus virgesinn. Dëst ass noutwendeg, fir déi vill Transporter ze organiséieren an ze assuréieren. Eis Gemeng wiisst, mir schafen nei Betreiungsplazen an do musse mir mat Viraussiicht och un eise Fuerpark denken.
Wa mir vun eise Kanner schwätzen, dann denke mir automatesch och un hir Familljen. Als nei Presidentin vun der Familljekommissioun ass mir dat perséinlech immens wichteg. All nei Betreiungsplaz steet och fir eng Gemeng, déi sozial staark an nohalteg handelt an dat zitt Familljen un.

Och d'Zuele vum Weltkannerdag sinn do eng kloer Erënnerung. All véiert Kand zu Lëtzebuerg ass vun Aarmut oder sozialer Ausgrenzung betraff. Fir eis als Gemeng ass dat e kloren Appell, Verantwortung ze iwwerhuelen. Sozial gerecht Kannerbetreiung muss dofir eng vun eise Prioritéite bleiwen. Nieft der Betreiung ass et eis och wichteg Kanner a Familljen attraktiv a sécher Fräizäit a Beweegungsraim ze bidden. Dofir wäerte mir 2026 Spillplazen an der Soibelkaul an an der Waldschoul reamenagéieren. Net all Famill huet en eegene Gaart, dofir sinn ëffentlech Spillplazen an engem gudde Sécherheetszoustand essenziell, wat och duerch reegelméisseg kontrolléiert an och garantéiert gëtt. D'Beweegungskaart ass eng wichteg Initiativ, net nëmme fir Schoulen a Betreiungsstrukturen, mee och fir Familljen, déi esou zesumme kënnen aktiv sinn an hir Ëmgéigend entdecken.

An der Familljekommissioun hu mir eis och mat de Servicer beschäftegt, déi d'Gemeng de Familljen ubitt. Besonnesch erhiewe wëll ech de Service Baby Plus, deen an de leschte Joren ëmmer méi Familljе begleet huet. D'Zuele weisen däitlech, datt dëse Service gebraucht a geschätzt gëtt. Wichteg Partner fir eng staark Familljepolitik si weiderhin d'Eltereschoul an de Planning familial, wat elo nach duerch eng weider wäertvoll Ressource wéi den Eltereforum ergänzt gëtt. Gutt Elterenaarbecht ass fundamental an eng gutt Zesummenaarbecht stäerkt och eis Kanner an erlaabt et, Problemer méi fréi ze erkennen.

Well d'Familljen an eiser Gemeng ganz divers sinn, bleift eng inklusiv Familljepolitik essentiel. Si hëlleft, Barriären ofzebauen, Integratioun ze fuerderen a Vertrauen an eis Strukturen opzebauen. Dat mécht Diddeleng sozial staark an nohalteg. Fir d'Familljen nach besser ze begleeden, si mir am amgaangen, eng nei Persoun fir de Service Jeunesse et Familles ze rekrutéieren, déi beréit, orientéiert an och als Uspriechpartner fir all eis sozial Partner dénge soll. Da wësst Dir schonns eppes Klenges zu där Job description.

Och d'Hausaufgabenhëllef ass e wichtegt Theema. Do gouf elo mam Projet Super Senior eng nei flott intergenerationell Initiativ gestart, den Här Berettini hat et schonns gesot. A gläichzäiteg setze mir och domadder erëm e staarkt Zeeche vu Solidaritéit. D'Plattform babysitting.lu ergänzt dëst Angebot op eng sécher a modern Aart a Weis. Zousätzlech wäerten an Zukunft och Babysittercoursë vun eise Leit op der Gemeng ugebuede kënne ginn, well si Coursë maache fir Formateur ze ginn, wat d'Aarbecht vill méi vereinfacht.
Zum Schluss wëll ech nach de Familljendag erwänen, deen och dëst Joer erëm e grousse Succès war.

An nieft der Ënnerstëtzung vun de Familljen ass et och wichteg, datt mir als Gemeng Plaze schafen, wou Mënschen zesummekommen, sech austauschen an inspiréiere loossen. An do spillt Kultur eng zentral Roll. Diddeleng ass wäit iwwert seng Grenzen eraus bekannt fir säi villfältege Kulturprogramm. Dat ass d'Resultat vun engem engagéierten a professionell gefouerte Kultursecteur, deen d'ganzt Joer iwwer schafft. Ech wëll hei nach eemol all den Ekippen a Servicer e grousse Merci ausschwätzen. Ouni si wär dëse kulturelle Räichtum net méiglech. All eis kulturell Ariichtunge droe weesentlech zur Liewensqualitéit bäi. Si bidde Raum fir Begeeschterung, fir Erfarung, fir Austausch an Entdeckung. Mee virun allem maachen si eppes, wat keng aner Struktur esou konsequent vermag. Si fuerderen de kritesche Geescht. Si maachen d'Leit méi oppen, méi empfänglech fir Neits an hëllefen hinnen d'Welt ronderëm sech besser ze verstoen.



D'Kultur verbënd d'Generatioune, bréngt Mënschen aus ënnerschiddleche Liewensrealitéiten zesummen a schafft Plazen, wou mir eis als Gemeinschaft begéinen. Egal op Ausstellungen, Concerten, Workshops, Liesungen, Mäert, Kiermessen oder Traditiounsfeieren, si droen all derzou bäi, datt d'Diddeleng eng Stad ass, déi lieft a pulséiert. Kultur huet awer virun allem eng wichteg Bildungsfunktioun, si schäerft de Bléck an de Geescht, fuerdert d'Kreativitéit an de Sënn fir Reflexioun. Si kann derbäi hëllefen, Toleranz opzebauen, d'Barriären ofzerappen an d'Mënschen an hirer Diversitéit ze verbannen.

Ech begréissen dofir ganz besonnesch och, datt de Kulturpass weiderhi fir all eis Aktivitéiten an Eventer ugebuede gëtt an esou jidderengem Accès zur Kultur erméiglecht. Grondsätzlech ass et mir wichteg, datt eis kulturell Offeren esou sozial wéi méiglech am Präis bleiwen. Kultur ass ee Rescht fir jiddereen a muss fir jiddereen erreechbar bleiwen. Och 2026 wäert erëm e Kulturjoer mat engem räichen a breede Programm sinn. Et ass wichteg, datt mir dëse Wee konsequent virufueren, well eng Stad, déi an hir Kultur investéiert, investéiert och an hir Zukunft.

Als nei Presidentin vun der Kulturkommissioun freeën ech mech dann natierlech ganz besonnesch op déi nächst Méint a Joren, fir zesumme mat engagéierten a motivéierte Leit an dësem Beräich dierfe weiderzeschaffen. Kultur ass kee Luxus. Si ass eng Noutwendegkeet fir eng oppen, gebillt a resilient Gesellschaft. Si mécht eis Gemeinschaft méi staark, eis Stad méi attraktiv an eis Demokratie méi lieweg. Dofir musse mir och weiderhin doranner investéieren. Jo, mir droen dëse Budget mat. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Loullingen. Da gi mer erëm eriwwer op d'Oppositioun.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Merci un déi sämtlech Servicer, déi et erméiglechen, alljoers op en Neits de ganze Budget opzestellen an e grousse Merci natierlech un den Här Poull mat senger ganzer Ekipp, well ech selwer krut dat Ganzt net an der Finanzkommissioun erkläert an ech konnt awer all eenzel Positioun ganz flott novollzéien. De Budget ass e wichtegt Dokument, dat d'Prioritéiten an d'Visioune vun der Gemeng ervirhieft. De Budget soll a priori den Awunner gerecht ginn an eis Zukunft plangen. Well d'Gemengeschold awer konstant klëmmt, ass et essenziell, verantwortlech mat dësen Ausgaben ëmzegoen an eng mëttel- a laangfristeg Strategie ze hunn, eppes wat mir heiansdo awer trotzdeem vermëssen. Et muss awer gesot ginn, datt ech immens houfreg sinn Diddelenger ze sinn. Hei lieft een awer ganz gutt an an der Stad spiert een och eng allgemeng Zefriddenheet.

Woubäi et muss ee soen, datt d'Leit awer déi Chiffere vun den Depensen an d'Scholden net gesinn. Wat mécht et aus, datt ee sech an enger Stad wuel fillt an datt eng Stad sech an déi richteg Richtung entwéckelt? Wärend mengem Studium als Landesplaner hu mer véier Haaptpiliere gesinn, déi ee brauch fir kënne gutt ze fonctionéieren an ze gesinn, datt och eng Stad sech an déi richteg Richtung entwéckelt: Effikass ëffentlech Servicer, eng lieweg Biergerbedeelegung, eng harmonesch Stadplanung an eng dynamesch Lokalwirtschaft. Dozou gehéieren natierlech den zousätzlechen ëffentlechen Transport, deen zouverlässeg soll sinn, Offallgestioun, Beliichtung, Waasser, Sécherheet an de Bau vun Infrastrukturen, mat engem extra Fokus op abordabel Wunnengen. Wann dës Servicer gutt fonctionéieren, da kann ee soen, datt alles am grénge Beräich ass. Doropshin hunn ech och meng ganz Analys vum Budget gemaach.

Eng lieweg Biergerbedeelegung ass ee vun deenen Haaptpilieren, wéi ech scho virdru gesot hunn. Awunner, déi hir Meenung matdeelen, Iddien opbréngen an un Decisiounen deelhuelen, maachen eis dat méi gerecht, méi kreativ a méi agreabel, fir do ze liewen. Mir hunn an der Democratie participative eng flott Dynamik kritt, och dank eiser Motioun, wou mer gefrot hunn, fir de Budget eropzesetzen, fir datt mer och méi Projete kënnen ëmsetzen. Mir begréissen dofir ausféierlech, datt a verschidde Plattformen investéiert gouf, déi dat Ganzt wäerten ënnerstëtzen an ënner anerem och de Biergerrot an de Biergerpanel wäerte verbesseren. Dëst Joer ass et dann erëm souwäit, wou d'Bierger wäerte kënne Projeten erareechen a mir hoffen op e gutt opgestallte Budget fir dann dat Joer drop, fir esou vill wéi méiglech kënnen ze konkretiséieren. Mir wollten awer och dëst Joer en Echange national an interregional mat de politeschen Acteuren um Terrain organiséieren. Bis elo hate mir awer dat net um Radar a mir wollten dat relancéieren oder ass dat vläicht ouni eis geschitt? Am selwechte Kontext hate mir och de Projet vum Frigo solidaire, deen eng Zäitche bei Co-labor war, leider zënter Co-labor fort ass, fanne mer keng richteg Plaz fir deen ënnerzekréien.

Nodeems mir awer och driwwer diskutéiert hunn, awer och Visitte gemaach hunn, hoffe mir, datt geschwënn awer trotzdeem eng Léisung dozou wäert fonnt ginn. Mir haten och an deem Kontext eng Motioun erageschéckt, wou mer e Frigo solidaire gefuerdert hunn. An ech sinn zouversiichtlech, wéi ech scho gesot hunn, datt mer geschwënn eng Léisung wäerte fannen. Ech profitéieren awer fir op dëser Plaz eng weider Iddi ze proposéieren, nämlech déi vum To good to go. Iwwersat heescht dat, ze gutt fir ewechzegeheien. De Prinzip ass deen, datt alles, wat d'Restaurante ze vill gekacht oder preparéiert hunn, zu engem minime Präis ze verkafen. Zwee wichteg Aspekter sinn hei ze bemierken. Engersäits natierlech den Antigaspillage alimentaire. An den zweeten Aspekt ass – et ça coule de source- dee sozialen Aspekt. Souwäit ech weess, ass direkt keng national Initiativ an déi Richtung gestart ginn. E kann een dat elo mol op lokalem Niveau testen, et kritt ee vill Informatiounen,

wann ee sech e bëssi informéiert. An an deem Kontext hate mir och en Amendement zum Budget proposéiert vu 10.000 Euro, fir emol eng éischt kleng Pre-etüd ze starten, mat den zoustännegen Acteure kënnen ze schwätzen an do eppes auszeschaffen.

Eriwwer zu der Energie. Am Kader vun der energeetescher Transitioun gouf och dëst Joer de Klimapaktdag organiséiert mat Theeme wéi Sobrieté énergétique, Energiespuersamkeet an d'Gestioun vun de Gemengegebaier mat Fokus: Wou kann een Energie spueren? Et war och an deem Kontext wou mir eng Motioun deposéiert haten, fir d'Luuchten zum Beispill an der Nuecht ze dimmen, respektiv auszemaachen. De Minister Wilmes huet rappeléiert, datt d'Gemengen den Haaptpilier vun der Klimapolitik sinn. Sou zum Beispill ware mir frou ze gesinn, datt eng grouss Fotovoltaikanlag um Centre sportif Hartmann an um Stade Aloyse Meyer wäerte kommen, fir e ganze 1,6 Milliounen Euro. Mir hunn och schonn an deem Kontext d'Schoul Gaffelt energeetesch renovéiert. An an deem Sënn hoffe mer, datt och de Verbrauch wäert erofgesat ginn. An do si mer awer gespaant fir nächste Méinden eisen informelle Gemengerot kënnen ze hunn. Déi EU-Direktiv vun 2023 seet, datt mer op nationalem Niveau mussen all Joers mindestens 3% vun den ëffentleche Gebaier energeetesch sanéieren, plus en Energieverbrauch vun 1,9% erofsetzen. Meng Fro hei wier: Hu mer eis dann an deem Sënn eng lokal Strategie ginn, wou mer wat solle maachen?

Am selwechten Otemzuch hu mer och d'Accessibilitéitsgesetz fir déi ëffentlech Gebaier. U sech wier dat eng gutt Opportunitéit, fir eng Gesamtopnam ze maachen an ze kucken, wou Aarbechte virstinn an déi zwee zesumme kombinéieren. Den Här Manderscheid huet och vun engem Projet gezielt, wou een an Zukunft wäert kënnen eng ganz Erneierung suivéieren. An dat ass wierklech eng super Initiativ. Well et sinn ëmmer sämtlech Froen, déi opstinn, an an deem Sënn wäerte mer kënnen déi Angscht ewech huelen, fir dat unzepaken. An ech ginn dovunner aus, datt een do och Berodung kritt, wéi eng Materialien, Nohaltegkeet. Wie kritt ee seng Subventiounen? Wéi soll een déi ganz Demarchë maachen? Dofir topp wierklech fir dës Initiativ.
Mir sinn och frou an ënnerstëtzen eis Gemeng esou gutt wéi et nëmme geet, fir datt mer och endlech am Klimapakt eis Goldauszeechnung kréien.

Da gi mer dann elo vum Klima op de Bau. Ech fänken dann direkt mam Sujet Devisen un, wou mer net ganz, ganz zefridde si mat dem Ganzen, wéi et leeft. Wéi schonn esou oft wëlle mir eng Léisung fannen, fir datt mer net ëmmer rëm virun engem Fait accompli gesat ginn, wann et drëms geet fir Devis-remaniée mussen ze stëmmen. Et ass een oft ewéi an enger Fal. Wann de Projet à la base gutt war a mir de Budget matgestëmmt hunn, ass et awer net, fir no fënnef Joer mat engem Devis remanié ze kommen, dee mer quasi musse matstëmmen, well engersäits géife mer net kohärent bleiwen, wa mer dat net géife maachen, mee anersäits ass et och oft esou, datt de Projet quasi steet, wann en am Gemengerot presentéiert gëtt. Dofir ass eis Fuerderung, an dat hat ech och d'lescht Woch gesot, wou mer den Déierenasyl matgestëmmt hunn, datt ee soll reegelméisseg Saachen nokucken. Retarden an Imprevue kommen. Dat ass eeben d'Liewen nun emol. Da solle mer awer rechtzäiteg an transparent an enger Finanz- respektiv Bautekommissioun dat Ganzt ausdiskutéieren an iwwerhaapt presentéiert kréien.

Zum Bau gehéieren och Infrastrukturen. An och déi fir déi ganz kleng. Well déi brauchen och hir Baustellen. Just e bëssi méi spaasseg, soen ech elo mol. Ech schwätzen hei vun eise Spillplazen. Et ass eng immens flott Initiativ, all Joers eis Spillplazen ënner d'Lupp ze huelen an do, wou et néideg ass, no ze verbesseren. Mir kréie mat der Zäit ëmmer nei Ufuerderungen, nei Normen, nei, méi kreativ läit Spiller. An dofir ass dat eng richteg an eng wichteg Demarche. Mir haten awer elo heizou eng Fro. Op der Lenkeschléi ass e Panno ze gesinn, datt déi Spillplaz wäert deemnächst renovéiert ginn. Engersäits versti mer net, well déi ass zimmlech rezent. An déi Haaptfro ass, mir hunn awer direkt och elo näischt direkt am Budget virgesinn. Firwat steet de Panno do?

Déi kulturell Offer ass immens wichteg fir eis Matbierger an dat huet och d'Ëmfro ronderëm dëse Sujet gewisen. D'kulturell Offer läit eis um Häerzen, well si eis Identitéit stäerkt, Kreativitéit fërdert a Mënschen zesummebréngt. E wichtege Partner heifir ass ënner anerem eise Centre culturel an eis Musekschoul, wat mer ganz gutt konnte beim Trounwiessel bewonneren, mee natierlech och all déi weider Institutiounen, déi eis Kultur héich halen. Mir hunn immens vill fir Erwuessener, mee net esou vill fir déi Kleng. An ech schwätzen hei fir déi Kleng vun dräi bis sechs Joer. Dat soll och op kee Fall wierklech eng Kritik sinn un eisem Service. Ech wëll heimadder just éischter eng Ergänzung zu der Offer maachen. Ganz oft, wann een Theaterstécker sicht, fir déi ganz Kleng nach eng Kéier, muss een an d'Philharmonie fueren oder op Lasauvage an dem Poppentheater. A genau do hat ech déi lescht Kéier mat der Madamm Agnès Labour geschwat, déi vu Lyon kënnt, déi do wierklech reegelméisseg Theaterstécker hält, fir ze froen, wéi vill esou eppes emol géif kaschten. A stellt Iech vir, dat ass wierklech net vill. Et ware 500 Euro. Wier dat keng Iddi, fir méi an déi Richtung ze maachen? Ech hu mech och e bëssi ëmfrot, wéi et mat der Plaz a mat der Organisatioun ausgesäit an de Centre culturel ass effektiv zimmlech vill besat an ausgebucht. Mee wier vläicht d'Veräinshaus net eng Opportunitéit, fir esou Theaterstécker unzebidden?

Weider an deem Esprit gi mer bei de Virliesunge fir d'Kanner. Poesie am Park am Kader vum Dag vum Buch an der CNA oder an der Bibliothéik. Iwwert d'Joer gekuckt, hate mer awer just zwou Virliesungen, zwou Virliesunge fir déi Kleng an eiser Bibliothéik. Ech si scho gewuer ginn, datt d'Leit sech och fräiwëlleg gemellt hunn, fir do Virliesungen ze halen. A Frankräich ass dëst Benevolataarbecht, mee hei huet et geschéngt net geklappt ze hunn. Ech weess net, ob Dir schonn esou eppes materlieft hutt, mee et ass wierklech magesch deene Kanner nozekucke wéi si transportéiert ginn. An au plus ass dat eng Plus-value natierlech, eng Beräicherung fir si an en inklusive Geste, well d'Entrée meeschtens gratis ass dofir. Fir dëst Joer hate mir fir d'Programmatioun vun der Bibliothéik e Budget vu 15.000 Euro. Ech hunn elo direkt keen Amendement dozou gemaach, well de Budget ass eropgesat gi vu 15.000 Euro. An do géi-

fe mer gäre wëssen, ob vläicht awer esou Virliesunge méi wäerten ugebuede ginn.

Ech komme elo bei mäin drëtte Pilier. Eng harmonesch Stadplanung mat Gréngflächen, sécher a gutt geplangt Stroossen, Plazen, fir sech ze begéinen, bezuelbar Wunnengen. D'Qualitéit vum ëffentleche Raum mécht en enormen Ënnerscheed. Diddeleng wiisst. An déi 15-Minutten-Stad ass eng Strategie, déi mer eis awer kënne ginn. D'Zil ass et, Stied méi resilient, inklusiv an nohalteg ze maachen. D'Haaptprinzipie sinn d'Proximitéit fir d'Strecken ze reduzéieren. An dofir brauche mir och polyzentresch Funktiounen, déi mer kënnen ubidden. Zum Beispill e Bäcker an all Quartier. D'Mëschung vun de Funktiounen, Wunnen, Akafen, Büro a Fräizäitaktivitéite sollen och méi no uneneе leien. An de Virdeel vun dem Ganzen ass d'Reduktioun vun der Verschmotzung, d'Reduktioun vum Kaméidi, d'Reduktioun vum Treibhauseffekter a méi Zäit mat senger Famill.

Mir schwätzen och scho jorelaang vun enger méi begréngter Stad. Dofir si mir immens frou, datt eise Shared Space méi gréng ginn ass an och weider Projeten an déi Richtung solle geplangt ginn. Schued ass natierlech ze héieren, datt mer nach ëmmer keng Plaz fonnt hunn, fir den Tiny Forest ze planzen. Gefillt schwätze mer schonn iwwert fënnef Joer iwwert dëse Projet. Nodeems mir als Gréng virgeworf kréien, datt mer eis bei aner Gemengen inspiréieren, fir eis Motiounen ze deposéieren, si mir awer immens frou ze gesinn, datt d'Stad Lëtzebuerg eis Gemeng Diddeleng inspiréiert huet, fir dann endlech e Subsid fir gréng Fassaden ze maachen.

Wa mer scho bei de Fassade sinn an déi Gréng beluecht hunn, kann een och lo selwer vum Logement schwätzen. Logement ass ee vun eise Kärsujeten. Mee Logement kann een net einfach esou isoléiert kucken. Zum Logement gehéiert och eng dynamesch lokal Wirtschaft, fir keng Villedortoir ze kréien. Dofir brauche mir och Betriber an hoffentlech mat Neischmelz wäerte mer weider Betriber op Diddeleng unzéien. Mir brauche Geschäfter. An ech muss hei eng kleng Klammer opmaachen. Ech profitéiere kuerz, fir dem fréiere City Manager, dem Claude Leners, e grousse Merci ze soen, fir seng aussergewéinlech Aarbecht a säin Engagement, dat hien an eiser Geschäftswelt bruecht huet. Sengem Nofollger, dem Claude Bizjak, wënsche mir eng genau esou glécklech Hand, fir eis Geschäfter ze ënnerstëtzen a weiderhin ze dynamiséieren. Mir brauchen Innovatioun a lokal Aarbechtsplazen. Fonctionnel Servicer fir d'Bierger, Schoulen a kommunal Maison Relaise sinn immens wichteg. A mir brauche mer brauche méi ëffentlech Crèchen. Ech ginn elo net drop a firwat. Mee et ass wierklech e ganz wichtege Pilier vun eiser Gesellschaft.

Déi nei Initiativ vun enger Bëschcrèche huet eis och an deem Sënn immens gefreet. Lokal wunnen a schaffen, dat ass eng Liewensqualitéit, déi mer sollen ustriewen. Um Niveau vun der ëffentlechen an abordabele Wunnenge gesi mir, datt mer do schonn aus der Zone de confort erausginn. A mir paken de Sujet sou lues a lues richteg un. De Service mécht eng brillant Aarbecht. Mee natierlech muss och do stänneg de politesche Wëllen dohannen dru sinn. D'lescht Joer, also 2024, hate mir eng Motioun deposéiert, wou mer gefrot hunn, datt d'Bautekommissioun sollt driwwer informéiert ginn, wéi vill Terrainen d'Gemeng ugebuede kritt am Kader vum Virkafsrecht. Dat ass gesetzlech esou festgehalen. Viru Kuerzem krute mer och dës Lëscht presentéiert a wann ech mech richteg erënneren, wëlle mir, well mir krute se nach ëmmer net, mir sollten se awer kréien, waren dräi Bauterraine proposéiert ginn, déi mer dunn awer net wollten. De Grond war: ze deier. Wann ech mech richteg erënneren, louch de Präis bei ronn 130.000 Euro den Ar. Ech ka mer elo op dëser Plaz net verknäifen, fir drun ze erënneren, datt eis Gemeng d'lescht Joer en Terrain an der Rue des Champs kaf huet, wou mer ganzer 260.000 Euro den Ar bezuelt hunn. Ech loossen dat elo mol einfach am Raum stoen. Well jo, abordabel, abordabel bauen ass, wann een zéng mol dat selwecht Haus baut an doduerch sämtlech Käschten optimiséiert. Mee de Staat gëtt eis schlussendlech fir abordabel Wunnengen, pro abordabel Wunnengen, déi mer bauen, bis zu 75% Subventiounen. An do wieren déi dräi Terrainen awer vläicht wëllkomm gewiescht.

De PAL, Plan d'action locale soll eis eng Visioun fir d'Entwécklung vum Wunnraum ginn, mee bis elo feelt eis eng kloer Strategie fir dat unzepaken. Wou si mer dru mat den eidelstoende Wunnengen? Déi onbebauten Terrainen, déi awer trotzdeem am PAG sinn a wou d'Infrastruktur scho virgeluecht gouf. Et kéint een esou vill draus maachen, wa mer eng Iddi hätten iwwerhaapt, wéi mer dat Ganzt sollen upaken a wéi mer dat solle mobiliséieren.

E weidere Sujet am Logement, hei och eng kleng Klammer op, deen ech awer gäre géif uschwätzen, wou ech net wäert an den Detail goen, ass den Housing First. Aktuell hu mer offiziell zwee Leit op der Strooss hei zu Diddeleng. Hu mir do Léisungen? Et kann een awer net nokucken a soen, datt et kompliźeiert ass, en Housing First Projet ze starten. Am Kader vum Aarbechtsgrupp PAL, also de Plan d'action locale, mat der Consultatioun mat der CNDS, dat ass de Comité national de défense sociale, soll een dëst awer d'nächst Joer, wannechgelift, op den Ordre du jour huelen. Mee mir baue jo geschwënn, kann ee soen. Neischmelz kënnt. Dësen neie Quartier bitt eng eenzegaarteg a wichteg Geleeënheet, fir d'sozial Kohäsioun an eise Staat ze stäerken. An dësem Kontext wëlle mir eng nei Iddi proposéieren, nämlech déi vum betreite Wunnen an intergenerationelle Wunnen. Dat wier en neie Wunnmodell, deen d'Solidaritéit, d'Dignitéit an d'Autonomie vun all Generatiounen ënnerstëtzt a fuerdert. Stellt Iech vir, e Quartier, an deem Generatiounen net just niewentenee kiewen, mee wierklech mateneen. E Quartier, an deem e Student e Moment vu Gesellegkeet mat engem pensionéierten Noper deele kann. E Quartier, an deem eng Famill op frëndlech Solidaritéit vun enger méi erfuerener Generatioun ziele kann. Dës Form vu Wunne bekämpft d'Isolement, also d'Einsamkeet vu meeschtens eeler Leit, vereinfacht den Zougang zu deen. Vum Wunnraum an dréit dozou bäi, en inklusiv dynamescht an nohaltegt urbaant Ëmfeld ze schafen.

Neischmelz ass awer momentan méi bekannt mat senge Fester wéi mat senge Wunnengen. A mir Diddelenger wëssen och, wéi ee gutt feiert. Gutt feiere kann een awer och,

andeems een d'Ëmwelt schützt. Domadder fanne mir immens schued, datt de Budget fir de Green Event erofgesat ginn ass.

Et ass scho e puermol ugeklongen, ech wäert elo net an den Detail vum Parking Am Duerf agoen, mee wannechgelift, kann een do kucken, datt endlech de Parkautomat, wou ee bezilt, richteg geet. Well meeschtens kommen d'Leit dohinner, si hunn dann eng Kaart an der Hand an da kann een awer just mat Mënz bezuelen. Et ass wierklech eng Demande, datt dat soll deemnächst wierklech erëm esou fonctionéieren, wéi et soll.

Och ganz kuerz, ech hat dat schonn d'lescht Woch an der Organisatioun vun der Musekschoul ugeschwat, mee ech wëll et awer nach eng Kéier am Kontext vum Budget soen, Ausschëlderung vun der Musekschoul. Dat ass eng regional Musekschoul. An dat heescht, och grenziwwergräifend. Jo, jo, mir Diddelenger, mir wësse vläit wou d'Musekschoul ass. Woubäi muss ech soen, krut ech vum Léierpersonal gezielt, datt awer trotzdeem permanent SMSen an E-Maile kommen, wou d'Leit froen, wou sidd Dir dann elo? Well déi meescht fueren op de Strutzbierg. Dat heescht, et ass néierens richteg ausgeschëldert, wou eis flott regional Musekschoul läit.

Eis Gemeng gouf fir hir Engagement am Beräich vum Respekt ausgezeechent. Dofir ass et eis wichteg, datt dësen Esprit sech och an eisem Austausch am Gemengerot erëmfënnt, soudatt all Stëmmen, och déi vun der Oppositioun ugehéiert, mat dem néidege Seriö behandelt ginn.Mir wëllen hei och net alles a jiddereen an engem Dëppe geheien. Mee Mëssstänn wëlle mir awer trotzdeem ugoen.

Alles an allem gekuckt ginn et gutt a vill Usätz vu gudder Zesummenaarbecht. Sou bleift awer ze soen, datt mir mat der Ausféierung vum Budget 2025 keng gréisser Problemer haten, och wa mir eis wollten abréngen a villes gefrot hunn a villes net kruten. De Gros vum Budget rémanié hu mir matgestëmmt. Hei huet d'Transparenz bei den Devisen an d'Presentatioun am Gemengerot awer gestëmmt. Mir haten den initiale Budget net matgestëmmt a wäerten och elo konsequent bleiwen, well mir ware wärend dem Joer ëmmer erëm mat verschiddenen Decisiounen, déi getraff goufen, net averstanen. Mir wäerten aus deene verschidde Grënn, wou och den Här Steffen schonn erkläert huet, a mir hunn eis erkläert a begrënnt, firwat mer dat esou maachen, dëse Budget net matstëmme kënnen. Mir bleiwen awer motivéiert am Joer 2026 aktiv matzeschaffen, matzediskutéieren a konstruktiv Iddien anzebréngen. Merci villmools fir d'Nolauschteren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Villmools merci, Madamm Ahmedova. Da géif ech erëm eriwwer goen op d'Majoritéit.

DIOGO COSTA (LSAP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'lescht Joer hunn ech hei gesot, dass d'sozial Kohäsioun, Nohaltegkeet a Resilienz fir eis keng Schlagwierder sinn, mee de roude Fuedem an eiser Politik. An dëst gëllt och fir de Budget 2026, deen haut um Dësch läit. Ech konzentréiere mech haut op



véier Beräicher: De Sport, d'Ëmwelt, d'Biergerbedeelegung an d'Jugend an ech wëll mat der Jugend och ufänken.

Jonk sinn zu Diddeleng bedeit an enger Stad opwuessen, déi vill bitt. Dat hat ech och schonn an der Ried zum Budget 2025 gesot. A genau un där Linn hale mir och fest. D'lescht Joer hu mir hei am Sall iwwert de Succès vum Jugendhaus geschwat. D'Rekrutéierung vun engem weideren Educateur an de Service Outreach, dee Jonker a schwierege Liewenssituatioune begleet. Dat war a bleift eng kloer LSAP-Prioritéit. Déi Jonk, déi eis brauchen net eleng ze loossen, mee professionell ze ënnerstëtzen.

Am Budget 2026 maache mir elo den nächste Schratt. Mir begréisse ganz kloer, dass 75.000 Euro fir eng technesch an architektonesch Analys vum Gebai vum Jugendhaus virgesi sinn. Et geet ganz konkreet dorëm, ze klären, ob eng gebailech Extensioun realistesch a sënnvoll ass a wat fir Aarbechte fir eng Mise en conformité néideg sinn, fir d'Bestandsgebai virun allem a Sécherheets- a Brandschutzgeforen nees op de Stand vun haut ze bréngen. Jo, léif Madamm Kayser, déi grad net hei ass, och ech wënsche mir, dass se an e puer Joer en neit Jugendzentrum kënne plënneren. Dat geschitt awer net an deenen nächsten dräi, véier, fënnef, voire méi Joren. Deemno ass dat keen Nice to have, mee eng viraussetzend Investitioun, fir dass d'Jugendhaus och an de kommende Joren e sécheren an adaptéierte Raum bleift fir eis Jonker.

Am Zesummenhang mat eiser Jugendpolitik si mir frou kënnen op Diskussiounen aus dem leschte Joer opzebauen. 2026 organiséiert d'Stad Diddeleng zesumme mat der Jugendkommissioun fir déi éischte Kéier eng offiziell Zeremonie fir déi Jonk, déi am Joer virdrun 18 Joer al gi sinn, ronderëm de Pass Interrail, dee mir no enger amendéierter Motioun vun de Kolleege gemeinsam decidéiert hunn. An deem Kader hunn ech hei iwwert eng Receptioun fir déi 18järeg geschwat a si frou, dass d'Madamm Kayser meng Ried vun 2025 quasi eent zu eent iwwerholl huet. Et geet, wéi schonn 2025 gesot, eeben dorëms hinnen hir Rechter, hir Pflichten ze erklären, de Kontakt mat der Gemeng opzebauen a si wëllkomm ze heeschen als nei erwuesse Bierger vun eiser Gemeng. Elo maache mir aus där Iddi e konkrete Schratt no vir, eng Zeremonie am Kader och vum Interrail Pass, e symboleschen, mee e konkreeten Ticket an Europa. Besonnesch frou sinn ech, wat ech och schonn annoncéiert hat an der Jugendkommissioun, ze soen, dass mir am Laf vum Joer 2026 zesumme mat der Jugendkommissioun ufänke wëllen, un engem Plan d'action Jeunes ze schaffen. Dëse Plang soll net hanner zouenen Dieren entstoen, mee e Co-konstrukt ginn. Mir bréngen d'Acteuren aus der Ju-

gendaarbecht, aus de Veräin, aus der Maison des Jeunes an och aus dem Lycée ronderëm en Dësch. Mir wëllen zesummen definéieren, wéi mir d'Jugendaarbecht zu Diddeleng an den nächste Jore gesinn.

Wéi kënne mir déi Jonk an all Quartier erreechen? Wéi gesäit eng modern, inklusiv Jugendpolitik fir eng wuessend a villfälteg Stad aus? Wou kënne mir Plaze schafen, wou Jonker sech gär ophalen ouni gestéiert ze ginn, awer och ouni ze stéieren? Wou brauche mir nei Offeren? Wou musse mir besteeënd Saachen adaptéieren? D'Zil ass kloer, Diddeleng soll eng Stad bleiwen, an där all jonke Mënsch seng Plaz fënnt, seng Stëmm abrénge kann a Perspektiven huet, egal aus wéi engem Milieu e kënnt. Op dësem Plang si mir, mengen ech, däitlech, mir investéieren net nëmme fir d'Jugend, mee mir investéiere mat der Jugend.

E weidere Sujet, deen ech haut uschwätze wëll, ass de Volet vun der Ëmwelt. An och an eis Ëmwelt investéiere mir weider. 2025 hu mir ënnerstrach, dass d'Klimakris net abstrakt ass, mee ganz konkreet zu Diddeleng spierbar ass. Hëtztwellen am Summer, Staarkreenepisoden am Laf vum Joer an hir Konsequenzen op Infrastrukturen an op d'Liewe vun de Leit. Dëst huet sech an der Tëschenzäit net geännert, am Géigendeel. De Budget 2026 zitt d'Konsequenze weiderhin doraus aus deem, wat mer an de leschte Joren op de Wee bruecht hunn. Mat der Klimapakt Goldzertifizéierung hu mer gewisen, dass Diddeleng zu deene Gemengen am Land gehéiert, déi Nohaltegkeet eescht huelen. Dëst ass keng Trophäe, déi sech elo e wonnerbare Rapport schreiwe léisst an da verstëbst, mee et ass en Usporn fir och elo, wou Zäite vläicht finanziell net méi esou bequeem sinn, weider konsequent an d'Ëmwelt ze investéieren.

Am Beräich Waasser ass et eis Ambitioun, déi besteeënd Infrastrukturen ze erneieren an un nei Realitéiten unzepassen, d’Moderniséierung an der Waasserbehandlung a bei der Kanalisatioun droen dozou bäi, d'Drénkwaasserqualitéit ze sécheren an eis Systemer géint extreem Wiederphenomeener méi resilient ze maachen. Am Beräich Offall geet et dorëm d'Quantitéit ze reduzéieren an de Recycling Coat weider erop ze kréien. Dat fänkt bei effizienten Offallsstrukturen un, geet iwwer de Minettkompost bis bei Sensibiliséierungscampagnen am Alldag. Wou d'Leit gutt informéiert a matgeholl ginn, ginn d'Resultater séier besser.

Déi duuss Mobilitéit bleift och eng Haaptprioritéit. Méi sécher a besser verbonnen Trottoir- a Vëlosweeër, e modernt Konzept fir de Verkéier am Stadkär a méi attraktiv Alternativen zum Auto. All Kilometer, deen net mam Auto gefuer gëtt, hëlleft der Loftqualitéit an der Liewensqualitéit. Eng seriö Ëmweltpolitik geet awer méi wäit wéi just technesch Infrastrukturen. Et geet och ëm d'Biodiversitéit an eiser Stad. Beem, déi neie Schiet bréngen a géint d'Hëtzten hëllefen, Blummewisen an Innenstadtbegrünung, déi de Liewensraum fir Insekten an Déiere bidden an d'Weiderentwécklung vun de Bësch- a Fräizäitaktivitéiten an a ronderëm Diddeleng. Dat wat mir 2025 als Beispiller genannt hunn, d'LED-Stroosseluuchten, Solarinstallatiounen, Réckhalbecken, gëtt elo am Budget 2026 weidergeduecht a konkretiséiert. Mir bleiwen do konsequent um Wee. An ech wëll och d'Roll vun de Bierger net vergiessen. Subventioune fir energeetesch Sanéierung am Klima - oder Energieberodunge ginn nach ëmmer ugebueden. D'lescht Joer hate mir hei betount, dass hei nach d'Potenzial no uewen ass. An et bleift eis Aufgab, d'Leit besser ze informéieren a se ze encouragéieren, dës Offeren och wierklech ze notzen. Ëmweltpolitik maache mir net fir d'Leit, mee mat hinnen.

A genau do si mir beim nächste Sujet, der Biergerbedeelegung. D'Demokratie lieft vum Matmaachen. Dat huet eis Aarbecht an de leschte Jore gutt gewisen. D'lescht Joer hu mir hei iwwert d'Mëttele geschwat fir Projeten aus Demokratie participativ virgesi sinn. D'Iddi hannert deene Biergerprojeten ass einfach. Awer d'Leit, déi an engem Quartier liewen, wëssen dacks am Beschte wat do feelt oder wat besser kéint sinn. An als Gemeng gi mir hinnen domadder konkreet d'Méiglechkeet. Am November 2025 huet eis Staat mat der Konferenz iwwert d'Demokratie locale an d'Intelligence collective e wichtege Punkt gesat. Et war den Ofschloss vun engem laangjärege Parcours zesumme mat der Uni Lëtzebuerg, mee net den Ofschloss vun eisen Ambitiounen. Mir hunn do gewisen, dass mir bereet sinn, nei Weeër an der lokaler Demokratie ze goen. Mat Biergerpanelen, partizipativen Atelieren, mat Ënnerscheed tëscht klassescher Kommunikatioun vun uewen no ënnen an engem Dialog op Aenhéicht. Ganz zentral an eisen Diddelenger Approche sinn och eis Gemengeréit iwwer d'Generatiounen ewech.

De Kannergemengerot, de Jugendgemengerot an ab dem nächste Joer de Senioregemengerot. An deene Gremie kënne Kanner, Jugendlecher an och eis eeler Matbierger hir Perspektiven a politesch Aarbecht mat abréngen. Dat ass net e Schoulprojet oder symbolesch Dekoratioun, mee eng konkreet Form u Biergerbedeelegung, wou d'Iddien an d'Ureegunge vun dëse Generatiounen an d'Aarbecht vun de Servicer an am Schäfferot kann afléissen. Domadder weise mir, dass d'Participatioun zu Diddeleng net nëmmen am Waljoer op engem Flyer steet, mee am Alldag och gelieft gëtt.

De Budget 2026 preparéiert gläichzäiteg de Buedem fir en neie Kommunikatiouns- a Participatiounsplang, deen 2027 soll a Kraaft trieden. Hei geet et drëm eis bestoend Instrumenter vu Projet citoyen iwwert digital Plattforme bis bei déi klassesch Biergerversammlunge systematesch ze analyséieren an ze kucke wou mir kënne méi transparent, méi einfach a méi no bei de Leit sinn. D'Zil ass kloer, kee soll dat Gefill hunn, doheem ze sëtzen an net informéiert ze sinn an och keen d'Gefill hunn, meng Meenung gëtt hei souwisou net gefrot. Mat de Biergerprojeten, de Gemengeréit fir Kanner, Jugend a Senioren an engem neie Plang fir Kommunikatioun a Participatioun schafe mir de Kader, wou Matbestëmmung a Matverantwortung e feste Bestanddeel vun eiser lokaler Demokratie an eiser Stad sinn.

A wat nach feste Bestanddeel vun eiser Stad ass, ass de Sport. Diddeleng ass a bleift eng Sportsstad. A mir hunn dat d'lescht Joer schonn an der Budgetsdebatt ënnerstrach. Ënner dem Label Gesond Diddeleng setze mir op Beweegung, Preventioun a Gemeinschaft. Dofir spillt de Sport am Budget 2026 eng wichteg Roll. D'Bevëlkerung

wiisst, d'Veräiner wuesse mat an d'Demande un d'Gemeng geet domadder natierlech och an d'Luucht. Et geet eis awer net nëmmen ëm méi Infrastrukturen, mee virun allem ëm gutt sécher an ugeduete Strukturen, déi zur Realitéit vun haut passen. Am Austausch mat de Veräiner, a jo, ech ënnersträichen, do gëtt et vill Austausch, gi Froen zu Trainingsstonnen, Trainingsnotzung, Kompetitiounskalenner, Jugendaarbecht a Fräizäitoffer ëmmer nees thematiséiert. Dës Gespréicher sinn net Niewesaach, mee déi praktesch Basis, op där mir Prioritéiten am Budget setzen.
E puer konkreet Beispiller: Um Site Strutzbierg wiisst e wichtege Sports- an Educatiounsstanduert weider. Schoul, LASEP, Veräinssport an Noperschaft ginn do ëmmer méi zesummegeluecht. Genee esou stelle mir eis eng nohalteg a multifunktionell Sportsinfrastruktur vir. Am Centre René Hartmann an an der oppener Schwemm investéiere mir weider, fir d'Qualitéit an d'Sécherheet vun den Anlagen um neisten technesche Stand ze halen.

E grousse Punkt ass a bleift de Komplex Kennedy. Hei si mir am volle Chantier an dat freet vill Flexibilitéit vun de Veräiner an de Servicer. Trainingsverlagerung, Ëmorganisatioun vu Matcher, temporär Léisungen. Do gëtt probéiert, dës Phas net nëmme wéi eng Baustell, mee och als Chance ze notzen, fir d'Notzung vum Site nei ze denken. Méi funktionell, méi oppen, besser kombinéierbar. Um Site Jos Nosbaum hu mir, nodeems d'Soumissioun fir déi nei Tribün net bezefriddestellend war, net einfach blann weidergemaach, mee zesumme mam F91 eng nei Marschroute festgeluecht. Mir stinn hannert eisen Infrastrukturen an hannert eise Clibb. Mee jo, mir musse gläichzäiteg och responsabel a seriéis mat de Steiergelder ëmgoen. D'Sportspolitik geet awer méi wäit wéi nëmme Gebaier an Infrastrukturen. Mat eisem Sportskoordinator hu mer e systematesche Bilan opgebaut. Vill Kontakter um Terrain, Visitten an de Veräiner, Analyse vu Besoinen am Quartier. Doraus entstinn elo konkreet Projeten. D'Beweegungskaart, wou Sport a Beweegung geziilt an d'Quartiere bruecht ginn. E Programm Sport et Loisirs, dee verschidde Generatiounen usprécht an eng verstäerkten Aarbecht ronderëm de Benevolat, no der Foire du Benevolat an dem INAPS-Workshop dëst Joer. Nieft klassesche Strukturen huelen och nei Formater Plaz an eiser Politik. Mam Projet Next Gen Fitness Game zesumme mam LNB versiche mir, déi nächst Generatioun u Sport- a Fitnessformater op Diddeleng ze zéien. Dat passt bei eis jonk, dynamesch a weltoppe Stad.

An zum Schluss nach e Punkt, deen ech schonn 2025 betount hat a wou ech mech gär widderhuelen. Ouni eist Benevolat geet näischt. Trainerinnen an Trainer, Kommiteesmembere, Leit déi d'Keess féieren, Events organiséieren, Kanner féieren, Dossieren aushuelen - si droen de Sport an d'Veräinswelt am Alldag. Mir investéiere weider an de Benevolat. A mat dësem Budget weise mir, dass mir bereet sinn, si weider ze ënnerstëtzen. Mat Infrastrukturen, mat Servicer a mat Respekt, dee si verdéngen. Här Buergermeeschter, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Budget 2025 hat gewisen, dass mir als Stad op sozial Kohäsioun, Nohaltegkeet an eng enk Bindung un eis Jugend setzen. De Budget 2026 knäppt genau dorunner un a féiert dës Linn konsequent weider. Mir investéieren an d'Jugend, net nëmmen an d'Infrastruktur, mee och an e Plan d'action



jeune, deen zesumme mat de Jonken entsteet. Mir halen d'Ëmwelt als Haaptprioritéit op Basis vun deem, wat mir an der Klimapaktauszeechnung a mat konkrete Projeten op de Wee bruecht hunn. Mir stäerken d'Biergerbedeelegung iwwer Generatiounen ewech, vum Kannergemengerot bis bei de künftege Senioregemengerot an iwwer Projeten, déi vun de Bierger selwer kommen. A mir halen Diddeleng als Sportstad um Niveau, dee mir selwer eis ginn hunn, mat gudden Infrastrukturen, enger kloer restrukturéierter Sportspolitik an engem staarken Engagement fir de Benevolat.

Natierlech bleift de finanzielle Kader eng Erausfuerderung. Et ass eis gemeinsam Verantwortung, ambitionéiert ze bleiwen an dobäi d'Stabilitéit am Aen ze behalen. Mee ech sinn iwwerzeegt, dass de Budget 2026 eng raisonnabel Balance tëscht den Investitiounen an der Nohaltegkeet fënnt. Zum Ofschloss wëll ech ënnersträichen, dass et eis all ëm d'Wäerter geet, déi hannert dësem Budget stinn. Respekt virun eiser Jugend, d'Stäerkung vun der Stëmm vun de Bierger, eng konsequent Ëmsetzung vun eisem Sports- a Veräinsliewen. An net zulescht d'Prioritéit fir d'Ëmwelt an de Klimaschutz, am Interessi vun de Leit zu Diddeleng an am Sënn vun enger gerechter an nohalteger a liewenswäerter Stad. Ech soen Iech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci dem Här Costa.

FRANÇOISE KEMP (CSV): Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter, léif Kolleeginnen a Kolleegen, e grousse Merci dem Här Poull a senge Servicer fir d'Aarbecht. De Budget ass ee vun de fundamentaalsten Instrumenter, déi eng kommunal Verwaltung huet. Et ass net nëmmen eng theoreetesch Lëscht oder technesch Lëscht vu Recetten an Depensen, mee eng politesch Erklärung dozou, wat fir eng Staat wëll sinn an op wat d'Majoritéit konkreet setzt, wann et ëm Prioritéiten a Verantwortung geet. E Budget weist, wéi eng Prioritéiten eng Gemeng setzt, wéi eng Strategie se verfollegt an op wéi eng Ziler se hi schafft. An do ass eis Flicht an der Oppositioun, net ze bremsen, mee genee nozefroen op all Euro, ziilgeriicht, transparent an am Interesse vun eise Leit agesat gëtt. A mat deem Bléck wëll ech meng Analys vum Budget ufänken.

Als éischte Punkt ginn ech op den Observatoire social an. Den Observatoire social ziilt dovunner of, d'Informatiounen, déi divers an zimmlech verspreet waren, a reegelméissege Suivi zu der sozialer Situatioun zu Diddeleng ze maachen. Dëst wäert eis net nëmmen hëllefen, d'Bedierfnisser besser ze verstoen, mee och existent Informatiouns-

lücken ze fëllen. Et erlaabt eis, eng ëffentlech Politik besser ze maachen, un déi reell Bedierfnisser vun eiser Bevëlkerung unzepassen an evidenzbaséierend Entscheedungen ze treffen.

De Projet Observatoire social gëtt als datebaséiert Politik verkaaft. Mee bis elo hu mir weeder en iwwerzeegende Rapport nach eng kloer Kommunikatioun iwwer konkreet Resultater, nach en Debat doriwwer, wéi dës Donnéeën effektiv Politik zu Diddeleng geännert hunn. Déi Konventioun, déi mir ënnerschriwwen hunn, ass bis den 31. Mäerz 2025 gelaf an huet sech op e Montant vun 152.933 Euro belaf. Mee am Budget stinn 178.931,71 Euro bis 2025. Dat ass eng Differenz vun iwwer 25.000 Euro, ouni politesch Erklärung. Déi zweet Rechnung, déi am Budget erëmzefannen ass, vu 77.636 Euro laut Konventioun, allerdéngs war eeben am Budget e Montant vun 90.834,12 Euro ze fannen. Wéi ass dee Montant ze verstoen? Wéi eng Prestatiounen hu sech do geännert? Wou si mir mat dem Projet an den Tâchen, déi festgehale goufen, drun? Ass d'Verlängerung vun der Konventioun schonn ënnerschriwwen?

Am Mäerz 2025 sollt eng Presentatioun mat de finale Resultater virgestallt ginn. Op der Websäit vum LISER konnt ech leider net ganz vill zum Projet liesen. Bis haut hu mir keng Resultater gesinn. Ech hu gesinn, datt de Projet 2026 weiderleeft an erëm e Montant vun 90.000 Euro an de Budget agedroen ass. Dat heescht, mir wäerten e Budget vun 268.931,61 Euro en fin de compte hunn, wat eng Augmentatioun vun der initialer Konventioun vu 50% ass. Ass eng Verlängerung vun der Konventioun schonn ënnerschriwwen, obwuel déi vereinbar Tâchen net transparent ofgeschloss goufen. Mir kënnen net eng Konventioun verlängeren, ouni dass d'Basisaarbecht transparent ofgeschloss ass. Dëst ass keng gesond Finanzpolitik. D'Konventioun mat der Chaire Histoire et Migration schreift den alljärleche Plan d'action annuelle de la Chaire mat entspriechendem Budget vir, déi vum Comité soll diskutéiert a mat Recommandatiounen ergänzt ginn. Dofir eng legitim Fro: Wéi och ass dee Comité wierklech getraff? Wéi sinn déi Pläng konkreet ausgeschafft? Wéi gesi se aus? An op wéi eng Manéier ass de Gemengerot iwwert d'Ëmsetzung dobäi informéiert ginn? Wéini a wéi gëtt de Gemengerot iwwert d'Ëmsetzung vum Plan d'action annuel de la Chaire informéiert? A wéi ass d'Matsproocherecht vun eis?

Dann zum nächste Volet. Komme mer zur Ëmwelt. Wéi schonn x-mol erwäänt an anere Stellungsnamen, ass Tiny Forest opkomm. A beim Tiny Forest gëtt et do richteg exotesch. 2024 sti 5.000 Euro am Budget. 2026 stinn erëm 5.000 Euro dran. An am Konto fir 2024 ass e Montant vun null transferéiert ginn. Déi éischt Fro ass: Wou stinn d'Beem? Steet iwwerhaapt schonn e Bësch oder stinn hei just erëm d'Zuelen am Budget, ouni datt do op der Plaz eppes geschitt ass. Bei der Rubrik Stadtbegrünung a Klimaanpassung, Klimakiste steet tatsächlech net explizit dobäi, datt dës Ausgaben iwwert de Klimapakt finanzéiert gëtt, sou wéi et bei der Platzbegrünung an der Innenstadbegrünung steet. Dowéinst meng Fro: Gëtt dëse Projet iwwert de Klimapakt bezuelt? Wie kuckt no dëse Planzen an déi eis weise sollen, datt d'Begrünung zur Ofkillung vun enger Stad féiert?

Et geet weider mat der Digitaliséierung. Am Budgetsdeel Dépenses ordinaires ass mir eng Hausse vun 30.000 op 100.000 Euro opgefall fir de Site et Blog Internet Adaptation Technique. Wéi eng Adaptatiounen, ausser d'Erweiderung vun de Fonctionnalitéiten an déi nei Dispositioune vun der Protection des données, begrënnen dës Hausse? Des Weideren ass eng gréisser Hausse vun 30% am Artikel Honoraires pour prestations informatiques. Wat ass ënner deem Artikel ze fannen? An des Weideren, wat begrënnt dës Hausse?

Dann den Artikel Honoraires d'architecte géomètre et d'autre expert gëtt quasi verzéngfacht. Dat ass net nëmmen eng kleng Korrektur, mee eng strukturell Upassung, déi eng kloer Erklärung brauch, wat fir Projeten hei am Hannergrond stinn.

Da komme mer zu de Senioren. D'Seniore stellen eng wäertvoll Ressource fir eis Gesellschaft duer mat hirem Wëssen, hir Erfarung, hirem Drang, och am Alter aktiv ze bleiwen. Ech wëll ufanks ausdrécklech betounen, wéi frou mer sinn, datt op eis Motioun hin dëse Projet, de Service d'accompagnement scolaire intergenerational Super Senior elo zu Diddeleng wäert ëmgesat ginn. Dëse Service weist wéi fir Potenzial an eisen eelere Matbierger stécht. Et ass eng Win-Win-Situation. D'Schoulkanner kréien no der Schoul eng kompetent roueg an zouverlässeg Ënnerstëtzung bei hiren Hausaufgaben an eis Seniore kënnen hir Erfarung, hir Zäit an hiert Fachwëssen op eng wäertvoll Manéier an d'Gesellschaft erakréien. Ech wëll dem Schäfferot dofir Merci soen, datt d'Motioun opgegraff gouf an dëse Projet elo konkreet ëmgesat gëtt. Et ass eng Investitioun un d'Bildung, an d'sozial Kohäsioun an d'Wäertschätzung vun eiser eeler Generatioun. Am Kader wollt ech och froen, wéi vill Senioren op de Flexibus am Joer 2025 zeréckgegraff hunn?

De Citybus gëtt jo elo net méi duerch den TICE garantéiert, mee mir begréissen, datt dës Linne weider bestoe bleiwen. Dowéinst spuere mir elo vill Suen, an dat begréisse mer. An d'Depensë fir eis reng kommunal Linn si méi previsibel, well mer doduerch och vill manner Participatioun un den TICE mussen ofginn. Mir gréissen och explizitt, dass de Staat elo méi e staarke Partner vun de Gemengen am TICE ass. An de Gemengen hir Participatioun vill méi previsibel ass.

Elo nach e puer Froen zur Jugend. Mir begréissen och d'Ëmsetzung vum Interrail Pass fir 18järegerr. Dann hu mer eis e puer Froe gestallt. A mir krute elo scho e puer Explikatiounen zu den Next Gen Games, déi mer eis gefrot hunn, wéi dat soll ausgesinn. Genee sou wéi hate mer eis gewënscht e puer Explikatiounen, déi mer awer deelweis scho kruten, zur Beweegungskaart ze kréien. Diddeleng ass bekannt fir seng kulturell a sozial Aktivitéiten, déi fest am kollektive Bewosstsi vun der Bevëlkerung verankert. Eventer wéi Kiermes, Museksfester an esou weider stinn e wichtege Bestanddeel vum kulturelle Liewe vun der Stad. Mir spillen och eng zentral Roll am Zesummeliewe vun der Gemeinschaft. Si stäerken eisen Zesummenhalt an hir Verbindung.

Mat dem Konzept vum neie Fest Wéi am Süden, wat genau kënne mer eis do u Budgetzouwuess bei der Kiermes

erwaarden? Dat si just e puer Froen, déi eis nach dozou an de Kapp komm sinn. Dann zum Posten e-Bike: Ginn do nei Statiounen installéiert? Wéi vill Statioune ginn installéiert a wou? Sinn net all Statiounen d'lescht Joer installéiert ginn? Well am Budget e Report steet. Merci.

Wann een e Budget esou de Wuecht bléckt, huet een heiansdo e Gefill, mir hunn hei méi Pilotprojete wéi Piloten, méi Observatoiren ewéi Observatiounen an heiansdo méi Studie wéi konkreet Resultater. Mir si wéi de Kontroller am Flughafen. Jo, de Fliger ass schéin, mee wou sinn d'Piloten an d'Resultater? Et geet net dréms, alles schlecht ze schwätzen, mee et geet ëm Transparenz an ëm konkreet Leeschtungen. Och ech hunn a menger Stellungnam d'Monstranz vun Transparenz méi héich gehalen, sou wéi de Buergermeeschter et ëmmer erëm gär ervirbréngt. Dozou elo just nach vu menger Säit e grousse Merci fir Är Opmierksamkeet an ech freeë mech op déi jeeweileg Äntwert op meng vill gestallte Froen an alles Guddes a schéi Feierdeeg.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Kemp. An da komme mer op de leschte Riedner vun de Mueren, den Här Goergen.

ROBY GOERGEN (LSAP): Bon, ass scho vill geschwat ginn, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, am Numm vun der LSAP-Fraktioun wëll ech als Éischt awer och, wéi meng Virriedner, de Mataarbechterinnen an de Mataarbechter aus de Gemengeservicer Merci soen, déi un dëser Opstellung vum Budget bedeelegt waren, virop dem Pascal Poull, Chef vun der Compta, stellvertriedend fir se all. Hei si sech vill Gedanke gemaach gi fir e Budget opzestellen, deen d'Weeër fir eng zukunftsorientéiert Gemeng virbereet an d'Besoine vun eiser Gemeng gutt reflektéiert. Et ass e Spigelbild, eng Duerstellung vun der Politik vun der LSAP, déi sozial, nohalteg, innovativ a verantwortungsvoll ass.

Eis Stad muss fir all d'Generatiounen attraktiv ginn a bleiwen, oder sinn a bleiwen. Fir d'Kanner, fir déi Jugendlech, fir d'Famillen an och fir d'Senioren. Et ass e Budget, wéi de Buergermeeschter et schonn d'lescht Kéier gesot huet, fir haut, fir muer a fir iwwermuer. Et ass e Budget, deen d'Weiche fir d'Zukunft setzt, ouni awer och d'Géigewaart aus den Aen ze verléieren. De Budget 2026 ass e weidere wichtege Schrëtt fir d'Entwécklung vun eiser Gemeng. Et ass e Budget, deen d'Weiche fir d'Zukunft setzt an ouni awer och d'Géigewaart aus den Aen ze verléieren. Et gi Prioritéite gesat an Investitiounen definéiert, déi direkt Auswierkungen op d'Liewensqualitéit vun den Awunner an eiser Stad hunn.

Fir attraktiv ze bleiwen, muss d'Gemeng senge Matbierger eppes bidden. Diddeleng steet viru groussen Erausfuerderungen. De Wunnengsbau ass déi gréisste Suerg vun de Lëtzebuerger an domat och vun den Diddelenger. De Wuesstum huet e staarken Afloss op eis Stad an op d'Mobilitéit. Zur selwechter Zäit musse mir drop oppassen, datt Nohaltegkeet an Ëmweltschutz net, wéi et de Moment heiansdo geschitt, op der Streck bleiwen. Dat alles mat engem kloren Zil, eis Bierger eng héich Liewensqualitéit ze bidden,



an där si sech och sécher fillen. De Budget muss all dëse Realitéite berücksichtegen an eng equilibréiert Léisung ubidden.

Wéi och déi lescht Jore bleiwe mir mat enger ugespaanter wirtschaftlecher Situatioun konfrontéiert. Déi geopolitesch Situatioun huet och en Afloss op eist Land an eis Ekonomie bleift vulnerabel. Et bleift eng gewëssen Onsécherheet. Trotzdeem weist de Fonds de dotation globale des communes, den FDGC, eng Hausse vun 2,7% am Budget rectifié 2025 an eng Hausse vu 7,2% am initiale Budget 2026. Dëst am Verglach zum Joer 2024. Beim ICC, den Impôt commercial communal, gesi mer souguer eng positiv Entwécklung mat engem Zouwuess vu plus 10,6%, respektiv 12%. Am Budget rectifié 2025 leien d'ordinär Recettë bei 156,9 Milliounen Euro, d'Depensë bei 147,4 Milliounen Euro, wat e Boni vun 9,7 Milliounen Euro ergëtt. Wa mer elo d'Resultat vum Joer 2024 an de Mali vum Service Extraordinaire derbäihuelen, bleift e positiivt Resultat vu ronn 14,3 Milliounen Euro, dat op 2026 iwwerdroe gëtt. Hei kënne mer feststellen, datt de konsolidéierte Boni an deene leschten dräi Joer geklommen ass, 10,9 Milliounen Euro 2023, 11,9 Milliounen Euro 2024 a 14,3 Milliounen Euro 2025. De Boni klëmmt weider, jo zwar a klenge Schrëtt, mee wéi scho gesot, sinn hei déi fett Joren eriwwer an awer bréngen mer et fäerdeg, datt de Boni klëmmt. Dëse Budget setzt haaptsächlech op Kontinuitéit an et kann een net vun nice to have Projete schwätzen. Am Service extraordinaire 2025 sti Recettë vun 46,6 Milliounen Euro géintiwwer 53,9 Milliounen Euro Depensen, wat e Mali vu 7,2 Milliounen Euro bedeit. Dës Differenz erkläert sech duerch nei oder zousätzlech Kreditter, de Report vu Projeten an d'Reprise vu Subsiden.

Wa mir elo den extraordinäre Budget 2026 kucken, da stelle mer fest, datt just 6,6% an nei Projeten investéiert ginn an 93,4% an déi lafend Projeten. Hei gouf scho gesot, datt mir Emprunte maache fir d'Liquiditéiten. Dat ass awer net esou richteg. Et gëtt weider a lafend Projeten investéiert. A mir investéieren och an d'Entwécklung vun eiser Stad, bedéngt duerch déi finanziell Lag awer just 6%. Am Budget 2026 steet och en Emprunt vu 27 Milliounen Euro, deen awer just gezu soll ginn, wann et noutwenneg ass. Wéi dat och schonn 2025 de Fall war, wou 25 Milliounen Euro dra stoungen, awer just 20 Millioune gebraucht goufen. Betreffend d'Emprunte stellt d'CSV sech d'Fro wéi et soss méiglech war d'Paien ze bezuelen. Ma Dir hutt Iech d'Äntwert jo selwer ginn. Die fetten Jahre sind vorbei. 2026 ginn d'Annuitéiten theoreetesch am Rapport mat den ordinäre Recetten ëm bal ee % an d'Luucht, wat eng pro Kapp Verscholdung vu 4897 Euro ausmécht. Hei leie mer nach

am Mëttelfeld. Dat, mengen ech, ass awer fir eng Stad wéi Diddeleng akzeptabel. Leider mussen d'Gemengen oft op d'Sue vu staatlech subventionéierte Projete waarden, wat et de Gemengen net einfach mécht, fir hir Liquiditéite bis zum Enn vum Joer ze garantéieren, a mir och mat den Dekonten net virukommen, wa Retarde beim Ausbezuele vun de Subsiden entstinn. Hei misst de Staat emol eng Kéier seng Prozeduren iwwerdenken.

De Budget 2026 ass e Budget vun der Proximitéit an der sozialer Kohäsioun, e Budget fir d'Bierger, e Budget, dee Verantwortung dréit a Wäitsiicht huet, an dat fir d'Entwécklung vun Diddeleng weiderzedreiwen. Et gëtt mat Virsicht geplangt. D'Recettë vun der Gewerbesteier sinn am Budget ëm 200.000 Euro erofgesat, well dëst dach awer volatil ass. Gutt ass och eis Reserv vun 9 Milliounen Euro, en Apel fir den Duuscht, dee mir awer just upaken, wann et wierklech néideg ass. Et läit der LSAP och um Häerz fir d'Personal, wat Dag fir Dag am Asaz fir eis Bierger ass, adequat Aarbechtsbedéngungen ze garantéieren. Dofir hu mir am Gemengerot Upassungen am Kollektivvertrag gestëmmt, déi retroaktiv a Kraaft trieden an natierlech e substanziellen Impakt op eise Budget hunn. Mee eng motivéiert Ekipp ass d'Basis fir eng funktionéierend Verwaltung. Och ass et wichteg an d'Weiderbildung an d'Wuelbefanne vun eise Mataarbechter ze investéieren. D'Gemeng Diddeleng ass e Patron, dee Verantwortung fir seng Mataarbechter iwwerhëlt. Wa mir sollen u muer denken, da musse mer och innovativ an nohalteg denken. Et muss un d'Digitaliséierung bei de Gemengeservicer, mee och an de Schoulen, Klimaschutz, Innenstadbegrünung, Energieeffizienz bei Renovatiounen an esou weider geduecht ginn.

E weidere wichtege Sujet ass och déi energeetesch Transitioun. D'Fotovoltaik probéiere mer och ëmmer do anzesetze wou et méiglech ass. 2026 sinn am Budget Sue virgesi fir eng Fotovoltaikanlag am Centre sportif René Hartmann. Diddeleng ass och eng Stad, wou an d'Natur investéiert gëtt, op d'Energieeffizienz, wéi schonn ugekënnegt, bei de Gebaier opgepasst gëtt an d'Digitaliséierung weider ausgebaut gëtt. Et ass scho vill gesot, mee ech wëll awer och nach op e puer Prioritéiten agoen. Et gëtt weider an eis Schoulinfrastrukturen investéiert. Mir wëssen all, datt Diddeleng an deenen nächste Jore wuesse wäert. Duerch d'Quartieren A Bëlleg an Neischmelz wäert d'Awunnerzuel vun Diddeleng an deenen nächste Joren ëm iwwer 25.000 Awunner klammen. Dofir ass engersäits wichteg, datt an d'Mise en conformité vun eisen aktuelle Schoulgebaier investéiert gëtt. Op där anerer Säit wësse mer awer och, datt et domadder net duergeet an dass aktuell Plazen an eise Schoulen nach gebraucht ginn.

Mir begréissen als LSAP, datt weider Quartiersschoule geplangt ginn. Op Baltzeng entsteet en neie flotte Schoulkomplex mat enger Maison Relais, déi dréngend noutwenneg ass. Hei hunn d'Aarbechte mam Ofrappe vun där aler Schoul jo schonn ugefaangen. Am Brill gëtt weider an d'Mise en conformité vum Gebai investéiert. Jo, dat Gebai huet eng laang Geschicht, wéi hei och schonn ugekënnegt ginn ass. Och ech sinn do an d'Schoul gaang. A souguer mäi Papp ass do schonn an d'Schoul gaang. A wa mir als Kanner deemools vun deem grousse Schoulhaff profitéiert hunn, fir Fussball ze spillen, respektiv den Handball do seng Matcher gespillt huet, entspréicht dësen awer net méi de Besoine vun eise Kanner an der haiteger Zäit. Dofir ass et ëmsou méi wichteg, fir dëse Schoulhaff ëmweltfrëndlech a kannergerecht ze gestalten. D'Fro, ob mir d'Plange vun enger Spillplaz mëttlerweil net selwer kënnen iwwerhuelen, dach, dat geet bestëmmt, mee da misste mer eis Servicer awer massiv opstocken. Kënne mir dat wierklech stemmen? Mir begréissen och, datt sech elo scho Gedanke gemaach gi fir d'Plange vun enger Schoul op Neischmelz. 2028-2029 soll jo do schonn déi éischt Leit kënnen anzéien.

Diddeleng zeechent sech och aus duerch seng Quartiersschoulen. An der LSAP ass et wichteg, datt d'Quartiersschoule bäibehale ginn. Quartiersschoule si wichteg, si sinn, wéi ech schonn erwäänt hunn, e Stéck Geschicht vun Diddeleng a bréngen vill positiv Effekter. D'Kanner kënnen zu Fouss oder mam Vëlo an d'Schoul goen, respektiv fueren, wat sécherlech och zu der Verkéiersberouegung bäidréit, wat awer haut net ëmmer de Fall ass. D'Gemeng investéiert och nach weider an de Séchere Schoulwee, mee hei brauche mer awer och en Ëmdenke vun den Elteren. Déi mussen och matspillen, soss kann dat Ganzt net fonctionéieren. Aleng an Infrastrukturen investéieren, geet och net duer. Eng Schoul am Quartier mat enger Spillplaz, wou Kanner mat den Eltere sech kënnen treffen, dréit zur Liewensqualitéit bäi a mécht d'Liewen zu Diddeleng attraktiv. Wat awer nach feelt hei zu Diddeleng, ass eng Plaz fir déi Jugendlech. Mir hunn hei zu Diddeleng e Jugendhaus, wat déi Jonk encadréiert an eng wäertvoll Aarbecht leescht. Mee déi Jonk brauchen eng Plaz, wou se sech kënnen treffen oder einfach nëmmen chillen. Ech hunn och do voll d'Vertrauen an eis Jugendkommissioun, dass si dat Theema do wäerten op de Leescht huelen. 75.000 Euro Invest an d'Jugendhaus ass eng wichteg Investitioun. Fir datt d'Jugendhaus weider déi Jugendlech, wou d'Unzuel klëmmt, kann optimal encadréieren. Wann ech d'lescht Woch gutt nogelauschtert hunn, ass erwäänt ginn, dass och eventuell gekuckt gëtt fir an deenen nächste Joren, elo net haut a muer, un en neit Jugendhaus ze denken.

En anere Punkt ass awer och de Logement. Hei gëtt weider an den abordabele Wunnraum investéiert. Ech ka mer virstellen, datt virun 80 Joer de Besoin nach net esou héich war. Ech ginn Iech awer Recht, Madamm Thoma, datt mer weider mussen an den abordabele Wunnraum investéieren. Mir mussen och de Budget am A awer behalen. Jo, d'Zil muss et sinn, datt jiddweree sech e Liewen zu Diddeleng leeschte kann. Mir wëlle weider abordabele Wunnraum schafen, fir datt jiddweree sech e Liewen zu Diddeleng leeschte kann. Aktuell huet d'Gemeng 114 Wunnengen, dovunner 61 am Service Logement a wéi scho gesot 53 an der Gestion Locative Sociale. Och wann déi Wunnengen eis net gehéieren, musse mer awer an déi investéieren. An et ass och abordabele Wunnraum. Fir 2026 wäerte weider Unitéite fäerdeg ginn. Dëst ass eng konkreet Politik fir eis Bierger, well eng Wunneng ass e Grondrecht. D'Modifikatioune vum PAG si wichteg, fir datt d'PAPe kënne weidergedriwwe ginn, respektiv nei Wunnmethoden ewéi Tiny Haiser eng Realitéit zu Diddeleng kënne ginn.
E weideren Invest ass dat regionaalt Déierenasyl. Et kann een iwwert de Präis vun esou engem Bau diskutéieren. Et

huet och der LSAP net gefall, datt déi Käschten esou geklomme sinn. Mee näischt bauen ass awer fir d'LSAP keng Optioun. Mir als LSAP setzen eis och fir d'Wuel vun den Déieren an den Déiereschutz an. Mir dierfen awer hei och net vergiessen, datt mir mat dësem Projet och de Benevolat ënnerstëtzen. An all deene ville Benevollen, déi hei eng exemplaresch Aarbecht leeschten zum Wuel vun den Déieren, optimal Aarbechtsbedéngunge schafen.

D'Mobilitéit an Ëmwelt ass och fir d'LSAP en Theema. D'Plange vun engem Chemin mixte fir d'Vëloen a Foussgänger an der Rue Madame Mayrich de Saint Hubert, E-Bike-Statiounen, eng nei Beliichtung vum Vëloswee am Park Le'h an op geféierleche Plazen e Marquage fir méi Sécherheet vun de Vëlosfuerer ze assuréieren. D'Ëmgestalte vun der Landstrooss, dem Kräizbierg an der Lëtzebuerger Strooss bei der ARAL-Statioun ginn nei amenagéiert an och vëlosgerecht geplangt. Och gëtt an iwwerdaacht Vëlosstänner investéiert. Ech stelle fest, datt sech och zu Diddeleng Gedanken ëm d'Vëlofuerer gemaach ginn. Awer net nëmmen ëm d'Vëlofuerer, mee et geet och ëm d'Foussgänger. Niewent der Part, déi mir als, déi mir beim TICE als Gemeng mussen investéieren, ass et direkt reagéiert ginn, wou et geheescht huet, datt den TICE d'Citybuslinnen net méi assuréiert. Et ass direkt mat enger Ausschreiwung reagéiert ginn an esou kënne mir déi sämtlech Citybuslinnen, mat deene besteeënden Arrête weider hei zu Diddeleng garantéieren, eventuell souguer nach ausbauen.

D'Verkéiersberouegung ass fir dës Majoritéit och ee wichtege Punkt. Eng Etüd soll hei weisen, u wéi enge Schrauwe mer an Zukunft mussen dréien, fir de Verkéier an de Grëff ze kréien. Betreffend de Projet Neischmelz ass de Fonds de logement zoustänneg fir d'Mobilitéit. Mee wéi ech awer schonn erwäänt hunn, ass fir dës Majoritéit d'Verkéiersberouegung e wichtegt Theema. An hei mengen ech, datt de Schäfferot dat och esou gesäit an dat Theema och zesumme mam Fonds de logement wäert ugoen. De Foussgänger, de Vëlo, an neierdéngs musse mer eis och Gedanken iwwert d'E-Trottinette maachen, an den Auto solle berücksichtegt ginn, et ass un de Gemengeverantwortlechen, eng Politik ze maache fir all déi Acteuren zesummenzeféieren an datt déi respektvoll am Verkéier mateneen ëmginn. All déi Mesuren, déi ech elo opgezielt hunn, weisen, datt Diddeleng eng Gemeng ass, déi sech fir all d'Bierger an hirer Gemeng asetzt. Och gëtt weider an de Sport investéiert. Sport ass kee Luxus, mee Sport ass wichteg fir eis Gesondheet a fërdert déi sozial Kohäsioun. Eis Sportsveräiner leeschten Dag fir Dag eng enorm Aarbecht, andeems si dofir suergen, datt Dausende Kanner op d'Trainingen a Matcher kompetent an engagéiert encadréiert ginn. Dat ass eng grouss Verantwortung, déi op de Schëllere vu ville Benevolle läit. Als Gemeng musse mir dës Leeschtunge konsequent an nach besser ënnerstëtzen, well jidderee weess, ech inklusiv, datt de Benevolat seng Limitten erreecht huet.

Awer och Invester an eis Sportinfrastrukture si wichteg. Diddeleng leet wäert op modern Sportinfrastrukturen, wou d'Bierger sech wuel fillen. Et gëtt probéiert, alle Veräiner déi Méiglechkeet ze ginn. 2026 gëtt an de Stad Jos Nosbaum investéiert, dee schonn eng Partie Joren um Bockel huet an e Refresh dréngend noutwendeg huet. D'Erneierung vun den Tribünen, awer och d'Plange vun enger neier Buvette an dem Gymnase si fir 2026 geplangt. Leider hunn d'Aarbechte fir d'Tribün missten no hanne verréckelt ginn, well déi eenzeg Offer, déi erakoum, 38% iwwert dem Budget louch, dee virgesi war. Hei gesäit een, datt d'Gemeng Verantwortung iwwerhëlt an dëser Offer net zougestëmmt huet an an Ofsprooch mat de Responsabele vum Fussball dëse Projet liicht no hanne verréckelt huet. Hei maachen déi Gréng drop opmierksam, datt de Stadion scho richteg al ass an dat éischter hätt kënnen an Ugrëff geholl ginn. Jo, dat ass richteg. Mee och dat, also am Alter waren de Strutzbierg, de Centre Sportif René Hartmann, d'Schwämm an och de Stade John F. Kennedy mat der Indoortennishal huet haut schonn e gewëssen Alter an déi elo an Ugrëff geholl gëtt.

Eng nei Indoor-Liichtathletikshal kombinéiert mat enger Indoor-Tennishal, wat e regionale Projet ass, erlaabt, datt eis Sportler a virun allem déi vill Kanner an Zukunft och am Wanter hirem Sport ënner adequate Konditioune kënnen nogoen. D'Demolitiounsaarbechten och do hu schonn ugefaangen. Sport soll och hei zu Diddeleng fir all Kand méiglech sinn. Am Budget si 60.000 Euro virgesi fir en neie Projet an Zesummenaarbecht mam Office social. Sozial Integratioun iwwert de Sport ass hei de Motor. Hei kritt all Kand zu Diddeleng d'Méiglechkeet Sport ze maachen, egal wéi d'finanziell Situatioun doheem ass. D'Gemeng leet bei all Kand aus engem Menage, deen op d'Allocation de vie chère ugewisen ass, 150 Euro pro Kand pro Joer bäi, wann et an engem federéierte Veräin hei zu Diddeleng ageschriwwen ass. Dat nennen ech Sozialpolitik.

Bei de Subside fir d'Veräiner ass de Budget ëm 50% gehuewe ginn, well et wichteg ass an deenen haitegen Zäiten, wou et ëmmer méi schwiereg gëtt Benevoller ze fannen, ze ënnerstëtzen. Et gëtt ëmmer méi schwiereg, Benevoller fir déi vill Kanner a Jugendlech an eise Veräiner ze fannen. An de Veräiner gëtt vill a gutt Jugendaarbecht vu Benevolle geleescht, wéi ech och scho gesot hat. Dat musse mir weider ënnerstëtzen. Mir als LSAP sinn eis bewosst, datt mer do awer och nach mussen nobesseren. Mir wollten d'Reform vum Qualité plus, déi fir 2026 virgesi war, ofwaarden, fir Upassungen ze maachen. Leider hunn ech kierzlech an der Press gelies, datt dat eng optimistesch Ausso war an et éischter 2027-2028 gëtt. Dat dierf eis awer lo net bremsen. 2026 gëtt och d'Gesondheet an d'Sécherheet weidergeschriwwen. Et gëtt weider um Plan local de santé, dee mir 2025 presentéiert hu, geschafft an deen awer och vum Gesondheetsministère ënnerstëtzt gëtt. Ech verstinn dem Här Gangler seng Ausso net, well deen ass 2025 am Hal Polyvalent virgestallt ginn an doropshin hunn och scho vill Associatioune sech bei der Gemeng gemellt.

Gesond Diddeleng an d'Gesondheetsbeoptraagte sinn am Kontakt mat deene verschiddenen Organisatiounen, wéi zum Beispill d'Fondation Cancer, d'Blëtz-ASBL oder d'Associatioun fir Sportsgruppen fir Häerzpatienten, fir déi stellvertriedend fir all déi aner just ze ernimmen. Éischt Mesurë si scho geholl ginn. D'Diddelenger Spidol ass hei och ugeschwat ginn. An de Gemengerot ass och schonn hei emol informéiert ginn, datt Diddeleng als Standuert bäibehale gëtt an datt do d'Preparatoire lafen. Bedéngt natierlech du-



erch déi aktuell Situatioun, wat Dir jo och all an der Press konnt liesen, ass d'Theema aktuell ginn. An ech kann Iech garantéieren, datt mir eis als Gemeng dofir agesat hunn, datt de Site Diddeleng eng absolut Prioritéit muss hunn, wat jo och esou kommunizéiert gouf. Leider war tëschent der Decisioun an der Kommunikatioun duerch d'Press keng Zäit méi, fir nach e Gemengerot anzeberuffen. Mee wann dozou Froen opkommen, gëtt et jo nach ëmmer d'Méiglechkeet an de Gemengeréit Froen ze stellen, mee där sinn awer och nach keng gestallt ginn. Dëst war awer bis haut jo, wéi gesot, nach net de Fall.

Fir d'zivil Sécherheet brauche mer just 416.385 Euro ze bezuelen. Den Neibau fir d'Unitéite vu Beetebuerg an Diddeleng an der Zone industrielle Wolser gëtt endlech elo Realitéit. Dëst bedeit, datt bei der Entwécklung vum Masterplang fir de Service de gestion du patrimoine, de GMP, fir deen 150.000 Euro am Budget stinn, den aktuelle Site vun de Pompjeeë scho ka mat berücksichtegt ginn. Hei huet d'Politik souwuel vu Beetebuerg wéi och vun Diddeleng dem CGDIS hir Ënnerstëtzung beim Plange vum Neibau an der Fusioun vun deenen zwee CICen, wa se da gebraucht gëtt, zougesot. E weidere Plang aus der Schäfferotserklärung ass a senger finaler Phas a gëtt 2026 virgestallt.
Dat ass och e PLS, mee dat ass de Plan local de sécurité, wou och schonn e klenge Montant vu 5.000 Euro am Budget virgesinn ass. Betreffend d'Sécherheet huet d'Gemeng eng Demande gemaach fir eng Unité de police locale zu Diddeleng. D'Police wäert do eng Analys vun der Situatioun hei zu Diddeleng maachen. Kommt mer loossen d'Police hir Aarbecht maachen a wie weess, vläicht kéint jo do eraus, datt Kameraen hei zu Diddeleng wichteg sinn. Ech denken awer éischter net. Wichteg ass hei awer, datt d'Police locale net aus deem Dëppe vun der Unzuel vun den aktuelle Beamten hei zu Diddeleng entsteet. Et kann hei nëmme fonctionéieren, wann den Effektif vun de Beamte gehuewe gëtt. Soss bleiwe mir am Status quo an et gi just blo Brassarde verdeelt.

Ze begréissen ass och, dass weider an eis Geschäftswelt investéiert gëtt. Hei spillt de City Manager e wichtege Rôle. An och mir als LSAP wëllen dem Claude Leners nach eemol villmools Merci soen, fir déi gutt Aarbecht, déi hien an de leschte Jore geleescht huet, fir eis Geschäftswelt am Stadkär attraktiv ze gestalten. Fir dës Attraktivitéit weider ze erhalen, voire auszebauen, ass et och wichteg eisem neie City Manager déi néideg Mëttel zur Verfügung ze stellen, fir zesumme mam Geschäftsverband d'Diddeleng ze verbesseren. Dofir ass och den Invest an d'Material vum Parkhaus am Duerf wichteg. Wee vun eis huet net scho geflucht beim Bezuele vun den Ticketen? Fir dës Erneierung sinn 250.000 Euro virgesinn, en Invest, dee wichteg ass fir d'Attraktivitéit vum Parken am Zentrum.

Ech wëll awer och kuerz op d'Aussoe vun deene Grénge reagéiere betreffend de Bilan bei de Walen. Dir hutt et gesot, et ass e Bilan. A wann ech mech gutt kann erënneren, hu mir an eiser Walcampagne och ugekënnegt, datt mir awer och weider géingen an d'Weiderentwécklung vun eiser Staat investéieren. Eng Walcampagne ass nun eemol keng Budgetspresentatioun. Dëst ass fir eis e Budget, deen d'Weiche fir d'Zukunft setzt, votéiert d'Projete weiderféiert, ouni awer d'Finanzsituatioun aus dem Aen ze verléieren. Diddeleng steet viru grousse Erausfuerderunge Wuesstum, Nohaltegkeet, Mobilitéit an digital Transformatioun. Dës Erausfuerderunge mussen am Budget berücksichtegt ginn. Dëse Budget setzt Weiche fir d'Zukunft ouni d'Géigewaart aus dem A ze verléieren. Mir investéieren an d'Sécherheet a Gesondheet, Liewensqualitéit, sozial Kohäsioun, finanziell Verantwortung, Innovatioun an Nohaltegkeet. Als LSAP-Fraktioun sti mir zesummen, fir Diddeleng weiderzeentwéckelen, mat Courage, mat Verantwortung an engem oppenen Ouer fir all Bierger, fir d'Leit, fir d'Zukunft a mat Verantwortung. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren a wënschen Iech all och nach schéi Feierdeeg. Also Merci fir d'Wuert.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci, Här Goergen. Et war zum Schluss ukomm, wéi gesot, d'Stellungname vun de verschiddene Conseillere vun der Majoritéit a vun der Oppositioun zu der Aschätzung zum Budget rectfié fir 2025 an zum Budget initial 2026. Ech mengen hei, d'Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäfferot, mir si prett fir och dann op déi verschidde Punkten, déi Der ernimmt an déi Froen, déi Dir gestallt hutt, probéiert et esou gutt wéi méiglech ze äntweren.
Voilà, virop emol awer, wéi gesot, Merci fir Är Contributiounen, fir Är Aschätzungen, do ginn et Gemeinsamkeeten, do ginn et awer och grouss Ënnerscheeder tëschent der Majoritéit an der Oppositioun, awer och tëschent der Oppositioun selwer, also och innerhalb den Oppositiounsparteien. Ech mengen, mir sinn eis hei bannen eens, an et ass e puermol ugeklongen, dass d'Diddeleng eng Stad ass, déi sech weiderentwéckelt an dass mer och do grouss Erausfuerderungen hunn. A fir eis als Majoritéit ass et wichteg, dass wann Diddeleng sech weiderentwéckelt an déi Erausfuerderungen, déi sech eiser Gemeng stellen, dass mer do d'Proximitéit an de Vierdergrond setzen an dass déi Weiderentwécklung sech net au détriment vun der Proximitéit stellt.

An ech dofir hu mer och déi Akzenter an dësem Budget hei gesat. Mir sinn eis awer heibanne parteiiwwergräifend eens, dass mer d'Finanzsituatioun vun der Stad Diddeleng weider am A behale mussen. Mir sinn eis och eens, dass wichteg Invester getätegt goufen a weider ginn. A mir sinn eis och eens, dass eis Stad sech weiderentwéckele soll. Ech fänken, wéi gesot, mat e puer iwwergoend Remarken un. Haut lokal an ëffentlech Infrastrukturen investéieren, dat ass net e Luxus, dat ass eng wirtschaftlech an ekonomesch Necessitéit. An dat mécht een och mam Zil, dass e puermol hei geschwat ginn, mat der Strategie, dat mécht ee mat der Strategie fir dat à moyen et long terme fir déi nächst

30, 40 Joer ofzesécheren. Wa mer haut net investéieren, da rapportéiere mer d'Charge effektiv op déi zukünfteg Generatiounen. An déi richteg Schold, et ass hei vun der Schold geschwat ginn, vun der Stad Diddeleng, well d'Emprunten zougeholl hunn, déi richteg Schold ass d'Inaktioun. Déi richteg Schold ass näischt ze maachen. Eis Infrastrukturen degradéiere sech an deementspriechend ass dat um Bockel vun den nächste Generatiounen. Also, hei gëllt et iwwert dëse Budget intergenerationell Responsabilitéit ze huelen an och ze investéieren an awer kucken, dass d'Depensen am Lot bleiwen. An ech mengen, mat deenen Investen, déi mer och hei maachen, an eng Stad, déi sech weider entwéckelt op verschiddenen Niveauen, an dat ass mengen ech e puermol hei ugeschwat och ginn, do investéiere mer, do renovéieren, mir consolidéieren a mir erweideren eise Patrimoine hei an der Gemeng. An ech mengen och dat ass wichteg vis-à-vis och vun den 22.400 Awunner, déi dëse Patrimoine och ënnerschiddlech notzen. An déi Invester, déi mer hei jo och tätegen, mat där Schold, mat deem Emprunt, si och ëmmer Investen, déi pro Projet sech iwwert zwee dräi Budgetsjore strecken an och deementspriechend Subsiden, déi mer kréien, iwwert zwee dräi Jore sech strecken, fir dann och effektiv de Budget kënnen am Equiliber ze halen. Wat awer haut erauskomm ass, dat ass am Fong déi flagrant Kontradiktioun, an där d'Oppositioun stécht.

Wann ech kucken déi Devisen, déi mer hei am Gemengerot gestëmmt hunn, och emol trotz Hausse, dräi Véierel vun den Devisen, an dat ass jo de politeschen Aval, deen ee gëtt zu de Projeten, dräi Véierel vun deenen Devisen, also et kann ee soe bal 80% vun deene Devisen, sinn hei unanime vum Gemengerot gedroe ginn. Mee wa mer eis d'Moyene wëlle ginn, fir dat ëmzesetzen an d'Moyenen ze ginn, fir dat ëmzesetzen, dat ass nun emol de Budget, do ass dann eng aner Klack vun dësem Gemengerot. Also, an enger flagranter Kontradiktioun ass hei d'Oppositioun, mir als Majoritéit, mir stëmmen d'Devisen a ginn eis och d'Moyene fir déi Projeten ëmzesetzen. An ech hale mer dat dann och, wéi gesot, virun Aen, wa mer dann déi dote Projeten aweisen, wann effektiv sech gedrängelt gëtt, fir an déi éischt Rei ze kommen, souwéi mer dat och bei Discourse politescher Natur beim Trounwiessel gesinn hunn, wou hei effektiv Stellunge geholl ginn, ouni Réckgrat, mat Réckgrat an och ouni Réckgrat, an dann awer probéieren an der éischter Rei ze sinn, wann et drop ukënnt. Ech mengen, och dat wäerte mer dann am A behalen, well och dat ass en Element vum politesche Réckgrat, wou een dann huet respektiv net huet.

Ech fänke generell un, par rapport zu der CSV, éier ech an déi Detailer aginn. D'CSV seet, mir mussen d'Finanzen am A behalen, mir mussen d'Personal am A behalen, mir musse streng sinn. Ech hunn awer net eraushéieren, ausser déi e bësse méi kritesch Approche par rapport zum Déierenasyl, wou mer onbedéngt hei solle spueren. An ech soen dat ënnert der Viraussiicht eeben, dass déi meeschten Devisen, déi mer hei am Gemengerot haten zu den Investprojeten, d'CSV matgestëmmt huet. Et ass also e bëssen haut eng schwiereg Situatioun ze soen, wou mer spuere sollen, wa mer eis op där anerer Säit och nach déi finanziell Moyene ginn, fir d'Projeten ëmzesetzen. Mir sinn eis eens, dass et wichteg ass natierlech och d'Finanzsituatioun am Aen ze behalen. Et mierkt een awer och, dass innerhalb vun der CSV, ech weess net ob se sech opgedeelt hunn, den Här Gangler vill méi gedaamt, vill méi nuancéiert a senger finanzieller Approche war par rapport zu der Situatioun wéi d'Fraktiounsspriecherin d'Madamm Kayser. Ech mengen, dat huet sech och ganz kloer haut hei erausgeschielt. An ech deelen, wéi gesot, net d'Aschätzung vun der Madamm Kayser, dass mer elo ze vill investéieren, wa mer elo net géifen investéieren. An dat wär déi richteg Schold, wéi ech Iech virdru gesot hunn. Et gëllt also net à court terme ze kucken, mee à moyen, long terme an d'Invester, déi mer tätegen, déi droen, wéi gesot, deem Rechnung.

Déi gréng Kolleegen, déi soen, wou ass d'Wäitsiicht? Ben, d'Wäitsiicht, ech mengen, déi steet ganz kloer am Budget. Mir investéieren eeben à moyen, à long terme, fir eeben déi Generatiounen, déi no eis kommen, net weider ze belaaschten. All Invest, dee mer net hei géifen tätegen, géif si ganz kloer och hei belaaschten. Ech mengen, dass dat och ganz kloer an och ganz wichteg ass. An ech géif Iech soen, sécher, mir hätten och kéinten de politesche Choix maachen, manner ze investéieren, manner an Invester ze investéieren, an den Ekipementer, dann hätte mer sécherlech manner moderniséiert. Mir hätten och keen Neibau gehat, dee mer sech erstreckt iwwer zwee, dräi Budgetsjoren. Dann hätte mer och sécherlech manner Emprunten an och manner effektiv Annuitéiten ze bezuelen, mee dat wär och ganz kloer au détriment gewiescht, Här Steffen, vun deenen zukünftege Generatiounen. An och hei mierken ech bei deene Gréngen, dass d'Madamm Ahmedova méi gedam an och méi nuancéiert an hirer finanzieller Analys ass wéi den Här Steffen.

Den ADR, dee begréisst engersäits d'Invester, seet awer, dass et onverantwortlech ass Emprunten opzehuelen. Bon, da muss ee mer erklären, wéi dann do Är Léisungsusätz sinn, wann Dir engersäits Projete matstëmmt an op där anerer Säit ganz kloer sot, wéi mer dann och eis déi politesch, finanziell Moyene gi fir déi Invester, déi Dir matdrot, och kënnen ze stemmen.

D'DP ass der Meenung, dass mer iwwert eis Verhältnisser liewen, gelieft hunn. Ech weess net, u wat dass dat moosst. An da maacht Dir eng ganz hasardéis Approche, e ganz hasardéise Calcul, andeems Dir sot, effektiv d'Awunner si gewuess op effektiv 400 an 50 Mataarbechter méi. Dass een dee Calcul ka maachen, ass effektiv zimmlech hasardéis. An Dir stellt och d'Fro, ob mer net ze vill Personal hunn. Also, esou erofbriechen deen dote Calcul, wéi gesot, ass e bësse hasardéis. Ech mengen Dir klamert do eppes ganz kloer aus, dass d'Investitiounsprojeten, déi mer hei droen an de Kader ronderëm um Niveau vun der Komplexitéit an der Technicitéit och um legislative Plang och zougeholl hunn. An och mengen ech dat ass e wichtegen Aspekt. Dofir mengen ech, kann een esou e simplistesche Calcul net maachen. Bon, op där anerer Säit soe d'Vertriederin vun deene Lénken, wéi gesot, ëffentlech Servicer no beim Bierger ze hunn ass, ass wichteg. Seet och, mir hunn net ze vill Personal. Seet engersäits weider och déi Invester, déi mer tätegen, déi si wichteg. Mir kënnen och da méi maachen. Mee op där anerer Säit passt op wéi d'Finanzsituatioun ass

hei zu Diddeleng. Mir maachen ze vill Emprunten. Mir huelen ze vill Scholden. Also och do Kontradiktioun tëschent dem politeschen Aval, dem Devis, respektiv op där anerer Säit sech déi néideg politesch finanziell Moyene ginn, déi een am Budget dann och aschreift. Also, hei mierkt een eraus. Engersäits gi vun Oppositiounsparteien, deelweis och méi Investor gefuer. Et gëtt also gefrot hei vun der Majoritéit, gitt méi wäit. An zur gläicher Zäit, bei engem aktuellen Invester sot Dir, passt op wéi d'Finanzsituatioun ass, wéi d'Scholdsituatioun ass. Also l'un sans l'autre, l'un avec l'autre. Also Dir hieft, wéi gesot, dann do de Fanger, wéi gesot. An op där anerer Säit d'Discourse ronderëm d'Personal, wéi gesot, manner Personal. Effektiv méi Gemengepersonal. Méi rationell. Bon, kuckt e bëssen an deen anere Gemengen. Mir hunn hei de Choix gemaach, de Choix gesat, vill Servicer net ze privatiséieren. An et gi Gemengen, mengen ech, déi dat ganz kloer gemaach hunn. Sief et um Niveau vun der Kannerbetreiung, sief et awer och um Niveau vun de Regie, och Betriber. Ech mengen, dass mir hei, wéi gesot, alles an eegener Hand behalen. An dat huet natierlech och säi Coût fir eebe grad en ëffentleche performante Service public kënnen ze maache mat ganz motivéierten an och engagéierte Mataarbechter.

Also, wéi gesot, insgesamt, wann et Projete ginn, déi mer sollen ewechloossen, déi déi finanziell Situatioun vun der Gemeng maassgebend, wéi dat hei gefuerdert gouf, maassgebend d'finanziell Situatioun soll verbesseren, da muss Dir eis och ganz kloer soen, wou mer de roude Stëft sollen usetzen. An ech hunn dat bei wäiten, bei ganz wäite Strecken hei an dësem Gemengerot absolut gutt guer net héieren, nieft der méi gedamter an och effektiv méi virulenter Kritik, déi mol gemeet gouf. Da géif ech vläicht op déi verschidde Punkten, wéi gesot, agoe vun deene verschiddene Spriecher.

D'Madamm Kayser, wéi gesot, si huet ugefaangen, also fänken ech och mat hir un, si sot, mir si vun engem, mat engem bloen Aen dovu komm. Ech deelen déi Aschätzung absolut guer net, well Aen awer, mengen ech, ganz kloer d'Responsabilitéit vun dëser Majoritéit an och vun dësem Schäfferot ass, beim Finanzement vun de Projeten, déi mer maachen, sou vill kënnen ze maîtriséiere wéi méiglech. De Bauindex, mengen ech, dee kënne mer net maîtriséieren. Mee dofir mengen ech ass et och wichteg, bei den Ausschreiwungen an och duerno nozeverhandelen, fir effektiv d'Projete kënnen ze realiséieren. Do bréngt een et fäerdeg, Moins-valueën ze hunn. Mee wéi gesot, aner Elementer wéi do de Bauindex, fir iwwert deen ze schwätzen, wéi gesot, ass et et net méiglech.

A par rapport zu de Subsiden, déi Der hei och uschwätzt, dat misst jo awer gewosst sinn. Mir sinn effektiv en CDA d'ordre régional a bei eiser Dotatioun vum FTGC, do gëtt deem och Rechnung gedroen. An natierlech och regional Subsiden, déi kritt een natierlech och vun de Ministèren, wann een och noweise kann, dass et e regionale Projet ass. Dat hu mer zum Beispill gemaach a mir hunn och déi Ufro gemaach um Sportministère. mat verschiddene Konditioune ronderëm d'Renovatioun vum CAD, mam Tennis, respektiv hu mer awer och déi dote Demande formuléiert vis-à-vis vum Agrikulturministère par rapport zum Déierenasyl. Wéi gesot, Dir hutt och vu Schiflag geschwat. Ech fannen, wéi gesot, Schiflag wär dann, wa mer haut net géifen investéieren an deen nächste Generatioune marod Infrastrukture géifen iwwerloossen. De Choix an d'Strategie war et eebe grad an eis Infrastrukturen ze investéieren, fir se ze renovéieren, fir se ze moderniséieren, fir se den neie Standarde gerecht ze maachen. Dat mierke mer och ganz kloer an de Schoulinfrastrukturen an och um Niveau vun der Kannerbetreiung. Wéi gesot, dass mer do och dat maachen, schéngt mer och evident ze sinn. An da schwätzt Dir iwwert d'Personalpolitik, wou Der sot, wéi et méiglech ass, dass do 41 Poste vum Employé communal op de Fonctionnaire communal eriwwer ginn. Wat dat mat der Subvention d'intérêts op sech huet.

Bon, ech weess just, dass ënner der Zoustännegkeet vun Ärem Fonction publique Minister en Accord salarial ausgehandelt gouf mat der gréisster Gewerkschaft vun der Fonction publique. Do ass dat virgesinn. Dat heite gëtt ëmgesat. Mir setzen hei nëmmen dat ëm, wat um nationale Plang gemeet gouf. A bei der Subvention d'intérêts ass et den Inneminister, och eng Ëmsetzung vum Accord salarial um Gemengenniveau, wou deem Rechnung gedroe gouf iwwert e Règlement grand-ducal. Dat heescht, mir setzen hei dat ëm, wat effektiv um nationale Plang och gemaach och gouf. Bon, et gëtt ëmmer monéiert, deen Audit mat de Synergien. Ech mengen, mir ware schonn eng Kéier an de Gemengerot komm, wou mer och dat ganz kloer presentéiert hunn, an engem informelle Gemengerot, wat mer och do gemaach hunn. Ech deelen net déi Aschätzung, och wann et da vläicht am Dokument d'Faarf orange war, 5,5% vun eisen Annuitéiten, an déi si jo och nëmmen ëmmer och do gemaach hunn. Ech deelen net déi Aschätzung, och wann et awer reng theoreetesch, wa mer den Emprunt ophuelen. Mir sinn do net am orangë Beräich, mir sinn do nach am grénge Beräich, well alles wat ënner 15% ass, do leie mer deementspriechend och nach, wéi gesot, gutt.

An, jo, also ech muss Iech awer soen, eis mat Schëtter a Sandweiler ze vergläichen, bon, dat si Gemengen, engersäits, déi awer duerch d'Situatioun, déi se hunn, keng aarm Gemenge sinn, et sinn zimmlech räich Gemengen an déi hunn awer och en aneren Investvolumen, also och do net Äppel mat Biere vergläichen, och wa se keen Emprunt hunn. Wann se an der Situatioun wären, do muss een awer e bëssen oppassen, wéi eng Vergläicher een hei ausféiert. Also wéi gesot, mir hunn net iwwert eis Finanze gelieft, well mer am Fong hei keng Nice to have Projeten ëmgesat hunn an effektiv och hei Projete maachen, déi noutwendeg sinn a ville Beräicher fir d'Stad Diddeleng. Mee et kënnt jo och hei eraus, dass et fir Verschiddener ze vill schéngt ze sinn a fir anerer net genuch ass. An ech kommen herno nach eng Kéier drop zeréck.

D'Strategie 2035, ech mengen, wann déi fäerdeg ass, do hat ech gesot, déi ass an den Ausaarbechtung, do ka mer ganz gären eng Kéier an en informelle Gemengerot kommen. Dat ass am Laf vun 2025, mengen ech, ugelaf. Do kënne mer ganz gär en informelle Gemengerot maachen, wou mir Iech dat dann och presentéieren, souwéi mir dat och 2025 och gemaach hunn. Bon, dann nach eng Kéier zeréck bei d'Personalpolitik, mee dat sot ech Iech e puermol op

verschidde Plazen, an der Personalpolitik ass kee Sherry-picking, et kann een net ënnersträiche Funktiounen oder Servicer, déi d'Gemeng mécht, dass dat déi gutt ass, an Dir schwätzt hei effektiv, dass d'Service Structures d'accueil, dass dat gutt ass, dass mer dat an eege Regie maachen, an da mam Rescht sot Dir, dass mer ze vill personalintensiv sinn. Also d'Personalpolitik ass ëmmer e Ganzt. Et ass ni Sherry-picking, fir dat erauszehuelen, wat engem gefält. An dat, wat engem manner gefält, dat kritiséiere mer emol, vläicht och vis-à-vis vun engem gewëssene Elektorat, dass ee sech do deementspriechend och ka gutthalen. Esou fonctionéiert insgesamt holistesch Personalpolitik net. Mee mir sinn awer eens, dass mer och do en A sollen drop behalen, nieft den normalen Hausse vun der Personalpolitik. Ech mengen, mer hunn ëmmer nei Poste geplangt, déi sinn och wichteg. An dat huet och domadder ze dinn, mat der ganzer Komplexitéit vun de Projeten. Dat hat ech virdrun och gesot, ugänglech par rapport zu den Uféierunge vum Här Meyer. Wéi gesot, Projete ginn net méi einfach. Si gi méi komplex, méi technesch. D'Zesummenaarbecht, muss ech soen, mat verschiddene staatleche Servicer an och mat verschiddene Büroe sinn och net ëmmer einfach. Och do mengen ech, ass et och wichteg, deem och Rechnung, wéi gesot, ze droen.

Eltereforum, do kann, an do wäert sécherlech d'Josiane Di Bartolomeo-Ries drop agoen, ech wëll just hei eppes soen, hei ze soen, dass d'Gemeng net interesséiert war, dat ass eng komplett Ligen. Dat ass Fake news. Dat wëll ech Iech hei soen. Oder Dir musst Iech bei Ärer Ressource besser informéieren oder Är Ressource huet Iech falsch informéiert, bewosst, onbewosst, dat musst Dir da mat Ärer Ressource kucken. Well wéi ass et mam Eltereforum gelaf? De Ministère ass bei eis komm, huet e Gebai an Aussiicht gestallt. Mee déi staatlech Commission des Loyers huet aus Sécherheetsgrënn gesot, mir huelen dat dot net. Mir lounen dat dot net. An et ass iwwert d'Hannerdier probéiert ginn, vun deem concernéierte Service, dass d'Gemeng Locataire gëtt an deem Gebai, fir dann herno dem Staat weiderzeverlounen iwwert d'Hannerdier. Dat ass schämlech esou virzegoen, fir esou e Service, esou en ëffentlechen, staatleche Service hei zu Diddeleng unzesidelen. An do hu mir ganz kloer gesot, bei deem dote Spill maache mir net mat. Hei ass e Service vum Staat. Wann de Staat sech gären hei wëll usidelen, sou wéi d'Regionaldirektioun dat mécht am Lidl, da geet e mat der Loyerskommissioun dat Lokal kucken a wann dat Konform ass fir de Staat um Niveau vum Loyerspräis an och um Niveau vun der Sécherheet, vun der Sécurité dans la fonction publique, da kënne mer dat maachen. Mee iwwer Personnes interposées oder acteurs interposés, wann dat hei d'Gemeng wier fir dat doten ze realiséieren, fir eis wär dat ganz kloer en No go. Mir hunn elo e Gebai fonnt. An ech mengen d'Josiane Di Bartolomeo-Ries wäert herno nach sécherlech drop agoen. Mee esou Spillercher maache mir hei als Gemeng, wéi gesot, net mat.

Dann, par rapport, zu der Prime d'accession à la propriété, do ass et esou, effektiv ass dat adaptéiert ginn. Do stoung 2007 dran, Dir hat et gesot, et ass am Fong 2025. Mir hate jo hei am Gemengerot e Reglement ugeholl, e Gemengereglement, respektiv en Taxereglement, wou mer jo alleguerten déi Leit, déi och eng staatlech Subventioun kréie par rapport zum Logement, par rapport zur Acquisitioun vum Logement, dass mer jo och als Gemeng Subside ginn. Dee Montant, deen Dir hei ernimmt, d'Prime d'accession à la propriété, ass dee Montant vun der Gemeng, wou mir da ginn, unhand vun deem Montant, deen de Logementsministère gëtt.

Par rapport effektiv och zum Waasser, wou Dir gesot, mat Luxmetering. Bon, et ass jo esou, et sinn zwee Deeler. Et ass engersäits Waasser an et ass engersäits de Gas. Mir hu jo do déi Compteurs intelligents installéiert an dofir musse mer dat och virgesinn. Am Fong ass dat jo ee Plus fir d'Diddelenger Biergerinnen a Bierger, fir d'Consommatioun fir d'Clienten zougänglech ze maachen an och effektiv déi Lektüre souwuel vum Waasser wéi och vum Gas. Dofir hu mer och deen dote Montant dra gesat.

Dann, ech hat et och an der Budgetspresentatioun gesot an d'Madamm Kayser ass drop agaangen, de Bien-être. Do sinn natierlech déi Montanten, déi mer och virgesinn hunn, eng Rei Initiativen, déi am Fong eisen Aarbechtspsycholog hei effektiv geholl huet, dee mer nei agestallt hunn, déi ganz gutt sinn, en interne vis-à-vis vun eisem Personal, fir d'Risques psychosociaux insgesamt ze kucken, respektiv och do eng Rei Initiativen ëmzesetzen. Dat ass ganz positiv, da si ganz positiv Usätz, mir wollten deem eeben och Rechnung droen an dofir hu mer och déi Budgetslinnen hei virgesinn. Well et ass eebe grad seng Aarbecht als Aarbechtspsycholog fir de Bien-être an eeben net méi déi Eent-zu-eent individuell Betreiung ze maachen, sou wéi dat effektiv emol virdrun de Fall war. Dat heescht, mir haten dat jo och hei am Gemengerot presentéiert bei der Schafung vum Posten, respektiv bei der Besetzung vum Posten, dass mer do an eng aner Richtung wéilte goen

Par rapport zum Spidol, le moment venu, an den Här Gorgen ass drop agaangen, kënne mer ganz gäre kommunizéieren, also le moment venu. De Moment sinn d'Diskussiounen en cours, mee et muss een awer och soen, dass dat Elementer sinn, déi elo de Gemengebudget en tant que tel jo guer net betreffen. Well dat si jo am Fong och Elementer, déi vum CHEM respektiv och vun der CNS an och vum Gesondheetsministère matgedroe ginn. Mee, wéi gesot, le moment venu kënne mer ganz gären heihinner kommen. An ech hat eng Kéier gesot, och an der Press, dass et am Moment dräi Standuerte ginn, déi e Potenzial hunn. An dat si mer och amgaangen ze kucken.

Koibestraachen, jo, elo ass de Staat erëm aktiv ginn. Ech mengen Dir wësst, dass dat eng national Zon ass, déi gëtt geréiert vum Wirtschaftsministère an dee wëllt erëm do aktiv ginn, fir och Terrainen opzekafen. A bon, eis Contributioun ass eeben, de Staat dann do esou gutt wéi méiglech ze ënnerstëtzen. Dir hat gefrot mat de Geometer, an ech mengen d'Madamm Kemp hat dat och opgeworf. Ech mengen, do steet jo och drënner, dass dat geduecht ass, fir eis Kommissioun, Groupe de travail Urbanisme. Déi hate mer och hei am Gemengerot jo gestëmmt, mat enger ganzer Rei Experten, déi mer vu baussen huelen, fir Projeten ze analyséieren. An natierlech, wann déi Kommissioun zesummekënnt, musse mer se jo och retribuéieren. Dat heescht, déi kréie jo och Indemnitéiten. Dat sinn d'Jeto-

nen, dat heescht, et ass am Fong dat, wat mer och hei virgesinn hunn. Mee Dir hutt ënnen de Vermierk, dass dat fir de Groupe d'experts Urbanisme ass. An ech mengen, dofir hu mer och déi néideg Kreditter virgesinn. Dann ass gesot ginn, de Projet annulé. Effektiv, an der Rue de l'Abattoir dat hu mer och ersat, mir hunn annuléiert an ersat ebe duerch de Masterplang. Och d'lescht Woch hate mer doriwwer geschwat. Dee Masterplang, dee mer eis gäre wëlle ginn, par rapport zu der Entwécklung mëttel- a längerfristeg ebe vum Site, vum ganzen Areal, eebe gekoppelt och mam Projet vum CGDIS.

Voilà, dat par rapport zu Ären Ausféierungen. Also ech, mir sinn eis eens, dass mer d'Finanze mussen am A behalen, dass eng demesuréiert Verscholdungsspiral ass. Ben, dat ass jo kontradiktoresch nach ëmmer par rapport zum politeschen Aval, deen Dir ginn hutt zu den Devisen engersäits, déi mer hei gestëmmt hunn an awer hei elo eis de Budget dann och ginn, par rapport zu der Ëmsetzung vun deene Projeten. An ech mengen, dass mer do mat eise Servicer eng gutt Gestioun hunn, mat eise Servicer, déi och ganz engagéiert sinn, fir och deem kënne Rechnung ze droen.
An, wéi gesot, ech soen hei nach eng Kéier dat selwecht, wat ech d'lescht Woch gesot hunn. Ech si gäre bereet, an en informelle Gemengerot ze komme mat engem Tëschebilan. Mee et ass nëmmen en Tëschebilan a sot eis herno net, oder werft eis herno net vir, dass herno d'Rees aneschters gaangen ass an déi eng Richtung oder an déi aner Richtung. Et ass dann nëmmen eng Foto vun deem Moment, dee mer hunn, wéi gesot, an et limitéiert sech och deementspriechend op dat.

Dann, par rapport zu den Ausféierunge vum Här Steffen. Och Dir monéiert, dass d'Invester deelweis ze héich sinn. Antizyklesch ass zwar gutt, mee si sinn awer ze héich. Wou ass d'Strategie? Ma wéi gesot, ech hunn et virdru gesot, d'Strategie ass an deenen nächsten 30-40 Joer effektiv roueg ze sinn. Notamment bei eise Schoulinfrastrukturen a Kannerbetreiungsinfrastrukturen. An et ass besser, dass mer elo déi Scholden ophuele wéi an 30-40 Joer, wann d'Strukture bis marod sinn. Mir hätten dann à court terme sécherlech manner Scholden an da kéinte mer eis hei rühmen. Natierlech hätte mer eng gutt finanziell Situatioun, den Invest wär méi kleng, mir hätte manner Annuitéiten. Mee, wéi gesot, d'Infrastrukturen, wou dann effektiv d'Kanner higinn oder och awer ronderëm de Logement, mir krute gesot, Dir maacht net genuch am Logement, anscheinend maache mer net genuch, laut der Ausféierung vun der Madamm Thoma. Wou ech jo awer mengen, an ech ginn net drop an, dass mer scho wierklech vill maache par rapport zu deene leschte Joren, well mer och d'Finanze mussen am A behalen. Wéi gesot, do ass ganz kloer d'Strategie, an dat ass eeben en lien mat der Schäfferotserklärung, dass mer och just d'Emprunten ophuelen, eebe fir dass déi zukünfteg Generatiounen net drënner leiden an dass se effektiv Infrastrukturen hunn, déi dann och modern an och, wéi gesot, agreabel sinn. Dofir sinn effektiv eis Finanzen eeben net marod. Si wäre marod, wa mer dat elo eeben net géife maachen.

Ech sinn awer effektiv bei Iech, ganz bei Iech, wann Dir sot, dass mer a kee Luxus investéieren. An ech mengen, ëmmer dat war och eng Attributioun, wéi gesot, fir dat hei esou ëmzesetzen. Bon, da fuerdert Dir vum Schäfferot, dass an Zukunft de Geschäftsverband sengen Avisen dem Gemengerot soll zoukomme loossen. Ech wëll Iech just soen, de Geschäftsverband, mir hunn deem näischt virzeschreiwen. Dat ass eng ASBL, an alleguerten heibanne si mer an ASBLen täteg, déi hunn hire Kommitee an déi sinn an hire Decisiounen eegestänneg a souverän. A mir wäerten net als Schäfferot an d'Interna vun iergendenger ASBL agräifen an deene soen, wat ze maachen. hunn. Mir kënnen do sécherlech begleedend awierken, wann se eis froen, da maache mer dat och ganz gären. Mee op alle Fall net d'Mainmise vun enger ASBL, dat steet dem Schäfferot an och der Gemeng en tant que telle net zou.

Ech hat och gesot, déi Fro war och opkomm vum Här Steffen, par rapport zum Personal, an ech mengen d'Madamm Thoma hat et och gesot, ech stinn do zum Wuert, dass mer do eemol am Joer hei am Gemengerot géifen zesummekommen, wou mer engersäits dann och den Organigramm géifen aktualiséieren an och eng Diskussioun hei féieren iwwert de Personalbestand, wou méi Leit bäikomm sinn, effektiv, oder Ëmstrukturéierungen, ech mengen dat wou et steet an ech mengen, dat kënne mer och ganz, ganz gäre maachen. An da kommen ech effektiv och nach éier ech bei d'Madamm Thoma kommen dat heiten: Mir hunn eng Rei- an ech mengen, dat ass eeben esou, d'Politik sinn eng ganz Rei Iddien, déi vun der Oppositioun kommen, déi opgegraff goufen an effektiv ëmgesat goufen, eeben anerer net. Ech mengen, do hu mer och ganz kloer an der Schäfferotserklärung festgehalen, dass mer no der Ëmsetzbarkeet an no der Finanzéierbarkeet vun de Projete kucken. Et ass nun emol, wann hei e Projet gestëmmt gëtt, an der Responsabilitéit vum Schäfferot, dann eeben och d'Projeten ëmzesetzen, sou wéi dat och am Gemengegesetz virgeschriwwen och ass.

Da kommen ech zu der Madamm Thoma. Jo, par rapport zum Syvicol, dat ass eng permanent Fuerderung iwwert déi Joren, déi mer hunn, fir effektiv zäitno Subsiden ze kréien. A mir wäerten do net midd ginn, dat weider ze maachen. Mir hunn et dailleurs jo och an eisem Avis geschriwwe ronderëm de Staatsbudget, dass et och do wichteg ass, dass och déi jeeweileg Ministèren eis d'Subsiden dann esou schnell wéi méiglech kënne ginn. Par rapport zum Emprunt an och zu de Liquiditéite wëll ech Iech soen, dass mir natierlech och den Emprunt zéien, an dat ass jo, mengen ech, e Prinzip, dee mer ëmmer haten, dat steet jo och an der Circulaire, dass een op den Emprunt kritt eréischt nom Kont. Dat hu mer ëmmer gemeet. An dass een och, wéi gesot, da fir d'éischt kuckt, wou d'Rees hi geet. Dofir ass dat, wat mer hei och aschreiwen, jo och nëmmen en theoreeteschen Emprunt, dee mer hei och asetzen.

Dir leit an Ärer Analys richteg an et ass mer och méi wéi eng Kéier duerch de Kapp gaangen, wann d'Steierreform soll kommen, dann natierlech fale manner Steieren un an da gëtt dann och dee grousse Pott vum Fonds de dotation globale des communes manner gespeist. A wann een awer gären op engem gewëssenen Niveau wëllt bleiwen, wat d'Contributiounen an d'Dotatioune ugeet, da muss de Staat iwwert säi Montant forfaitaire deen Ausgläich awer

maachen. An ech ka mer gutt virstellen, dass mer och do, net nëmmen als Gemeng, mee och als Syvicol, dee wäerten da ganz kloer monéieren, wann et dann och esou wäit ass. Mee dat huet natierlech absolut en Impakt, wann ee kuckt, wéi de Verdeelungsmechanismus och ass a wat alles an de Fonds de dotation globale des communes och afléisst.

Ech deelen net Är Aschätzung, dass mer ze vill Employéë rekrutéieren an dat au détriment vun de Fonctionnairen. Dir wësst et, mir soen allkéiers hei am Gemengerot, mir probéieren ëmmer Fonctionnairen ze rekrutéieren. Wa keng sech mellen oder mir kee kënnen zeréckbehalen, da maache mer eng Ëmwandlung vum Posten. An et ginn och Employéen, déi mer astellen op spezifesch Posten, wou déi och eng gewëssen Expertise kënne matbréngen, wou e Fonctionnaire, deemno a wéi engem Service dee schafft, net ka matbréngen. Also hu mer do effektiv eng gewësse Woschuel, déi mer kucke beim Recrutement. Dat mat deene Mutualitéiten, wou Dir och ugeschwat hutt, dat ass am Montant am Fong vun de Paie mat verbucht. Dat gouf nach viru fënnef, sechs Joer separat opgelëscht. Dat fënnt een elo am Montant vun de Paien, wéi gesot, an deenen eenzelne Sektioune fënnt een dat och dran. Wéi gesot, dat mam Personal, dat hat ech gesot, do komme mer ganz gären an engem informelle Gemengerot ganz gären och zesummen, wou een do kann dann och e bëssen en Topo maachen.

Wéi gesot, och hei wëll ech soen, Dir sot, dass mer net nach méi Invester misste maachen, dass mer effektiv am Mëttelfeld leien, dass mer gutt Invester maachen, mee dass mer nach méi Invester wëlle maachen. Bon, et muss natierlech bewosst sinn, wa mer nach méi Invester maachen, wéi déi wou mer wëllen, da brauche mer nach méi Personal, da gëtt d'Charge vun der Gemeng nach méi grouss. Bon, et ass en Ënnerscheed, wann een an der Majoritéit ass oder an der Oppositioun. Mir mussen awer och kucken, dass mer hei de Budget zesumme féieren. An eeben och grad dat ass et, wat Dir an der aktueller Situatioun eeben och haut monéiert. Och do däerf een dann net a Kontradiktioun sinn, och als Oppositiounspartei. Mee, bon, an der Oppositioun kann ee jo natierlech ëmmer Villes fuerderen, et brauch een näischt ëmzesetzen. An et ass eeben en Ënnerscheed par rapport zu der Majoritéit. Mir mussen och hei liwweren an och Saachen ëmsetzen am Kader vun deene Projete vun Invester an och am Kader vun der Finanzsituatioun, déi mer och hunn. A wéi gesot, mir sinn eng Gemeng, déi ganz vill an ëffentlecher Hand behält um Niveau vun den ëffentleche Servicer, déi ganz wéineg och privatiséiert.

Dann, wéi gesot, hat ech och am Budget gesot, an der Presentatioun, dass mer ganz kloer wäerten am Laf vum Joer 2026 eng Rei Publikatioune maache vun der Chaire. Ech mengen, och dat kann een eng Kéier hei ganz gären undiskutéieren, wat déi Publikatioune sinn. Och eng Diskussioun driwwer féieren. A mir wäerte sécher och der Ëffentlechkeet dat weisen, well et jo och en Deel vun der Recherche ass, dass d'Ëffentlechkeet Accès op d'Recherche huet op eng digest Aart a Weis.
Dann, par rapport zum Observatoire social. Dir hat d'Fro gestallt an d'Madamm Kemp hat se och gestallt. Bon, et ass elo esou, wou si mer drun? An dat ass eng ganz berechtegt Fro. Et ass elo esou, dass Enn dëst Joer, ufanks d'nächst Joer, de Rapport vum Observatoire, dee mer am Fong do budgetiséiert haten, dass dee vum LISER fäerdeggestallt gouf. Do hate mer och eng Rei Reunioune mat hinnen, wou eng Rei Saachen hunn och musse preziséiert ginn. Wann dee Rapport vum Observatoire social steet, wäerte mer och deen der Ëffentlechkeet presentéieren. A mir wäerten och am Virfeld awer och eng Rei- do sti mer och zum Wuert- eng Ronn mam Gemengerot dréien, wou mir Iech deen Observatoire zoukomme loossen a wou Dir effektiv och Abléck an déi Donnéeë kritt. An dee Montant, dee mer, wéi gesot, och elo agesat hunn, ass effektiv och fir d'Weiderféieren oder fir eng Rei Prezisiounsaarbechten, déi mer am Kader vum Observatoire mam LISER wëlle maachen.

Dat ass eng Logique subséquente, och scho vun deem éischte Rapport, dee gemaach gouf. Mee dat kann ee ganz gäre maachen, wann de Rapport bis fäerdeg och ass. Do gëtt elo nach de Fine tuning gemaach. Dee kënne mer ganz gäre mat Iech hei beschwätzen. A voilà, stellt Iech drop an, et gëtt eng Bibel vun Informatiounen an ech mengen, dofir ass et och da wichteg, dass een déi Diskussioun och huet mat de Chercheure vum LISER par rapport zum Logement abordabel, do sidd Dir der Meenung, dass mer méi solle maachen. Mir sinn hei der Meenung, dass mer scho ganz vill maachen, par rapport zu deem, wat mer déi lescht Joren investéiert hunn. A wa mer och méi maachen, an och wann hei virgefouert gëtt, dass ee 75% zwar vun de Subsiden och kritt vum Staat, an dass mer eeben och esou no wéi méiglech an de leschte Jore kommen, hutt Dir awer net gesot, an dofir wëll ech dat hei preziséieren, da bedéngt dat ganz vill Zäit, déi opwenneg ass tëschent eisem zoustännege Service, zesumme mam Logementsministère, fir de Prezisiounsgrad esou no wéi méiglech ze bréngen. An all Projet ass jo och anescht. Et kann een net soen, well mer esou no bäi kommen, all Logementsprojet ass ëmmer en neien Challenge an d'Ofstëmmung, wéi gesot, déi brauch och do Zäit.

An do muss een och heiansdo, bei deem zoustännege Ministère mol méi wéi eng Kéier nohaken, fir och déi néideg Prezisiounen ze kréien. Wat och natierlech dann eng Erklärung ass, dass d'Projeten eeben haut och e bësse méi laang daueren oder mol och verschidde Rapporte kommen, well mer grad eebe bei Projeten, wou mer och staatlech Subside kréien, och op de Staat ugewise sinn, och am Virfeld vun der Ofstëmmung vun deene verschiddene Projeten. An och do heiansdo awer, muss ech soen, d'Reaktivitéit, mol méi a mol manner vun de staatleche Stellen ze wënschen iwwregléisst, par rapport zu der Volontéit, zum Fortgang vu verschidde Projeten. An och dat huet da mol mat deem engem, mol mat deem anere Rapport ze sinn. Also, dat wollt ech soen, par rapport, effektiv zu den Ausféierungen och zu der Finanzsituatioun vun der Stad Diddeleng.
Wat ee méi investéiert, wat dat natierlech och méi Emprunte mat sech bréngt um Niveau vun den Invester. Well Dir wësst automatesch, dass ee jo Emprunte just kann huelen, fir och d'Invester ze tätegen. Dat war et zu den Ausféierunge vun der Madamm Thoma.

Ech kommen nach effektiv zu deem Listing vum Droit de préemption. Ech hunn dat nogefrot. Ech hat geduecht, dee wär verschéckt ginn. D'Madamm Thoma hat et gesot an och d'Madamm Ahmedova. Ech mengen, mir haten dat jo an der Bautekommissioun presentéiert, et ass absolut keen Theema fir Iech dat zoukommen ze loossen. Ech wäerte jo sech wäert eraus. Mee wéi gesot, da geet dat am Laf vun der nächster Woch eraus, da kritt Dir deen, an d'Memberen aus der Finanzkommissioun dann och.

Da kommen ech zu den Ausféierunge vum Här Meyer par rapport zum Pool, zum Fuerpark. Also eis Servicer deelen sech deen, do gëtt am Fong e gewëssene Sharing gemaach. Dat maachen si schonn iwwert Joren, do brauche mer keng App fir dat ze maachen. D'Servicer sinn do organiséiert, fir sech do kënnen anzedroen a fir déi verschidde Gefierer polyvalent ze notzen, a Funktioun vun den Interventiounen, déi se maachen. Wéi gesot, de Stroumpräis, dee geet net iwwerall, souwéi Dir dat hei monéiert, pauschal erop. Mir ginn eis hei e gewëssene Montant am initiale Budget a wa mer net esou vill verbrauchen, da gëtt eeben am Rectifié de Montant erofgesat, respektiv och deementspriechend am Kont. Mee ech hu léiwer, mir hunn e bësse Kreditter méi wéi ze mann a mir mussen herno an der Liste modificative am September Kreditter eropsetzen. Well da sot Dir, Dir waart net previsibel genuch an Ärer Aschätzung vun de Gemengefinanzen. Also, wéi een et mécht, ass et net gutt. Setzt een ze héich un, soen se, Dir sidd ze vill previsibel a wa mer da géifen ze niddreg usetzen, da sot Dir, mir wieren net genuch previsibel. Also, wéi gesot, wéi een et mécht, ass et net gutt.

An och déi pauschal Ausso, dass mer iwwert eis Verhältnisser liewen, déi kann ech net deelen. Da musst Dir och kloer soen, wou mer dann iwwert eis Verhältnisser géife liewen. Well och do hunn ech, wéi gesot, näischt héieren, wéi wa mer hei zu Diddeleng a Saus und Braus géife liewen. Also ech mengen, dass een awer do och als Oppositiounspolitiker awer och déi Responsabilitéit huet éischter méi eng gedamten Oppositiounspolitik ze maachen. An och a sengen Aussoen. An och mat deem komesche Calcul, mam Ratio Awunner-Personal, do gesäit een, dass een, dass Dir ganz bewosst, oder onbewosst - ech weess net wat schlëmmer ass - ausklammert, dass d'Dossieren effektiv ëmmer méi komplex ginn, ëmmer méi technesch ginn. Also och d'Ufuerderunge vum Staat un d'Gemengen ëmmer méi grouss ginn. An ech mengen, dass een dat Ganzt och muss kucken. Dann, par rapport zum Här Gangler, dee sot, am bezuelbare Wunnraum si mer gutt ënnerwee.

D'Ufuerderunge vun der Madamm Kayser, déi ware virdrun e bëssen anescht. Dat heescht, ginn et Divergenzen innerhalb vun der CSV? Wéi gesot, ech deelen awer Är Aschätzung, an et ass och dofir, wou mer deen Invest maachen, an och do ënnerscheet Dir Iech par rapport zu der Fraktiounsspriecherin vun der CSV, mir maachen deen Invest eeben hei grad, well mer eis, wa mer déi Invester hei maachen, notamment am ganze Schoulberäich, an der ganzer Kannerbetreiung, da si mer fir déi nächst 30 bis 40 Joer roueg. An dat ass ganz kloer d'Strategie, déi mer hei hunn. An da kënne mer eis an deenen deelweis Quartiersschoulen an och aner Projeten, da kënne mer eis erblosen, well mer eebe grad wëssen, dass Neischmelz op eis duer kënnt, dass dat och e groussen Invest ass an natierlech och weider Invester wäerten op Neischmelz getätegt ginn.

Plan local Santé, do ass den Här Goergen drop agaangen. Mee mir haten awer nieft der ëffentlecher Informatiounsversammlung mam Corps médical a paramédical awer hei och en informelle Gemengerot, wou ech drun erënneren, wou mer de Plan local Santé och hei de Gemengerotsmembere virgestallt hunn.

Dann, d'Häerzenstheema Parkierch, d'Renovatioun, ech mengen, dat hu mer weidergefouert, well mer jo Proprietär sinn, d'Instandsetzung vun der Uergel an och Glasfaser geluecht. Bon, d'Fënster um Ducksall, do waarde mer nach op e Retour vum INPA. Ech hunn Iech gesot, dass d'Zesummenaarbecht mat staatleche Stellen net ëmmer evident ass, dass een oft muss nohaken. An och hei, mengen ech, ass et net anescht wéi mat anere Projeten. Mee op där anerer Säit sinn ech awer frou, dass eis Publikatioun inspirative Charakter hat, wou mer de Bilan gezunn hunn, well Dir laang drop agaange sidd. Ech hunn och héieren, dass Dir mat Satisfaktioun gesot hutt, dass et awer e Budget ass, deen d'Strooss géif halen. Soll et sinn? Mee dat heescht, wann et soll esou sinn, du hutt et jo net onbedéngt verneint. Och do ënnerscheet Dir Iech da par rapport zu den Ausféierunge vun der Madamm Kayser.

Ech kommen eriwwer zum ADR. Do wëll ech just soen, Dir sot, dass et onverantwortlech wär, dass mer en Emprunt sollen ophuelen. Ech hunn näischt héieren iwwert Är Léisungsusätz, wéi Dir als ADR dann dee Budget, wéi deen hei presentéiert gouf, wéilt ugoen, zemools wou Dir d'Invester, déi mer tätegen, ganz kloer begréisst. Wéi gesot, Dir sot, mir misste méi nohalteg handelen, ma mir handelen nohalteg, dofir maache mer déi Invester. Déi Invester net ze maachen, wär effektiv irresponsabel an onverantwortlech vis-à-vis vun den nächste Generatiounen. An ech ka mer et net verknäifen, Kamerae si keen Allheelmëttel a wann ee gäre Kameraen hätt, do gëtt et natierlech och d'Gesetz an do muss een och d'Gesetz respektéieren an d'Prinzipie vun der Necessitéit a vun der Proportionalitéit. Dofir sinn ech och frou, dass et Gesetzer ginn, un deenen ee sech och orientéiere kann, éier esou eppes iwwerhaapt a Betruecht gezu gëtt.

Da kommen ech eriwwer zu der Madamm Ahmedova. Wéi gesot, d'Ausféierungen, déi e bësse méi sou philosophescher Natur waren, par rapport zum Urbanismus, deelen ech absolut. A mir hunn eis jo och déi lescht Joren dat ageschriwwen, och mat eise Servicer, par rapport zu der Stadentwécklung a par rapport zu der Quartiersentwécklung.
Jo, an Dir sot awer, dass Dir et schuet fannt, dass mer d'Virkafsrecht net gezunn hunn, par rapport zu engem Terrain, deen ze deier war. Ech wëll Iech ganz kloer soen, an dofir hu mer jo den Exercice gemaach par rapport zum Droit de préemption, dass Dir och kloer gesitt wou mer effektiv zéien a wou net. Dir kënnt net Äppel a Biere matenee vergläichen, well dat, wat Der hei virgefouert hutt, dat ass jo e VEFA-Projet, wou mer gemaach hunn, dat war e bëssen eng aner Approche. An der Rue des Champs wier et effektiv 130.000 Euro den Ar, mir däerfen och net hei d'Präisspiral

no uewen dreiwen als Gemeng, wa mer ëffentlech Terraine kafen. Mee mir hunn awer, wéi gesot, jo e Montant, dee mer am Budget virgesinn hunn, fir d'Acquisitioun ze maache vum Terrain a wann eng gutt Opportunitéit sech bitt, wou mer en ligne si mat deem Montant, a mir orientéieren eis awer jo bei 100.000 Euro, a wa mer do en ligne sinn, da maache mer dat.

Ech war awer e bëssen iwwerrascht, wou Der gesot hutt, wou si mer drun am PAL. Mir hate vrun net allze laanger Zäit eng Kommissioun vun eisem PAL a wou och eisen externe Beroder do war a wou mer zesumme Bilan gezunn hunn, wou mer de Moment dru sinn a wat mer deemnächst wäerte maachen. Mir hunn do en Update gemaach an och no vir gekuckt. Dofir sinn ech e bëssen iwwerrascht, waart Dir vläicht net an der Reunioun do oder hutt net nogelauschtert, mee op alle Fall hu mer do en Update gemaach vun der aktueller Situatioun a wéi et och weidergeet.

Dann, par rapport, zu der Madamm Kemp, zum Observateur social. Ech mengen, do hunn ech virdrun drop geäntwert. Wéi gesot, mat der Chaire, do sinn ech och drop agaangen. Bon, d'Kommitee sinn iwwerrascht, dass Dir sot wien alles do dran ass. Ech mengen, transparenterweis, an Dir monéiert jo ëmmer, dass Transparenz wichteg ass, mir hate jo dat Dokument hei am Gemengerot, et stoung ganz kloer dran, wien alles an deem Comité de pilotage do dra wier, sou vill ech weess. A mir hunn eis zweemol dëst Joer gesinn a mir wäerten dann och deemnächst hei eng Kéier an engem informelle Gemengerot dat kënne weisen. An déi Geschicht mam Geometer, do sinn ech och drop agaangen.

An ech wéilt dann hei mam Här Goergen ophalen, well deen och a senger Aschätzung ganz en ligne ass mat deenen Investissementer, déi mer hei tätegen, déi ganz virausschauend sinn, déi effektiv och den Erausfuerderunge vun der Stad Diddeleng Rechnung droen. An et ass och ganz kloer esou wéi mer eis dat hei kéinten och virstellen. An dofir maache mer och deen Invest, dee mer hei am Budget 2026 virgesinn hunn. Voilà, ech hätt probéiert op alleguerten d'Froen esou gutt wéi méiglech anzegoen an ech géif dann och hei d'Wuert weiderginn un de Loris Spina, fir dass hien a sengen Domäne kann drop agoen. Merci.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Jo, Merci, Här Buergermeeschter. Da probéieren ech dat änlech gutt ze maachen. A virausschéckend awer emol alleguerten deenen, déi de Moien d'Wuert gefrot hunn, e Merci fir hir Interventiounen. Dat war erëm erwaart spannend. A virun allem huet den Toun gepasst. Dat war awer ganz respektvoll, muss ech soen. Dat appreciéieren ech hei zu Diddeleng am Gemengerot awer ganz, ganz staark. Och wann natierlech jiddwereen a sengem Rôle verschidde Saachen deelweis anescht gesäit.

Ech fänken da bei der Biergerbedeelegung un. D'Madamm Kayser hat do gefrot, ob et do e Rapport gëtt zum Ofschloss vun der Zesummenaarbecht mat der Uni. Effektiv, do gouf et dëse Vademecum koum, dee mat der leschter Konferenz, déi mer hei haten, de 14. November, deen do verdeelt gouf. An dat ass een, ee groussen Deel dovunner ass



eeben ee Vademecum koum vun deem wat zu Diddeleng an awer och en anere Stied hei zu Lëtzebuerg passéiert. Dofir hu mer dat och hei preparéiert, nom dem Gemengerot kritt jiddereen esou en Dokument mat heem. Do kann een dat nach eng Kéier a Rou noliesen. Jo, d'Madamm Ahmedova huet et och gesot d'Biergerbedeelegung ass wichteg an deementspriechend wäerte mer och do weiderschaffen. An ech menge mir als Majoritéit hu gewise mat deene Chifferen, déi mer hei an d'Dokument vum Budget 2026 gesat hunn, dass mer dat weiderhin eescht huelen, fir Projete mat de Bierger, fir d'Bierger ëmzesetzen. An den Här Costa huet et ganz flott erkläert, firwat dat wichteg ass. An dass een och reegelméisseg muss trauen, déi Konzepter a Fro ze stellen a kritesch ze analyséieren.

Da wäre mer scho beim Sport. Do hat d'Madamm Kayser gefrot ob et mat den Tribün, ob mer do scho wéissten, ob dat méi deier géif ginn. Kann ee lo am Moment nach net soen. Mir hunn engersäits de Bordeaux e bëssen ugepasst. Do wäert dann elo am Januar gëtt dann do déi nei Ausschreiwung gemaach. A jo, mir hoffen awer nach ëmmer, dass mer an deem Budget kënne bleiwen. Dat ass op jidde Fall de Stand der Dinge, wéi mir en aktuell kennen an hunn. D'Beweegungskaart war nach eng Fro. Jo, et ass am Kader vum Projet Diddeleng beweegt sech. D'Beweegungskaart ass eng visuell an interaktiv a pedagogesch Kaart, déi all sportlech Infrastrukturen a Plazen, déi d'Beweegung fërderen, hei an der Gemeng Diddeleng zesummeféiert. D'Zil dovunner ass, eng Familiariséierung vun de Sport - a Beweegungsplazen an hirem Alldag. An och Informatiouns- a Kommunikatiounsinstrument fir all eis Biergerinnen a Bierger. D'Vocatioun ass ganz kloer: Informéieren an orientéieren an awer och en edukativen an interaktiven Zweck, virun allem fir d'Kanner.

Ganz frou war ech natierlech, dass Verschiddener vun Iech deen interfraktionellen Aarbechtsgrupp ronderëm d'Subsiden ernimmt hunn. An effektiv kann ech dat awer och nëmme bestätegen, do ass flott diskutéiert ginn. Och do waren am Ufank verschidden Iddien op den Dësch komm. Mir hu probéiert awer eis do duerch de Bësch ze schaffen, dass mer ufanks d'nächst Joer hoffentlech dat kënne finaliséieren, dass mer en neie passende Schlëssel do wäerten ausschaffen, deen dann de Veräiner nach e bësse méi Subside-ordinairë wäert ginn, wëssend, Dir wësst alleguerten, dat ass een Deel vun der Ënnerstëtzung vun eise Veräiner a vun de Fräiwëllegen an deene verschiddenen Associatiounen. Den Här Goergen an awer och den Här Costa, déi hunn et gesot, wichteg ass den Dialog an den Austausch mat de Veräiner. Dat hu mer mam F91 gemaach ronderëm den Nosbaum awer och mat deenen anere Veräiner

ronderëm de Stade Kennedy. An nodeems d'Soumissioun huet misse gestoppt ginn, hu mer eis natierlech mam F91 zesummegesat an hunn déi dote Marschroute mat hinnen zesummen opgezeechent, wëssend, dass et komplex wäert ginn a schwéier wäert ginn, wärend dem Bestand an dem Betrib dee Chantier duerchzeféieren, mee si waren awer elo zum Beispill net bereet op engem aneren Terrain ze spillen, soudass mer do e wéineg aner Solutiounen haten. An da musse mer eeben elo probéieren ,dat gemeinsam esou duerchzezéien, dass de Schued sech a Grenzen hält an dass mer herno awer e flotte funktionelle Projet do wäerten hunn.

Jo, Kultur, do ass effektiv erëm d'Diskussioun opkomm, ënner anerem vun der Madamm Thoma, wéi d'Situatioun ass do mam Personal, wou do eebe verschidden Aarbechte mécht. Also, mir als Gemeng, mir hunn zwou Botzmadammen agestallt, déi de Volet opderschmelz vum Kulturzenter dann eeben ënnerhalen, deen Entretien do maachen. Et ass eng extern Firma, déi fir den CNA den Accueil mécht.
An och d'Conciergerie an deem Gebai gëtt vun eis assuréiert, vun eis als Gemeng. Effektiv gëtt et schonn Iddien an et gi Pläng, dass mer vläicht an Zukunft d'Maintenance vum Gebai, déi am Moment nach outgesourcet ass, dass mer déi vläicht eventuell och nach géife maachen. Do ginn et schonn Diskussiounen. Den Här Meyer hat och sech ganz kritesch zur Kulturzeen hei zu Diddeleng geäussert. Ech weess net ob en dat mat sengem Kolleeg a Parteifrënd, dem Kulturminister, ofgeschwat huet, op jidde Fall war et effektiv e bëssen iwwerraschend, well d'Madamm Loullingen ass ganz genau drop agaangen. Et ass vill méi, wann ee vun der Kultur schwätzt, wéi just e flotte Concert ze lauschteren, just flott Theaterstécker nozekucken oder just schéi Biller ze genéissen oder just Selfie-points.

D'Kultur bitt vill, vill méi a mir sinn eis där Verantwortung bewosst als Gemeng a mir wëllen do eise Bäitrag leeschten, dass d'Bierger sech kritesch mat Verschiddenem ausenanersetzen an dat kritescht Denken an déi Geescht geférdert gëtt. An ech mengen, mir wësse wéi d'Realitéit dobaussen ausgesäit, ëmsou méi wichteg ass et fir eis, dat weiderhin ze maachen. Dass mer do analytesch an och selbstkritesch mat eis un d'Saach eruginn, ech mengen dat hu mer gesinn. Ech fannt dat och gutt, dass dat Iech och am Allgemengen opgefall ass. Den Usina ass effektiv méi bëlleg ginn, ass e bëssen ugepasst ginn. Dat hu mer op e puer Plazen héieren. Den Eat, Beat and Culture ass ganz gestrach ginn. Och do sinn ech u sech frou, dass Dir dat an deem Sënn ënnerstëtzt, dass dat eeben an deem Sënn kee Wäert méi hat hei zu Diddeleng.

Jo, d'Madamm Ahmedova hat nach Froe gestallt oder bezéiungsweis suggeréiert, méi Aktivitéite fir Kanner vun dräi bis sechs Joer ze maachen, ech wollt och ee Moment froen, wéi al Äre Bouf ass, ob et vläicht domadder ze dinn huet. Voilà, warscheinlech. Jo, do si mer dann am nämmlechte Boot. Et ass awer esou, dass mer als Gemeng an der Kulturzeen relativ vill awer scho maachen. Mir hunn eebe just déi Deeg zur Verfügung, wou mer hunn. Do kann een net alles an dauernd fir jiddwereen eppes ubidden. Mir probéieren dat awer ze verdeelen iwwert d'ganzt Joer, dass jiddwereen op seng Käschte kënnt.

Mir haten och dëst Joer sechs Liesungen an e Bastelatelier an der Bibliothéik, dat ass jo och e Kulturacteur. An d'nächst Joer hu mer zéng esou Kannerliesunge virgesinn a weider fënnef Atelieren, soudass mer och do an deem Beräich eppes maachen. An d'Hallschent vun de Liesungen opderschmelz waren och fir Kanner geduecht. Dat heescht och do ass wuel eppes am Kannerberäich geschitt. An och e Theater oder e Poppentheater hu mer schonn do ugebueden. An net ze vergiessen, mir hunn an der Bibliothéik, wéi awer och opderschmelz, ganz vill Kooperatioune mat eise Schoulen an och mam SEA-Beräich, wou dann awer och an dee Beräich fält.

Da wäre mer bei de Fester an Eventer. Jo, den Här Steffen huet dat begréisst, dass den Usina reduzéiert gouf an ugepasst gouf. Ech huelen d'Iddi mat, de Sweet Event dräi Deeg oder op eng Woch vläicht ze verlängeren. Wie weess, vläicht ergëtt sech do eppes Interessantes. Op jidde Fall ware mir der Meenung, dass et e flotten Event ka ginn, wann een dat op zwee Deeg mécht, e Weekend, well dat hu mer och vun de Forainen an deem Sënn gesot kritt. Et si jo aner Forainen, wéi déi, déi op eise Kiermesse sinn. An déi deplacéieren sech am Prinzip léiwer fir zwee Deeg wéi just fir een Dag, soudass mer do hoffen, dass mer e gewëssenen Highlight kënnen erreechen. Jo, d'Koordinatioun vun esou Fester an eise Servicer hänkt ëmmer e bëssen dovun of, wien den, solle ech mol, Haaptorganisator ass. Ech soen als Beispill, wat et zimmlech evident ass, wann d'Fête la musique organiséiert gëtt, ass do de Service opderschmelz de Lead an dee rifft déi verschidde Servicer zesummen, fir dat ze koordinéieren. Wann et natierlech ëm Kiermessen oder Mäert geet, dann ass et eise Service Fêtes et Manifestations, deen do de Lead iwwerhëlt.

Do donieft ass nach reegelméisseg mindestens eemol am Mount eng Réunion de coordination interne, wou déi verschidde Servicer zesummesëtzen, fir ze kucken, wat kënnt an den nächste Woche op eis duer? A wie muss wat maachen? An och eemol d'Woch kommen eis Servicer zesummen, de GMP an och déi aner Servicer, fir ze kucke wat gëtt gebraucht fir dës Woch, fir déi verschidden Eventer, déi stattfanne wäerten. Dat heescht, do gëtt schonn eng gewësse Koordinatioun geleescht an ëmmer erëm ofhängeg vun deem Event, ëm deen et eebe geet. Den Här Berettini huet et ganz gutt duergestallt. De ganzen Event Management an och eise kulturelle Programm ass och ee Motor fir den Tourismus op Diddeleng ze lackelen. An dat huet och säi Succès, well eise verschiddenen Eventer gesi mer, dass, nieft deenen Diddelenger, déi hei sinn, och ganz vill Leit aus der Ëmgéigend an aus der Groussregioun heihinner kommen, fir sech inspiréieren ze loossen.

Den Här Gangler hat nach e puer Froen zum Kleesche gestallt, deen och dëst Joer Gott sei Dank de Wee op Diddeleng fonnt huet. D'Titercher ginn effektiv vun der Diddelenger Gemeng finanzéiert an och eise Service Fêtes et manifestations. Dat huet ongeféier esou ëm déi 2022, mengen ech, war et, wou déi dat iwwerholl hunn, wou mer d'Oeuvres Saint Nicolas an deem Sënn net méi gebraucht hunn. A säitdeem organiséiert eise Service FEMA dat an déi iwwerhuelen dann och déi Käschten. A fir déi brav Kanner, bezéiungsweis Elteren, déi net kënnen op d'Ge-

meng kommen deen Dag, ass déi Woch drop ëmmer nach d'Méiglechkeet sech d'Titchen an den Accueil hei sichen ze kommen.

D'Madamm Kemp hat eng Fro gestallt zur Kiermes. Voilà. Dir hat gefrot firwat déi Käschten, déi bei de Budget, an d'Luucht gaangen ass. An et ass effektiv esou, dass mer elo, wéinst der Transparenz, do si mer jo ganz staark, dat hutt Dir jo scho matkritt, decidéiert hunn, dass mer dat Iessen a Gedrénks, wou mer do organiséiere bei der Ouverture, dass dat och direkt an deen dote Budget afléisst, dass een dat och méi kloer kann novollzéien, wat déi Kiermes dann am Ganze kascht. Soss war dat ëmmer op dee grousse Budget mat agefloss. An deementspriechend huet een hei nach méi Transparenz. Dat ass jo awer schéin.

Dann nach eng Fro vun der Madamm Thoma zur Loyerskommissioun. Jo, Dir kritt effektiv do nach eng schrëftlech Äntwert. An hei war nach eng Kéier d'Fro: Wéi informéiert Dir d'Leit? Mir maachen eemol d'Joer eng Annonce an d'Blietchen. An dat geet natierlech net duer. Mir hunn awer och eise Servicer mat op de Wee ginn, déi déi am reegelméissege Kontakt mat de Biergerinnen a Bierger sinn, notamment d'Biergeramt, den Office social, de Service logement oder de Service Ensemble vun Inter-Actions, dass déi, wa se mat Bierger a Kontakt sinn, si drop hiweisen, dass et eng Loyerskommissioun gëtt a wa se do Froen hätten oder Litigë unzeschwätzen hätten, dass se sech sollen, wannechgelift, fir d'éischt un den Här Sekretär, den Yves Goergen, wenden. An dann, wann da sech do erausstellt, dass eng Kommissioun soll zesummekommen, da wäert dat dann och gemaach ginn. Voilà, lo ass de Buergermeeschter do, da kann ech ophalen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Punktlandung. Villmools Merci dem Loris Spina.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Villmools merci. Gutt, ech géif einfach e bëssen op déi Froen agoen, déi Dir mer gestallt hutt. Ech mengen, allgemeng ass jo hei jiddwereen der Meenung, datt d'Structures d'accueil souwuel wéi Schoulbau eppes ass, wat mer onbedéngt musse maachen an och ganz wichteg ass.

D'Madamm Kayser hat fir d'éischt e bëssen Neischmelz ugeschwat, well mer jo do awer elo scho Budgeten dra stoen hunn an och an den Dialog compétitif wëlle goen. Ech fannen dat perséinlech eng gutt Saach, dat erméiglecht eis de Budget immens gutt ze kontrolléieren. Mir hunn, an dat wollt ech einfach eng Kéier hei soen, mir hunn déi selwecht Prozedur an der Lenkeschléi gehat. Ech muss soen, do hate mer keen Depassement, dat huet wonnerbar geklappt. An et ass awer esou, dat eenzegt, wat mer nogestëmmt hunn an der Lenkeschléi, war am Fong just dat, datt d'Terrass zougebaut ginn ass a mer doduerch méi Raum konnte schafen. Allgemeng muss ech soen, ass dat wierklech fir mech eng gutt Prozedur a mir wäerten och, soubal mer méi wäit sinn, dat natierlech och presentéieren.

Baltzeng, scho Retard? Also, ech weess elo näischt vun engem Retard. Vläicht beim Ofrappen ass dat eent oder dat anert vläicht net esou gelaf. Mee, also mir leien elo de



Moment bei engem Mount Retard, wéi de Planning initial ugeduecht war. Wat ech awer elo net mengen, datt do riseg Retarde sinn.

Deich. Och do, wéi geet et virun um Deich? Ech mengen, den Deich, dat ass jo awer och eng kruzial Plaz zwëschent Neischmelz a Strutzbierg. Ech hat Iech gesot scho bei menger Presentatioun, datt mer do eventuell misste Ressortännerunge maachen. Bon, Dir wësst, den Här Spina huet et elo erkläert, mir sinn do amgaangen eng Buvette an Turnhal ze maachen. Mir kënnen net gläichzäiteg zwee Chantiere maachen. Also, ech mengen, dat si mer eis ëmmer bewosst, datt zwee Chantieren op esou enger Plaz wierklech net méiglech sinn, soudatt mer eigentlech no hanne réckelen. An do koum d'Propos eigentlech och vum Service, et nach méi no hannen ze réckelen, datt mer eis solle konzentréieren op den Neibau vun Neischmelz. An da kënne mer den Deich eriwwerhuelen an do och ganz a Rou, ouni d'Kanner do ze vill laange Chantieren auszesetzen, kënne mer déi Mise en conformité vun deem Gebai maachen.

Dann, Subsiden. Kréie mer Subsiden? Jo, wa mer Schoulraum schafen, kréie mer Subsiden. Mëttlerweil ass et zousätzleche Schoulraum a bestoende Schoulen. Awer och op Salle-d'appuie kréie mer natierlech Subside vum Ministère. An da ginn ech op e Projet an, also de Briller Schoulhaff, dat war jo och ugeschwat ginn, ze deier. D'Eltere wëssen näischt dovun. D'Madamm Thoma huet och d'Fro gestallt, firwat ass do eng Etüd dra vu 400.000 Euro. Also, ech wëll einfach eng Kéier erklären, de Briller Schoulhaff ass wierklech dee Schoulhaff, wou mer am meeschte Bëton hunn, wou guer keng Qualitéit ass fir Kanner, wou keng Spiller sinn. Mir haten e Projet ausgeschafft, wéi um Strutzbierg, Méi Natur an Äre Stied an Dierfer. Mir hunn dee Projet eragereecht. Vu d'Envergure vun deem Briller Schoulhaff, dat ass jo enorm, dat ass véiermol Butschebuerg. Do hu mer dee Projet eragereecht. Mir sinn do net zeréckbehale ginn. Mir froen awer do nach en Argumentaire, well mir hunn et net verstanen. Mir hätten iwwerall de Bëton, mir hätten alles opgerappt a mir hätte méi Natur erabruecht. Bon, do hu mer de Projet ugepasst.

Dir gesitt d'Etüden, wann Der kuckt, d'Etüden, déi drastinn, dat sinn der 25 a 50. An et steet just am Libellé 400.000. Dat ass, well dat op deen ale Projet gerechent war, dee mer eigentlech eragi hunn. Mir hunn en elo erofgesat, mir wäerten dee Schoulhaff maachen. Mir hunn och Kanner an engem Workshop gehat, wat ganz flott war. Si konnten e bëssen esou wéi bei „Wünsch Dir was", eraussichen. Mir hunn dat alles konnten ëmsetzen. Bon, d'Elteren, déi hunn

ech dës ëftere gesinn, mee do hat ech déi Zäit nach kee Projet. Ech hunn effektiv elo d'Elteren net nach eng Kéier gesinn, mee ech gesinn awer elo de Kommitee vun der Schoul, fir hinnen och dat dote virzestellen.

Dann, Spillplazen, jo, dat kascht effektiv deier. Mir sinn awer hei zu Diddeleng ëmmer der Meenung, datt mer Spillplazen, datt mer d'Mise en conformité sollte maachen. An den Här Goergen huet et eigentlech scho gesot, am Prinzip kënne mer eis Spillplazen och selwer maachen. Ech mengen d'Rue de la Brasserie hu mer selwer gemaach. Ma da stelle mer nach fënnef Leit an, mat 46 Spillplazen, déi mer hunn, da maache mer och dat nach selwer. Dat ass einfach, duerfir hu mer eis dee Budget ginn, duerfir huele mer, gräife mer, well Personal astellen, dat ass, wéi Dir et alleguerten hei sot, dat ass eng konsequent Belaaschtung fir d'Gemeng. Sou, an hei sinn et ëmmer ofgeschlosse Projeten. Den Entretien maache mer selwer, hat ech gesot.

D'Bëschcrèche, do hat d'Madamm Kayser gefrot, wat wäert do d'Envergure sinn, vun deenen Ëmbauten. Majo, dat wësse mer eigentlech elo net. Mir hunn awer nogefrot am Ministère elo schonn, wat fir eng Reegele gëllen, wa mer esou eppes ëmsetzen. Hei ass jo eng kleng Struktur, dat heescht eng Mini-Crèche am Fong. An d'ITM muss do net applizéiert ginn. Mee mir als Gemeng mussen awer d'Fonction publique applizéieren. Wat dat bedeit, sou wäit si mer net. Ech mengen, och do wäert Dir déi néideg Resultater kréien, esoubal ech se hunn, natierlech.

Ribeschponter Haus. Also, deen Dossier leeft elo dräi Joer, sou laang begleet dee mech. Dir wësst, de Moment hu mer jo un Interaction verlount. Ech wëll awer soen, de Projet tel quel, wéi en och bis elo gefouert ginn ass, dee wäert net méi viru gefouert ginn. Ech soen Iech awer firwat. Déi haten en anere Projet eragereecht an där Zäit, wou se hei am Haus waren: „D'Welt am Bokal". Vläicht kënnt Der Iech nach drun erënneren. Deemools hu se d'Sue kritt vum Fonds européen de solidarité. Si haten awer e Partner gefrot. An dat war de Ministère du Travail. Ech muss soen, dat, an dat ass ëmmer e bësse batter fir mech esou, wéi mer de Projet als Diddeleng eragereecht hunn, hu mer en net kritt. Komescherweis fänkt en elo den 1. Januar zu Esch a mat enger Konventioun mat dem Ministère du Travail. Komesch. Bon, wéi gesot, et ass elo eriwwer. Wéi gi mer viru mat deem Haus? Mir hunn eis natierlech Gedanke gemaach a mir hunn och Interaction, déi hate mer och nach eng Kéier ugeschwat, si hunn awer de Moment d'Personal net, si wäerten och kee Personal vun der Santé kréien, fir do déi Betreiung weiderzemaachen. Mir haten et awer schonn ugedeit, mir wäerten entweeder eng Crèche, och hei gëllt et, wat bedeit d'Fonction publique an deem Haus applizéieren, duerfir hu mer e Rendez-vous op der Plaz ugefrot oder, wéi gesot, kann een et och an de Logement ranhuelen. Also och dat wär eng Méiglechkeet.

Dann d'Camionnetten, jo, et ass net geschenkt, ech wollt dat ganz kloer soen, mir hunn awer keng Camionnette an der Crèche Italien, mir hu keng an der Gaffelt, mir hu keng an der Ribeschpont a mir hu keng an der Schwämm. Dat bedeit, Transporter, wa mer Aktivitéite wëlle maachen, gi mer fir d'éischt ee bei déi aner se sichen, musse kucken ob deen se net braucht, dat ass en extreeme Verloscht un Zäit an et kënne ganz vill Saachen einfach guer net gemaach ginn.

D'Ferme pédagogique, Dir hat gemengt, firwat hu mer dat extra dra gesat? Majo, well mer eigentlech op de Wee wëlle goen, ech hat schonn en éischt Kontakter. Mir hunn nach e Bauer hei zu Diddeleng a mir hunn och e Päerdsstall hei zu Diddeleng. Déi maache ganz flott Aktivitéiten. An eventuell mat enger Konventioun, well, erënnert Iech, Päerdstherapie zu Monnerech, do hate mer och eng Konventioun. Bon, dat hei wär elo vläicht awer méi konsequent, fir datt déi Leit och eng Sécherheet hunn, datt mer mat hinnen dohinner ginn.

Séchere Schoulwee, Pedibus, och dat ass en Dossier, dee hunn ech säit 2005 schonn, huelen ech dee mat. Dat ass ganz schwiereg, mir hunn et jo probéiert. Mir haten och eng Käschtenopstellung maache gelooss fir nëmmen ee Gebai. Dat war jo extreem deier, extreem héich. Mee wa mer dat misste bei zwielef Gebaier applizéieren, mengen ech, datt och dat erëm e Käschtepunkt ass vu Personal, wou einfach iwwert dat erauschéisst, wat ee brauch. Bon, do ass et awer esou, datt mer Aktiounen elo wëlle maachen. Dat ass zwar elo net vläicht Pedibus. Mir wëllen de Séchere Schoulwee, d'Schëlter nach eng Kéier vläicht nei mat de Kanner amenagéieren. A mir hunn Aktiounen och an de Schoulen, fir dass vläicht mol si selwer, d'Delegéierten à la sécurité och emol kucken, mat de Kanner de Wee oftrëppelen.

Bon, an da kënnt eppes, ech mengen den Här Buergermeeschter huet et scho gesot, den Eltereforum. Also Eltereforum, wéi se ugefaangen hunn, waren se, mengen ech, fir d'éischt bei eis. Jo, ganz kloer fir d'éischt bei eis. An et ass dat geschitt, wat den Här Buergermeeschter gesot huet. Do hate mir null Impakt drop. Also dat war net eist, dat ass eng Decisioun vun der Commission des Loyers, déi da soen, nee dat do geet net. A mir haten awer als Gemeng och kee Lokal, wou mer konnten zur Verfügung stellen. Ech hat iwwer déi dräi Joer Kontakt mat hinnen. Mir waren d'Ligue kucken. Mir waren esou vill Gebaier kucken, wou een et hätt kéinten installéieren. Do hu mer awer ni e Retour kritt. Si selwer hunn net gesicht, well si ware jo zu Beetebuerg, ne? D'Diddelenger sinn op Beetebuerg gaang. Bon, elo muss ech awer soen, Dir wësst et alleguer, de Strutzbierg gëtt fräi, de Batiment D, do plënnert elo natierlech d'Psychologin an de Lidl. An ech hat gemengt, dat wär dee richtege Moment, fir den Eltereforum op Diddeleng ze kréien. Mir waren dat kucken, do mussen Aarbechte gemaach ginn. De Kontrakt muss opgestallt ginn. Dee muss duerch de Gemengerot. An ech mengen, datt dat déi ideal Plaz ass, fir esou eppes ze maachen. Wéi gesot, et war net well mer et net wollten, mee well einfach néierens e Gebai war. Budgetpersonal – Service Jeunesse, dat war nach gefrot ginn. Do ass et esou, mir hate bis elo en A2 drop sëtzen. Mir hunn awer aus der Erfarung, déi mer gemaach hunn a wat d'Aarbechte si vun deem Service, hu mer de Posten als B1 ausgeschriwwen, dofir ass och dat doten anescht.

Babysitter-Formatiounen, do war och gefrot ginn, wie mécht déi Formatiounen? Ma do hunn zwee Leit sech ge-

mellt. Éischtens d'Madamm, déi elo de Moment de Service Jeunesse-Famille begleet, bis dann déi nei Persoun do ass an d'Responsabel aus dem Jugendhaus. Well dat ass natierlech flott, well do kënne si dann och Formatiounen am Jugendhaus selwer ubidden, wat natierlech vu Virdeel ass. D'Beweegungskaart den Här Spina ass drop agaangen.

Den Här Steffen, d'Piazzaen an der Lenkeschléi zoumaache fir neie Klasseraim. Also, d'Piazzae ginn zwar wuel zougemaach, mee mir wollten awer den Theaterraum eriwwerhuelen an de Klasseraum dohinner maachen. Dat wäert mat Brandschutzglas gemaach ginn. Dat bitt och, ech war gëschter nach do, dee Schall, deen eigentlech duerch d'ganz Gebai geet, dat gëtt dann d'Méiglechkeet, do awer och Aktivitéiten ze maachen.

Dann, Interrail, ech muss soen, ech hunn net d'Tendenz fir Facebook-Kommentare vun enger aner Partei heibannen ze kommentéieren. Dat ass eng flott Saach, mir hunn e Konsens fonnt, 200 Euro. Ob elo deen een oder deen aneren dat doten, also mir setzen et jo ëm. Ech kommentéieren einfach Facebook net, well ech kee Fan si vu Facebook. D'Madamm Thoma, do hat ech scho geäntwert, dat war de Schoulhaff an dann d'Madamm Ahmedova schwätzt vun der Spillplaz Lenkeschléi. Dat ass eng Spillplaz, déi hu mir net amenagéier, déi ass amenagéiert gi vum Promoteur. Mir hunn se iwwerholl an ech muss soen, do war also 80% sécher faul vun deem, wat do installéiert ginn ass. Dat Holz war scho komplett duerch. Mir hu missten déi Saach ewechhuelen. D'Luxcontrol huet eis och gesot, Dir kritt elo keng Ofnam méi, wann Der d'Spiller net erneiert. Mir hunn dat am Kader vun der Mise en conformité gemaach. duerfir steet och nach dee Panneau do. Déi Aarbechte sinn net ofgeschloss, déi wäerten ofgeschloss ginn.

An dann hu mer och natierlech beim Ministade jorelaang Diskussiounen. Och dat wäerte mer, soubal do déi Saltosanlag ass, wäerte mer dat an de Gemengerot misste bréngen. Well et ass de Gemengerot, deen decidéiert, ob e Multistade zougemaach gëtt oder net. Wéi gesot, bis elo fonctionéiert d'Saltosanlag net. Mee soubal dat de Fall ass, wäert ech heihinner kommen.

Da war am Fong just nach d'Madamm Kemp mat den Internetadaptatiounen. Dat ass am Fong fir nei Funktionalitéiten anzeféieren, well de Moment bréngen mer et net fäerdeg fir de Formulaire vu Subsiden oder esou iwwert den Internet ze maachen. Dat heescht, do kommen nei Funktionalitéiten. Och de Site wäerte mer préiwen. Well et sinn awer Saachen, et soll méi einfach ginn.

Honorairen, do ass et einfach Consultance vun engem Projet KI, dee mer och wëllen ëmsetzen. Do musse mer eis awer begleede loossen, well mer do keng Erfarungen domadder hunn. Dat anert ass Smart Cities, do wëlle mer och e Projet erareechen. Do war jo en Appel à projets komm. Ech mengen, och do wëlle mer mat, mee mir brauchen awer do eng Consultance. Dat mécht een net einfach esou aus dem Stegreif. An dat drëtt ass ronderëm Nice 2. Och do loosse mer eis weider begleeden, well dat awer e Projet de grande envergure ass. Voilà. Merci.



DAN BIANCALANA (LSAP – SCHÄFFIN): Merci och dem Josiane Di Bartolomeo-Ries.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – SCHÄFFEN): Merci, Här Buergermeeschter. Ech mengen ech ka mech am kierzte festen, well ech muss mat Freed feststellen, dass all déi Ressorten, fir déi ech responsabel sinn am Schäfferot bal praktesch zu 100% mat där enger klenger Nuance vun der ganzer Oppositioun matgedroe ginn. Besonnesch sinn ech awer frou, dass souguer meng gréng Kolleegen aus der grénger Fraktioun, dass déi och souguer op déi selwechte Wee matginn, esou wéi mir awer wëlle goen. Méi am Detail géif ech da proposéieren, de Frigo solidaire, ass dat schonn e puer mol ugeschwat ginn.

Bon, de Frigo solidaire, deen ass effektiv agestallt gi mam Schléisse vum Co-labor Buttek. An et war och eise Laurent Kranz, deen sech deemools ëm dee Frigo solidaire bekëmmert huet. Leider Gottes huet de Laurent dann d'Plaz gewiesselt, soudass dann dee Projet e bëssen op Äis stoung. Mir hunn awer elo mat eisen neie Chef de Service dee Projet nees eng Kéier relancéiert a mir hunn och wëlles, do dee Frigo net méi Frigo solidaire ze nennen, mee Frigo anti-gaspillage ze nennen, well dat awer en aneren Term ass an e kënnt och dem Besoin vun deem Frigo vill méi no. Et ass e Frigo fir all, dat op jidde Fall, a mer mussen natierlech effektiv och dat mat enger Kommunikatiounscampagne begleeden. Dat muss een éierlech och soen, de Frigo solidaire ass dobaussen net ukomm. Et huet och keen e richteg Kand, mir haten eng Kéier e Flyer verdeelt an dat war et. Dat musse mer op jidde Fall ganz anescht a vill besser maachen. Et ass och d'Commission de l'Action sociale, déi sech do mat abruecht huet.

A fir dee Frigo anti-gaspi dann awer och kënne fonctionéieren ze loossen, brauche mer dräi Acteuren. Éischtens emol déi een, deen dee Frigo fiddert. Do hu mer mam Proxy Delhaize Am Duerf en Accord fonnt, déi si bereet fir matzemaachen. Deen zweeten Acteur ass, wien hëlt dee Frigo ënnert sech? Wou gëtt deen exposéiert? An do si mer mat der Epicerie eens ginn, dass si dee virun hir Dier stellen. Dann hunn si och e bëssen eng kleng Surveillance, fir dass do keen awer säin Unfug dreift. An deen Drëtten ass och e ganz wichtegen Acteur. Dat ass een, deen d'Saache bei de Proxy siche geet an an de Frigo setzt. An do hunn ech elo gesot kritt vun der Action sociale, do si mer mat PickFood amgaang ze diskutéieren. A wann déi och mat op dee Wee ginn, da steet spéitstens am Fréijoer dem Frigo soll anti-gaspi näischt méi am Wee.



An dann dat zweet Wuert, wat hei och duerch d’Gemeng gegeeschtert ass, dat ass dat Wuert Tiny Forest. Dat héiert sech scho bal e bëssen u wéi d'Ongeheier vu Loch Ness, dat ass richteg. Mee firwat ass dat esou? Mee wat net esou einfach ass, mer kënnen natierlech soen, mer maachen en Tiny Forest, bumm, dann ass dat esou. Nee, esou einfach ass et awer net. Éischtens sollt déi Plaz jo zentral a visibel sinn.

Zweetens soll et jo esou sinn, dass d'Biodiversitéit vum Stadgebitt domat gestäerkt gëtt. An drëttens sollen och d'Matbierger iwwert dee Benefiss do d'Natur an der Stad e bësse méi no bruecht kréien. Mir hunn och elo eng Plaz aktuell envisagéiert. Den IMPA war och scho kucken. Mee mäin Optimismus ass net ganz grouss, dass mer dat accordéiert kréien, soudass mer da wäerten erëm d'nächst Joer frësch op d'Sich goen no enger Plaz. An och als Plaz virun der Kierch vun der Vue Lenz Strooss an si fäerten, dass do d'Vue op d'Kierch dann ze vill staark beanträchtegt géif ginn duerch deen Tiny Forest. Mee bon, mir hunn nach keng schrëftlech Äntwert, déi wäert kommen, wéi gesot. Eppes kann ech awer verspriechen, dass den Tiny Forest net vergiess gëtt, wann en net fir 2025-2026 ass, da vläicht fir 2027-2028. Mee op jidde Fall gëtt et net vergiess. An dee Budgetsposte wäert och permanent am Budget stoe bleiwen, bis mer en dann och realiséiert hunn.

Allocation de vie chère, do ass gesot ginn, firwat déi net méi héich ass wéi 1,5 Milliounen Euro. Bon, et ass eng Demande, mir hunn dat iwwerholl vum Office social, dat huet Dir jo d'leschte Kéier hei am Budget matkritt, mir hate 2024, 1,1 Millioun Euro ausbezuelt a fir 2026 ass e Betrag vun 1.550.000 Euro virgesinn. Dat misst realistesch sinn, dass mer dat awer och kënnen esou accordéiert kréien.

De Projet Eecherdall ass genannt ginn. Effektiv, dee Projet steet. Et ass e Projet fir zwanzeg Leit plus en Tiny House. Mir wollten dat déi leschte Kéier scho mat an de PAL bréngen, mir mussen awer waarden, bis mer effektiv och Kloerheet hu mat de staatleche Subsiden. Dat ass nach net zu 100% gekläert awer wa mer eréischt déi Chifferen hunn, dat ass jo bestëmmt déi éischt Fro, déi da kënnt, a vu dass mer de Projet awer wëlle komplett hei presentéieren, waarde mer dann och op d'Äntwert iwwert déi staatleche Subsiden. An dann ass dee Projet Eecherdall och an dréchenen Dicher.

D’Frais de relogement, Arrêté de fermeture, deen ass vu 15.000 op 30.000 Euro eropgaangen, dee Budget, dat ass richteg. Mee wat mer festgestallt hunn, dass mer och mussen do deen erhéijen, dat ass jo un der Gemeng, fir ze kucken, wann en Deguerpissement ass, zum Beispill, oder aner Saachen, dass d'Gemeng da muss kucken, dass mer déi Leit kënne relogéieren an dat geschitt meeschtens iwwert de Wee vun engem Hotel. An da musse mer do déi nämlech Budgetsposte virgesinn hunn. Ech wëll awer net verheemlechen, en Arrêté de fermeture hate mer scho laang kee méi, mee et ass awer elo een en vue vun enger Famill, respektiv vun dräi Stéit an engem Haus, ech wëll elo hei keng Adress nennen, op jiddwer Fall ass dat engt eng Famill mat néng Kanner, da wëssen hei e puer Leit, wat geschellt huet, déi aner Famill ass mat véier, an da kommen nach zwee Jonggesellen, déi sech ee Stack gedeelt hunn, déi musse mer alleguerte relogéieren, dat gëtt natierlech net esou einfach. Op jidde Fall dofir sinn déi Sue virgesinn, fir kënnen do ze intervenéieren.

Et ass gesot ginn, firwat hu mer manner Recettë vum Cup-System. Et ass ganz einfach, mir hunn dann net alleguerten d'Rechnungen akasséiert respektiv erausgeschéckt un d'Veräiner, déi déi Bechere gelount hunn. An do hu mer dann d'Ofrechnung gemaach. Dat muss dann nach facturéiert ginn. An et ass och esou, dass mer all déi Becheren, déi mer intern verléinen un d'Schoulen, d'Maison Relaisen, déi stelle mer net a Rechnung, wann déi net méi erëmkommen. Mee par contre musse mer se awer ersetzen. An dann ass dat nach bei den Depensen. Mee dat ass awer d'Ursaach.

D'Klimakiste ass genannt ginn, dat leeft ganz iwwert de Budget extraordinaire iwwert de Klimapaktfong ginn déi 55.000 Euro bezuelt, dat ass ganz kloer.

An da wëll ech gär nach just eng Geschicht awer da fäerdeg erzielen. Hei ass vun de Super-Seniore geschwat ginn. Et ass richteg, dass mer déi Motioun vun der CSV deemools gestëmmt hunn. Ech hunn nach gesot, esou mécht dat jo guer kee Spaass dat doten, vu dass mer se vun A bis Z iwwerholl hunn. Mee ech wëll awer d'Virgeschicht soen. De Schäfferot, respektiv den Drëtten-Altersschäffen hat schonn am Virfeld wéi déi Motioun komm - ech wollt just d’Geschicht awer fir d'Madamm Kemp ganz zielen - den Drëtten-Altersschäffen hat awer scho virdru den Telefon geholl, wéi ech dat an der Press gesinn hunn, do hunn ech de MEC ugeruff an do hate mer schonn e Rendez-vous an doropshi koum eréischt déi CSV -Motioun. A vu dass mer awer mat gudder Absicht waren, hu mer jo och dann d'CSV invitéiert bei déi Entrevue, wat jo net esou Usus ass. Mir hunn et awer gemaach gehat, soudass mer dat awer dann zesummen awer effektiv op d'Bee gestallt hunn. Voilà.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci dem Här Manderscheid.

CLAUDIA DALL’AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, Merci fir d'Wuert. D'Madamm Kayser hat gefrot no der Route de Thionville, den Deplacement vun der Diddelenger Baach, dat ass am Kader vun Neischmelz. An dat gëtt herno un de Fonds de logement zeréck verrechent, wat mer do ausginn. Dir hat och no den Horodateure gefrot. Also do ass et esou, datt mer der mol op Reserv brauchen, well mol deen een oder deen anere futti geet. An da brauche mer der awer och nach fir A Bëlleg. Et ass esou, datt mer der jo A Bëlleg gesat hunn. Do hu mer awer dovunner profitéiert gehat fir

déi, wou an der Butschebuerger Strooss elo net gebraucht ginn, well do Chantier ass a souwisou net ka geparkt ginn, fir déi dohinner ze setzen. Dat heescht, et kann een elo soen, se si fir d'Butschebuerger Strooss oder fir A Bëlleg. Mee op alle Fall brauche mer se.

Dann zum Här Steffen, ech mengen, ech fänken direkt do mam Amendement un, dat ass bestëmmt dat wat Iech am meeschten interesséiert, et ass esou, déi Polleren an déi Schwellen, déi am Amendement sinn, déi kënne mir jo selwer setzen. Dat ass wierklech elo de mannste Problem. An da fänkt et awer un, komplizéiert ze ginn, bei de Luuchten. Do mussen eis Servicer elo mol fir d'éischt kucken, wat mer vun Autorisatioune brauchen, ob mer der iwwerhaapt brauchen, well mer un eng Nationalstrooss grenzen. Da musse mer kucken, wéini kréie mer déi Autorisatiounen erbäi. Dir wësst, datt et véier Joer gedauert hat, éier mer d'Autorisatiounen haten a konnten ufänken an der Le'h.
Da musse mer och kucken, wéi laang d'Waardezäit vun deene Luuchten ass. Do krut ech gesot grosso modo Minimum zwee bis dräi Méint an da musse mer se och nach installéieren.

Soudatt ech géif virschloen, eis Servicer, déi kucke elo mol wat mer vun Autorisatioune brauchen, ob mer der iwwerhaapt brauchen. An da géife mer an der nächster Verkéierskommissioun kucken. An da gesi mer och wat vun Timing ass. Well ech ginn dovunner aus, ganz éierlech, datt mer déi Suen do net am Budget dëst Joer wäerte brauchen. A wa mer se brauchen, da stëmme mer einfach e Budget supplémentaire an da kënne mer et dëst Joer maachen.
Mee wéi gesot, ech si virsiichteg, wann ech Iech all déi Timingen do gesot hunn. Dofir musse mer kucken ob, wéi mer et elo maachen, ob Dir deen Amendement einfach zeréckzitt. Ech mengen, dat ass formalistesch dee richtege Wee. An dann hoffe mer, datt mer fir d'nächste Verkéierskommissioun déi néideg Infoen all zesummen hunn. Wéi gesot, un de Schwellen oder ob mer Pollere maachen, dat sief nach dohinner gestallt. Dat ass de Problem net. De Problem sinn d'Kolleegen, wa mer Autorisatioune wäerte brauchen.

Wat war et nach? Et war gefrot ginn no enger Commission jointe fir de Séchere Schoulwee. Bon, do musse mer mat der Madamm Di Bartolomeo kucken, ech hu kee Problem domadder. Da musse mer d'Leit zesummen trommelen, wann do elo méi gewosst ass.

Et ass och iwwert d'Etüd geschwat gi vum Apaisement vum Trafick. Jo, dofir maache mer eigentlech d'Etüd an da kucke mer wat erauskënnt, fir eebe just net virun de Won ze sprangen. Well Dir wësst selwer, spéitstens zënter Leideleng, mengen ech, weess all Mënsch et, datt de Bierger net ëmmer esou denkt wéi mir dat gesinn. Et muss een deemno wat erauskënnt mat deene Bierger schwätzen an et muss ee virun allem déi Bierger dann och an d'Boot kréien. Well jidderee wëllt, datt keen Duerchgangsverkéier duerch seng Cité geet a jäizt dann eventuell och no Modalfilteren. Awer spéitstens, wann deen nämmlechte Bierger da muss e risegen Ëmwee fueren, dann ass dee Modalfilter vläicht net méi esou sympathesch. Dofir wéi gesot, mir musse kucke wat erauskënnt an da kucken ob d'Bierger dat dann och esou matdroen.
Den Här Meyer hat déi Zon 30 an der Gaffelt ugesprach. Ech hat dat schonn e puermol hei gesot. Also et ass esou: Et si jo scho rout Luuchten u sech do, fir eeben, net nëmmen d'Kanner, mee jiddereen, deen do iwwert d'Strooss geet ze schützen, eis Agente si reegelméisseg do, d'Police ass reegelméisseg do, déi wëssen och, datt do gerannt gëtt. D'Police selwer, dat hat ech och a menger Budgetsried gesot, wäert d'Campagnen an eise Schoule maachen. De Problem ass, bei där Zone 30, dat ass eigentlech déi lescht, déi eis nach feelt. Mir kënne se awer net esou séier realiséieren, well de Problem ass net de Projet, de Problem ass den Timing vun all deenen anere Chantieren.

Dat ass eng Haaptachs a mir kënnen déi Strooss net zoumaachen, wann eng aner Haaptachs zou ass. Well iergendwéi muss de awer nach heem kommen oder iergendwéi muss de nach duerch Diddeleng kommen. Dat heescht also, deen aller, aller, aller fréisten Termin, wou mer iwwerhaapt kéinten ufänken, dat wär wann d'Butschebuerger Strooss fäerdeg ass. An da musse mer awer nach kucken, wéi wäit dann d'Ponts et Chaussées ass, eventuell mat enger Thionviller Strooss. Wéi gesot, den Däiwel läit do wierklech am Timing, net am Realiséiere vun deem Projet. A wéi gesot, mir hätten en och léiwer haut wéi muar realiséiert, mee dat ass eeben net dran, well ech soen ëmmer, mir kënne keng Kéisklack iwwer Diddeleng maachen an d'Leit alleguerten hei bannen halen.

Jo, dann huet d'Carole Thoma an och den Här Gangler eigentlech vum Parking geschwat. Also ech weess jo, datt dat eng Diskussioun schonn an der Finanzkommissioun war. An am Rapport stinn och déi néideg Infoen alleguerten dran, wat do soll ersat ginn. D'Madamm Thoma sot, jo, mir sollen déi Gestioun vun deem Parking selwer maachen. Also, ech weess net, wéi Dir Iech dat virstellt. Mir hunn doranner absolut keng Erfarung. An dann, déi eng Oppositiounspartei, déi seet, oh nee, net nach méi Personal. Dir sot dach, mir sollen awer d'Gestioun vun deem Parking selwer maachen. Dat heescht neit Personal. Den Entretien heescht neit Personal.

D'DP sot, d'Ausgabe vum Personal mussen hei ugeschwat ginn. Also ech géif Iech roden, an Ärer Oppositioun, WhatsApp-Chat-Grupp kläert dat, wéi Der elo wëllt virgoen. An da gitt Der Iech eens, op alle Fall ass et net esou, datt mir wëlles hunn, dee Parking do selwer ze geréieren. Et ass emol schonn eng Kéier hei ugeschwat ginn, datt mer sollen en TICE-bis hei grënnen an eis City Busse selwer fueren. Deemools sot ech Iech, datt dat definitiv eise Budget géif sprengen. Mir sinn hei weeder eng Busentreprise nach si mer e Parkingsexploitant, dofir wäerte mer sécherlech net op dee Wee goen, dat dote selwer ze geréieren.

Ech hunn d'lescht Kéier och hei gesot, dat Equipement, wat do ass dat datéiert vun Enn 2016 an Dir wësst selwer wéi séier d'Informatik weider geet. Mir haten dunn och nach, wann et um Chiffere geet, hate mer och nach Corona, wou keen eran- an erausgefuer ass, wou näischt koum. 2024 wësst der, ech mengen den Här Martini hat eng Kéier hei Froen dozou gestallt. Do hate mer och nach den Hacking

an deem Parking, wou deemools dann d'Software och nach komplett ausgefall ass. Dat alles huet eigentlech näischt mam Gestionnaire vum Parking ze dinn. An och wa mir dat selwer gemaach hätten, da wäre mer op déi nämmlecht Problemer gefall. Et ass esou, datt sollen d'Kameraen, d'Keesen, d'Elektronik, alles dat soll ersat ginn.
Iwwregens, zu de Keesen hat, mengen ech, d'Madamm Ahmedova gesot, déi géifen all net mat Kaarte goen. Richteg ass awer, datt déi beim Delhaize net mat der Kaart geet. Déi beim Biz an déi an der Avenue Grande-Duchesse Charlotte, déi ginn nach ëmmer mat Kaarten. Hei ass et och e Problem vun der Software. An, wéi gesot, also mir teste se reegelméisseg. Et kann natierlech och sinn, datt se en Dag ausfält. Mee u sech, déi zwou hu fonctionéiert.

Firwat reparéiere mer dat doten elo? Bon, och dat ass an der Finanzkommissioun gesot ginn, dat muss u sech fäerdeg sinn, éier mer en neie Gestionnaire sichen. Et ass e bëssen, ech vergläichen et e bëssen esou, dat ass wéi wann ech wéilt en Haus kafen, an ech weess, datt d'Haus fiicht ass, da géif ech et warscheinlech net huelen. An hei ass dat nämmlecht. Wa mir eng Ausschreiwung maachen an déi Saachen do, déi fonctionéieren net, da wäerte mer warscheinlech net vill Leit hunn, déi sech dorop wäerte mellen. Mir mussen also en neie Cahier des charges ausschaffen an de Kontrakt eventuell och iwwerkucken, fir datt déi Saachen, ech mengen den Här Gangler hat et selwer gesot, fir datt verschiddene Klauselen da méi an eiser Faveur sinn.

An d'Toiletten, jo, firwat sinn déi Toiletten, och dat gouf an der Finanzkommissioun ugeschwat, firwat sinn déi Toiletten zou? Dir kënnt de Schlëssel natierlech siche goen. Entweeder kritt Der de Schlëssel oder et gëtt Iech opgemaach. Dat ass esou, fir eebe Vandalismus ze verhënneren. Dir wësst, datt mer scho Vandalismus an aneren Toiletten haten. An och fir ze vermeiden, wat mer och alles schonn haten, éier se zougespaart waren, datt do Friemer sech länger Zäit opgehalen hunn. Mee wéi gesot, Dir kritt gären d'Dieren opgespaart, wann eng Kéier d'Blos dréckt.

Jo, dann zu Neischmelz, dat war den Här Gangler, d'Mobilitéit, also datt dat net ugeschwat ginn ass op där Infoversammlung. Jo, dat war keng Infoversammlung iwwert d'Mobilitéit, déi de Fonds du Logement do ofgehalen huet. Dofir huet en och net iwwert d'Mobilitéit geschwat. Ech muss awer och e bëssen Dramatik hei elo eraushuelen. Hei gëtt ëmmer esou gemeet, oder och an där Infoversammlung ass gemaach ginn, wéi wann 2028 do géif de Bier steppen an do op eemol direkt 1.500 Leit bäikommen. Nee, richteg ass, datt 2028 déi éischt Haiser solle fäerdeg sinn an net, datt do e ganze Quartier fäerdeg ass. Ech mengen och net, zumindest huet kee vun eis dat esou verstanen, datt Bedenke vun de Leit sinn, wéi s de an deen neie Quartier eran- oder erauskënns. Well déi Leit wunnen net do.

Dat wat mir eraushéieren hunn ass, datt d'Leit sech eigentlech Gedanke gemaach hunn ëm de Verkéier an Diddeleng. A wann dann déi vill Leit tëschent Gänseféisercher, déi zwar nach net 2028 bäikommen, wann déi och nach bäikommen a mam Auto eebe wéilten aus deem Quartier eraus an Diddeleng, datt se eeben Angscht hunn, datt do de Verkéier nach méi géif stauen. Sou hate mir dat u sech verstanen. Et ass awer och esou, mir setzen, oder de Fonds de logement, deen sech och do ëm d'Mobilitéit këmmert, dee setzt net nëmmen op d'CFL, mee de Bus wäert och duerch de Quartier fueren. An, wéi gesot, deen neie Bus, dee soll vu Volmerange-les-Mines net nëmme bis op Esch, mee och bis op Uewerkuer fueren, souguer all Véierelstonn, dee wäert och schonn e gudde Pak Leit kënnen opfänken haut an och muer, déi an deem Quartier wunnen.

Beim Citybus, bon do bleift eigentlech alles beim alen do, dee wäert eebe just méi laang fueren. An zu den Tier 4 a 5 vum TICE, do wäerten an den nächsten Deeg nach méi Informatioune kommen. An och mir als Gemeng wäerten nach eng Kéier en Toutes-boîtes maachen, fir d'Leit ze informéieren. A wann een de Farplang vum 4 a vum 5 oder vun iergendengem Bus, deen hei duerch Diddeleng fiert, wëllt geprint hunn, da kann en dee gären am Service Circulation froen. Da kritt en en entweeder gemailt oder kritt en esouguer erausgeprint, wéi en dat wëllt. Well net jiddereen huet natierlech e Smartphone fir ze scannen. Jo, Madamm Ahmedova, dorop war ech agaange mat der Keess beim Parking.

D'Ausschëlderung vun der Musekschoul, dobausse soll dat jo sinn. Dat soll net bannen am Gebai sinn. Also, och do huet elo bei eis u sech nach kee sech beschwéiert. Et ass awer allerdéngs esou, mir hunn de Centre culturel ausgeschëldert. Firwat? Ma well et do en offizielle Piktogramm gëtt fir e Centre culturel auszeschëlderen. Et gëtt awer vun der Ponts et Chaussées keen offizielle Piktogramm fir d'Musekschoul. A mir kéinten natierlech op d'Schëld Musekschoul schreiwen oder École de musique oder wat och ëmmer. Si wëllen awer u sech nëmmen dat op d'Schëlter geschriwwen hunn, wann dat eng Stad, also eng Uertschaft u sech ass. Dat eenzegt wat mir kënne maachen, mir kënnen nach eng Kéier bei hinnen nofroen ob se vläicht mat eis op dee Wee ginn an duerch d'Fangere kucken. Wann dat net de Fall ass, kënne mir dat net esou ausschëlderen. Wéi gesot, et gëtt jo nach méi Musekschoulen hei am Land, et muss ee mol kucken ob déi sech net kënnen zesummen doen, fir e Piktogramm dann anzefuerderen.

D'Madamm Kemp zum Flexibus oder Flexbus. Do hate mer bis den 30.11. ronn 5.500 Leit, déi dee benotzt hunn. Dat si ronn 400 Stéck méi par rapport zu 2024. An Dir hat och nach zum Vël'OK  gefrot. Dat hat ech och d'lescht Woch gesot. Mir hunn d'lescht Joer zwou nei Statioune gebaut. Déi sinn och fäerdeg, dat sinn déi bei der Danzschoul an um neie Campus Strutzbierg. An dëst Joer solle besteeënd Statiounen ausgebaut ginn, respektiv reparéiert ginn, well se an d'Jore komm sinn. Dat hunn ech d'lescht Woch och alles gesot. A firwat hu mer e Report, dat hunn ech och gesot gehat, et si 15 Vëloe bestallt ginn an déi Vëloen, déi sinn awer nach net geliwwert ginn.

Voilà, dat war et vu menger Säit. Zum Schluss wéilt ech natierlech och nach all eise Servicer, virun allem déi déi méi mat mir d'Joer duerch gehäit sinn, Merci soe fir hir Hëllef beim Budget, natierlech dem Pascal Poull a senger Ekipp. An, well ech déi lescht Riednerin sinn, och schéi Feierdeeg an dat Ganzt natierlech zesummen.

## 2. Sécherung a Beliichtung vum Foussgängerpassage an der Soibelkaul

**Amendement**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci, Claudia Dall'Agnol, déi lescht Riednerin hei aus dem Schäfferot ass och op d'Stellungnamen agaangen. Voilà, ech menge mir hätten effektiv hei elo de Krees, andeems mer d'Diskussioun haut de Moen hei haten, zougemeet. Bon, elo ass et esou, éier mer op de Vott iwwergi vum Budget rectifié 2025 a vum Budget initial 2026, wou mer elo hei zwee Amendementer virleien an och eng Motioun.

D'Motioun selwer huet elo keen Impakt op de Budget en tant que tel. Dat ass eng Incitatioun am Kader vum Budget, mee déi zwee Amendementer hunn en Impakt op de Budget, dee mer stëmmen. Dofir musse mer se fir d'Éischt drop ofstëmmen. Elo wär vläicht nach eng Fro un d'Auteure par rapport zu der Sécherung a Beliichtung vum Foussgängerpassage an der Soibelkaul. D'Madamm Dall'Agnol ass drop agaangen. Do wéilt ech awer vläicht d'Auteuren da froen, mat där Erklärung, déi Der kritt hutt, wëllt Dir gären den Amendement bäibehalen oder zeréckzéien? Sot Dir eis, wéi mer eis do solle verhalen éier mer dann driwwer ofstëmmen. Also, oder och net, Här Steffen, wéi Dir och wëllt.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, Merci fir d'Wuert. Jo, ech mengen, d'Madamm Dall'Agnol ass drop agaangen, dass mer den Accord de principe iwwert déi dote Saach hunn an dass se jo och de Wee erkläert, wéi dat budgetiséiert gëtt am Fall wou et méiglech ass. Dat heescht, fir eis stellt dat elo keng Hürd fir den Amendement do einfach, jo, net driwwer ofzestëmmen, well einfach elo erkläert ginn ass wéi mer et wëlle maachen. Dofir ass dat fir eis keen Theema.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Dat heescht, Dir zitt den Amendement offiziell zeréck.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, genau.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Okay, dat ass gutt. Merci. An da bleift d'Madamm Dall'Agnol mat der Kommissioun um Ball. Villmools Merci dofir.




## 3. Démocratie participative – projet Too Good To Go

**Amendement**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): An dann ass deen aneren Amendement, wou Dir agereecht, deen huet mam Projet Too Good To Go ze dinn an do ginn ech dem René Manderscheid d'Wuert oder... Jo, Madamm Ahmedova, quitte, datt Dir et schonn e bësse presentéiert hätt, mee Dir kënnt awer nach eng Kéier drop agoen. Dat ass jo kee Problem.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Jo, just e puer Wierder zu der Presentatioun. Also, et ass schonns en internationale Projet an ech hat mech, wéi gesot, e bësse national ëmfrot a bis elo ass näischt gestart ginn an deem Sënn. An de Sënn an Zweck ass alles, wat, ech soen elo mol, an der Mëttesstonn oder owes ze vill gekacht gëtt an de Restauranten, datt dat duerno direkt ausgedeelt gëtt. An da kann een dat natierlech zu engem ganz minime Montant siche goen. Jo, zéngdausend Euro, dat ass effektiv net vill, mee eis Iddi wier gewiescht fir dat eng Kéier vläicht an der Actions-sociales-Kommissioun auszediskutéieren. A wa mer do e Konsens fannen, fir do awer eng kleng Etüd ze maachen, zesumme mat den Associatiounen, déi dofir zoustänneg sinn, fir do awer eppes kënnen auszeschaffen. Voilà. Mee d'Iddi war eng Demarche fir d'éischt an der zoustänneger Kommissioun an dann, wa mer op positive Feedback géife stoussen, hätte mer awer schonn e Budget virgesinn an deem Sënn. Voilà. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Ahmedova.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Jo, Merci och fir d'Wuert nach eng Kéier, fir den Amendement an d'Erklärungen dozou. Bon, prinzipiell muss ech soen, mir oder ech di mech immens schwéier fir elo an dat Budgetsdokument, wat mer elo preparéiert hunn an et presentéiert an diskutéiert hunn, elo nach esou Amendementer do mat eranzehuelen. Ech mengen, dat ass net de Wee wéi esou eng Budgetsdiskussioun et virgesäit. An och mat der Iwwerschrëft Démocratie participative, Dir ernimmt de Budget participatif, jo, do sinn d'Leit, déi hir Projeten eraginn an d'Leit an d'Biergerinnen an d'Bierger dobaussen, déi votéieren och déi Projeten, déi mir dann herno mussen ëmsetzen oder wëllen ëmsetzen. Dofir passt dat elo net richteg vum Wording hier an de Prinzip vum Budgetsdokument, bezéiungsweis vum Budget participatif. Nichtsdestotrotz, d'Iddi

ass awer ganz interessant. Ech mengen, mir hei zu Diddeleng hate scho flott Projete ronderëm den Anti-gaspi, mam Foodsharing mat eise Kolleege vu PickFood. Dat heescht, et ass jo net, dass mer eis do deem verschléissen. Dat heescht, wann esou eng Demande kënnt, da si mer gäre bereet do matzeschaffen an och esou en Amendement bis ze maachen. Ech weess guer net, ob dat iwwerhaapt geet, mat esou engem Suffix, wéi Dir et hei proposéiert.

An dat wär jo dann och de Budgetsartikel vum Vivre ensemble. Och deen huet seng eege Prozeduren an dofir muss een do vläicht kucke wou een dat heiten opgräift. Ass et elo de Service Ecologie? Ass et de Vivre ensemble? Oder eeben d'Commission sociale? Wéi gesot, mir hate schonn esou Aktiounen. Dat heescht, et ass relativ pragmatesch gaang. Et muss een och soen, dass déi To good to go, dat ass eng ASBL à but lucratif. Dat heescht mir hunn aner Acteuren am Land, déi änlech Projete maachen. Dat heescht do, do muss een dat nach e bësse méi am Detail iwwerdenken. Op jiddwer Fall hei ass et, menger Meenung oder eiser Meenung, net d'Plaz, wou een dat doten an där dote Form soll erareechen. Wéi gesot, ech hunn elo dräi Pisten opginn, wou een dat kéint mat eranhuelen an diskutéieren awer hei schéngt et mer awer déi falsch Plaz ze sinn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Dir kënnt nach eng Kéier Stellung dozou huelen an da gi mer op de Vott iwwer.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Jo, Merci. Ech wëll just kuerz ergänzen, ech war effektiv um selwechte Punkt, wou ech net genau wousst, ass et de Budget participatif, ass et hei, ass et do, a vu datt et keen Amendement en tant que tel ass, fir e Budget ze veränneren, mee en neien Artikel souzesoen, hunn ech bis geschriwwen, well déi Zuel gëtt et nach net. Voilà. Et ass esou vill zu der Erklärung, firwat et e bësse Kuddelmuddel an der Beschreiwung ass. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci. Okay, gutt, dann hutt Dir Är Erklärunge ginn, mir hunn och eis Erklärung ginn, da géif ech proposéieren, bon, et huet en Impakt op de Budget, dass mer doriwwer ofstëmmen an da stëmme mer eréischt iwwert de Budget, wéi gesot, of. Dofir musse mer den Amendement awer virhuelen.

***Duerfir géif ech froen: Wien ass fir dat Amendement? Oder wie stëmmt deen Amendement? Dat ass dann natierlech d'Auteuren, déi Gréng, d'DP, den ADR, déi Lénk an d'CSV. Wien ass dogéint? Dat ass dann d'LSAP.***



# 3. Vott vum Budget

**Approbatioun vum Budget rectifié vum Geschäftsjoer 2025 a vum Budget initial vum Geschäftsjoer 2026**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Gutt, dann hu mer dat gemeet. Ech géif dann och, well d'Motioun huele mer duerno, well et huet jo keen Impakt op de Budget. Et ass am Kader vun enger Ausféierung vum Budget, gell? Dat heescht, mir kéinten direkt op de Vott vum Budget eriwwer goen. Gutt, da wäre mer hei mat de Formalie fäerdeg an da géif ech elo zum Vott vum Budget eriwwer goen.

***Wien ass mam Budget rectifié fir 2025, sou wéi e presentéiert gouf, averstanen? Dat sinn d'Stëmme vun der LSAP. Wien ass dergéint? Dat sinn d'Stëmme vun déi Gréng, déi Lénk, DP, ADR an d'CSV.***

***Da kënnt de Budget initial 2026. Wien ass domat averstanen, souwéi e presentéiert gouf? Dat ass d'LSAP. A wien ass dergéint? Dat ass jo dann och dann déi selwecht Konstellatioun. Déi Gréng, d'DP, den ADR, déi Lénk an d'CSV.***

# 4. Sensibiliséierung zu Hausdéieren op ëffentleche Fester



**Motioun vun Déi Gréng**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Ech géing vläicht dann den Auteuren d'Wuert gi par rapport zu der Motioun fir dass se nach eng Kéier kuerz kënnen drop agoen.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, Merci fir d'Wuert. Ech mengen ,och hei kann ech et relativ kuerz halen, well Dir elo all Zäit hat et ze kucken an se net onmoosseg laang ass. Eis geet et virun allem drëms, ze sensibiliséiere fir den Déiereschutz. D’lescht Woch, mengen ech, war hei eng grouss Déiereschutzdiskussioun och lassgetréppelt ginn. An do hu mer eis u sech drugehaangen, wou mer gesot hunn, mir gesinn awer nach ëmmer op ëffentleche Fester, op Concerten, Festivallen, dass d'Leit hir Hënn matbréngen, wou een awer mol gären de Kapp heiansdo rëselt, wann d'Musek einfach ze haart ass, well déi Déieren awer vill ze gutt héieren.

Wat mer eis do drënner virgestallt hunn, dat ass, mir hunn et u sech als Marketing-Fraisen, Dir gesitt dee leschten Invite, doranner am Fong verbucht, well mer eis soen, dat kann och e klenge Piktogramm sinn, deen op engem Flyer ass, dee Reklamm mécht fir e Fest oder e Festival, wou een einfach drop hiweist, dat heiten ass e Fest, wou ech mäi Mupp vläicht besser doheem loossen, dass een einfach vu vir eran och weess. Well ech ka mer och virstellen, dass verschidde Leit a Situatioune geroden, wou se net dovun ausginn, dass d'Musek esou haart ass, dass et dem Hond vläicht wéideet. Firwat hunn ech dohinner geschriwwen Hausdéiere virun allem Hënn? Well et och Leit ginn, déi mat Kaze spadséiere ginn an et warscheinlech nach aner Hausdéiere ginn, déi ech soss vergiess gehat hätt an ech wollt et awer komplett maachen. Voilà. Wann nach Froe sinn, ech ka jo herno nach eng Kéier dozou schwätzen. Ech soen op jiddwer Fall Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci. Et ass fir eng Motioun, elo eng kuerz Stellungnam vum Schäfferot an da ka jiddereen, deen hei ass, natierlech och Stellungnam dozou huelen. Also, mir hu kee Problem elo hei, déi heite Motioun matzedroen an am Kader effektiv och vun deem dote Budget ze sensibiliséieren. Bon, dat hei betrëfft jo net alleguerten d'Manifestatiounen. Wann ech kucken, déi Manifestatioun, déi mer organiséieren, do kann dat sinn natierlech fir eng Fête de la musique oder en Usina oder Kiermes, wou awer effektiv och d'Manifestatioun méi haart ass, et betrëfft jo net all Manifestatioun, wéi elo zum Beispill de Marché alternatif, wou awer eng ganz aner Stëmmung ass, dass een do mat sensibiliséiert oder en Opruff mécht, dass een effektiv dat soll mat a Betruecht zéien, dass do eng gewësse Rei Emissioune sinn.

Ech wëll awer och hei soen, an deem selwechte Wuertlaut, awer och, dass et natierlech och eng Responsabilitéit ass vun de Proprietäre vun den Déieren, ob se elo Hënn oder Kazen hunn, an déi Responsabilitéit, mengen ech, soll een net ewechhuelen, wann een dat doten als Proprietär sengem Déier effektiv undeet, dann ass en awer och deelweis mat responsabel. Jo, an effektiv huet mer eis virdru kuerz driwwer ofgeschwat, mir haten och Situatiounen, wou d'Leit komm sinn a wou probéiert ginn ass, d'Leit einfach mat hirem Hond heemzeschécken a wou d'Leit natierlech net amused waren a vläicht méi dann de Spaass am Viergergrond stoung, wéi effektiv d'Qualen, déi den Hond huet misse matmaachen duerch d'Musek. Also, wéi gesot, ganz aus dem Raum kréie mer et sécherlech net, en aktive Rôle iwwerhuelen, fir méi ze sensibiliséieren, mengen ech, do si mer och als Gemeng an eisem Rôle a kënnen dat ganz gäre maachen. Voilà, wann elo nach aner Parteien och wëlle Stellung huelen?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, Merci fir d'Wuert. Also, e wichtege Saz huet Dir elo grad gesot, Här Buergermeeschter, all Mënsch ass responsabel fir säin Déier. Ech mengen, dat war jo och een Argument, wou mir gesot hunn, all Mënsch ass och responsabel fir säin Déier, wat den herno an d'Déierenasyl gëtt. Dofir, ech denken et ass alles gutt gemengt, och wann Der hannendru schreift, dass zum Beispill den Hond immens sensibel ass an hei an do, och vum Geräisch hier. Also ech denke wa mer e Piktogramm maachen, dass d'Leit keen Hond solle mat op en Usina bréngen oder op en, op eng Fête de la musique.

Dann ass och d'Fro, wéi ass et mat de ganze Puppelcher, mat de klenge Kanner, mat de Puppelcher, déi d'Leit heiansdo an hirer Trage hunn. Et si responsabel Elteren, déi mer op e Concert ginn, dann hu se Kopfhörer fir hir Kanner. Dat ass awer nach laang net ëmmer. Ech menge et gi verschidde Plazen, wou Concerte sinn, wou kleng Puppelcher sinn. Dat fannen ech grad esou dramatesch. Da misste mer schonn ënnen dann de Piktogramm keen Hond, kee Bëbee drop maachen. Do kann ee jo och vu sech d'Fro stellen, wat ass méi wichteg ze schützen. Mee dat ass eng Diskussioun, déi ech als Pediater däerf soen. Ech mengen, soss heibannen, déi däerf keen dat soen, well ech, soss kommen ech erëm do an Däiwelskichen. Mee mir fannen einfach, dass dat an der Responsabilitéit vun de Leit läit.

Wat awer eng pertinent Fro ass, wa mer dee Piktogramm dropsetzen, hu mir eeben eng Handhab fir Leit heemzeschécken, wa se hiren Hond irresponsabel un enger laanger Léngt halen, wou ganz vill Leit sinn, wou och kleng Kanner sinn, wou de Risiko ass, dass den Hond op e Kand spréngt an et bäisst. Ech hat elo ee Kand, dat läit am Spidol, just saying. Dat kënnt ëmmer mol erëm vir, dass e Kand gebass gëtt an d'Gesiicht an da veronstallt gëtt. A grad wann Hënn op esou grousse Manifestatioune sinn a sech net

ëmmer esou behuele wéi den Teneur mengt, e géif sech behuelen, ass dat e Problem. Duerfir, wéi gesot, hu mir do iwwerhaapt dann eng Handhab? Bréngt dat eis eppes méi? Well ech weess genau dat, wéi Dir gesot hutt, wann eis Gardienen oder eis Leit vun der Security soen hei, lauschter, éischtens emol, huel Däin Hond an d'Léngt an hale bei der, dann ass scho Gemauls. Well dofir froen ech mech, ob dat hei elo esou vill eng Plus-value ass fir den Déiereschutz. A wéi gesot, wann, da fannen ech awer och e Schutz vu klenge Kanner genau esou wichteg wéi den Déiereschutz an dësem Kontext.

An nach eng kleng Anekdot, wa mer elo en Déierenasyl hätte mat enger Déierepensioun, da kéint een zum Beispill wärend dem Concert de Leit ufréieren, dass se hiren Hond an d'Déierepensioun ginn. Dat ass elo just eng kleng Anekdot. Et wär ëmmer nach eng Méiglechkeet, wou een eng Kéier kann iwwerleeën. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Kayser.

FABIENNE DIMMER (LSAP): Ech huelen eng kleng Stellungnam derzou, well ech grad an deem Milieu schaffen a mer reegelméisseg déi dote Problematik hunn. Bei eis ass natierlech e groussen Ënnerscheed. Bei eis, wann de Client kënnt, ass et payant. An awer hu mir reegelméisseg Leit mat Hënn do stoen. Déi eenzeg Hënn, déi mer akzeptéieren, sinn d'Assistenzhënn. An och do si mer am Moment amgaang ze kucken, well och wann et en Assistenzhond ass, stelle mer eis d'Fro, wann et en Heavy Metal Concert ass, wéi intensiv dat och fir en Hond ass. A mir hunn eis genau déi dote Fro gestallt. A mir sinn och do amgaang ze kucken, ob mer deen dierfte refuséieren, mee well et en Assistenzhond ass an och do maache mer en Ënnerscheed natierlech, ob de Concert dobaussen oder dobannen ass.

Op där anerer Säit, wat elo Kanner ugeet, ginn ech Iech absolut Recht. An ech fanne schonn, datt ech als Mamm vun dräi Kanner an als humane Mënsch an als empathesche Mënsch däerf matschwätzen. Mir hu Leit mat Bëbeeën, déi kommen. Ech hu Leit schonn ëmgedréint, déi haten en Neigebuerene vun engem Mount derbäi. Mir selwer hu bei eis eeben drastoen, dass et e Mindestalter soll ginn. Et ginn natierlech och Kanner-Eventer an dat ass natierlech eng ganz aner Geschicht. Mee mir hu Leit schonn ëmgedréint, déi mat Bëbeeë komm sinn, déi mat Kutsche komm sinn an och wou d'Leit d'Kanner am Maxi Cosy haten, déi Ourendénger unhat. Wou een och muss wëssen, dass och dat net gutt ass fir Kanner mat engem mëlle Kapp an dass een dat och net soll ënnert sechs Méint iwwerhaapt emol engem Kand undoen. Dat heescht, och e Kand an engem Maxi Cosy, wat esou eng Déngen unhuet a wat just ee Mount huet, soll dat iwwerhaapt emol net um Kapp hunn. Dat ass emol dat Éischt.

Dat heescht, ech fannen déi Motioun scho ganz interessant. Just, et ass allgemeng. Ech schwätzen hei bei eis vu Concert-payanten an ech weess net wéi et ass, wann et eng ëffentlech Plaz ass, wéi eng Fête de la musique, wou et ëffentlech ass, et ass e Lieu public, do ass keng Entrée, do ass keng Déngen, ob een do iwwerhaapt kann eppes soen. Mee et kann ee vläicht einfach mol sensibiliséieren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Dimmer. Soss nach weider Stellungnamen?

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, ech wollt e grousse Merci soen un déi Gréng, dass se déi Motioun hei erabruecht ginn, well dat gëtt mer d'Méiglechkeet, direkt zwou Richtegstellungen ze maachen. Bei där enger sinn ech mer net ganz sécher, well ech hunn elo net verstanen, wéi d'CSV wëll ofstëmmen. Mee da kann ech nach eng Kéier erklären un de Schäfferot, dass d'Oppositioun net een homogene Grupp ass, mee dass mir verschidde Parteie sinn, déi natierlech ënnerschiddlech Positiounen heiansdo hunn. Dat ass esou, wann een déi Lénk an d'ADR, an d'CSV an d'DP an enger Oppositioun huet. Dat kennt Dir mat Sécherheet och. Dat anert ass, d'lescht Woch huet d'LSAP gemengt, op ganz poleemesch Aart a Weis ze soen, fir déi Lénk wär Déiereschutz keng Prioritéit, just well mer aus Transparenzgrënn géint en Devis gestëmmt hunn.

Dat musse se dann och esou maachen, assuméieren, wéi se wëllen, mee selbstverständlech ass fir déi Lénk den Déiereschutz eng Prioritéit. A mir kënnen dat heiten nëmmen ënnerstëtzen. Effektiv stellt sech d'Fro, wéi wäit geet d'Kompetenz vun der Gemeng. Mee ech mengen, hei ass d'Motioun, déi invitéiert de Schäfferot fir eng Sensibiliséierung op deem Theema ze maachen. Och wa selbstverständlech dat nach ëmmer d'Responsabilitéit vun de Proprietären ass. Mee ech mengen, dat ass jo och scho gesot ginn, dat doten ass ganz am Rôle vun der Gemeng, dass se dorobber informéiert a sensibiliséiert.

An ech fannen effektiv déi Iddi vun engem Piktogramm op verschiddene Flyeren an Informatioune ganz interessant, well dann ass et ëmmer nach eng Kéier visibel an da ginn d'Leit awer ëmmer reegelméisseg domadder konfrontéiert. An dowéinst wäerte mir dat heite selbstverständlech ënnerstëtzen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Thoma.

MARC MEYER (DP): Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Ma ech gesinn et genau d'selwecht wéi d'Madamm Thoma. Mir kënne roueg iwwerall drop schreiwen an och e Panno lénks a riets opstellen: Passt op eis Oueren op. An dann eng Foto vun engem Mupp, enger Kaz an och engem Bëbee niewendru maachen. Domat maache mer mat Sécherheet näischt falsch. An och déi Leit, déi vläicht bis dohinner net bis dräi gezielt hunn, déi kënnen awer vläicht kucken a liesen an déi Schëlter dann deiten, dass et awer fir hir Kanner an och fir hir Hausdéiere kéint geféierlech ginn, wann ze vill haart Musek ass. Ech wäert dat do op alle Fall matdroen. Villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Eng kleng Anekdot just. Et geet ëm d'Gruppen, déi mer invitéieren: dann däerfe mer awer net invitéieren: Three Dog Night, Steppenwolf, The Animals, Snoop Dogg, Bad Wolves, Puddeldamer an d'Dr. Dogg. Voilà!

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci. Gutt, mee vläicht e puer Prezisiounen. Oder wëllt Dir nach eng Kéier drop reagéieren? Normalerweis kënne jo nach ëmmer d'Auteuren drop reagéieren.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Ma jo, ech géif nach eng Kéier ganz kuerz Merci soen, fir dee positive Retour, dee mer elo ganz vill kritt hunn an och nach eng Kéier drop opmierksam maachen, dass et am Fong net restriktiv gemengt war, dass et wierklech an der Sensibiliséierung och bleift, dass et einfach eppes ass, dass d'Leit och dat Theema méi um Schierm hunn an dass, wann een dann op esou engem Concert ass an et gesäit een, dee mat engem Hond dohinner kënnt, dass een da vläicht seet: Oh, du wäerts jo awer gesinn hunn, um Piktogramm, ass dat elo déi gutt Iddi'

D'Iddi vun de Kanner hat ech och um Schierm. Et ass awer esou, dass ech mer du geduecht hunn, dass déi Fester, déi de Buergermeeschter grad ugeschwat hat, dass déi virun allem och owes sinn, wou ech elo net dovun ausgaange sinn, dass een e Kand vun engem Mount géif mathuelen, bis d'Madamm Dimmer dat elo erkläert huet. Ech denken awer, et kéint een heimadder mol ufänken an da kucke wann dat anert iergendwéi, wann et Uklang fënnt, einfach vläicht e Kand dann dobäi maachen oder iergendwéi sech eng aner afale loossen, mee dass dat do vläicht e gudde Start ass, einfach fir d'Thematik op de Schierm ze kréien. Ech soe Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci. Ech ginn och dovun aus, dass mer hei eng large Majoritéit kréien. Ech wëll just nach e puer Saachen erabréngen, d'Madamm Dimmer huet effektiv vun hirer Experienz geschwat, dat ass natierlech e Lieu privé an do huet een natierlech eng ganz aner Handhab wéi bei deenen Evenementer, déi mir organiséieren, déi an engem Lieu public sinn, wou een den Accès aneschters och reegelt, wann ech un déi Fester denken, déi ech elo virdrun opgezielt hunn. Bon, mir hunn awer natierlech nach ëmmer och d'Sensibiliséierung per se, dat ass jo net onwichteg. Ech mengen, dass et och wichteg ass, dass et an déi Richtung geet an a wéi enger Form een déi Sensibilisatioun mécht, bon, hei ass et mat Panno, mat Piktogramm. Ech mengen, ech hunn elo Vertraue genuch an eise Service Communication, do schaffe Professioneller vun der Kommunikatioun, déi dann och kucken, wéi mer dat dann effektiv och veranschauleche kënne bei spezifesche Manifestatiounen.

An ofschléissend wollt ech nach soen, par rapport zu den Ausféierunge vun der Madamm Kayser, wéi et dann do ass, wann en Hond op e Kand spréngt bei engem Concert. Ma et ass net aneschters wéi wann Dir mat Ärem Hond an de Bësch gitt an do gëtt do een ugesprongen, dann ass et natierlech d'Hondsgesetz, dat do spillt an d'Responsabilitéit bleift do nach ëmmer déi selwecht. Déi variéiert jo net vum Event oder vun der Plaz, déi ass einfach tout court déi, dass de Proprietär zu all Moment deen Hond och muss maîtriséieren an och am Gréff muss hunn. A wann net, wann esou Saache geschéien, bon, da kommen dann éischter d'Litigen op mat Plainten, Assurancen, Blessuren, voilà, déi mer natierlech kengem wënschen. Voilà.

Gutt, da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mat dëser Motioun averstanen? ***Dat ass unanime***, da soen ech Iech villmools Merci.

Da wäre mer zum Schluss vum Gemengerot ukomm. E wollt Iech villmools Merci soe fir déi konstruktiv kritesch Diskussioun, déi mer haut de Muere maachen. An och vun dëser Plaz aus nach alleguerte schéi besënnlech Feierdeeg Iech an d'Frënn an och de Famillen. Villmools Merci. •




# Kastréieren. Chippen. Umellen.

Lëtzebuerger Déiereschutzliga

An Zesummenaarbecht mat APAS · Asile pour Animaux Régional - Dudelange · SEPA Escher Déiereschutzveräin a.s.b.l. · Association européenne S.O.S. ANIMAUX a.s.b.l.

# DE BUDGET PARTICIPATIF

erméiglecht Dir, e konkrete Projet fir Diddeleng virzeschloen.



**Maach mat!**

Vum 2. Mäerz bis
den 12. Abréll 2026

Et ass net **eng** Iddi, et ass

# DÄI PROJET

**Du proposéiers, d'Gemeng lauschtert no
an zesumme kënne mer eppes beweegen.**

jeparticipe.dudelange.lu

**DIDDELENG**
VILLE DE DUDELANGE